# PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 118 – Mee 2016


pétange
MOTIVATION COMMUNE




**An dëser Nummer:**

Budgetssëtzunge vum 11., 14. an 18. Dezember 2015

# Dans ce numéro:


**1** Compte rendu de la séance du conseil communal du 11 décembre 2015

**13** Gemeinderatssitzung vom 11. Dezember 2015 (Zusammenfassung)

**14** Compte rendu de la séance du conseil communal du 14 décembre 2015

**43** Gemeinderatssitzung vom 14. Dezember 2015 (Zusammenfassung)

**44** Compte rendu de la séance du conseil communal du 18 décembre 2015

**61** Gemeinderatssitzung vom 18. Dezember 2015 (Zusammenfassung)

**64** Carnet de l'état civil

**66** Tableau récapitulatif du budget de l'exercice 2016



## Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.000 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

**Éditeur responsable:**

Administration communale de Pétange
b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

**Rédaction et mise en pages:**
Service des relations publiques de la commune de Pétange

# Conseil communal

## Séance publique du 11 décembre 2015

***Durée de la séance:*** *17.15 à 18.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Arendt Patrick (CSV)**<br>**Conzemius-Holcher Josette (CSV)**<br>**Gira Carlo (CSV)**<br>**Polfer John (CSV)**<br>**Rosenfeld Romain (CSV)** | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Absents et excusés:**

| |
|---|
| Néant |

# ORDRE DU JOUR

**Séance publique (17.15 heures)**

1. Point unique:
   Présentations et commentaires du collège échevinal sur le budget rectifié de 2015 et le projet de budget pour 2016 de l'administration communale

---

# COMPTE RENDU

## 1.

**Budget rectifié de 2015 et projet de budget pour 2016 de l'administration communale.**

Présentations et commentaires du collège échevinal.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir Dammen an Hären,

De leschte 27. Oktober kruten d'Gemenge mat der Circulaire 3298, vum Inneministère eng Rei vun Uweisunge mä och déi noutwendeg makroeconomesch Eckdate fir d'Opstellung vum Gemengebudget matgedeelt. Fir gläich vir ewech ze huelen, d'Circulaire ass am groussen Deel net anescht wéi déi, déi mir scho jorelaang kennen. Et gëtt an der Introduktioun drop higewisen, dass Lëtzebuerg, als Land vun der Eurozone, am Kader vum „Pacte de stabilité et de croissance" sech engagéiert huet, en equilibréierten, jo esouguer een excedentaire Budget am ëffentleche Secteur unzestriewen. Well och de kommunale Secteur zum „Pacte de stabilité et de croissance" zielt, fuerdert den Inneminister d'Gemengen op, eng virsichteg Finanzpolitik ze maachen, an ech zitéieren den Inneminister „en recherchant des synergies et des économies d'échelle dans un esprit de dépenses efficaces et ce dans l'optique d'une administration moderne et efficace".

Wéi gesot, dëst alles gehéiert zur Kategorie vum „déjà vu", wann net duerch Moossnahmen, déi d'Regierung d'lescht Joer geholl huet, de Gemengen eng Rei vu Mëttelen entzu gi wiere fir dës Ziler ze erreechen. Bei de leschten Budgetsdebatten am Dezember 2014 hat ech fir d'Joer 2015 ee Réckgang vum ordinären Iwwerschoss vun 3,6 Milliounen Euro virausgesot, wat deemno och engem Réckgang vun den Investitiounskapazitéite vun eiser Gemeng vu 24 % gläich kënnt, an am Mee 2016, bei der Presentatioun vum Kont 2015, wann déi definitiv Zuelen virleien, wäert ech nach eemol drop zeréckkommen.

Den Inneminister deelt eis dann och mat, dass hien no 2015 och 2016 de Méiwäert, deen aus der Erhéijung vun der TVA entsteet, vun deene knapp 10% an d'Gemengekeese fléisse missten, zeréckhält fir den „Fonds pour la réforme des services de secours" ze speisen. No 2015, wou den Inneminister dem Gemengesecteur iwwer dee Wee, laut senger eegener Berechnung an der Circulaire 3195, scho

25.022.000 Euro entzunn hat, gräift hien am Joer 2016 - ebenfalls no senger eegener Berechnung - nach ee Mol an d'Täsch vun de Gemengen an entzitt dem Gemengesecteur 36.875.000 Euro. Dat sinn deemno an 2 Joer manner Recettë fir d'Gemenge vun 62 Milliounen Euro - ronn 2 Milliounen Euro fir eis Gemeng - ouni dass awer um Terrain iergendeng konkret Ännerung bei de „Services de secours“ am Land festgestallt ka ginn. Op jiddwer Fall si mir an eiser Gemeng frou, nach weider op d'Kompetenz an den Asaz vun de fräiwëllege Membere vum Péitenger Pompjeescorps an Interventiounszenter zielen ze kënnen.

De 4. Dezember huet de Schäfferot de rektifizéierte Budget 2015 an de initiale Budget 2016 arrêtéiert an deeselwechten Dag krut all Gemengeconseiller d'Budgetsdokument iwwer Mail an iwwer de Sharepoint zougestallt. Während 3 Méint gouf un deem volumineisen Dokument geschafft, dat wichtegst Dokument, wat all Joer am Gemengerot zum Vote gestallt gëtt. Et huet eng Rei Viraarbechte vu ville Beamten, mä besonnesch den Haaptresponsabele vum techneschen Service, Virbereedungsreuniounen tëscht Membere vum Schäfferot, „Chefs de département“, „Chef de département adjoint“ a „Chefs de service“ a Koordinatiounsaarbechte vum Finanzservice mam Thierry Balance a mam Myriam Muller erfuerdert. Hinnen alleguer e grousse Merci fir hiert Engagement am Kader vun dësen Aarbechten.

Wéi et zu Péiteng Traditioun ass, presentéiert de Schäfferot haut, an enger éischter Sëtzung, dem Gemengerot déi wichtegst Eckdate vum initiale Budget 2016 a vum rektifizéierte Budget 2015. An enger zweeter Sëtzung, den nächste Méinden, kënnen dann déi eenzel Gemenge-conseilleren hir Kommentaren a Froen zum Budget stellen an zum Ofschloss stinn dann haut an enger Woch, den 18. Dezember, an enger drëtter Sëtzung, de Budget mat den entspriechenden Devisen zum Vote.

De Budget 2016 ass duerch déiselwecht Charakteristike wéi déi Joere virdru gekennzeechent, dat heescht:


1. Mir behale weiderhin en héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget,
2. d'Investissementer bleiwe mat engem Total vu ronn 26,8 Milliounen Euro op engem extrem héijen Niveau,
3. mat dësem 5. Budget vun dëser Mandatsperiod leie mer ëmmer nach op der Linn vun eisem „Plan pluriannuel de financement“, deen de Schäfferot an der Sëtzung vum 24. Februar 2014 dem Gemengerot virgeluecht hat,
4. d'Gemengeschold geet och 2016 ëm weider knapp 2 Milliounen Euro zeréck.

Am Budget 2016 klammen déi ordinär Recettë par rapport zu 2015 ëm 2,7 % an déi ordinär Ausgaben ëm 3,8 %. D'Konsequenz dovunner ass, dass den ordinären Iwwerschoss fir d‘zweet Joer hannereneen - dës Kéier ëm 2,2 % - op 11 Milliounen Euro fält.

Am Verglach zum ordinären Deel vum initiale Budget 2015 falen déi ordinär Recetten am rektifizéierte Budget 2015 ëm 0,8 % an déi ordinär Depensen esouguer ëm 1,6 %, wat eng positiv Entwécklung beim ordinären Iwwerschoss vun 2,8 % mat sech bréngt.

Op der Recettesäit si besonnesch d‘Neiberechnung vun der kommunaler Gewerbesteier no den Direktive vun der ministerieller Circulaire mat engem Minus vu ronn 800.000 Euro fir eis Gemeng, an d'Reduktioun am Joer 2015 vun der Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun eise Maison Relaisen - ee Minus vu 450.000 Euro - fir dëse Réckgank verantwortlech. De Minus an der kommunaler Gewerbesteier bleift allerdéngs, wéi all Joer, wéinst dem Feele vun iergendwellechen zouverlässegen Donnéeën eng Virwëtztut. Am éischten Trimester d'nächst Joer wësse mir a wéi fern dës Berechnung, déi vum Inneminister proposéiert gëtt, dann och richteg ass.

Op der Depensesäit gëllt et besonnesch als Ursaach vum Réckgang op d'Indextranche hinzeweisen, déi Mëtt 2015 erfale sollt an elo awer eréischt fir Ufank d'nächst Joer virgesinn ass. Béi enger „Masse salariale“ vun iwwer 22,5 Milliounen Euro, déi direkt betraff ass, mécht dëst schonn eleng knapp 300.000 Euro aus.




Och am 5. Budget vun dëser Mandatsperiod ass et gelongen, den Iwwerschoss mat 11 Milliounen Euro iwwer der Grenz vun 10 Milliounen Euro ze halen. Zwëschen 2004 an 2010 louch dësen Iwwerschoss - mat enger Ausnam am Joer 2009 - nëmmen tëscht 3,4 a 6,8 Milliounen Euro, éier mir dann 2011 d'Grenz vun den 10 Milliounen Euro erreecht hunn an elo dëse finanziellen Iwwerschoss – deen eis déi néideg Basis gëtt fir eisen Investitiounsprogramm an dëser Mandatsperiod zu Enn ze féieren – war an ass och an Zukunft nëmmen duerch eng strikt a virsiichteg Finanzpolitik méiglech.

Am Budget 2016 belafen sech déi ordinär Recetten op 63,4 Milliounen Euro.

De gréissten Deel, mat ronn 76 %, kënnt iwwer déi net zweckgebonnen Einnamen, dem „Fonds communal de dotation financière“, der kommunaler Gewerbesteier an der Grondsteier, an d'Gemengekees. Dat bedeit fir d’Gewerbe-steier eng Hausse vu 4,6 % par rapport zu den definitiven Zuelen aus dem Kont vun 2014 a fir de „Fonds communal de dotation financière“ eng Hausse vu 6,3 % par rapport zu den definitiven Zuelen aus dem Kont vun 2014. Iwwer 2 Joer läit d'Progressioun vun den „Revenus non affectés“ mat 5,7 % an den noutwennege Parametere fir der Käschten-entwécklung iwwer dës Zäitspan Stand ze halen.

Dogéint maachen déi affektéiert Revenuen nach 7 % vun allen ordinäre Recetten aus. D'Maison Relaisen, mat 57,5 % vun den affektéierte Revenuen, an d'staatlech Bäihëllef am Kader vun der Musekschoul mat 23,5 % vun dëse Revenuen, maachen hei déi wesentlech Recetten aus.

D'Taxenerhiewunge stellen 13 % vun de Gesamteinname vum ordinäre Budget 2016 duer.

D’Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten, sief et vu verschidde soziale Wunnengen oder awer och vu Raim, déi mir dem Staat, der Police, dem Office social, der Keeleféderatioun, dem Restaurant Wax a.s.w. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, maachen 1 % vun alle Recetten aus.

Déi restlech 3 % setze sech aus verschidden ordinäre Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs", d'Remboursementer vun der TVA, d'Remboursementer vun de Gehälter vum Office social an d'Bankzënsen.

Am ordinären Deel vum Budget 2016 klammen d'Brutto-Depensen ëm 3,8 % par rapport zum Budget 2015, dat heescht vu 50,5 op 52,4 Milliounen Euro a stelle sech folgendermoossen zesummen:

D'„Charge salariale" – an déi begräift esouwuel d'Gehälter vun dem gesamte Personal, dat vum Schäffen- a Gemengerot agestallt ass, esou wéi och d'Remboursement un de Staat vun engem Drëttel vun de Gehälter vum Léierpersonal aus eiser Gemeng – klëmmt vum Budget 2015 op de Budget 2016 vu 27,4 Milliounen Euro op 28,2 Milliounen Euro, dat entsprécht 53 % vun allen ordinären Depensen.

2016 soll den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater liicht op 5,6 Milliounen Euro klammen, wat 11 % vun den ordinären Depensen duerstellt.

Mat 4 % an 2 Milliounen Euro maachen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2016 weiderhin eng akzeptabel Charge fir eise Gemengebudget aus.

Mat 3,5 Milliounen Euro, dat heescht 7 % vun den ordinären Depensen, bleiwen am nächste Joer d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – knapp ënner dem Niveau vum Budget 2015. Eng vun den Ursaache vun dësem Réckgang ass sécher bei den Energiekäschten ze sichen.

Ee wichtege Posten an eisem Budget stellen nach ëmmer d'„Prévisions sociales" an eiser Gemeng duer, dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de „Repas sur roues", d'„Téléassistance", de Kontrakt mat „Défi-Job", d'Beschäftegung vun CAEen oder Apprentien, d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a ProActif an den neie Cent-Buttek. 2,9 Milliounen Euro oder 6 % vun den ordinären Ausgabe sinn heifir am Budget 2016 virgesinn.

D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Assurancen souwéi den Ënnerhalt chiffréiere sech am Budget 2016 op 535.000 Euro, wat 1 Prozent vun allen ordinären Depensen ausmécht.

2 % vun allen ordinären Depensen oder 836.000 Euro ginn am Budget 2016 un Associatioune verdeelt. Dat stellt op der enger Säit mat 190.000 Euro oder 23 %, d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange duer, mä awer och den Transfert un eise Pompjeescorps an un d'Péitenger „Protection civile" ewéi och eis Subside fir eis lokal Veräiner. Een neit Subsidereglement, wat Ufank 2016 vum Gemengerot gestëmmt soll ginn, wäert an dësem Kader méi Transparenz schafen.

Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eisen Netzer a Stroosseninfrastrukture belafe sech am Budget 2016 op 1,7 Milliounen Euro, dat heescht iwwer 3 % vun allen ordinären Depensen.

Interessant ass och ervirzesträichen, dass am Budget 2016 dat politescht Entscheedungsorgan, dat heescht de Gemengen- a Schäfferot mat senge legalen a konsultative Kommissiounen, grad emol knapp 200.000 Euro oder 0,38 % vun den ordinären Depensen an Usproch hëlt.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 13 % oder 6,7 Milliounen Euro fir eng helle Wull vu verschidden uerdentlechen Depensen, ënner deenen d'Informatik, d'Schoulmaterial, dat de Schüler aus der Grondschoul ze Verfügung gestallt gëtt, mat geschätzte 500.000 Euro, de Schoultransport mat geschätzte 417.000 Euro, als Beispill ervirzesträiche sinn.

D'Analys, fir watfir Beräicher déi net zweckgebonne Revenuen – dat heescht de „Fonds communal de dotation financière", déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – agesat ginn, erlaabt eis och ganz interessant Schlussfolgerungen ze zéien en vue vun den zukünftege politeschen Entscheedungen, déi mir ze huelen hunn.

Hei gëllt et, d'Entwécklung vun deenen eenzelne Beräicher am Aen ze behalen am Sënn vun enger laangfristeger politescher Orientéierung. Ech hunn dës Ausgaben, wéi all Joer, an 11 gréisser Bléck, déi di Haaptausgabeberäicher an eiser Gemeng duerstellen, agedeelt.

Déi net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2016 op 48,5 Milliounen Euro, 1,5 Milliounen Euro oder 3,2 % méi wéi am Budget 2015.


Si solle laut Budget 2016 folgendermoosse verdeelt ginn:

1. fir „d'Administration générale, ordre public, culte a sécurité" 10,3 Milliounen Euro oder 21,24 %,
2. fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 2,0 Milliounen Euro oder 4,17 %,
3. fir „d'Previsions sociales" 2,2 Milliounen Euro oder 4,55 %,
4. fir den „Enseignement fondamental" 10,2 Milliounen Euro oder 20,99 %,
5. fir eis Maison Relaisen a Crèchen 2 Milliounen Euro oder 4,07 %,
6. fir de Sport, d'Kultur, den Tourismus, d'Jugend an d'Fräizäit 3,7 Milliounen Euro oder 7,65 %,
7. fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter 2,6 Milliounen Euro oder 5,36 %,
8. fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Wasserversuergung an d'Müllentsuergung 400.000 Euro oder 0,83 %. Et stellt een deemno fest, dass an dëse Beräicher keen Iwwerschoss am ordinäre Budget erwaart gëtt an esou den Amortissement vun den Investissementer net méi gedeckt ka ginn, esou dass awer elo definitiv Ufank vum nächste Joer, op Grond vum Käschtendeckungsprinzip an dëse Beräicher an no Récksprooch mat de SIACH-Gemengen iwwer eng Taxenupassung geschwat muss ginn,
9. fir eis Musekschoul 850.000 Euro, oder 1,75 %,
10. fir eis Schwämmen 1,9 Milliounen Euro oder 3,82 %,
11. fir den ëffentlechen Transport 1,4 Milliounen Euro oder 2,88 %.

Deemno stinn am Budget 2016 11 Milliounen Euro, dat heescht 22,69 % vun den net affektéierte Revenuen, fir extraordinär Projeten zur Verfügung.

Vergläicht een dës Zuelen emol eng Kéier mam Budget vu virun 10 Joer, dat heescht mat deem vum Joer 2006, da mierkt een an 3 Punkte staark Verännerungen. Alles virop d'Tatsaach, dass mir am Budget 2016 22,69 % vun den net affektéierte Revenue fir extraordinär Depensë reservéieren; am Joer 2006 waren dat just 12,42 %, deemno eng substantiell Verbesserung, déi haaptsächlech duerch zwee Phenomener ze erklären ass: engersäits d'Reduktioun vun der Belaaschtung duerch d'Gemengeschold, wou am Budget 2006 dës nach béi 10,55 % vun den „Revenus non affectés" louch an elo am Budget 2016 nëmmen nach 4,17 % ausmaachen; anersäits duerch de Käschtepunkt fir „d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter", déi vun 11,08 % vun den

„Revenus non affectés“ am Budget 2006 op 5,36 % am Budget 2016 erofgaangen ass. De Käschtepunkt vum Enseignement fondamental läit 2016 mat 20,99 % vun de „Revenus non affectés" zwar änner deem vun 2006, mat 25,46 %, mä 2016 kommen allerdéngs 4,07 % vun de „Revenus non affectés“ fir d'Maison Relaisen dobäi, wou am Joer 2006 nach weider keng Netto-Ausgaben an deem Beräich ugefall sinn.




Fir dës Mandatsperiod 2012 – 2017 hat de Gemengerot den 18. Juni 2012 een Investitiounsprogramm vun 110 Millioune Euro virgesinn an 2 Joer méi spéit, de 24. Februar 2014, dësen esouguer nach op 129 Millioune Euro erhéicht. Mam Budget 2016 wäerte mer knapp 5/6 vum Programm realiséiert hunn. Eigentlech ginn et just 3 gréisser Projeten, déi virgesi waren, déi nach net an der Realisatiounsphas sinn. Fir d’éischt ass dat den Dauerbrenner „Zone économique Grand-Bis“, wou et allerdéngs den Uschäin huet, dass d’Infrastrukturaarbechten elo endlech an Ugréff geholl kéinte ginn. De Virfinanzement vum Wirtschaftsministère zu 85 % vun engem Devis vun 17.050.000 Euro ass scho méi laang duerch ee Schreiwes vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider vum 29. September 2014 ofgeséchert an eng Konventioun tëscht dem interkommunale Sikor an dësem Ministère soll eng weider Etapp an dësem Dossier duerstellen. Och ass den noutwennege „Plan d’aménagement particulier“ den 11. November 2015 vum Inneminister genehmegt ginn. De Projet vun eise Gemengegaragen ass ebenfalls nach an der prozeduraler Phas, a mir versichen dësen Dossier och an dem nächste Joer ze finaliséieren, fir dass mat de Bauaarbechten am Joer 2017 kann ugefange ginn. Fir ee leschte Projet, dee vun der neier Musekschoul, deen am Kader vun der Entwécklung vum fréieren LTMA – Site geplangt soll ginn, si mir ofhängeg vun de staatlechen Instanzen. Déi lescht Reunioun mat den zoustännege Ministèren den 20. November 2015 loossen awer hoffen, dass mir, no engem Joer Stëllstand, am Joer 2016 dat noutwennegt Gesamtkonzept fir dëse gréisseren Areal am Zentrum vu Péiteng gemeinsam mat de staatlechen Instanzen ausschaffe kënnen.

D‘Ausgaben am extraordinäre Budget verdeele sech folgendermoossen:

1. am Kapitel „Enseignement fondamental“ sti fir 2016 0,7 Millioune Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 20,9 Millioune Euro ausmécht, a mir esou schonn 1,5 Millioune Euro iwwer deenen am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensë leien;
2. am Kapitel „**Etablissements sociaux**“, dat heescht d'Maison Relaisen an den neien Office social, sti fir 2016 1,9 Millioune Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 12,8 Millioune Euro oder 91,5 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht;
3. am Kapitel „Sports, Culture, Loisirs, Tourisme, Jeunesse“, sti fir 2016 4,2 Millioune Euro wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 23,1 Millioune Euro oder 87,5 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht;
4. am Kapitel „Administration“, sti fir 2016 500.000 Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 2 Millioune Euro oder 25 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht;
5. am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux“, sti fir 2016 15,9 Millioune Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 30,7 Millioune Euro oder 63 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht;
6. am Kapitel „Syndicats intercommunaux“, sti fir 2016 590.000 Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesummen 2,9 Millioune Euro oder 100 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht;
7. am Kapitel „Acquisition Immeubles“ sti fir 2016 1,1 Millioune Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesumme 5,8 Millioune Euro ausmécht, a mir esou schon 800.000 Euro iwwer den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensë leien; a schlussendlech
8. am Kapitel „Divers“, sti fir 2016 1,8 Millioune Euro, wat mat de 4 viregte Joere vun dëser Mandatsperiod zesumme 4,9 Millioune Euro oder 91 % vun den am „Plan pluriannuel“ ageschriwwenen Depensen ausmécht.

Am Joer 2016 ginn dës extraordinär Depensë folgendermoosse finanzéiert:

zu 37 % iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2016,


zu 3 % iwwer Staatssubsiden,

zu 28 % iwwer de Verkaf vun Terrainen,

zu 28 % iwwer den iwwerdroene Report vun 2015,

zu 3 % iwwer de „Fonds de réserve Pacte Logement“,

zu 1 % iwwer verschidden extraordinär Recetten ewéi zum Beispill extraordinär Taxen.



Fir déi 5 éischt Joer vun dëser Mandatsperiod 2012 bis 2016, läit de Finanzéierungsmodus voll an der Linn vun deem, deen de Schäfferot am „Plan pluriannuel de financement“ virgesinn hat, dat heescht, d'Investissementer ginn:

zu 60 % iwwer den ordinären Iwwerschoss vun de Konten 2012, 2013 an 2014, dem rektifizéierte Budget 2015 an dem initiale Budget 2016,

zu 10 % iwwer Staatssubsiden,

zu 9 % iwwer de Verkaf vun Terrainen,


zu 15 % iwwer den iwwerdroene Boni vun 2011,

zu 4 % iwwer de „Fonds de réserve Pacte Logement",

zu 2 % iwwer verschidden extraordinär Recettë

finanzéiert.

Wat de „Pacte Logement“ ubelaangt, esou huet d'Gemeng Péiteng fir d'Joeren 2007 bis 2014 Recettë mat engem Total vun 8.322.209,50 Euro bis elo verbucht, dat op Grond vun der Entwécklung vu senger Awunnerzuel, déi tëscht dem 1. Januar 2007 an dem 31. Dezember 2014, dat heescht bannent 8 Joer, ëm 2.512 Bierger oder 16,7 % vu 15.017 op 17.529 geklommen ass. Am Joer 2015 kann ee mat enger ähnlecher Progressioun ewéi d’lescht Joer rechnen, an esou wäert d'Recette am Kader vum „Pacte Logement“ fir dat lafend Joer bei op d‘mannst 700.000 Euro leien. D'Recetten iwwer de „Pacte Logement„ wäerte sech also an deenen éischten 9 Joer viraussiichtlech op iwwer 9 Milliounen Euro belafen. Am Joer 2012 hu mir op 1 Millioun Euro vun dësem Fong zréckgegraff an am Joer 2014 nach eemol op 2 Milliounen Euro fir verschidden extraordinär Projeten am Schoulberäich ze finanzéieren. Fir 2016 wäert dann eng weider Millioun Euro fir de Bau vun der neier Maison Relais zu Rodange gebraucht ginn, esou dass de viraussiichtleche Solde am „Fonds de réserve Pacte Logement" Enn 2016 bei 5,0 Milliounen Euro leie wäert.




Wéi am „Plan pluriannuel“ virgesinn ass, ass och fir de Budget 2016 keen neien Emprunt noutwenneg fir eisen Investitiounsprogramm weider ze féieren. Am Géigendeel, am Budget 2016 si weider Remboursementer an Héicht vun 1.944.945,53 Euro geplangt, esou dass Enn 2016 eis Gemengeschold op 12.609.820,71 Euro zeréckgoe wäert, ee Minus vu 25,7 Milliounen Euro zënter dem 1. Januar 2004.

Enn 2016 wäert d'Pro-Kapp-Verschëldung bei gläicher Awunnerzuel bei 708 Euro leien. Dat bedeit engersäits eng wesentlech Verbesserung iwwer déi lescht 12 Joer. D'Zäite wou Péiteng eng Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.500 Euro hat, läit nämlech nach net esou laang zeréck.

Éier dann elo meng Kollegen aus dem Schäfferot hir Beräicher am Detail beliichten, wollt ech dann och nach kuerz e puer Detailer vun deene Beräicher uschwätzen, déi laut Schäfferotserklärung vu mir begleet ginn:

Wat d'Revisioun vun eisem „Plan d'aménagement général“ ubelaangt, esou schéngt dat, wéi sou dacks, wann ee vu staatleche Ministèren ofhänkt, eng „never ending story“ ze ginn. Nodeems d'„Plans sectoriels“ vun der Regierung zeréckgezu gi sinn a mir no méintelaangem Waarden den 19. Oktober 2015 ee säitelaangen Avis vum „Ministère du Développement durable et des infrastructures – Département de l’environnement“ kruten, op Grond vun deem – wéi kann et anescht sinn – nach weider Etudë gefrot sinn, wäerte mir da fréistens Enn d’nächst Joer den neie PAG am Gemengerot zum Vote stellen. Net nëmme verléiere mir doduerch nees kostbar Zäit, mä de Käschtepunkt vum neie PAG erhéicht sech nach emol ëm 75.000 Euro a wäert dann um Enn bei 625.000 Euro leien.

Wat d’Lotissement „An Atzéngen” ubelaangt, esou hu mir jo am November mat den Aarbechten ugefaangen, a laut Planning solle mer Mëtt 2017 mat den Infrastrukturaarbechte fäerdeg sinn. Am Laf vum nächste Joer scho wäert d’„Société Nationale d‘Habitations à Bon Marché“ mat dem Bau vun de Residenzen an duerno vun den éischten Haiser ufänken. Och d’nächst Joer wäert d’Prozedur iwwer d’Attributioun vun de 44 Terrainen u jonk Familljen aus eiser Gemeng an d’Weeër geleet ginn.

D’Gemeng war jo scho méi laang am Besëtz vun 3,25 Hektar, mä huet an de Joeren 2013 bis 2015 nach weider Terrainen (Gréisst 1,24 Hektar) an een Haus kaf fir dëst Lotissement ze realiséieren. De Käschtepunkt läit fir dës rezent Immobilientransaktioune béi ronn 2.625.000 Euro. De Käschtepunkt fir eng Rei vu Prozedurkäschten (Punktuell Ännerung vum PAG, PAP, „Umweltverträglichkeitsstudie“, „Recherche archéologique“, d’Etude an d’Kompensatiouns-moossnamen am Kader vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, asw., …) läit nach net kloer fest, mä et kann ee vun 200.000 Euro ausgoen. D’Infrastrukturaarbechte vum Lotissement a ronderëm belafe sech laut Devis vum 17. November 2014 op 6,6 Milliounen Euro. D’Fraise vum Virfinanzement vum Projet wäerte schätzungsweis och bei ronn 100.000 Euro leien.

Iwwer d’Konventioun mat der „Société Nationale d’Habitations à Bon Marché“ erwaarde mer vun dësem staatleche Promoteur fir d’Terraine vu 54 Haiser an 3 Residenzen souwéi déi proportional Participatioun un de Käschte vun den Infrastrukturaarbechten eng Totalrecette iwwer 4,9 Milliounen Euro. Wat d’Vente vun de 44 Terrainen u jonk Familljen ubelaangt, wou mir vun engem Ar-Präis vu 40.000 Euro ausginn, wäert dTotalrecette bei 5,7 Milliounen Euro leien.

Schlussendlech wollt ech op de Personalbestand vun der Gemeng Péiteng ze schwätze kommen.

Op den 1. Januar 2016 hu mir:

391 Posten, wat op Grond vun der Deelzäitaarbecht 309,1 „emploi à plein temps“ (ETP) gläichkënnt,

70 Posten (oder 64,75 ETP) si reservéiert fir Beamten,

180 Posten (oder 152,18 ETP) fir Salariéen, déi ënner de Südkollektivvertrag falen,

46 Posten (oder 31,25 ETP) fir „employés communaux“,

95 Posten (oder 60,92 ETP) fir Salariéen ënner dem Statut vum Privatbeamten, wouvunner dee ganz grousse Deel an eise Maison Relaise beschäftegt ass.

Hei gëtt als Changement par rapport zum 1. Januar 2015 ervirzesträichen, dass besonnesch duerch d'Ouverture vun der neier Maison Relais zu Rodange d'Zuel vun de Salariéë vun 83 op 95 klamme wäert. Des Weidere gëllt et ze erwähnen, dass d'Reduktioun vun 2 Beamteposten duerch d'Iwwerhuele vum Educatiounsministère vun zwou „éducatrices diplômées" an der „éducation précoce" bedéngt ass. Eng weider „éducatrice diplômée" aus dem Précoce wäert dann nach am éischte Semester 2016 iwwerholl ginn, esou dass ab d'nächst Joer nach just een eenzege Mataarbechter vun eiser Gemeng am Grondschoulunterrecht beschäftegt wäert sinn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären, wäert Kollegen,

Ech géif iech dann elo weider Erklärungen iwwer déi Gebidder, wou ech zesumme mat menge Mataarbechter aus der Gemeng an den techneschen Servicer d'Verantwortung dofir hunn, verwalten.

D'Budgetsvirlag 2016, déi dir virleien hutt, ass a sech scho séier komplett an explizit, an dofir soen ech alle Mataarbechter e grousse Merci. Zum allgemenge Versteesdemech ginn ech iech awer nach weider Erklärungen, opgedeelt op verschidde Fachgebidder. Déi Erklärunge variéieren hei an do net vill vu Joer zu Joer, well et sech a ville Fäll ëm Sanéierungen oder grouss Ënnerhaltsaarbechten handelt oder weider Etappe vun Aarbechten, déi schonn ugefaangen hunn. Et sinn awer och eng ganz Zuel vun neie Projeten derbäi.

Déi dräi grouss Gebidder, déi ech elo behandele sinn:

A. Stroossen, Infrastrukturen am Buedem ewéi Kanal, Waasser, Elektresch, Kollektivantenn a Glasfaser,

B. Infrastrukturen iwwer dem Buedem ewéi Beliichtung a Verkéiersamenagementer, Parken, Transport a Reglementer,

C. Kultur, Tourismus, Festivitéiten, Veräiner, Relations publiques, Jumelagen, Integratioun, Wirtschaft a Regionales.

<u>A.) Stroossen, Infrastrukturen am Buedem</u>

Wann ee vun eisem Stroossennetz schwätz, haaptsächlech mat sengen Infrastrukturen am Buedem, muss ee fir d'éischt iwwer e puer Zuelen an Iwwerleeungen diskutéieren, iwwer dat, wat ee gesäit an dat, wat verstoppt am Buedem läit, onwahrscheinlech Investitiounszomme verschléngt, an et muss een iwwer Iwwerleeunge schwätzen, déi zu enger gesonder an nohalteger Gestioun an Erneierung vun dësen Infrastrukture féieren.

Ech wäert mech an de folgende Kapitele méi genee dozou erklären.

1. D'Kanalnetz

Fir unzefänken, e puer Zuelen an Iwwerleeungen an Erënnerung. Mir kennen an eiser Gemeng ronn 67.000 Meter Kanal-Uertsnetz. Donieft verwalt de Syndikat SIACH nach eng ronn 5.000 Meter Kollekteren, Wiederdeversoiren, Reeniwwerlafbasengen an eng Pompelstatioun esou wéi d'Kläranlag selwer.

Et kommen nach eng ronn 2.400 Siphonen / Ofleef an och eng 1.500 Schächt mat Deckelen dobäi. All dës Infrastrukturen an Anlage brauche regelméisseg Inspektioun, Ënnerhalt oder Erneierung.

Ee gutt verluechte Kanal, deen och regelméisseg ënnerhale gëtt, kann eng Liewenserwaardung vu 50 bis 60 Joer hunn. Esou al Kanäl hu mir nach op Plazen an eiser Gemeng leien, a wann ee séier rechne kann, da fënnt een eraus, datt mir deementspriechend all Joer missten ee 50tel bis ee 60tel vun eisem Gesamtnetz erneieren. Dat ass am Kloertext wéinstens 1 bis 1,2 km. An dat maache mir och, obwuel mir d'lescht Joer an och dëst Joer duerch technesch Problemer mat eisem Beroder- an Ingenieursbüro Verspéidung op eise Planning hunn. Dee kucke mir awer esou séier wéi méiglech erëm aktuell ze gestalten.

Doduerch datt mir regelméisseg eist Kanalnetz mat der Kamera duerchfueren, kënne mir scho ganz fréi Defizienze feststellen an och reparéieren. Den Ënnerhalt vun eise Gullien, Schächt, Deckelen an Ofleef esou wéi verschidde Fléck-aarbechte belafe sech am ordinäre Budget op 220.000 Euro. Do soll haaptsächlech zu Péiteng an der Lëtzebuerger- ewéi an der Lonkecherstrooss geschafft ginn. D'Inspektioun mat der Kamera an éischt Botzaarbechte schloe mat 150.000 Euro zu Buch. Donieft bezuele mir am SIACH eisen ordinäre Bäitrag vun 1.955.963 Euro. Dat si ronn 6% weider ewéi 2015, haaptsächlech bedéngt duerch den Index, Personalkäschten, mä och doduerch, datt de Staat d'„taxe de rejet" vun 0,15 op 0,20 Euro pro Kubikmeter eropgesat huet. Alles zesummen eng ordinär Ausgab fir 2016 vun 2.370.343 Euro. An dëse Käschte si verschidden ausseruerdentlech Ausgabe mä och den Amortissement vun eisem Uertsnetz nach net enthalen, deen no der „instruction ministérielle" an enger „approche harmonisée" misst zur Halschent all Joer agerechent ginn. Huele mir dat och nach an d'Berechnung eran, da wuessen d'Ausgabe wäit iwwer 2,5 Milliounen Euro. Dem géintiwwer stinn an den ordinäre Recetten 2.257.900 Euro, also en Defizit, deen elo nach méi genee berechent gëtt a vläicht zu enger Erhéijung vun der Ofwaassertax am 2. Semester 2016 féiere kéint.

Mä et sinn och nach aner extraordinär Ausgaben am Budget 2016 virgesin, an zwar d'Käschte fir eng global Etude iwwer eist Kanalnetz, déi mat 180.000 Euro zu Buch schléit.

Fir Kanalaarbechte selwer stinn nach eng Kéier 1.320.000 Euro do well mer op deem Artikel – bedéngt duerch Schwieregkeete mat eisem Beroder – nëmmen 250.000 Euro am rektifizéierte Budget 2015 verschaffe wäerten, mä och nach e weidere Kredit vu 750.000 Euro fir 2016.

Wat soll do alles gemaach ginn? Haaptsächlech gëtt gebotzt an Inliner, wann néideg, agezunn, an zwar an deenen 3 Uertschaften:

- Zu Péiteng an der rue Michel Rodange, rue Acacias, rue de la Chiers a beim Kierfecht. Da gëtt och nach de Fonçage vun der rue de la Liberté op d'rue de Niederkorn gemaach fir 50.000 Euro an Etudë fir Iwwerflächewaasser an der rue de Niederkorn fir 20.000 Euro.
- Zu Rodange schaffe mer um Kanal vum Kierfecht an an der rue de la Siole. Dobäi misst och nach d'Zon vum Grand-Bis ugeschloss gi fir 100.000 Euro.
- Zu Rodange si Kanalaarbechten an der rue des Ecoles virgesinn esou wéi generell eng Telegestioun vun de Pompele vum Schmotzwaasser fir 15.000 Euro.

Ze bemierken ass, datt mer keng extraordinär Ausgaben dëst Joer un de SIACH ze bezuele brauche well mer do op eis Provisiounen zeréckgräife kënnen. Dat wäert awer an deenen nächste Joeren net méi duergoe wann d'Aarbechten zur Moderniséierung an dem Ausbau vun der Kläranlag ufänken. Dofir huet de Comité vum SIACH schonn en Devis vu ronn 60 Milliounen Euro Invest op den Instanzewee gescheckt.

2. Eist Waassernetz

Och heibäi e puer Zuelen als Erënnerung. Mir hunn e Waassernetz vu ronn 70.500 Meter an eisen Uertschafte

leien, also méi laang ewéi eist Kanalnetz, well mir jo an neie Stroossen d'Waasser béidsäiteg verleeën. Eist Netz wiisst also vu Joer zu Joer an derbäi kommen dann nach 25.000 Meter Haiseruschlëss, e Gesamtnetz deemno vu 95.500 Meter. Och dëst Netz muss stänneg ënnerhale ginn duerch Botzen, Flécken an Erneierunge vu Leitungen a Compteuren.

Den Akaf vum Waasser kascht eis – mat der staatlecher „taxe de prélèvement" – ronn 1,15 Milliounen Euro. Derbäi kommen am ordinäre Budget och nach d'Flécken an d'Ersetze vun defekte Leitungen a Compteure fir 75.000 Euro; den Ënnerhalt duerch extern Betriber fir 100.000 Euro; d'Ersetze vun iwwer 10 Joer ale Compteuren duerch elektronescher fir 100.000 Euro.

Wat d'Compteuren ugeet, do hu mir eis virgeholl, de Bestand vu 7.124 Compteuren, déi elo bestinn, duerch elektronescher ze ersetzen, an dat am Zäitraum vun 2014 bis 2021.

2014 hu mer der nëmmen 350 ersat krut, dofir gouf versicht, d'Verspéidung 2015 opzehuelen, an do wäerten der 1.415 ersat ginn. Fir 2016 sinn der 765 virgesinn. Dernieft kommen och nach al Joer am Schnëtt 250 nei Compteuren derbäi. All déi elektronesch Compteure kënnen a ginn och de Moment scho vu baussen ofgelies. Also eise Mataarbechter brauch net méi an d'Haus eran ze goen.

Dëse ganze Switch vun traditionellen op elektronesch Compteure wäert sech am ganze bis 2021 op eng Gesamtinvestitioun vun 800.000 Euro belafen.

D'Botzen, den Ënnerhalt an d'Detektioun vu Fuiten esou wéi den Ënnerhalt vun de Waasserreservoiren, Analysen asw. kaschten eis 196.500 Euro.

Rechent een dann nach d'Personalkäschte vum Waasserbetrib derbäi, da komme mer am ordinäre Budget op ronn 2.309.732 Euro. Deem géintiwwer steet eng Recette vun 2.097.300 Euro, also och e Minus vu ronn 10%. Net berücksichtegt sinn hei den Amortissement an nach weider extraordinär Ausgaben.

Fir d'Telegestioun vun eise Basenge stinn 30.000 Euro an den extraordinären Ausgabe grad esou wéi 100.000 Euro, déi mir brauche fir den Uschloss vun neie Wunnengen.

3. Kollektivantenn a Glasfaser

D'Antennennetz gehéiert nach ëmmer eiser Gemeng a gëtt zum Deel, wat d'Televisioun ugeet, vun engem Concessionnaire, der Firma Eltrona, verwalt. Mir hu vun deem Netz, mä och vun Aarbechte mat anere Concessionairë profitéiert fir eist eegent Glasfasernetz opzebauen a sinn de Moment praktesch um Enn vun dësen Aarbechten ukomm.

Dëse Moment bleiwen nach d'Päsch-Schoulgebai, de Préscolaire am Blobierg, d'Paschtoueschhaus zu Rolleng an déi fréier Neapostolesch Kierch zu Rolleng unzeschléissen, grad esou wéi eis Waasserbasengen. E Kredit vu 50.000 Euro steet am Budget fir dat 2016 ze maachen. Da bleift just nach deen neie Site vun eise Garagen op der Lénger Strooss un d'Netz ze bréngen a mir hunn eisen eegenen, performanten a méi bëllege Kommunikatiounssystem hei an der Gemeng.

Domat hu mir dann eist eege Kommunikatiounsnetz esou gutt fir den Telefon ewéi fir d'Mailen an d'Internet-verbindungen. Finanziell huet dat op Joeren de Virdeel, datt mir nëmmen een Abonnement „haut débit" brauchen, all déi individuell ADSL Uschlëss kënnen ofschafen a verschidden eenzel Telefonszentralen an Telefonsuschlëss net méi brauchen an d'Méiglechkeet hunn, eis un d'Netz Restena unzeschléissen.

Mir hunn ufanks 2016 nëmmen eng eenzeg Telefonszentral, iwwerall direkt Telefonsnummeren, brauche keng zësch Abonnementer a brauche keng Käschten ze bezuele fir eis intern Gespréicher an der ganzer Gemeng. De geneeën Zäitpunkt, wéini mir vum ale System an de fréieren Telefonsnummeren ofsprangen op déi nei ass de Moment an der Diskussioun, mä spéitstens mat den neien Telefons-bicher kommen och déi nei Nummeren.

B.) Stroossen an Infrastrukturen iwwer dem Buedem

Mir hunn an eiser Gemeng ronn 72.224 Meter Stroosse leien, dovunner ronn 51% rengt Gemengennetz, wou mir ganz eleng Meeschter sinn, bei deenen aneren ageschränkt oder an Ofsprooch an Accord. Dat Ganzt muss ënnerhalen, gebotzt a gefléckt, am Wanter vum Schnéi befreit a gestreet ginn, an et mussen och déi noutwenneg Mataarbechter a Maschinnen zur Hand sinn. Mä et muss och matzäiten an d'Zukunft gekuckt gi fir eeler Stroossen nei ze plangen. Wat ass elo fir 2016 virgesinn?

1. An de Strooss selwer

Péiteng, rue de l'Eglise – de Projet an den Empriseplang esou wéi d'Neigestaltung vun der Kräizung rue de la Chiers a rue de l'Eglise mat 50.000 Euro. Dat ass en CR, dee mat dem Staat muss zesummen erstallt ginn.

Péiteng, rue Bommert – Käschte fir Etudë fir 50.000 Euro. Do kënnen d'Aarbechte virgesi ginn, an dat nom Fäerdegstelle vu Gebaikomplexer an der Analys vum Verkéiersfloss.

Péiteng, rue Belair – hei gëtt déi ganz Strooss mat hiren Infrastrukturen nei gemaach. D'Aarbechte fänken ufanks 2016 un an et sinn am Ganze fir dat Joer 1,7 Milliounen Euro virgesinn.

Péiteng, rue du Parc – do gëtt d'Plaz virun der Gemeng erweidert an den Zougang vun der rue de Luxembourg ënnerbonnen. Déi ganz Infrastrukturen an der rue du Parc ginn erneiert an den ieweschten Deel gëtt e „shared space". E Kredit vu 500.000 Euro steet am Budget, dat bei engem Devis vun 1,25 Milliounen Euro.

Rodange, rue de la Fonderie – Käschte fir Etudë fir 80.000 Euro. Do solle fir d'éischt d'Aarbechte vun enger Pompelstatioun iwwer de SIACH gemaach ginn, déi Mëtt 2016 ulafen, dann eréischt d'Strooss.

Rodange, Zentrum – do fänken d'Aarbechten nom 1. Trimester 2016 un an et sinn dofir 1,6 Milliounen Euro virgesinn.

Rodange, rue de la Minière – d'Aarbechte sinn amgaangen a wäerten Enn 2016 ofgeschloss ginn. E Kredit vun 1,4 Milliounen Euro steet am Budget.

Lamadelaine – do gëtt eng nei Strooss mat engem ökologesche Parking hanner dem Kierfecht ugeluecht fir duerno dann d'rue des Ecoles komplett verkéiersfräi ze maachen. 300.000 Euro stinn dofir am Budget 2016.

Rodange, rue du Clopp – do sinn d'Aarbechten ofgeschloss, mä mir mussen der Firma Sudgaz nach hir Avancen an den nächsten 2 Joer zeréckbezuelen. Dat si fir 2016 eng Zomm vu 420.000 Euro a fir 2017 dann de Solde.

En neie Stroossebelag muss de Klopp dann och kréien, an deen ass mat 450.000 Euro am Budget ageschriwwen.

2. Eis aner Weeër (voirie rurale)

Do gëtt zesumme mat der ASTA op zwou Plazen am nächste Joer geschafft. An zwar zu Rodange, wou d'Verbindung tëscht der rue Nic Biever an der route de Longwy (al Seelebunn) nei gemaach gëtt, an zu Péiteng de

Verbindungswee vun der rue d'Athus op de Contournement. Alles zesumme fir eisen Deel vu 55.000 Euro.

3. Eis Plazen

Mir plange weider un der Neigestaltung vun der Plaz nieft dem Neiwiss-Schoulgebai an eiser Sportshal zu Rodange. Dofir sinn nach 50.000 Euro virgesinn, an d'Aarbechte fänken un esou séier ewéi mir am Zentrum vu Rodange Loft hunn.

D'Plaz virun der Gemeng gëtt ausgebaut an en Deel als Zon 20 „shared space" amenagéiert, dat am Kredit vun dem Reaménagement vun der rue du Parc.

Dann hu mir och nach e Kredit vun 30.000 Euro virgesi fir eng Etude iwwer en urbanistescht Konzept ze erschafen iwwer dee fréiere Site vum LTMA.

4. D'Stroossebeliichtung

Erëm e puer Zuele fir unzefänken. Et stinn eng ronn 2.685 Luuchten op eise Stroossen, Plazen, an de Parkanlagen oder bei de Monumenter. Dovunner sinn 860 Luuchten, déi Staatsstroosse beliichten a wou mir net fir den Ënnerhalt zoustänneg sinn. Et verbleiwen deemno nach 1.825 Luuchten, déi ënner eis Kompetenz falen.

Eis Servicer kontrolléiere regelméisseg de Fonctionnement an ersetzen, wat net méi geet oder wat méi bëlleg, méi effektiv a méi ökologesch ka verbessert ginn (Candelaberen, Armaturen oder Coiffen) an och d'Chrëschtbeliichtung. Dofir sinn 53.000 Euro am ordinäre Budget virgesinn.

Weiderhi sti 44.000 Euro am ordinäre Budget fir Pannen ze fläcken. Eng weider Zomm vun 10.000 Euro ass am extraordinäre Budget ageschriwwe fir den Austausch vun neien, ëmweltfrëndlechen Armaturen.

Mir hunn am extraordinäre Budget och eng Zomm vun 300.000 Euro virgesi fir d'Astandsetze vun eise wichtegste Foussgängeriwwerweeër. Mir fänken do zu Péiteng op den Haapt- a wichtegen Niewestroossen un a maachen do eng Beliichtung op béide Säiten, geotacles Dallen a konform Bordüren. Datselwecht ass dann am nächste Joer an deenen aneren Uertschafte virgesinn.

Eis Chrëschtbeliichtung gëtt punktuell op verschidde Plazen ausgebaut. Dofir sti 25.000 Euro am Budget.

Eng Etude gedenke mer ze maache fir eis Haaptgemengegebaier besser, méi bëlleg a méi ëmweltfrëndlech ze beliichten. Dofir ass e Kredit vun 10.000 Euro virgesinn.

5. Verkéiers, Park-, Transportamenagementer a Reglementer

Eis Gemeng ass dicht besidelt, läit op 2 Grenzen an huet nun emol déi Konfiguratioun, déi se huet: laang gezunn, iwwer bal 5 Kilometer laang mat ville Sakgaassen, déi op déi zentral Ax stoussen an e Contournement, deen an den 90er Joere gutt geduecht war, vun der Realitéit awer depasséiert ass.

Den Haaptverkéiersproblem läit doranner, datt de Contournement oder d'avenue de l'Europe an de Spëtzestonne moies an owes net fonctionnéiert. No Diskussiounen a Reunioune mat dem zoustännege Ministère an de Ponts & Chaussées schéngt en Usaz vu Léisung sech erauszeschielen, an zwar fir haaptsächlech de „Rond-point LTMA" ze entlaaschten.

Mir hunn am Kader vun eiser Strategie a Planung op déi nächst Joeren hi verschidde Moossname geholl an och schonn zum Deel ëmgesat. Et geet fir d'éischt drëm, méi Sécherheet a sensibele Quartieren ze kréien, d'Vitesse vun den Automobilisten am urbane Beräich ze bremsen an deenen, déi zu deene schwaache Verkéiersacteuren zielen, hir Roll anzeuerdnen. Dofir si scho ronderëm eis Schoulen, Maisons Relaisen, a Seniorië Moossname geholl gi fir méi Kloerheet ze schafe beim Stationéieren oder och beim Fueren.

Mir hunn och zesummen entscheet, d'Zon 30 iwwer eis dräi Uertschaften anzeféieren. An der Uertschaft Péiteng sinn dës Aarbechten dëse Moment ofgeschloss ginn an d'Zon 30, mat genereller Rietsvirfaart ass Realitéit. D'Acteuren am Stroosseverkéier musse sech ëmstellen, méi virsiichteg fueren, an dat wäerte si och packen. Mir musse kucken a begleeden ob dat Zil, wat mer eis gesat hunn, esou erreecht gëtt oder ob nach déi eng oder déi aner punktuell Ëmännerung muss geschéien.

An den Uertschafte Rolleng a Rodange gëtt d'Zon 30 am Laf vun 2016 och Realitéit. Den Avenant zum aktuelle Verkéiersreglement gëtt an dem 1. Semester 2016 ugepasst an der nationaler Verkéierskommissioun virgeluecht an nom Vote hei am Gemengerot geet d'Ëmsetzen dann am Hierscht 2016 un. Dofir stinn och 95.000 Euro am Budget 2016. Mir hunn och zesummen, dëst Joer, eng Extensioun vum „Parking résidentiel" entscheet an ëmgesat. Mir mussen elo dës Evolutioun begleeden an eventuell punktuell Verbesserunge maachen.

Dëse Moment mécht eis d'Parke vun de Camionnetten owes an der Gemeng Suerge well d'CFL déi hei zu Péiteng op der Gare net méi wëll zouloossen. Do siche mir elo no neie Léisungen zesumme mat der CFL.

Mir sinn och zouversiichtlech, datt op der Gare zu Rodange déi éischt Etapp vum P&R-Parking vun der CFL am Laf vun 2016 ugefaange gëtt a wäerten do den Drock weider loossen.

Mir kontrolléieren de Verkéier op eise Parkplazen an an de Stroossen, wou „Parking résidentiel" besteet grad ewéi och d'Parke vun de Camionnetten owes an den urbanen Zonen duerch 4 Pecherten (am Moment) a verspriechen eis och do méi Disziplin. De Moment sinn déi nei Moossname bei de Leit ukoum a mir verzeechne manner Verstéiss beim Stationéieren. Déi waren am Ufank vun den neie Moossnamen op iwwer 1.000 Strofziedele pro Mount geklommen a sinn de Moment awer zeréck an der Moyenne op eng 800 bis 900 pro Mount.

Mir hunn am Budget 2016 och den Ukaf vun 31 ëffentleche Parkplazen an 2 Behënnerteparkplazen an enger Residenz am Blobierg zu Rodange virgesi fir insgesamt 700.000 Euro.

Dann hu mir, wat den alternative Verkéier ugeet, och e Konzept vun der Mobilitéit an Optrag ginn – haaptsächlech wat d'Vëlosweeër mä och d'Bereetstelle vun Elektrovëloen an engem interkommunale Kader wat am Konzept vu ProSud als Virschlag ervirgeet. Et stinn dofir 30.000 Euro am ordinäre Budget.

Eise P-Bus ass den 1. Juli 2015 offiziell a Betrib gaangen, a mir verwäerten de Moment déi statistesch Donnéeën. D'Experiment soll nach weidergoen, an dofir stinn 100.000 Euro am ordinäre Budget.

Mir wäerten an deene ronn 6 Méint Proufzäit méi ewéi 2.000 Cliente mat dem Bus transportéieren an et gesäit een aus de Statistiken eraus, datt de Samschdeg, dee mir ubidden, net esou gefrot ass, mä dofir méi Demanden do si fir méindes, dee mir de Moment net ubidden. Och ass d'Kapazitéit nach laang net erschöpft mat gutt 20 Fahrte pro Dag, an et kéint ee sech ufanks 2016 verschidden Erliichterungen an Upassunge virstellen.

Schlussendlech sinn nach 20.000 Euro ageschriwwe fir den digitalen Archivage vun de Pläng „as built" ze garantéieren.

C.) Kultur, Tourismus, Festivitéiten, Veräiner, Relations publiques, Jumelagen, Integratioun, Wirtschaft a Regionales

1. Kultur

Am Kulturzentrum zu Rodange ginn d'Fënstere vum Festsall ausgewiesselt, an dat nach duerch de rektifizéierte Budget 2015 mat engem Betrag vun 145.000 Euro.

Déi fréier Neoapostolesch Kierch zu Rolleng gëtt an en audiovisuelle Studio a Proufsall ëmgebaut an et gëtt do eng Astandsetzung gemaach, dat alles zesumme fir ronn 1 Millioun Euro, wouvunner de Moment 550.000 Euro am Budget 2016 stinn. Déi, déi dovunner profitéiere wäerten, sinn eis Kulturveräiner, eis d'Jugendhaus, den LTMA mä och eis Verwaltung.

De ganzen Areal vum WAX zu Péiteng gëtt fäerdeg gemaach, d.h. mat dem Rouden Haus, dem Paravent, engem urbane Park a „Begegnungsort“ souwéi de Fonctionnement vum Rouden Haus. Dofir sinn nach déi lescht 710.000 Euro am Budget 2016 virgesinn.

D'Ausstellung iwwer d'Liberatioun an den 2. Weltkrich an hir Variante gi fir 265.000 Euro fäerdeg gemaach.

Dat fréiert Paschtoueschhaus zu Rolleng gëtt elo dat neit Doheem fir eis „mémoire collective communale“ an och Sëtz vun de Péitenger Geschichtsfrënn. Mat der Astandsetzung an dem néidegen Ëmbau beleeft dëse Projet sech op iwwer 1,085 Milliounen Euro, wouvunner eng Zomm vun 935.000 Euro am neie Budget 2016 steet.

De Kredit fir den Akaf vu Konschtwierker ass nees op déi normal 5.000 Euro erofgesat ginn, nodeems mir nei Konschtwierker esou gutt fir de Sëtzungssall ewéi och fir den Hochzäitssall kruten.

Dann hu mir e Kredit iwwer 280.000 Euro virgesinn, sollt et zur definitiver Fusioun vun eise Museksgesellschafte kommen, an dat fir hinnen dann déi adequat Proufméiglechkeeten och hei zu Péiteng ze bidden, esou wéi si dat gewënscht hunn.

Dann hu mir nach e Kredit vu 15.000 Euro virgesi fir verschidden Zentre mat noutwennegem Material auszestatten.

Ze bemierken ass och nach, datt de Fonctionnement an den normalen Ënnerhalt vun eisen aktuelle Kulturzentre mat 687.000 Euro am ordinäre Budget zu Buch schloen.

2. Tourismus

Eis Gespréicher an Iwwerleeunge mat dem Partner JUFA sinn de Moment nach lieweg, kommen awer elo op ee Punkt, wou am 1. Semester 2016 Neel mat anstännege Käpp musse gemaach ginn. Et sinn e puer interessant potentiell Investoren do, déi an dëse Projet ze investéiere gedenken. Et bleiwen nach vill an zéi Diskussioune bis dee leschte Punkt kloer ass fir all Partei.

Mat dem Fäerdegstelle vun deenen neie Raimlechkeeten am Rouden Haus zu Péiteng a mat der Astellung vun engem neie Vollzäitmataarbechter kann den „Accueil et animatioun touristique, culturelle et historique“ elo op déi praktesch Schinn gesat ginn. Aktiounen, Marketing a Reklamm fir déi grouss Evenementer an eiser Gemeng ginn a kënnen ab Mëtt 2016 méi effizient a méi professionell opgestallt a vermëttelt ginn.

De Syndicat d'Initiative vun der Gemeng Péiteng wäert seng Statuten op dës nei Funktioun upassen a e weidere fräiwëllege Mataarbechter op dësem Gebitt ginn.

Fir dës Aktioune sti 50.000 Euro am Budget 2016, dat nieft de Kreditter fir d'Organisatioune vun der Gemeng selwer, wou och nach 50.000 Euro stinn. Weider an den Tourismus gëtt investéiert duerch d'Mathëllef iwwer de Proactif am Fond-de-Gras, an der Associatioun „Parc Industriel et Ferroviaire“ vum Fond-de-Gras mat 31.733 Euro, Cotisatioune beim „Office Régional du Tourisme“ mat 20.395,12 Euro a Subventiounen un eis lokal a kommunal Träger vum Tourismus.

3. Festivitéiten, Veräiner

D'Rentnerfeiere si mat 40.000 Euro geplangt, d'Feier fir de „Grand Âge“ mat 9.000 Euro an d'„Méritants“ mat 15.000 Euro.

De Budget fir Gemengenorganisatiounen ass op 50.000 Euro eropgesat gi well mer déi grouss Fester an der Gemeng ewéi Nationalfeierdag, d'Liberatiounswoch, de Commemoratiounsdag asw. attraktiv a partizipativ gestallte wëllen.

De Budget vum „Fonds de support d'organisations d'intérêt communal“ ass opgedeelt ginn an de Kredit fir sportlech Organisatiounen (25.000 Euro) a ee fir kulturell Organisatiounen (35.000 Euro) an erméiglecht eis esou tatkräfteg eng Hand mat unzepake wann eng grouss Organisatioun un eis erugedroe gëtt.

Och gedenkt de Schäfferot Ufank 2016 dem Gemengerot en neit Subsidereglement virzeleeën, wou nach méi konsequent Wäert geluecht gëtt op d'Jugend, d'Jugendaarbecht an d'Zesummeschaffe vun de Veräiner.

Schlussendlech installéiere mer an eise Gemengenzentren elektronesch Bornen, déi néideg an interessant Informatiounen oder Evenementer matdeelen. Dofir sti 15.000 Euro am Budget fir d'Locatioun.

Och wäerten nach nei Holzchalete kaf gi fir eeler an ausgedéngter ze ersetzen. Et stinn dofir 5.000 Euro am Budget.

4. Relations publiques

Ufank 2016 wollte mir e Sondage maache loosse mat enger spezialiséierter Firma iwwer d'Qualitéit an d'Erwaardung vun eiser Bevëlkerung wat d'Informatioune vun der Gemeng ubelaangt. E Kredit vun 10.000 Euro ass virgesi fir dës „enquête de satisfaction“ ze realiséieren.

Doropshi wäerte mer Schlussfolgerungen zéien an eis Informatiounen oder Publikatiounen deem Resultat upassen. Mir musse feststellen, datt mir de Moment an der traditioneller Press ëmmer manner präsent sinn a mussen dorop reagéieren. Mir brauchen eng geziilten a kloer Informatioun fir eis Bierger aus eiser Gemeng, mä och geleeëntlech fir d'Land oder fir d'Ëmland.

Nom Prinzip „on n'est jamais si bien servi que par soi-même“ wäerte mir eis Informatiounspolitik méi aggressiv a punktuell gestalten. Nei Mëttele ginn eis dee Studio zu Rolleng, aner Mëttele musse mir aktivéieren iwwer eis nei „cellule d'animation touristique“, an aner musse mir eis schafen. Dofir ass de Kredit vun de „Bulletins municipaux“ eropgesat ginn op 100.000 Euro an dee vum „matériel publicitaire“ op 30.000 Euro.

Ufank 2016 stelle mir och en neien Internet-Site vir, méi attraktiv an dynamesch wéi deen aktuellen, an och eisen Info-Kanal gëtt enger Revisioun ënnerzunn. Des Weidere kafe mer och nieft dem Modul Wiges fir eis Verwaltung a fir d'Stocken och en neie Verwaltungssystem vun der Waardeschlaang an eisem Umeldebüro. Dee kascht 25.000 Euro a fonctionnéiert onofhängeg vun eisem Informatiksystem.

5. Jumelages

Mat deem neie Jumelage mat Schiffweiler/Heiligenwald ass en neie Partner dobäikomm, deen elo scho méi Kontakter opzeweisen huet ewéi déi zwee fréier Jumelagen zesummen

an de leschte Joeren. Dat schéngt och esou an dat nächst Joer weider ze goen, a mir hunn e Kredit vun 30.000 Euro do virgesi fir esou den Austausch, d'Kontakter an d'Besich ze begleeden an ze organiséieren. Schio a Maribor bleiwen nach ëmmer op eiser Wonschlëscht, a mir wäerte versichen, dat nächst Joer nach e Reanimatiounsversuch ze starten.

6. Integratioun

Eis Kommissioun huet e puer Aktioune virgeschloen, a mir versichen och mat hinnen zesummen déi am Laf vun 2016 ëmzesetzen. Do schwätze mer haaptsächlech vun:

- Kontaktsich a –mathëllef souwéi Aktioune fir a mat de Flüchtlingen, déi um Gebitt vun der Gemeng wunnen,
- Organisatioun vun engem Integratiounsdag an der Gemeng mat Ausstellung a Geschicht iwwer d'Awanderer hei an der Gemeng,
- Organisatioun vun enger gemeinsamer Feier vun deene verschiddene Generatiounen, den Austausch an Diskussiounen, an dat zesumme mat der Jugend- an der Familljekommissioun,
- Visite vum Europaparlament.

E spezielle Kredit vun 10.000 Euro steet dofir am Budget.

7. Wirtschaft

D'Industriezon am „Grand Bis" wäert Realitéit ginn, an dat no 18 Joer Formalitéiten an Transaktiounen. Déi lescht Hürde si geholl an d'Konventiounen tëscht dem Staat (Wirtschaft – SIKOR) an der Gemeng Péiteng wäerten am 1. Semester 2016 ënnerschriwwe ginn. Mir hunn dofir e Kredit vu 500.000 Euro ageschriwwe fir esou déi lescht Formalitéiten, de Commodo-Incommodo, Soumissiounen asw. ulafen ze loossen an ze virfinanzéieren. Sollt et méi séier weidergoen ewéi mir dat schätzen, komme mer gäre fir nach weider Kreditter an de Gemengerot zeréck.

Bal gläichzäiteg beweegt sech och eppes am Dossier vun den industriellen Zonen hei bei eis um PED, wou och schonn 2016 d'Aarbechte kéinten ufänken a schonn 2017 déi éischt Betriber kéinte mat bauen ufänken. Virun e puer Deeg war ech mat dem SIKOR scho mat de Betriber zesummen, déi um PED staark interesséiert sinn. Et sinn der 3 aus der Logistikbranche.

Sollt et do nach méi séier weidergoen ewéi mir dat bis elo ageschat hunn, komme mir och do gären nach eng Kéier heihinner zeréck fir iech dat virzeleeën. All déi bis elo investéiert Suen, an déi, déi nach dobäikommen, stelle kee finanzielle Problem fir eis Gemeng duer, well mir jo bis 85% vum Staat erëmkréien an déi 15%, déi bleiwen, ënner deene 4 SIKOR-Gemengen opgedeelt ginn. Fazit. Et bleiwen nach 3,75% zu eise Laaschten. Dofir awer Honnerten nei Aarbechtsplazen an d'Aussiicht op méi Gewerbesteier.

8. Regionales

De Kordall SIKOR, an der Erwaardung vun deenen neien, elo just opgezielten Aufgaben am Wirtschaftsberäich, huet zënter 2014 eng Initiativ geholl, déi mir och als Gemeng ënnerstëtzen. An zwar déi vun enger „agence régionale immobilière sociale". Iwwer déi solle Wunnenge vu Leit aus deene 4 SIKOR-Gemengen un aner Leit a Famillje weidergeleet ginn, déi et schwéier hunn, um normale Maart eng Wunneng ze fannen. An dat bedéngt duerch héich Loyeren, Chargen, Kautiounen, asw. De Moment leien aus deene 4 Gemengen insgesamt 173 Demandë vir fir esou e Logement. Zesumme si 511 Persoune betraff, dovunner 77 aus der Gemeng Péiteng. 33 Wunnenge konnte bis elo fonnt a vermëttelt ginn, an dovunner hunn 13 Familljen aus eiser Gemeng profitéiert. Dës Initiativ geschitt an Zesummenaarbecht a mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Familljen- a Logementsministère ewéi och mat de Sozialämter aus eise 4 Kordallgemengen.

Mat eisen Nopeschgemengen am Grenzgebitt – Longlaville, Mont St. Martin, Lonkech an Ibbeng – hu mer regelméisseg Kontakt an Entrevuen, an dat haaptsächlech wéinst dem gemeinsame Verkéiersproblem, dem Tanktourismus oder den Industriezonen. Och si mir derbäi, mat eise belschen Noperen en Interreg-Projet opzebaue wat d'„mobilité douce" ugeet, wat Fouss-a Vëlosweeër ubelaangt. Dëse Projet, deen och nach mat der Käerjenger Gemeng diskutéiert gëtt, kéint dann e Complément si fir datselwecht, wat Déifferdeng an Hussigny annoncéiert hunn.

Dir Dammen, dir Hären, esouwäit meng Virstellung vun den Aussiichte fir 2016. Mir wäerte jo nach genuch Geleeënheet kréien, beim Vote vun den eenzelne Projete méi an den Detail ze goen. Merci, datt dir mir esou laang nogelauschtert hutt.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, Dir Hären,

An der Budgetszäit si wuel d'Zuelen - awer net nëmmen – den Haaptfaktor. D'Realisatioune vum vergaangene Joer, déi méiglech waren, sollen och nach emol ervirgehuewe ginn.

Wat fir Méiglechkeete waren am Budget unzegoen oder weider ze féieren? Ech beliichten dobäi haaptsächlech meng Departementer.

Eis Schoulen

1.800 Schüler ginn de Moment dagsiwwer an eise 7 Schoulgebaier an der Gemeng ënnerriicht. Den Total, deen am Budget ënner den ordinären Ausgabe fir de Schoulbetrib ageschriwwen ass, beleeft sech op 10.338.867,12 Euro. An dëser stattlecher Zomm si mat abegraff: en Deel vun de Léin vum Léierpersonal, d'Léin vun eise Beamten aus dem Schoulservice, déi vun de Botzéquipen an de Portieren, de Verbrauch fir ze hëtzen, d'Beliichtung an de Gebaier, de Schülertransport – och net onbedeitend a kascht 417.000 Euro – fir d'Schüler an d'Schwämm, an d'Naturschoul oder op en Ausfluch ze féieren, dee programméiert ass, an natierlech den Transport bannt der Gemeng bis bei d'Schoulen. Doriwwer eraus sinn nach de „Service de guidance" mat 10.355 Euro, de Précoce mat 138.470 Euro an de Préscolaire mat 65.376 Euro virgesinn.

Am Primaire sinn 854.962 Euro agedroe fir d'„Services d'information, d'orientation, de santé" fir all déi zousätzlech Servicer, déi zur Schoul gehéieren.

An de Recettë fir de Schoulbetrib sinn 161.000 Euro agedroen, de Bäitrag vum Staat fir dat sozio-edukatiivt Personal an déi all déi Leit, déi an der „éducation précoce" souwéi an der Grondschoul intervenéieren.

Gréisser Neibauten am Schoulwiese sinn de Moment ofgeschloss. 224.770 Euro Subsiden erwaarde mer ons nach fir d'Erneierung vun der Schoul Lamadelaine. E Plang fir eng Verkéiersberouegung ëm dës Schoul ass amgaangen ausgeschafft ze gi mam Sécherheetsservice an der Voirie. Eng nei Entrée fir de Kierfecht wäert an der éischter Phas realiséiert ginn. 300.000 Euro sinn heifir an den ausseruerdentlechen Ausgabe programméiert. Duerno kënne mer dann d'Verbindung vun der Spillschoul mat der Grondschoul ganz verkéiersfräi a parkähnlech orientéieren. Eng gréisser budgetär Enveloppe vu plus minus 800.000 Euro wäert an den nächste Joere fir dëse Projet ufalen. E Projet, deen eng Berouegung ëm d'Schoule bréngt an eng

Verschéinerung vum Zentrum vu Lamadelaine duerstelle wäert.

An de Schoulhaff vun der Grondschoul ass d'Installatioun vun engem Multisportsterrain programméiert, deen eis ëm déi 25.000 Euro wäert kaschten.

An der Vue fir d'Zukunft vu Lamadelaine, wou mir an Atzéngen eng nei Cité mat iwwer 100 Wunnengen an der Maach hunn, musse mer natierlech d'Evolutioun vun der Kannerzuel am A behalen.

Eng gréisser Spillschoul an eng nei Maison Relais, déi den haitegen Ufuerderunge gerecht solle ginn, wäerten am nächste „Plan pluriannuel" ganz bestëmmt net feelen.

Zu Rodange sinn d'Aarbechten an de Schoulen an an de Schoulhäff vun de Gebaier „Neiwiss" a „Päsch" ofgeschloss, kleng Erneierungen oder Ännerungen, déi am Laf vum Joer kéinten ufalen, ginn deementspriechend behuewen. An dem Schoulgebai „Fonderie" hoffe mer, no längeren Aarbechten d'Fiichtegkeet am Keller an de Gréff ze kréien. Am Schoulhaff feelt nach dat eent oder anert Spill. Déi Akeef gi mat dem Léierpersonal an dem Kannergemengerot ofgeschwat.

Zu Péiteng ass am Éigent-Schoulgebai d'Astandsetzung vum dem Fligel B an de Summerméint gemaach ginn. Fir d'grouss Vakanz 2016 hu mir déi lescht Phas virgesinn, an zwar d'Erneierung vun dësem Deel vun der Schoul. Dëse Schantjen hoffe mer dann ouni Iwwerraschungen an zwou Phasen an net an dräi, wéi virgeplangt war, fäerdeg ze stellen. Alles an allem, budgetär gesinn, komme mer da wahrscheinlech iwwer 900.000 Euro, déi fir dës Aarbechte programméiert waren.

Am Schoulgebai Park sinn d'Aarbechte vun der éischter Phas an déi vun dem Schoulhäff ofgeschloss. Zur vollster Freed vun de Kanner, wann och net nom Gusto vu verschiddene Matbierger. Dës Erneierung schléisse mir mat engem Surplus vu 75.000 Euro of. Dat ass eng Ausgab derweider fir eng gréisser Berouegung zur Parkstrooss hinn – eng Doléance, déi vun de Bewunner koum, an där mir och Rechnung gedroen hunn.

Fir d'Gesondheet a gewëssen Depistagen an de Schoule leet de Ministère d'Ëmstänn fest. Mir sollen dann d'Personal stellen a sinn do un der ieweschter Grenz ukomm. Nei Directivë fir d'Gesondheet an de Schoule sinn am Gespréich. Wann déi Directivë gestëmmt sinn, da kënne mir den Departement „Santé scolaire" nei orientéieren.

Eng nei grouss Spillplaz ass fir de Moment net geplangt. Fir d'Ersetze vun de klenge Spiller si 35.000 Euro virgesinn. Fir speziell Aarbechte sinn nach weider 50.000 Euro am Budget. Eis Spillplaze gi regelméisseg kontrolléiert a mir halen och drop fir de Label „Sécher Spillplazen" ze behalen. Dëst bedeit eng Erausfuerderung fir géint de grousse Vandalismus ze kämpfen, dee mir leider nach net aus eiser Gemeng konnten ausradéieren.

<u>Eis Maisons Relaisen</u>

De Fonctionnement vun de Maisons Relaise steet mat 4.829.741 Euro an den ordinären Ausgaben, an deem entgéint erwaarde mir eng Recette vum Staat a vun den Eltere vun 2,93 Milliounen Euro.

Verbesserungen an de Maison Relaise stinn um Programm. Déi Péitenger Maison Relais huet dagsiwwer tëscht 300 an 350 Kanner. Dëst Haus brauch en zousätzleche Raum wou d'Kanner an och déi, déi mer speziell betreien, kënnen a klenge Gruppe relaxéieren. Dëser Demande kënne mer nokommen duerch en Ubau, deen ongeféier 100.000 Euro an den extraordinären Ausgaben ausmaache wäert. En éischten Equipement kënnt nach dobäi.

Fir d'Rentrée 2016/2017 steet den Neibau zu Rodange. Mat enger klenger Grupp vu Kanner hoffe mir, am Juni e sougenannt „Probewohnen" ze starten. Wéi den Agreement dat virgesäit, kommen eng 103 Kanner an dat Haus. Dëst wäert dann och bewierken, datt d'Waardeléscht méi kleng wäert ginn. 12 nei Aarbechtsplazen am Beräich Kannerbetreiung ginn heimatter zu Rodange geschaf. Alles huet natierlech säi Präis. Fir de Bau sinn nach eemol 1.660.000 Euro virgesinn. D'Miwwele wäerten eis 105.600 Euro kaschten. De Staat subsidiéiert de Moment de Fonctionnement vun de Maisons Relaisen nach ëmmer mat 75%. 25% falen zu eise Laaschten. Eng Auszuelung vun engem Deel vum Subsid fir dësen Neibau an der Héicht vu 561.750 Euro hu mir fir 2016 an de Recettë stoen.

D'Crèche „Kordall" a „Villa Bambi", déi onofhängeg vun der Gemeng iwwer eng Asbl fonctionnéieren, stinn am Budget mat 41.611 Euro fir d'Ënnerhaltsaarbechten, déi an dësen Haiser ufalen.

Fir bei der Jugend an der Famill ze bleiwen, hunn ech hei d'Zuele vun dem Budget vun eisem Jugendhaus, wouvunner mir d'Halschent, d.h. 190.000 Euro droen. 4 Educateuren, 2 mat enger ganzer Tâche an zwee mat 25 resp. 35 Stonnen, sinn do am Asaz fir eis Jugendlech. Do wäert a muss an nächster Zäit d'Personal opgestockt ginn. Eis Matbiergerzuel ass um Eropgoen an dëse Phänomen bréngt mat sech, datt mir e Plus vu Jonker an Nout wäerte kréien. Vun „La Main Tendue Angela" an dem Roude Kräiz gëtt schonn drop higewisen. Et ass eng gesellschaftlech Problematik, där mir eis net verschléissen dierfen. Ech hunn nach ëmmer de Wonsch vun engem Internat fir Kanner a Jugendlech, Wunnenge fir déi Jong an Nout. Ech si gudder Hoffnung no der leschter Reunioun mat de verantwortleche Mataarbechter aus de Ministèren, datt dëse Wonsch Realitéit gëtt.

Mir bidden de Jugendlechen eng Rei Méiglechkeeten un. Z.B. stinn am Budget 143.575 Euro, déi virgesi si fir déi zäitweileg Beschäftegung vun de Studenten an de Summerméint, d'Nightcard, de Late Night-Bus – deen ass nei derbäi -, d'Loune vu Büroe fir den SNJ a fir „La Main Tendue Angela", Associatiounen, déi am soziale Beräich fir eis Jugend schaffen.

145.000 Euro Subside ginn och un eis Studenten ausbezuelt.

Mir verbuche fir déi zäitweis jonk Aarbechtslos 424.860 Euro. Derbäi kommen nach emol 80.408 Euro fir sozial Laaschten. Dorënner falen och jonk Leit, déi bei eis op der Gemeng kënnen eng Léier maachen. Esouwuel am administrativen ewéi am technesche Beräich. Eng Recette fir dëse soziale Volet steet mat 281.900 Euro agedroen. Demanden am soziale Beräich klamme Joer fir Joer a mir mussen eis deem upassen.

Fir den Neibau vum Scoutschalet sinn 292.756,75 Euro virgesinn. No verschidden Ännerungen an der Planung, déi net virgesi waren, dierft dësem Neibau elo näischt méi am Wee stoen.

D'Musekschoul, d'Museken an d'Choralë si mat 2.093.444 Euro opgefouert. An dëser Zomm sinn d'Subsiden an de Fonctionnement vun eise Museken a Choralë mat agerechent. Fir d'Musekschoul erwaarde mir vu staatlecher Säit eng Recette vun 1.077.200 Euro. Mir hu fir d'Schouljoer 2015/2016 ëm déi 500 Schüler ageschriwwen. Eng Zuel, déi ëmmer schwankt. E Maximum vu Schüler, déi mir de Moment an de Raimlechkeeten, déi eis zur Verfügung stinn, kënnen an d'Coursen huelen. D'Visioun vun enger neier Musek-schoul steet nach ëmmer am Raum, eng Visioun verbonne

mat der Hoffnung, an nächster Zäit kënnen d'Matdeelung ze maache vum Neibau vun enger moderner Musekschoul mat zousätzleche Raimlechkeete fir de musikalesche Volet zäitgeméiss kënnen ofzedecken.

Ech wëll och net vergiessen, am Kader vun de Budgets-diskussioune meng Kommissiounen ze ernimmen.

Alle virop eng aktiv Jugendkommissioun, déi sech iwwer d'ganzt Joer eng Zuel vu flotte Projeten ausdenkt am Kader vun 10.000 Euro Budget. Am Kannergemengerot fält en zweet Mandat un, an dat mat der Hëllef vun der Maison Relais. Fir d'Aféierung vun engem Jugendgemengerot gëtt am Moment ganz intensiv nogeduecht. Fir de „Rock the South", och wann net ëmmer dat ganz grousst Publikum präsent ass, schreiwe sech awer regelméisseg méi Gruppen an, déi hei zu Péiteng hire groussen Optrëtt wëllen hunn. Net ze vergiesse sinn och dat grousst Summerfest mat der Hëllef vum Jugendhaus, den „Job Day" an d'Léiersich mam SNJ zesummen.

D'Familljekommissioun këmmert sech ëm d'Organisatioun vum Fest vun eisen eeleren Awunner, schléit Konferenze vir, Babysitting-Course fir déi Jonk, Aktivitéite fir 3 Generatiounen, déi sinn och fir 2016 scho virprogramméiert zesumme mat der Crèche Kordall, der Seniorie an dem Jugendhaus.

D'Chancëgläichheetskommissioun ass ganz vaste. Si kuckt d'Bedierfnesser vun der ganzer Bevëlkerung. Do sti virop verschidde Realisatiounen, ë.a. d'Ofséchere vun de Persoune mat enger Behënnerung am Stroosseverkéier. An der Erzéiung schaffe mer zesumme mat der Eltereschoul, wou Konferenzen ewéi de Moment den „Triple P" ofgehale ginn. De „Girls' and Boys' Day" huet e feste Bestand am Kalenner. Am Sport sollen eis Infrastrukture fir all Matbierger zougänglech sinn, a mat der Integratiounskommissioun ginn an nächster Zukunft Aktivitéiten organiséiert fir iwwer 49% Net-Lëtzebuerger , déi an eiser Gemeng liewen.

D'Chancëgläichheetskommissioun muss zesumme mat enger ganzer Rei vun aneren Servicer a Kommissiounen Aktivitéiten ukuerbelen. Eng méi laang Geschicht an dëser Kommissioun ass d'Opstellung vun der Charta, eng Aarbecht, déi d'Sekretariat aus Zäitgrënn net konnt realiséieren. Mir hunn dofir de Büro „4 Motion" domatter beoptragt fir d'Viraarbechte vun der Kommissioun professionell auszeschaffen. An enger éischter Phas ass e Käschtepunkt vun 10.000 Euro virgesinn.

An der Musekskommissioun handelt et sech haaptsächlech ëm d'Programmer, d'Auditiounen, d'Diplomer an natierlech d'Zesummenaarbecht mat den anere Musekschoulen, selbstverständlech mat der AEM verbonnen an och de Frënn vun der Musekschoul.

D'Schoulkommissioun ass eng virgeschriwwe Kommissioun. D'Membere kënne Virschléi maache fir d'Schoulhäff, d'Sécherheet ëm d'Schoulen an d'Gebaier. E Bilan vun der Rentrée gëtt gemaach, genee wéi ëm den allgemenge Fonctionnement.

Ech wollt de Membere vun de Kommissiounen e Merci aussprieche fir hir wäertvoll Mataarbecht an hir Präsenzen an dëse Gremien.

Ech soen iech fir äert Nolauschteren e grousse Merci, an e spezielle Merci geet vu mir aus och un eis Servicer, déi um Budget 2016 matgeschafft hunn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir Dammen, Dir Hären,

Ech presentéieren iech a kuerzen Zich déi Haaptpunkte vum Budget, déi ënnert mäi Ressort als Schäffe falen a wou ech mech haaptsächlech op déi extraordinär Ausgabe baséieren.

<u>Ordinär Ausgaben</u>

<u>Subsides aux associations – Sports et Loisirs (96.800 Euro)</u>

Mir hunn deen Artikel substantiell eropgesat op 96.800 Euro, wat eng Erhéijung vun iwwer 30.000 Euro ass, an dat, well mer en neit Subsidereglement wëllen applizéieren, wou mir den Akzent nach méi staark op d'Jugendaarbecht an op qualifizéiert Trainere wëlle setzen. Et schéngt eis immens wichteg, deen Invest an eis Jugend an eis Veräiner ze maachen.

<u>Extraordinär Ausgaben</u>

<u>Services généraux (10.000 euros)</u>

D'Uschafe vun engem neie Modul „Wiges" fir d'Gestioun vun eise Stocken a vum Personal, dee mer och wäerte gebrauchen am Hibléck op déi nei Gemengenatelieren, a wat an Zukunft e wichtegt Aarbechtsutensil wäert sinn.

<u>Urbanisme – Subventions (45.000 euros)</u>

Do gesi mer 45.000 Euro vir fir d'Encouragementsprimë fir d'Erneiere vu Fassaden.

<u>Service technique (30.000 euros)</u>

Do wäerte mer en neit Gefier fir eise Service technique uschafen an domatter e Gefier vun 12 Joer (de VW Sharan) duerch en neien Elektroauto ersetzen.

<u>Service des parcs (162.000 euros)</u>

Do ersetze mer de Camion, deen 2003 immatrikuléiert gouf. Hei gesi mer 96.000 Euro vir.

Donieft schafe mer eng „excavatrice" u fir Tranchéeën ze zéie wou mer dann och wäerte vill manner futti maache wéi mat engem normale Bagger. Heifir si 15.000 Euro virgesinn.

Des Weidere brauche mer en neie „semoir de sursemis" wou mer kënnen iwwerflächlech noséinen. Déi wäert eis 16.000 Euro kaschten.

A mir ersetzen eise Mulcher, mat deem mer laanscht d'Stroossen an op schwéier zougängleche Plazen an Hiwwele kënne méinen, fir 35.000 Euro.

<u>Bâtiments communaux (30.000 euros)</u>

Do ersetze mer weider déi normal Schlesser duerch elektronesch Zylindere fir 12.000 Euro.

Des Weidere schafe mer fir an eiser Schwämm zu Péiteng e Gabelstapeler fir 10.000 Euro un. Fir weidert Geschir a Verschiddenes gesi mer nach emol 8.000 Euro vir.

<u>Ecologie (50.000 euros)</u>

Do hu mer 50.000 Euro virgesi fir Primen auszebezuelen, wat ënner anerem den Naturschutz betrëfft an natierlech och am Kader vum Klimapakt, wou mer jo bekanntlech déi zweet Zertifikatioun kruten an doduerch och dem Bierger wäerte Subventiounen zoukomme loosse wann hien eng Ufro fir d'Ëmsetzung vu konkrete Moossnamen erareecht.

<u>Aides au réemploi (23.000 euros)</u>

Hei hu mir fir déi 23.000 Euro en neit Gefier (Kubota 4X4) fir de Service RMG virgesinn.

<u>Voirie rurale (80.000 euros)</u>

Dës Sue si virgesi fir d'Erneierung an d'Astandsëtzung vun de Bëschweeër, ë.a. um Hierschtbierg, wou mer déi Aarbechte weiderféieren, déi mer an de Joere virdrun ugefaangen haten a wou de Gemengerot sech och scho selwer am leschte Summer konnt dovunner iwwerzeegen.

Gestioun déchets (40.205 euros)

Dëst ass déi Zomm, déi mir bäisteieren – ewéi déi Joere virdrun och schonn – fir d'Memberschaft am Syndikat Minettkompost. Et bleift ervirzesträichen, datt mir als Péitenger Gemeng dee mannste Reschtmüll an eisem gréngen Dreck hunn am Verglach mat sämtleche Gemengen, déi an deem Syndikat sinn. An ech wëll vun dëser Plaz aus och nach emol eise Bierger Merci soe fir hir Disziplin beim Ofliwwere vun hirem gréngen Dreck.

Protection de la nature (34.000 euros)

Mir gesinn hei 24.000 Euro fir Analyse vun der Loftqualitéit, déi iwwer BioMonitor lafen, an eiser Gemeng vir. Heizou ass och ze soen, datt eis Loftwäerter gutt sinn. 10.000 Euro hu mir virgesi fir d'Ausschaffe vun engem Konzept mam Ministère a vu Moossnamen am Kader vun deem neien Naturschutzgesetz. Dëst an enker Kollaboratioun mat deem zoustännege Ministère.

Voirie vicinale – Véhicules automoteurs (258.000 euros)

Bei dësem Artikel ass virgesi fir en neie Camion mat Kran ze ersetze fir 258.000 Euro. Dat ass néideg, well de Camion mat Kran, deen elo nach am Déngscht ass, 2002 immatrikuléiert gouf a mëttlerweil och säin Déngscht gemaach huet.

Véhicules spéciaux (259.999 euros)

D'Uschafe vun enger neier Kiermaschinn kascht 195.000 Euro. Da gesi mer och en neien Thermosilo vir, wat näischt anescht ass ewéi e Container, deen ee kann erop- an eroflueden, fir op de Camion. Derbäi kënnt eng „plaque vibrante“, wat eng kleng Dampmaschinn ass, an nach eng zousätzlech Pince fir eise Bagger. Dat ass mat 15.000 Euro am Budget festgehale ginn. Des Weidere gesi mer e Gabelstapeler vir. Déi meescht kennen deen, well mer domatter eis Chaleten op- an oflueden. Dee wäerte mer dann op eise Site setzen, esou datt mer net ëmmer brauche mat deem Gefier bei all Transport dem Camion nozerenne fir ofzelueden. Doduerch wäerte mer och eng Verbesserung vun der Sécherheet hunn. Déi Uschafung schléit sech mat 40.000 Euro am Budget nidder.

Cimetières (69.000 euros)

Fir de Bau vun neie Griewer gesi mir 24.000 Euro vir. D'Opriichte vun neie Kolumbarie kascht 45.000 Euro. An der Tëschenzäit si landeswäit ronn 50%, déi sech anäschere loossen.

Ateliers communaux (400.000 euros)

Fir de Bau vun neie Gemengeatelieren op der Lénger Strooss gesi mer dëst Joer 400.000 Euro fir den definitive Projet a fir d'Autorisatioune vir.

Hygiène publique (254.041 euros)

Domatter wëlle mir en neien Dreckswon uschafen. Et gëtt ee Won ersat, dee mëttlerweil méi wéi 13 Joer um Bockel huet. De Won kascht 251.000 Euro, fir speziaalt Equipement gesi mer nach eng Kéier 3.000 Euro vir.

Alimentation en eau (30.000 euros)

Et ass virgesin, den „détecteur de fuites“ fir 10.000 Euro ze ersetzen a fir 20.000 Euro en neit Gefier fir de Waasserservice unzeschafen.

Terrains de sports (855.000 euros)

Do hu mer en Devis vun 855.000 Euro virleien, wou mer virgesinn, d'Vestiairë beim Terrain 2 um Stadion vum Union Titus Péiteng ze erneieren an och mat Duschen auszestatten, esou datt mer och eiser Jugend modern an adaptéiert Infrastrukturen zur Verfügung kënne stellen (de Veräin zielt aktuell 400 Jugendspiller). Hei gesi mer dann och zousätzlech behënnertegerecht an „normal“ Sanitäranlage fir de Publikum vir. Dorop gesi mer dann och eng modern Buvette vir, déi mer am Kader vun der Fusioun wollten zougestoen, esou datt déi aktuell Buvette hirer initialer Funktioun als Fitnessraum nees ka gerecht ginn.

Piscines (261.030 euros)

An der PiKo zu Rodange gesi mer vir, d'Gradinen nei ze maache fir 121.030 Euro, esou datt mer déi Aarbechten ofgeschloss kréien. Well mer nach ëmmer Waasser am Keller vun der PiKo hunn – bedéngt duerch déi vill Quellen, déi do ronderëm sinn -, gesi mer 100.000 Euro vir, fir datt mer dat an de Grëff kréien. 30.000 Euro si fir en Zielsystem virgesinn, dee no baussen hinn installéiert soll ginn.

Des Weidere gesi mer 10.000 Euro am Kader vum Klimapakt vir, an dat fir en Energie-Audit ze realiséieren.

# Gemeinderatssitzung vom 11. Dezember 2015

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Arendt Patrick (CSV)**<br>**Conzemius-Holcher Josette (CSV)**<br>**Gira Carlo (CSV)**<br>**Polfer John (CSV)**<br>**Rosenfeld Romain (CSV)** | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**1. – Einziger Punkt:**
**Abgeänderter Haushalt des Jahres 2015 sowie Haushaltsentwurf 2016 der Gemeindeverwaltung.**

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

# Séance publique du 14 décembre 2015

***Durée de la séance:*** *14.30 à 19.30 heures*

## Présents:

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Arendt Patrick** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

## Absent et excusé:

**Néant**

# ORDRE DU JOUR

**Séance publique (14.30 heures)**

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Titres de recettes - décision.
   - 2.2. Convention signée avec le Groupement d'Intérêt Economique (RSCL) régissant l'accès par la voie électronique aux informations du Registre de Commerce des Sociétés - décision.
   - 2.3. Nomination d'un nouveau délégué (m/f) au conseil d'administration du Foyer de l'Enfance de Rodange-Lamadelaine asbl - décision.
3. Propriétés
   - 3.1. Compromis avec Mme Manuela Wampach pour l'acquisition d'une emprise dans l'avenue de la Gare à Pétange - décision.
   - 3.2. Compromis avec Mme Marie-Albertine Genevo pour l'acquisition d'une emprise dans l'avenue de la Gare à Pétange - décision.
   - 3.3. Compromis avec la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois pour l'échange d'emprises dans l'avenue de la Gare à Pétange - décision.
   - 3.4. Approbation de l'acte rectificatif avec la société C.V.R.N. Réalisations S.A. pour l'échange de terrains à Rodange, lieu-dit « rue Nicolas Biever » - décision.
4. Affaires sociales
   - 4.1. Convention avec «BDK.LU» pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2016 - décision.
   - 4.2. Convention avec ProActif asbl et l'Association des Musée et Tourisme Ferroviaire (AMTF Train 1900) asbl pour la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail - décision.
   - 4.3. Aide financière pour le projet relatif à la construction d'un pensionnat pour filles à Kéru au Rajasthan (Inde) - décision.
   - 4.4. Aide financière pour le projet relatif au développement de la cardiologie et de la chirurgie cardio-vasculaire au Laos (Asie) - décision.
   - 4.5. Aide financière pour le projet relatif à la réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechua (Pérou) - décision.
   - 4.6. Aide financière pour le projet relatif au financement de la construction de trois forages améliorant l'accès à l'eau potable dans la province de Kossi au Burkina Faso (Afrique) - décision.
   - 4.7. Aide financière pour l'amélioration des conditions de la population dans les villages avoisinants de l'hôpital Saint-Gabriel à Namiteteau au Malawi (Afrique) - décision.
5. Ordre public
   - 5.1. Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune - décision.

5.2. Autorisation pour une action de porte à porte dans la localité de Rodange - décision.

6. Environnement
   6.1. Convention avec l'asbl Valorlux pour la collecte sélective des PMC en vue de leur valorisation - décision.
   6.2. Programme d'action annuel du Sicona pour l'exercice 2016 - décision.

7. Budget rectifié de 2015 et budget pour 2016: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 2.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 2.593.193,59 euros - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei hu mer ënnert aneren eng méi riseg Recette vun der Gewerbesteier, 2.391.000 Euro, dat ass dat 4. Trimester. Mir hunn do awer och nach eng ronn 4 Milliounen Euro ze kréie wa mer dann dee Chiffer solle kréien deen am Rectifié steet an deen awer och scho manner ass wéi dat wat mer am Budget virgesinn haten. Wéi ech scho bei der Budgetsdebatt gesot hat, ass et e bëssen eng Virwëtztut a mir mussen dann ugangs Joer, wa mer am Februar-Mäerz iergendwéi Chiffere virleien hunn, kucke wat mer um Enn zegutt hunn op deem Niveau. Op der anerer Säit gesitt dir, datt mer eng Rei vu Sue kritt hunn vu Remboursementer vum Staat wou mer jonk Chômeuren ustellen, dat si 56.466 Euro, wat eng relativ héich Zomm ass, a weider hu mer och de Remboursement vun der TVA vum September 2015. Am Total sinn et Recettë vun 2.593.193,59 Euro, déi awer och schonn am Budget rectifié verankert sinn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

Convention signée avec le Groupement d'Intérêt Economique (RSCL) régissant l'accès par la voie électronique aux informations du Registre de Commerce des Sociétés - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet ëm eng Modifikatioun vun enger Konventioun déi mer schonn den 19. Oktober 2015 am Gemengerot haten an déi eis erlaabt am „Registre du Commerce et des Sociétés“ eng Rei Recherchen ze maachen, wat zum Beispill noutwendeg ass wa mer Kontrakter oder Konventioune maachen, fir esou ze wëssen, wien an esou Kontrakter oder Konventioune kann ageschriwwe ginn. Nodeems mer déi vum Gemengerot approuvéiert Konventioun ageschéckt haten hu mer se elo zeréck kritt mam Vermierk datt aus technesche Grënn eng Rei Modifikatioune gemaach gi wieren. Deemno proposéiere mir iech elo déi Konventioun an hirer neier Form, mat Ännerungen déi awer net wesentlech mä just technescher Natur sinn.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech hätt dozou just eng Fro „de principe“. Wann d'Gemeng eng Konventioun zum Beispill betreffend d'Gestioun vun enger Buvette mécht mat engem Veräin aus der Gemeng, gëtt an deem Fall gekuckt, ob et eng Asbl ass déi beim RCS enregistréiert ass, wat u sech jo misst de Fall sinn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass, wann eng Konventioun gemaach gëtt, am Fong net ausschlaggebend ob d'Asbl oder de Veräin am Register agedroen ass. Ech géif awer mengen et wier fir all Veräin deen haut nach aktiv ass an deen eng Responsabilitéit hëlt, och am Interesse vu sengem President a senge Memberen, bluttnoutwenneg, datt déi sech do androen. Da sinn se eng „personne juridique“, a wann se eng „personne juridique“ sinn, dann ass net méi deen eenzelnen haftbar deen an deem Comité sëtzt. Dofir géif ech all Associatioun, déi do concernéiert ass an déi a Fro kënnt uroden, datt en se do agedroe sinn. Mir hunn natierlech och ëmmer nach Veräiner déi dat net maachen, mä wann se keng grouss Responsabilitéit hunn ass dat elo kee grousse Problem, mä wann se eppes organiséieren, dann ass et am Interesse vun all Member vun deem Veräin datt se dat maachen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.3.

### Administration générale.

Nomination d'un nouveau délégué (m/f) au conseil d'administration du Foyer de l'Enfance de Rodange-Lamadelaine asbl - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Foyer de l'Enfance Rodange-Lamadelaine, deen sech an de leschten 12 Joer ëm d'Gestioun vun der Villa Bambi bekëmmert huet - eng Crèche déi d'Péitenger Gemeng opgeriicht huet -, kënnt et zu engem interne Wiessel. Den Artikel 10 gesäit vir, datt de Gemengerot soll eng Persoun nennen, déi am Fong de Gemengerot soll vertrieden an der Asbl. Nodeems d'Madame Conter hir Demissioun ginn huet hunn ech meng Kandidatur gestallt fir déi Relève ze huelen.

**Votes secrets:**

**La démission de Mme Raymonde Conter-Klein comme déléguée au conseil d'administration est accordée par 16 voix et 1 abstention.**

**Avec 16 voix et 1 abstention, M. Pierre Mellina est nommé nouveau délégué au conseil d'administration.**

## 3.1.

### Propriétés.

Compromis avec Mme Manuela Wampach pour l'acquisition d'une emprise dans l'avenue de la Gare à Pétange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Kader vum Renovéiere vun der Avenue de la Gare musse mer als Gemeng eng Rei Trottoirsplacken iwwerhuele wat ëmmer eng Saach vu just e puer Centiar ass. Fir datt den Trottoir eis ganz gehéiert, kafe mer esou vun der Madame Manuela Wampach 5 Centiar zum übleche Präis vu 750 Euro den Ar wat deemno 37,50 Euro ausmécht. Hei geet et net ëm déi 37,50 Euro mä et geet drëm fir déi Saach do ze regulariséieren. Wann der domatten averstane sidd, da géife mer eisen Service beoptrage fir deen Akt beim Notaire maachen ze loossen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.2.

### Propriétés.

Compromis avec Mme Marie-Albertine Genevo pour l'acquisition d'une emprise dans l'avenue de la Gare à Pétange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am zweete Fall iwwerhuele mer an der selwechter Strooss vun der Madame Genevo 2 Centiar vum Trottoir an dat zu engem Präis vu 15 Euro.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.3.

### Propriétés.

Compromis avec la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois pour l'échange d'emprises dans l'avenue de la Gare à Pétange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm een Echange wou mir als Gemeng dräi Centiar kréien an der zwee un d'CFL ofginn, a beim Eenheetspräis vu 57 Euro musse mir der Eisebunnsgesellschaft nach 7,50 Euro bezuele fir dat ze regulariséieren. Och hei sinn d'Aktkäschte méi deier wéi de Präis vun der Transaction immobilière.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.4.

### Propriétés.

Acte rectificatif avec la société C.V.R.N. Réalisations S.A. pour l'échange de terrains à Rodange, lieu-dit « rue Nicolas Biever » - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei maache mir een Echange mat engem Promoteur C.V.R.N. Réalisations S.A. deen eng Residenz baut an der Rue Nicolas Biever op der Héicht, wou een an d'Ronnwiss erafiert wou jo och eng Crèche gebaut gëtt. Dat wat mer hei kréien huet eng Valeur vu 555 Euro an dat wat mer cedéieren huet eng Valeur vu 1.312,50 Euro. Dir wësst datt mir deen Akt schonn eng Kéier hei am Gemengerot haten, mä do gouf een «acte rectificatif» gemaach aus deem ervir geet, datt mir ee Soulte vun 757,50 Euro bezuelt kréien.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.1.

### Affaires sociales.

Convention avec «BDK.LU» pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2016 - approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'BDK.LU ass, mengen ech, keng Onbekannten hei an der Gemeng, si hu schonn eng Rei vu Joeren ëmmer während gewësse Vakanze sougenannten Aktivitéite fir eis Kanner organiséiert a si sinn erëm un eis erugetruede fir d'Konventioun ze erneieren. Et ass och eng flott Saach, si maachen hir Saache ganz gutt, an et sinn och ganz vill Kanner déi dohinner ginn esou datt mir mat hinne kënne weiderfueren. Mir hunn zwar och scho ganz vill Kanner déi bei eis an der Maison Relais ageschriwwe sinn, och ëmmer méi während de Vakanzen natierlech, mä et sinn awer och ëmmer méi Leit déi hir Kanner während de Vakanzen heifir aschreiwe well et jo awer e bëssen aner Aktivitéite sinn ewéi mir se an der Maison Relais maachen. Mir bleiwen och bei deem Tarif wéi et war: Kanner aus eiser Gemeng, also sougenannte Residenten, déi bezuele 60 Euro, an déi Kanner déi net aus eiser Gemeng sinn an déi awer och gär un deenen Aktivitéiten deelhuelen déi organiséiert gi fir déi Kanner vun 3 bis 15 Joer, déi bezuelen dann 80 Euro.

Mir stellen normalerweis ëmmer eise Sportsterrain oder eis Sportshal zur Verfügung. Wann dir domadder aversta sidd, da géife mer déi Konventioun nees eng Kéier ee Joer lafe loossen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hunn zwou Froen dozou.

1. Leien eis Chiffere vir wéivill Kanner dohinner ginn?

2. Leeft dat parallel zur Maison Relais oder ginn och Kanner aus der Maison Relais dohinner?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi Kanner, déi an der Maison Relais sinn, déi kënnen natierlech och dohinner goe wann d'Elteren se umellen a wann do Aktivitéite sinn déi se intresséieren, mä do mussen se dann awer bezuele wéi déi aner och, well mir sinn als Maison Relais jo net do involvéiert.

Chiffere leien och vir, an dat am zoustännegen Service. Dat variéiert natierlech zimlech staark well et hänkt ëmmer dovunner of. Esou hu mer an der Päischtvakanz ëmmer déi meescht mat esou 40 bis 60 Kanner, d'Fuesvakanz manner, an d'grouss Vakanz do schléisse mer ëmmer während der Vakanzaktioun aus well mer jo do fir d'Kanner aus der ganzer Gemeng Aktivitéiten ubidden. Déi eenzeg Zäit, wou et der net esou vill sinn, dat ass am September, an do hu mer hinnen och gesot, si sollten am Fall wou net genuch Kanner do wieren déi Tranche da fale loossen. Well awer och déi Zäit nees ugefrot gouf schéint et sech jo awer nach ze rentéieren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.2.

### Affaires sociales.

Convention avec ProActif asbl et l'Association des Musée et Tourisme Ferroviaire (AMTF Train 1900) asbl pour la

réinsertion de chômeurs sur le marché du travail - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et drëm fir engersäits Leit déi no Aarbecht sichen an den Aarbechtsmarché ze relancéieren an op der anerer Säit awer och eng Méiglechkeet ze schafen, fir eng Rei Maintenance- a Renovatiounsaarbechten um Fuerpark vun der AMTF kënnen ze maachen. Net méi spéit wéi Mëtt des Joer konnte mer eis een neie Waggon ukucken deen elo tipptopp während zwee Joer renovéiert gouf vun där Ekipp, an dofir och nach eng Kéier vun eiser Säit aus Felicitatioun fir déi Aarbecht déi do gemaach gouf. Ech mengen de Fond-de-Gras an d'AMTF liewe vun dësen Aarbechten, eng ganz Rei Zich a Waggone ginn do renovéiert, an op der anerer Säit maachen se awer och laanscht d'Gleiser Botzaarbechten déi noutwenneg si fir datt am Fréijor den Zuch nees ka fueren, wat awer och ëmmer ënnert der Surveillance vun eisem Fierschter geschitt.

All déi Aarbechte kaschten natierlech Geld well do gi Leit beschäftegt, an déi Konventioun déi mer och dëst Joer nees ënnerschriwwen hunn beleeft sech op 209.708,30 Euro hors TVA wat dee selwechte Betrag ass wéi d'lescht Joer. D'Stonne ginn e bëssen erof, well de Käschtepunkt pro Stonn erop geet, och duerch déi Indextranche déi d'nächst Joer wäert erfalen. Aus der Oplëschtung an der Konventioun geet ervir wéi vill wäertvoll Aarbecht do vun der Ekipp vu ProActif um Site vum Fond-de-Gras an der AMTF gemaach gëtt am Interesse vun der Revalorisatioun vun ale Schinnen oder Zuchmaterial.

Deemno géif ech proposéieren och dës Konventioun wéi déi lescht 15 Joer mat ze ënnerschreiwen, fir déi wäertvoll Aarbecht am Intressi vum Tourismus an eiser Géigend kënne weider ze féieren.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Do misst vläicht just an der Deliberatioun geännert ginn, datt den Effet vun der Konventioun den 1. Januar 2016 ass an net 2015.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass ganz richteg, an ech hunn dem Service och scho virdru gesot, datt dat misst geännert ginn, an der Konventioun selwer steet awer déi richteg „date d'effet".

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech wëll drun erënneren, datt bei der Aweiung vun deem Waggon „première classe", deen de Buergermeeschter jo schonn ugeschwat huet, déi Leit déi do dru geschafft hunn richteg stolz op hir Aarbecht waren. Ech fannen och dat ganz wichteg, well et ginn aner Strukture wou d'Leit net esou stolz sinn a wou se näischt esou Propperes kënne presentéieren ewéi se dat deemools konnte maachen, an dofir sollt een dee Projet hei wierklech ënnerstëtzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech si frou, datt Dir dach och esou gesitt. Et ass eng ganz flott Initiativ och wann se heiansdo Problemer mat sech bréngt, well et net ëmmer einfach ass déi néideg Leit op dee Site ze kréien, wat mer och ëmmer vu ProAktif héieren. Jiddefalls ginn hei zwou Mécke mat engem Schlag geschloen, andeems engersäits Leit eng Aarbechts-perspektiv kréien, déi hinnen och d'Méiglechkeet gëtt, vläicht hannenno um éischte Marché erëm Fouss ze faassen, an op der anerer Säit awer och eppes ganz Valabeles a ganz Wichteges ze maache fir den Tourismus an eiser Géigend. Och de Roland Breyer hei nieft mir ass frou fir alles wat do realiséiert gëtt.

**Polfer John (CSV):**

Et ass schonn eng gutt Saach, datt Chômeuren do agestallt ginn, mä do gi jo awer och Leit gebraucht déi eppes dovunner kenne fir esou Voituren ze restauréieren. Fanne mer dann och genuch Leit déi e bëssen am Handwierk bewandert si fir esou Restauratiounen ze maachen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass net evident an et ass just dat wat ech virdrun ugedeit hunn a wat ech och ëmmer vu Proaktif gesot kréien. Mir hu Chance e puer Fachleit ze hunn déi déi Aarbechte leeden an déi och richteg mam Häerz dobäi waren. Ech nennen als Beispill de Fernand Schimberg, de Jumbo, wat ee vun deene Paradebeispiller war déi fir de Projet gelieft hunn, an déi awer och hiren Enthusiasmus un déi Leit déi do schaffe mat viru ginn hunn. Villes steet nun emol a fält mat deem Chef d'équipe deen do d'Soen huet, a bis elo hate mer nach ëmmer Chance do déi richteg Leit un der Spëtzt gehat ze hunn. Mir hoffen natierlech, datt dat och an Zukunft nach de Fall ass, och wann ech elo héieren hunn, datt ee vun deenen d'nächst Joer a Pensioun soll goen. Ech sinn awer gudder Déng datt mer och do nees eng richteg Relève kréien, well jo och déi Ekipp déi bei ProActif un der Spëtzt sëtzt voller Engagement ass, grad wéi déi Leit vun der AMTF déi elo schonn zum Deel eng 40 Joer am Benevolat vum Train 1900 stinn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.3.

### Affaires sociales.

Aide financière de 10.000 euros au profit de l'asbl «PADEM» pour le projet relatif à la construction d'un pensionnat pour filles à Kéru au Rajasthan (Inde) - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am Kader vum Klimabündnis Lëtzebuerg, wou de Gemengerot vu Péiteng sech am Abrëll 1996 iwwert eng Konventioun engagéiert huet fir d'Vëlker an der Drëtter Welt ze ënnerstëtzen, hu mer all Joer 30.000 Euro am Budget virgesinn. Do kommen och all Joer relativ vill Demanden eran, an do hu mer ee Choix gemaach, deen op fënnef verschidden Associatiounen zeréckgefall ass.

Dat éischt ass eng finanziell Hëllef fir ee Projet vum Bau vun engem Pensionat an Indien wou jonk Meedercher kënnen ënnerdaach kommen a scolariséiert ginn. Domadder gëtt och evitéiert datt se sech mussen am Alter vun 12 bis 13 Joer bestueden, esou wéi dat do hannen an sech Moud ass. Dofir wëlle mer hei der PADEM, déi dee Projet ënnerstëtzen, 10.000 Euro zoukomme loossen, a mir wiere frou, wann och de Gemengerot deem géif zoustëmmen.

**Thein Joe (adr):**

Ech wäert bei de Punkte 4.3 bis 4.7 mat Nee stëmmen. D'Erklärung ass een integréierten Deel vu menger Budgetsried, esou datt ech dovunner profitéieren zu engem spéideren Zäitpunkt op meng Positioun zeréckzekommen an déi dann deementspriechend ze erklären.

**Accord par 16 voix «oui» et 1 voix «non» (adr).**

## 4.4.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000 euros au profit de l'asbl «Aide au Développement de la Santé» pour le projet relatif au

développement de la cardiologie et de la chirurgie cardio-vasculaire au Laos (Asie) - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Am selwechte Kader hu mer och eng Demande erakritt vun „Aide au Développement de la Santé“ fir „Laos Luxembourg du Chœur“ ze ënnerstëtzen. Verschidden Doktere maachen do chirurgesch Agrëff a viséieren do eng chirurgesch Autonomie, wat mir mat 5.000 Euro ënnerstëtze wëllen. Eng 1.550 Leit konnten an de leschte 15 Joer mat Hëllef vun Ënnerstëtzung aus Lëtzebuerg esou operéiert ginn. Dofir géif ech och hei ëm d’Averständnes vum Gemengerot bieden.

**Accord par 16 voix «oui» et 1 voix «non» (adr).**

## 4.5.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000 euros au profit de l’asbl «Action Solidarité Tiers Monde» pour le projet relatif à la réduction de la mortalité infantile dans la communauté andine à Quechua (Pérou) - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng Demande vun ADECAP, déi ee Projet am Peru ënnerstëtze fir d’Communautéit an den Anden an der Géigend vu Quechua, wou eng relativ héich Kannerstierflech-keet ass. Hei sollen adaptéiert Mëttelen hëllefe wat d’Gesondheet, d’Hygiène an d’Ernährung ugeet. Eng 250 Famillje sinn hei cibléiert fir gehollef ze kréien, an och hei biede mir ëm d’Zoustëmmung vum Gemengerot fir déi 5.000 Euro.

**Accord par 16 voix «oui» et 1 voix «non» (adr).**

## 4.6.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000 euros au profit de l’asbl «Chrëschte mam Sahel» pour le projet relatif au financement de la construction de trois forages améliorant l’accès à l’eau potable dans la province de Kossi au Burkina Faso (Afrique) - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Als nächst wëlle mer de Bau vu Buerunge fir Drénkwaasser am Burkina Faso an der Provënz Kossi ënnerstëtzen. Haaptsächlech viséiert sinn do d’Uertschaften Zékuy, Sikoro an Ténou wou eng 4.000 Awunner doduerch proppert Drénkwaasser kéinte gebrauchen. Hei hu mer 5.000 Euro virgesinn, d’Zoustëmmung vum Gemengerot virausgesat.

**Accord par 16 voix «oui» et 1 voix «non» (adr).**

## 4.7.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000 euros au profit de l’asbl «Eng oppen Hand fir Malawi» pour l’amélioration des conditions de la population dans les villages avoisinants de l’hôpital Saint-Gabriel à Namiteteau au Malawi (Afrique) - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Als lescht wëlle mer dann d’Leit aus der Géigend vu Saint-Gabriel am Malawi ënnerstëtzen. Och do soll gekuckt gi fir datt d’Leit besser Konditioune kréien fir proppert Drénkwaasser kréien. Weider sollen se geléiert gi fir hire Buedem selwer ze kultivéieren, fir ze bitzen a fir sech gesond ze ernähren, andeems se och eng propper Hygiène hunn an op eegene Féiss kënnen iwwerliewen.

Hei wëlle mer 5.000 Euro zur Verfügung stellen, wann de Gemengerot domadder averstan ass.

**Accord par 16 voix «oui» et 1 voix «non» (adr).**

## 5.1.

### Ordre public.

Autorisation pour une action de vente de porte à porte dans la Commune (KaGePe) - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De KaGePe freet fir am Interesse vun der Kavalkad vum 1. Januar un hiert Maskottchen däerfen ze verkafen an esou eng Recetten ze kréie fir déi Organisatioun ze finanzéiere fir déi jo keen Entrée gefrot gëtt. Ass de Gemengerot och dëst Joer averstan dat positiv ze aviséieren?

**Becker Romain (déi gréng):**

Nodeems ech d’lescht Joer drop higewisen hat, datt vill Leit en Autocollant betreffend Colportage op der Dir pechen hunn, begréissen ech et, datt elo een Artikel bäigesat gouf dee seet, datt d’Quêteuren déi Autocollanten och solle respektéieren.

**Accord à l’unanimité.**

## 5.2.

### Ordre public.

Autorisation pour une action de porte à porte dans la localité de Rodange (Amicale Nidderréidéng Rodange) - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei freet d’Amicale Nidderréidéng, déi wéi all Joer de 14. Februar 2016 ee ganz flott Buergbrenne mat Freedefeier organiséiert fir d’Fréijoer ze begréissen, d’Autorisatioun fir ee Porte à Porte vum 11. Januar bis den 11. Februar däerfen ze maachen. Och hei géif ech iech proposéieren dat nees ze autoriséieren.

**Accord à l’unanimité.**

## 6.1.

### Environnement.

Convention avec l’asbl Valorlux pour la collecte sélective des PMC en vue de leur valorisation - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

De 25. November 2015 hu mer eng Konventioun mat Valorlux ënnerschriwwen déi di al Konventioun vum 13. Juni 2007 ersat huet. Hei ginn et un sech net vill Ännerungen. Well et bis elo relativ opwänneg war fir d’Gemengeservicer a fir Valorlux, sinn déi zwou Parteien zur Konklusioun komm, datt een dat eng Kéier soll iwwerkucken an datt elo net méi déi eenzel Relevéen esou mussen ausgefëllt gi wéi dat virdru war an datt mer déi Saachen einfach op den Tonnage verrechent kréien. Wa mer do dann awer Bilanz zéien, da komme mer och wat dat Finanziellt ugeet net méi schlecht ewech, dat gläicht sech aus. Mir kréien deemno 180 Euro pro Tonn. Déi Konventioun

soll vum 1. Januar bis den 31. Dezember 2016 gëllen a si ass „tacitement reconductible“ vu Joer zu Joer, ausser si gëtt gekënnegt. Och Valorlux ka se kënnegen am Fall wou si keen Agreement méi hätt deen den Ament bis den 31. Januar 2018 leeft. A wichteg ze ernimme bleift datt d’Gemeng déi blo Tute fir d’Valorlux nach ëmmer wäert verdeelen an datt se och kuckt fir déi Saachen um Kalenner festzehalen. Dofir géif ech hei ëm är Zoustëmmung bieden.

**Patrick Arendt (CSV):**

Am Dossier war ze liesen datt 2006 79 Tonne PMC-Material am Recyclingcenter zu Rodange gesammelt goufen. Säit dem 1. Januar 2008 leeft de System vun de bloen Tute bei eis, wat een nëmme begréisse kann. Meng Fro ass ob et hei eng Hausse gëtt an de leschte Joere wat d’PMC-Material ubelaangt wat zeréck an d’Economie fléisst, natierlech prorata zum Bevëlkerungswuesstem?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et gëtt eng Hausse doduerch well, wéi Dir elo selwer gesot hutt, d’Bevëlkerung zouhëlt. Um Recyclingscenter huet et un sech net esou ee groussen Impakt, awer do hu mer ganz genau Statistiken an eisem Service Environnement virleien, wou Dir gär Asiicht kënnt kréien. Ech mengen, déi Saach huet sech an deene leschte Joeren effektiv zum Positiven entwéckelt zënter datt mir de Leit déi blo Tuten zur Verfügung stellen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hu just eng Fro zum Verdeele vun de bloen Tuten. Esou vill wéi ech matkritt hunn, hat et dëst Joer net ganz gutt geklappt mam System mat deene véier Bonge fir ee Joer. Am Ufank vum Joer sinn d’Leit an d’Gemeng komm fir déi véier Rouleauen ze kréien, hannenno war et problematesch fir der nach ze kréien, besonnesch Enn des Joers. Ass do een anere System fir d’nächst Joer virgesinn, oder gi mer do eens datt d’Leit awer hir Tute kréien? Dir hat mir zwar schonn eng Kéier am Virfeld gesot datt der de Problem géift léisen, mä et wier jiddefalls net schlecht, wa mer do ee richtege System hätten, fir datt all Mënsch Tute géif kréien.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt Recht wann Dir dat do uschwätzt. Mir haten et effektiv gutt gemengt wéi mer gesot hunn fir de Leit véier mol blo Tuten ze ginn, woumatter mir regele wollten datt se der manner solle siche kommen. Do sinn der awer direkt ugangs Joer gerannt komm fir déi véier matenee ze kréien, anerer wollten se siche komme wéi si se gebraucht hunn. Mëtt Joer hu mer awer festgestallt datt mer scho méi Tuten erausginn hate wéi dat ganzt Joer virdrun, an do huet Valorlux eis de béise Fanger gemaach, esou datt mer elo dozou iwwergaang sinn, fir nach just zwee Bongen erauszeginn, wat fir all Stot 78 Tute wieren. Wann dat engem net sollt duer goen, da kann een sech ëmmer nach am Service Ecologie mellen, a bei zum Beispill engem méi grousse Stot ass dann och kee Problem fir nach zousätzlech Tuten ze kréien. Mir wëlle mat dësem System awer verhënneren datt weiderhi vill Abuse mat deene bloen Tute gemaach ginn.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech hätt eng Fro zum Artikel 9.2 wat d’Dauer vun der Konventioun ugeet a wou et heescht datt, wann d’Käschte vun der „élimination ou valorisation des résidus de tri“ iwwer 55.000 Euro hors TVA sinn, d’Konventioun resiliéiert wier. Wat heescht dat genau?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat war mir och opgefall, awer ech wousst och net richteg ëm wat fir eng Käschten et sech do handelt, esou datt ech am Service hu mussen nofroen. Déi Klausel vun de 55.000 Euro steet an der Konventioun fir de Fall wou de Chiffer u Recettë fir d’Gemeng iwwer 55.000 géif klammen. An deem Fall misst d’Konventioun dann nei verhandelt ginn.

**Accord à l’unanimité.**

## 6.2.

### Environnement.

Programme d’action annuel du Sicona pour l’exercice 2016 - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wéi déi Joere virdrun huet d‘SICONA eis ee Plang zougestallt fir d’Hecken ze schneide respektiv d’Beem an der Rei ze halen an deen sech am Ganzen op 80.968,48 Euro chiffréiert wouvunner d’Gemeng 42.000 Euro soll bäisteiere fir déi Aarbechten déi si fir eis maachen.

**Accord à l’unanimité.**

## 7.

### Budget rectifié de 2015 et budget pour 2016.

Discussions et appréciations des conseillers communaux et réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Ganze sinn 12 Leit ageschriwwe fir zum Budget Stellung ze huelen, a fir et e bëssen opzelackeren, géif ech proposéieren datt mer ofwiesselnd Majoritéit an Oppositioun wëllen zu Wuert komme loossen.

Virdru wëll ech awer nach eppes proposéieren, nodeems den Här Becker mech dorunner erënnert huet. Mir waren eis jo un sech eens ginn, fir och deene Leit déi den Asylanten- oder Flüchtlingsstatut hunn d’Méiglechkeet ze ginn, fir vun eisen Infrastrukturen ze profitéieren. Op der anerer Säit ass et awer onméiglech eist Taxereglement an deem Sënn ze änneren. Dofir géif ech proposéieren – mä jidderee kann awer maache wéi e wëll – datt all Conseiller 20 Euro soll an eng Keess geheien, an da kënnen déi Leit mat deem Geld dann hiren Entrée bezuele wa se zum Beispill an d’Schwämm ginn. Et ass awer jidderengem fräigestallt ob e eppes an och wéi vill en an déi Keess geheit.

**Polfer John (CSV):**

Ech wëll hei kuerz dat erëm gi wat d’Finanzkommissioun an hirer Sëtzung diskutéiert huet.

Wa mer de Budget 2016 kucken, da stelle mer fest, datt de Schäfferot eng gutt Finanzpolitik mécht. Mir wëssen, datt am ordinäre Budget Recetten an Ausgaben am Gréff gehale musse ginn, well hei zielt den Iwwerschoss fir Projeten ze finanzéieren. Do sinn d’Ausgabe fir d‘Gehälter vun eise Beamten an Aarbechter mat 53 Prozent dee gréissten Deel. De Rescht ass fir d’Gestioun vun de Betriber an der Gemeng, Syndikater wéi den TICE, Minettkompost, Syvicol asw.. Och eis Kulturzentren, eis Schwämmen a Musekschoul kaschte vill Suen, fir nëmmen déi ze nennen.

Am Extraordinäre sinn Ausgabe vu 26.768.358 Euro virgesinn, esou vill wéi nach ni. Ech froe mech awer ob déi Suen all an engem Joer verschafft ginn. Eis Servicer misste vill Iwwerstonne maachen. Et läit awer net nëmmen un hinnen, mä meeschtens un den administrative Schwieregkeeten déi d’Gemenge gemaach kréie vun de Ministèren. Wann et net

Fliedermais sinn da sinn et Hämelmais, vläicht och nach Kelten, oder et feele 5 Meter bei enger grénger Zon.

Nujee, och wa mer d'Enn vum Tunnel am „Grand-Bis“ gesinn, esou froen ech mech a wat fir engem Joer mer aus dem Tunnel eraus kommen.

Déi nei Musekschoul géife mer gär op dem Site vum alen LTMA bauen, fir den Ament kënnte mer do eng oppe Schwämm maachen. Een Dauerbrenner ass och de Gemengenatelier. Hei gi mer net fäerdeg mat opgezwongenen Etudë, well op dëser Plaz emol de Péitenger Dreckstipp war. Wie schwätzt dann haut nach vum Rodanger Tipp wou mer elo ee Futtballsterrain drop hunn, oder Sportsterrainen am Stater Dreckstipp, besser bekannt als Terrain Boy Kohnen zu Zéisseng? Gott sei Dank ass viru kuerzem deen éischte Spuedestéch an Atzéngen gemaach ginn, an ech hoffen datt de soziale Wunnengsbau do viru geet.

All déi Projete gi finanzéiert ouni Sue léinen ze goen, eis Gemengeschold geet nach eemol ëm zwou Milliounen erof an d'Pro-Kapp-Verschëldung läit bei 716 Euro wa mer mat 17.600 Awunner rechnen.

Ech hunn hei nëmmen dat ernimmt wat an d'Ae stécht, net well dat anert net wichteg wier, mä well ech fäerten datt ech vum villen op den Detail ze stierksen dat Ganzt net méi gesinn.

Alles an allem ee gudde Budget 2016 dee wéi all Joer dem Buergermeeschter besonnesch an dem Schäfferot dee leschten Nerv kascht an dee fir hir Mataarbechter vill Aarbecht bedeit.

D'Finanzkommissioun huet dëse Budget positiv bewäert.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass schonn emol wichteg ze héieren datt d'Finanz-kommissioun keng gréisser Problemer mam rektifizéierte Budget 2015 a mam Budget fir 2016 huet.

Wéi Dir ganz richteg ënnerstrach hutt ass et och fir mech wichteg datt den éischte Spuedestéch an Atzéngen stattfonnt huet, ee Projet deen eis alleguer, dat heescht dem Gemengerot awer besonnesch och de Majoritéitsparteien, um Häerz louch, fir do Wunnengsbau an dat och zu akzeptabele Präisser fir eis jonk Familljen ze realiséieren. Mir hunn am Februar 2013 ugefaang Verhandlungen ze féiere fir Terrainen ze kafen, duerno waren et punktuell Ännerunge vum PAG, de PAP, d'Akten a Compromisen an eng helle Wull Etüden – Dir hutt ganz richteg op d'Fliedermais an archeologesch Reschter vu Kelten a Réimer higewisen – fir um Enn all Oplagen zur vollsten Zefriddenheet gemaach ze hunn. Bleiwen elo nach d'Kompensatiounsmoossnamen nom Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, an dann hu mer alles gemaach wat noutwendeg ass fir do Wunnengsraum ze schafen. Mir hoffen datt 2017 mam Bau vun den éischten Haiser kann ugefaang ginn, a wann dat esou ass dann hu mer an enger Rekordzäit een neit Lotissement am Zentrum vun eisem Duerf zu Rolleng geschaf.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Virop mäi Merci dem Schäfferot an alle Mataarbechter déi un dësem Budget geschafft hunn fir all déi wäertvoll Aarbecht. Ech war net an der Finanzkommissioun wéi do iwwert de Budget diskutéiert ginn ass, mä et ass awer och gesot ginn, datt et schued ass, datt een nëmmen dräi Deeg Zäit hätt fir ee ganze Batz rektifizéierte Budget a Budget 2016 ze kucken. Dofir wier et begréissenswäert, wann een d'nächst Joer e bësse méi Sputt hätt, dann hu mer vläicht och konstruktiv Commentairen déi vläicht e bësse méi an d'Déift ginn.

Et ass dëst scho mäi fënnefte Budget deen ech hei matbestëmmen a mat stëmmen, a wéi dat ze erwaarden ass, ass dat e Budget vun der Kontinuitéit.

Kontinuitéit wat d'Investissementer ubelaangt, Kontinuitéit wat eis Engagementer a punkto „Plan pluriannuel de financement“ ugeet an och Kontinuitéit wat d'Zeréckgoe vun der Gemenge-schold an dem héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget ugeet.

Déi Planungssécherheet, déi mer hei an der Gemeng hunn ass ganz kloer en Atout fir eis Bierger a virun allem och fir eis Politiker, well et erméiglecht e wéineg Sputt ze hunn fir mol aussergewéinlech Projeten ze plangen oder och iergendwellech Noutfäll entgéint ze kommen.

A wa mer scho vu Feier läsche schwätze wëll ech och hei nees betounen datt d'Einname vun der TVA fir de „fonds pour la réforme des services de secours“, nieft der wonnerbarer Aarbecht vun eisem benevole Pompjeescorps, e wichtege Schratt si fir d'Wuel vum Bierger. A wéi den Numm et seet ass e Fong net gläichzestelle mat engem Projet deen direkt ëmgesat gëtt, mä et brauch Zäit. Et ass deemno normal datt um Terrain nach näischt geschitt ass, an ech denken, Här Buergermeeschter, Dir wësst wat et heescht gedëlleg ze si fir verschidde Projeten zum Räifen ze bréngen.

Erlaabt mer elo op e puer Eckpunkte vum Budget anzegoen.

A punkto Economie a wirtschaftlech Entwécklung vun eiser Gemeng mat virop dem Grand-Bis an der Zone industrielle PED widderhuelen ech dat wat ech schonn d'lescht Joer gesot hunn: Et gëtt gerechent datt Betriber sech ab nächst Joer respektiv 2017 kënnen néierloossen. Et war d'lescht Joer rieds vu 500 bis 1.000 Aarbechtsplazen, wat u sech immens positiv ass. Dat bréngt natierlech och eng nei Geschäftsdynamik fir eis Uertschaften, mä hu mir do e Masterplang oder eng konkret Strategie wéi dat ausgesi soll? Ech denken do zum Beispill un aner Gemengen déi sech ganz kloer Ziler ginn hunn wat se vu Betriber oder Aktivitéiten an der Gemeng wëlle förderen an ënnerstëtzen an inwiefern dat Konzept harmonesch an déi Infrastrukturen afléisst déi et elo scho ginn.

Här Breyer, Dir hutt vun 3 Betriber aus der Logistikbranche geschwat wat de PED ugeet. Inwiefern si mir wat eise Stroosseverkéier ugeet dorop virbereet, respektiv wéi eng méiglech Partner mussen do ronderëm den Dësch sëtzen? An do wëll ech och betoune wéi wichteg et ass mat den Nopeschgemengen doriwwer ze schwätzen. Mir hunn en Interreg-Projet mat eise belsche Kollegen am Beräich „mobilité douce“ virgesinn, mä wéi gesäit et aus mat der „mobilité dure“, wann een dat esou soe kann?

Et ass dëst e kruziale Punkt wa mer net an e puer Joer wëlle mam Virworf liewen datt mir Politiker näischt antizipéiert hunn, an et ass heiansdo, muss ech éierlech soen, frustrant ze gesinn datt esou Gespréicher vill ze laang op sech waarde loossen, obwuel jiddereen sech eens ass datt et noutwendeg ass. De P+R vu Rodange ass jo mëttlerweil gestëmmt ginn, wat u sech schonn en immense Projet ass, mä dat eleng geet wahrscheinlech net duer, an dofir wollt ech de Schäfferot froe wou mer do stinn?

Ech ginn och ze bedenken datt de ProSud sech vill mat der regionaler Entwécklung vum Süde beschäftegt. Mir haten nach de leschte Mount eis Zukunftswerkstatt wou mer eis Richtlinne fir d'Entwécklung vum Süde fir d'Joer 2030 ginn, an et ass fir eis kloer gewiescht datt d'zones industrielles am Süden net onendlech kënne wuessen, mä datt mer ganz kloer vun eise Ressourcen déi mer hunn, de zones industrielles, économiques et artisanales, solle profitéieren am Aklang mat enger iwwerduechter Mobilitéitspolitik, an am Beschten eng déi zesummen ausgeschafft gëtt.

Ech géing och gär hei proposéieren datt mer eis méi intensiv Gedanken iwwert eis economesch Entwécklung an eiser Gemeng an der Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemenge maachen, zum Beispill duerch d'Schafe vun engem Groupe Ad-hoc wou och Conseillere vun der Majoritéit an der Oppositioun sech kënnen aktiv mat abréngen. Mir hunn eppes wéi de Comité permanent des entrepreneurs de la commune de Pétange, wat ganz positiv ass, mä ech denken datt mer och missten do mat e puer Responsabiliéitsdroer wéi Conseillere féllen. An och wann ech dru gleewen datt den Dialog mat den Nopeschgemenge leeft, géing ech et schued fannen datt mer net méi Méiglechkeete siche fir e méiglechst breeden Dialog an Aktiounsplang ze fannen.

A punkto Logement ass de Projet Atzéngen ze begréissen. D'Modalitéite vun der Prozedur fir d'Attributioun vun den Terrainen si scho gestëmmt ginn an de Gemengerot huet och do eng weider Pflicht fir d'Ziler déi mer eis gesat hunn och ze erreechen. Wat d'„Agence régionale immobilière sociale" ubelaangt wollt ech froen ob dat regionaalt sech just op de Kordall bezitt, oder ob dat méi breet gefächert ass. A wéi scho virun e puer Joer beschwat wollt ech wëssen, wou mer dru si mat dem Relevé vun eisen eidele Wunnengen an der Gemeng. Dat war d'Viraussetzung fir kënnen Proprietairen ze encouragéieren hir eidel Wunnengen ze occupéieren, respektiv Taxen ze bezuele wa se Wunnunitéiten net wëlle verlounen oder verkafen. Verschidde Gemenge sinn op de Wee vu Reglementer gaang déi se net ëmmer kënnen ëmsetzen, mä wéi gesäit et bei eis aus?

Uschléissend a punkto Relations publiques an Integratioun wëll ech och soen, datt ech frou sinn, datt e Sondage iwwert d'Qualitéit an d'Erwaardung vun eiser Populatioun gemaach gëtt wat d'Informatioun an der Gemeng ugeet; dëst well d'Feststellung datt vill vun eise Bierger d'Kommunikatioune vun der Gemeng net méi liesen oder kucken e Mëttel ass fir d'Zesummeliewen ze verbesseren. Ech huelen un datt d'Resultat dem Gemengerot virgestallt gëtt?

An dem horizontalen Denke wëll d'Integratiounskommissioun eng Feier respektiv eng Ausstellung maache wou Leit, déi an eis Gemeng agewandert sinn, hire Bléck iwwert eis Gemeng an hir Geschicht erzielen. Mir sinn do och besonnesch frou, datt mer op d'Ënnerstëtzung vun de Geschichtsfrënn ziele kënnen an och zum kulturellen a geschichtleche Räichtum vum zukünftegem Rouden Haus bäidroe kënnen.

Als zousätzlech Informatioun betreffend Flüchtlingen: ech kann domatter liewen datt de Gemengerot eng kleng Keess mécht fir de Flüchtlingen d'Méiglechkeet ze ginn, Sport auszeüben oder an eis Schwämm ze goen, mä ech mengen et sinn der jo net esou vill an et gëtt net nëmme Schwammen, mä och aner Sportaarten, an eis Kommissioun hat do nach dem Schäfferot eng Rei Propose gemaach déi jo wahrscheinlech wäerte gekuckt ginn. Et si just 15 Leit, a 15 Nimm sinn och séier opgeschriwwen, da kann een och vläicht opdeele goen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

De Schäfferot huet de Budget de 4. Dezember mueres arrêtéiert, deemno wéi üblech zwee Weekender virun dëser Sëtzung, an duerno huet all Conseiller dat Dokument direkt zougestallt kritt. Wann elo d'Finanzkommissioun net genuch Zäit soll gehat hunn, da misst een an Zukunft kucke fir déi Kommissiounssëtzung vläicht e bësse méi spéit unzesetzen.

Wat elo de Fonds pour la réforme des services de secours ubelaangt, esou deelen ech Är Meenung absolut net, well ech der Meenung sinn, datt et nach gutt Zäit gewiescht wier fir do unzefänke vu Säite vun de Gemengen ze finanzéiere wann dat emol géif ulafen. Dat ka ganz gutt nach eng fënnef Joer daueren, a wa mer all Joer 30 Millriounen doranner stiechen, da muss een sech emol virstelle wéi vill Milliounen an deem Fong sinn, d'autant plus wou dat jo zu 50/50 misst gemaach ginn esou wéi de Ministère dat behaapt huet. Wann d'Gemengen deemno schonn eng 62 Millioune bezuelt hunn, da misste jo Enn vum nächste Joer schonn 124 Milliounen dra sinn, a wa mer dat nach zwee Joer maachen dann hu mer schonn 250 Milliounen dran ouni datt een um Terrain eppes gesäit. Generell sinn ech souwisou der Meenung, an dat hunn ech och am SYVICOL gesot, datt amplaz mer eis elo Gedanke maachen iwwer de Kapp vun där Reform do, een établissement public mat Kaperolen an Direkteren, sollt emol um Terrain eppes gemaach ginn, fir datt d'Leit do gesinn datt ee Changement stattfënnt, éier een ufänkt ee grousse Waasserkapp do ze organiséieren. Den Ament leeft et just ëmgedréit an deem hei Dossier, an ech sinn der Meenung datt 124 Millioune bis Enn 2016, ouni datt iergend eppes um Terrain geschitt, ganz vill Sue sinn, an och wann ee Gedold huet esou sinn zwou Millioune fir eng Gemeng Péiteng ze vill Sue fir dat wat hannen eraus kënnt. Fir mech ass et einfach ze fréi wou mer als Gemeng do zur Keess gebiede ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat déi ekonomesch a wirtschaftlech Entwécklung ubelaangt, esou huet de SIKOR jo iwwert de Ministère d'Roll vum Intermediaire kritt. Déi zwou Zonen hei an der Gemeng, Grand-Bis a PED, si jo den Ament nach national Industriezonen, respektiv PED-Industriezone mat bestëmmten a ganz klore Critèren. Am PED war et jo esou datt nëmmen innovativ Betriber hunn däerfen dohinner kommen déi néierens anescht an deene 4 Länner waren. Do muss also ee Changement geschéien, eng nei Affectatioun, an dat kann dem Ministère no nëmme geschéien iwwert ee regionale Syndikat wéi de SIKOR en nun eemol ass. Wuel wäert d'Gemeng de Maître d'Ouvrage um Terrain sinn, mä de SIKOR kritt déi Koordinatiounsmissioun iwwert eng Konventioun, een Droit de superficie, deen ugangs Joer soll ënnerschriwwe ginn. Ënnert deem Droit de superficie setzt de Ministère ganz kloer Critère fest wat fir Betriber hien denkt dohinner ze kréien an déi dann och am Aklang si mat deenen nationalen erëm eng Kéier, a wou och deem Rechnung gedroe muss gi wat am Buedem läit. Esou hu mir verseuchten Terrainen do déi nëmme kënne benotzt gi wa se uewe versigelt ginn, an an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur an och am PAP kloergestallt muss ginn, wat fir Betriber wouhinner däerfe kommen. Ënnert dem PED ginn et dräi Emplacementer déi kuerzfristeg besat kéinte ginn, wann do relativ vill versigelt gëtt an d'Grondwaasser duerch ee Sarkophage ronderëm geschützt a kontrolléiert gëtt. A Fro kommen hei Betriber déi vill Fläch fir Stockage brauchen, wéi zum Beispill Logistikbetriber, an där sinn der elo dräi an der Selektioun. Déi wäerten och hiren Afloss op dee ganzen Traffik am PED hunn, mä net deementspriechend, well se zu verschiddenen Zäite fueren, mueres fréi oder nuets. Hei gëtt mat 200 déck Gefierer gerechent, déi do am Dag géife bäikommen, wat bei am Moment 8.000 am Vergläich minimal wier. Déi lescht Entscheedunge sinn hei awer nach net geholl.

Wat d'Aktivitéiten um Grand-Bis ubelaangt, do däerfe mir matschwätzen an do gouf jo och iwwert de PAP festgehal wat fir Betriber dohinner däerfe kommen, wéi zum Beispill och Ausstellungsraim oder Restauratiounsbetriber, also net nëmmen Industrie, an dat gëtt éischter ee Zoning, dee méi vu banne belieft an deemno och méi attraktiv ass wéi de PED. Déi lescht Detailer gesi mer awer eréischt wann d'Konventioune mam Staat ënnerschriwwe ginn.

Selbstverständlech wäert dat Ganzt och een Afloss op den Traffik mat den Nopeschgemenge kréien, net zulescht duerch de Grand-Bis wou jo dann eng 50 oder 30 Betriber

bäikommen déi och Traffik mat sech bréngen. Mir schwätze mat deenen aneren a mir wäerten deene vu Longlaville soen datt mir hinnen och elo Autoe géifen dohinner schécken esou wéi si eis matgedeelt haten datt si géifen d'Grenzen zoumaachen an d'Camione bei eis schécken. Dat ass déi gutt Collaboratioun iwwert d'Grenzen eraus wou een deen aneren informéiert wat op en zoukënnt. Virdun awer musse mer emol wësse wat fir Betriber dohinner kommen. Mir hunn awer och scho mat Ponts et Chaussées geschwat fir ze kucke wéi een dat mam Verkéier do kéint regelen.

Wat de P&R zu Rodange ugeet hu mer eng Entrevue mat den CFL fir de Januar ugefrot fir mat hinnen driwwer ze schwätzen, wéi een de Verkéier an d bei alle Garë kéint besser regelen a verbesseren. Dee grousse P&R zu Rodange ass, wann e bis fäerdeg ass, mat Sécherheet eng Erliichterung do.

Ee Groupe Ad-hoc, firwat net? Mir hunn de Comité permanent des entrepreneurs de la commune de Pétange viru ronn véier Joer an d'Liewe geruff an dee fonctionnéiert esou wéi mer eis dat geduecht hunn mä e kéint awer nach besser fonctionnéieren. Et war geduecht regelméisseg mat hinnen zesummen ze kommen, wann nei Betriber en vue si fir do Synergien ze schafen, an dat maache mer och. 2016 musse mer dat méi intensiv mat hinne maachen. Si hu sech och verflicht eng Bourse de l'emploi opzebauen, fir datt mer gesi wat fir e Besoin u main d'oeuvre do ass, an op hirem Internetsite ass méi ze gesinn, wann och nach net alles. D'Gespréich mat hinne gëtt elo d'nächst Joer wichteg wa mer bis wëssen, wat fir nei Betriber komme sollen. Am beschte Fall kënne mer 2017 domatter rechnen datt déi eng oder aner Firma ufänkt mat bauen, et kann allerdéngs och nach méi spéit ginn, mä jiddefalls wäert sech am éischten Trimester d'nächst Joer vill dinn, an da kënne mer gär op déi do Saach zeréck kommen.

D'Agence régionale immobilière sociale ass vum SIKOR an d'Liewe geruff ginn ass déi awer op Critère vun der Agence nationale immobilière sociale baut a wou mer eng Konventioun mam Ministère de Logement hunn iwwert déi mer och subventionéiert ginn fir déi Aarbechten déi do gemaach ginn. Mir profitéieren dovunner grenziwwer-schreidend wa Wunnenge fräi sinn, esou datt grad esou gutt Péitenger Leit elo zu Déifferdeng wunnen an ëmgedréit och, wat den Ament gutt fonctionnéiert. Ee Relevé vun eidele Wunnengen hu mer nach net gemaach, well dat geféierlech an och schwéier ze maachen ass, a well et och net direkt alles ausseet. Dacks sinn nach Leit op der Adress gemellt obwuel se an enger Maison des Soins sinn, mä nach ëmmer domatter rechnen nees zeréck an hir Wunneng ze kommen. Esou Leit kann een net forcéieren hiert Haus direkt zur Verfügung ze stellen. An anere Fäll ass d'Saach vill méi kloer a frappant, mä et ass schwéier do een Ënnerscheed ze maachen, an dofir wollte mer dat emol op fräiwëlleger Basis lafe loossen, wat iwwert déi Agence sociale och ganz gutt fonctionnéiert.

Wat déi vun der Intergratiounskommissioun geplangten Aktiounen ugeet esou sinn all Iddie gutt, mä d'Exekutioun ass eng aner Saach. Wann d'Kommissioun konkret Saachen dohinner setzt an eng breet Basis schaaft mat aner Intermediairen, wéi zum Beispill de Geschichtsfrënn oder aner Komissiounen, da kéim ganz séier do ee Resultat eraus, an ech wäert och do eng Initiativ huelen andeems ech iwwermuer bei iech an d'Kommissiounssëtzung komme fir do eng Propositioun ze maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat d'Sportaktivitéite vu Flüchtlingen ugeet esou ass et kengem verbueden sech engem Sportsveräin unzeschléissen, mä och déi Veräiner hu Statuten, wou d'Leit sech drun ze halen hunn, well eis Veräiner jo awer relativ autonom fonctionnéieren. Esou kënnen se zum Beispill net un offizielle Manifestatiounen deelhuele well se keng Lizenz kënne beantragen, well dat ënnerläit deenen eenzelnen nationale Federatiounen, wou mir awer och keen Impakt hunn. Wéi de Buergermeeschter et scho virdru gesot huet, wäerte mer d'Schwämm net gratis maachen, och aus Respekt géintiwwer onser anerer Populatioun. Privatinitiative sinn awer do gär wëllkomm a wäerten och vun eis ënnerstëtzt ginn.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Wéi eng Gemenge begräift d'Agence régionale immobilière sociale?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et sinn dat d'Kordallgemengen Péiteng, Déifferdeng, Käerjeng a Suessem.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech si ganz houfreg drop, déi éischte Kéier a mengem Liewen eng Budgetsdiskussioun a menger Gemeng souzesoe live matzeerliewen a ganz konkret och mäi Pefferkär dozou bäizefügen. Et si quasi d'Weichen déi een zesummen hei fir d'Zukunft stellt, an et gëtt gekuckt fir zesummen ee Wee ze fannen, ganz am Sënn vun enger héijer Liewensqualitéit fir eis Bierger.

Eng kleng Anekdot am Ufank: Déi leschte Kéier hunn ech beim Coiffeur gefrot, weem seng ganz gro Hoer dat da wieren, an ech hu mech ganz verwonnert gewise wéi ech gemierkt hunn, datt et meng eege waren. Och wann ech schonn zimlech jonk gro ginn, läit mäin Haaptakzent a menger Ried op eiser lokaler Jugend, wat jo op der Hand läit vu datt ech säit 2011 un der Spëtzt vun der lokaler Jugendkommissioun stinn.

Wéi all Joer krute mir vum Intérieur am Virfeld ee Communiqué wéi si sech déi ganz Budgetspolitik vun de Gemenge virstellen. Ënnert anerem geet doranner rieds vun enger „Politique de gouvernance budgétaire prudente", et gëtt ofgeroden nei Emprunten ze huelen; ausserdeem gëtt drop opmierksam gemaach datt hannert all neien Invest och mat de Folgekäschte soll opgepasst ginn.

Eisen Excédent ordinaire louch d'lescht Joer bei 11,2 Milliounen Euro, wat de Garant ass fir nei Investissementer ze maachen. Mir wäerte keng nei Emprunten maachen, an trotz villen Investissementer fir d'Zukunft vun eiser Gemeng – eleng iwwer 20 Milliounen d'nächst Joer am Extraordinairen – geet säit Joeren eis Prokappverschëldung erof. Eleng dat ass de Bewäis vun enger laangjäreger exzellent geféierter Budgetspolitik bei eis hei ënnen am südwestlechsten Deel vum Land.

Am ordinaire Budget fanne mer ee Posten deen op 10.000 Euro gesat ass an dee fir d'Jugendaktivitéiten do ass, an dee quasi ganz vun der Jugendkommissioun genotzt gëtt. Ech wëll kuerz op dat agoe wat mat deem Geld geschitt a wëll och ureegen datt een duerch eng Rei Nouveautéiten, déi sécherlech op eis duer komme wäerten, drun denke soll dësen Artikel d'nächst Joer e bëssen ze héijen. Eng yet Aarbechte goufen do säit 2011 realiséiert, eng Rei Aktivitéite goufe moderniséiert, anerer goufen um Spektrum vun enger erfollegräicher Jugendpolitik bäigesat.

Ënnert d'Aktivitéite vun der Jugendkommissioun fält ënner anerem den Jobday dee fréier Jugend an Handwierk genannt gouf, woubäi mer säit der Nummännerung och net nëmmen Handswierksberuffer virstellen, mä op Innovatioun setzen, a säitdeems eng gutt Zesummenaarbecht mat der Seniorie St

Joseph feieren. Elo ginn och Beruffer virgestallt déi ëmmer méi an de Fokus vu jonke Leit kommen, wéi zum Beispill den Educateur oder den Infirmier, an dat bei lokale Betriber.

Den Openair hu mer ganz eiser Hip-Hop-Generatioun gewidmet an hunn do eng flott Struktur nieft eiser neier Skateboardpist gebaut, eis legal Grafittiswand, an der Hoffnung manner Vandalismus duerch Grafitti an der Gemeng ze hunn. Ausserdeem hu mir et fäerdeg bruecht dem Rock the South, enger Plattform fir jonk Musikkënschtler am – wéi den Numm et scho verréit – Rockberäich national een Numm ze ginn, andeems mir offiziell Partner wéi d'Rockhal oder den SNJ an elo säit dësem Joer och de Radio 7FM mat an d'Boot gezunn hunn.

Kleng Ausflich gehéiere genausou zum Programm wéi och elo eis nei Iddi vum Projet Ding Dong, dee mir iwwert de Mouvement och wëllen hei zu Péiteng lancéieren.

Eng ganz wichteg Saach ass och d'Zesummenaarbecht mat eiser regionaler SNJ-Antenn hei zu Péiteng wou mir och ganz aktiv bei der Léiersich an aner Objektive mathëllefen.

Mä d'Kiischt um Kuch war awer wéi mir et fäerdeg bruecht hunn virun zwee Joer deen éischte Kannergemengerot anzeféieren, wat deemools ganz vill Aarbecht mat sech bruecht huet. Mir sti mëttlerweil an där zweeter Generatioun vun dësem dach Erfollegsprojet op der ganzer Linn. Wann een un den Optimum denkt, dann denkt een un eng konkret Moossnam fir d'Politik an domatter eis demokratesch Wäerter vun engem gewëssen Alter un duerchgehend ze léieren, wat mer an enger éischter Phas mam Kannergemengerot fäerdeg bruecht hunn. Hei schaffe 9 Kanner, 3 aus all Uertschaft iwwer zwee Joer mat enger Educatrice responsable u ganz interessant Iddien, wéi zum Beispill eng Tauschbörse, oder engem Matiwwerleeë vun den Ännerungen am Schoulhaff an der Parkschoul, oder ee Molatelier fir Kanner an eisem Zentrum fir Konscht an der Waxweiler Millen. Nom sechste Schouljoer da gëtt et kee Gremium, dofir brauche mir elo eng zweet Phas. Nodeems ech perséinlech mech zu Hesper ëmfrot hunn, déi dësen ambitiéise Projet zelebréieren, an dunn de Projet laang a breet bei eis an der Jugendkommissioun erkläert hunn, si mir op de Wee gaangen eng konkret dauerhaft politesch Fërderung vun eise Jonken unzestriewen. D'Iddi, déi do hannendru stécht an zu Hesper zum Beispill scho méi laang leeft, ass de Jugendgemengerot deen da mam Jugendhaus zesumme fir eis Jonk vun 12 Joer un aus der ganzer Gemeng och de Sortanten aus dem Kannergemengerot soll ugebuede ginn. Mir sinn am gaang drun ze bastelen, haten elo eng gemeinsam Reunioun mat alle Betraffenen a probéieren dëse Gremium fir Enn nächst Joer un d'Rullen ze kréien. Mir wieren domat sécherlech Virreider am Lëtzebuerger Land wat eis politesch Fërderung vun eise Kanner ubelaangt a géifen domatter op engem séchere Wee fir d'Zukunft vun eiser Gemeng nei Gesiichter an Iddien eraus kristalliséieren.

Nieft der Jugendkommissioun ass ee weidert Standbee vun der lokaler Jugendaarbecht ganz kloer d'Jugendhaus, wou mer ganz genau 190.000 Euro am nächste Joer investéieren, wat jo just eng Part ass wann ee bedenkt datt dat Ganzt Parastaatlech ass. Ee Jugendhaus wat sécherlech seng berechtegt Plaz hei an dëser Gemeng huet an ëmmer méi och op opsichend Jugendaarbecht setzt, virun allem och zu Rodange am Park, woubäi d'Situatioun sech do berouegt huet nodeems dat Ganzt nei a méi beliicht ass.

Wat mech perséinlech extrem gefreet huet ass deen neie Punkt am ordinären Deel vum Late-Night-Bus dee mat 25.000 Euro pro Joer zu Buch schléit mä sécherlech ee groussen Déngscht virun allem deene Jonke leescht. De Projet besteet jo schonn, mä elo kann een zweemol, eng Kéier um zwou an eng Kéier um véier Auer an der Nuecht de Bus huelen deen da bis op d'Arcaden zu Käerjeng fiert vu wou dann een anere Bus eis jonk oder manner jonk Matbierger an eis Gemeng bréngt an dat viraussiichtlech op zwou Bushaltestellen an all Lokalitéit. Wann ech mech u meng Jugend zeréck erënneren ass dat do ee Meilesteen, well ech ka mech nach ganz drun erënneren, wéi ech eng éischte Kéier Neijoerschdag mueres fréi den éischten Zuch geholl hunn. Hei brauch kee méi op der Gare esou laang ze waarden, an et ass kloer eng Alternativ zum Nightrider wou een och een Ament hätt kënnen denken datt dee Projet auslafe géif.

Et sinn och 50.000 Euro virgesi fir nei Elementer op eise Spillplazen. Hei ginn ech eng Iddi mat op de Wee, datt mer opgefall ass, datt op deene Spillplaze wou ech war, keng Babyklunsche waren. Ech si mer bewosst datt déi och vu Luxcontrol mussen ofgeholl ginn, mä do misst awer nach eppes geschéie fir och an deem Punkt a ganzer Linn ze probéieren, familljefrëndlech Quartieren ze schafen.

Déi 45.000 Euro déi virgesi si fir Primmen auszebezuele fir nei Fassaden, fannen ech och ee super Akt vun eiser Politik, well et net nëmmen deene Jonken, mä haaptsächlech och deenen hëlleft sech ze trauen an an hir eege Liewensqualitéit ze investéieren.

En neien Deel vun eiser Maison Relais zu Rodange ass am Kader vum PAP geplangt, dee mat 1.660.000 Euro d'nächst Joer zu Buch schléit, ee ganz wichtegen Déngscht och um Bierger wann ee weess datt éischtens eng laang Liste d'attente vu ronn 100 Kanner eleng zu Rodange besteet, an zweetens ee weess datt een hautdesdaags bal muss zu zwee schaffe goe fir sech ee gewëssene Liewensstandard ze leeschten, an do spillt d'Konzept Maison Relais natierlech ee ganz wichtegen Akt. Hei ass ee weidere Budgetsartikel vun 105.600 Euro virgesi fir eng „Acquisition de matériel du 1er équipement". Do wëll ech just ze bedenke ginn datt och ech eng Kéier déi honorabel Aufgab hat esou eng Saach bei mengem leschte Patron am Jugendhaus SaBa zu Suessem duerchzeféieren an ech do awer net ëmmer de ganze Budget gebraucht hunn deen u sech pauschal vum Ministère festgeluecht gouf op Basis vun aneren 1er Equipementer. Ech soen elo net datt um Réck vun eise Kanner soll gespuert ginn, mä ech wëll drop hiweisen datt dorop soll Uecht geholl ginn.

Wann ech vu Jugend schwätzen, denken ech och un de Sport, an do wëll ech ganz konkret och de Schäfferot luewen datt och an deem Beräich villes gemaach gëtt wéi zum Beispill déi ganz Amenagementer bei eisem neie Fusiounsveräin Union Titus Péiteng wou d'Vestiaire sollen dem haitege Stand vun den Normen ugepasst ginn a wou och virgesinn ass eng nei Buvette mat Lift ze kréien, ganz am Sënn vun enger Politik vun der Inclusioun fir datt och eis behënnert Matbierger kënnen um Alldag sou gutt wéi méiglech deelhuelen.

En aneren Artikel dee mir um Häerz läit ass dee vun der neoapostolescher Kierch, wou mer eis eege Produktioun an engem Studio an engem technesche Proufsall ustriewen. Et gëtt eng Schalldichtisoléierung gebraucht an och eng Konstruktioun mat Lift vu baussen. 550.000 Euro stinn am Budget fir d'nächst Joer. Ech ënnerstëtzen dee Projet a ganzen Zich. Et muss awer kloer sinn datt a) mer et fäerdeg bréngen den LTMA mat ze integréieren; ee gutt Beispill ass an deem Kontext de Projet an der Brillschoul mat Brill TV, woubäi et sech hei awer ëm Grondschoulkanner handelt; a b) ee weidert Instrument wier – an ech hunn et scho mat voller Begeeschterung ugeschwat – de Jugendgemengerot – deen hei sécherlech och seng Daseinsberechtegung huet. Ech kéint mer virstellen datt op Opruff vum Jugendgemengerot a

mat der néideger Formatioun eventuell jonk Leit begeeschtert ginn heiansdo am Opdrag vun der Gemeng kleng Reportagë fir eis ze leeschten – zum Beispill de Rock the South – op Basis vun engem klengen Entgelt. Dat géif eis sécherlech gutt zu Gesiicht stoen. Éischtens hätte mer eis eege Jugend an eis alldeeglech Aktivitéiten integréiert, an zweetens hätte mer och nach déi eng oder aner Plaz geschaf wou sech jonk Leit op legal Manéier eppes kéinte verdéngen an – jamais deux sans trois – mir hätten dëst neit Lokal mat Liewe gefëllt.

Och ass dru geduecht ginn, de Scouten ënnert d'Äerm ze gräife mat engem neien Etablissement an engem Investissement vu ronn 290.000 Euro, wat ech och ganz luewenswäert fannen.

Och ass mam Projet Atzéngen zu Rolleng un eis jonk Famillje mat Kanner geduecht gi fir neie Wunnraum ze schafen. Mat ronn 4.900.000 Euro ginn hei hoffentlech 2017 jonk Dreem an Erfëllung, woubäi den Ar-Präis ronn 35.000 Euro ënnert dem normale Präis läit, sou datt ganz kloer deem entgéint gewierkt gëtt, datt jonk Famillje souzesoe gezwonge sinn iwwert d'Grenzen ewech bauen ze goen. Mat enger Rëtsch vu Critèren déi hei och ganz demokratesch festgehal goufen ass de Projet do bis an de klengsten Detail duerchduecht a gëtt zesumme fir eis Terrainen an Eegeregie mat dräi Architektebüroen, a fir déi aner mat der SNHBM duerchgefouert.

Fir déi néideg Aarbechtsplazen um lokalen Terrain goufen och endlech Neel mat Käpp am Dossier Grand-Bis gemaach, woubäi mer nach musse waarde wat d'Kommodo-Prozedur ubelaangt, well et deels opgefëllt muss ginn. 15,2 Hektar grouss ass dës Aktivitéitszon, an et kéinte ronn 50 Betriber siesshaft ginn, wat eng reell Zuel vu 500 bis 1.000 Aarbechtsplaze betrëfft.

Et ass an dem Dossier Musekschoul, déi jo viraussiichtlech um alen LTMA-Terrain realiséiert soll ginn, an am Dossier Gemengegaragen, wou mer nach e bësse struewelen. Dat awer ganz kloer wéinst ëmmer erëm neie Prozeduren déi mussen agehal ginn an deels ganz laang brauchen, bis se aus dem zoustännege Ministère zeréck sinn.

Wann ech mäin Aenmierk lénks, riets, uewen an ënnen nieft der Jugend riichten, si mer nach eng yet Saachen opgefall, et géif awer d'Rumm vun dëser Debattéierronn sprengen, wann ech op alles géif agoen. Ech wëll zum Schluss nach soen datt ech ganz besonnesch och frou driwwer sinn datt de Reaménagement vun der Rue Belair d'nächst Joer am Januar – also net méi laang – wat ronn 1.700.000 Euro kascht wäert ufänken, woubäi mer mussen oppassen, datt mer nach genuch Parkméiglechkeete während den Aarbechte virgesinn.

Och op de ganz neie Rodanger Zentrum freeën ech mech, an ech mengen et gëtt dem Zentrum an alle Facetten eng nei Nues.

Den nootste Wee un engem frëndleche Biergerëmfangen ass, eppes un eisem Konzept am Biergerzenter ze änneren, an dat kënnt och elo mat engem neien Ticketsystem fir 25.000 Euro wat, wann et dem Bierger eppes nëtzt, ech ganz kloer ënnerstëtzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi ugeschwaten „Politique de gouvernance budgétaire prudente“ gëtt scho Joere laang, wann net Joerzéngten hei an der Gemeng applizéiert, an dofir hu mer och deen Iwwerschoss vun 11 Milliounen. Et muss een déi ordinär Ausgaben am Grëff behalen, well d'Recettë kann een net beaflossen, well déi zum gréissten Deel determinéiert si vun den Einname vun der TVA a Steieren.

Fir op Atzéngen zeréck ze kommen, hu Dir ganz Recht wann Dir vun engem flotte Projet schwätzt fir dee mir och scho vill positiv Echoen héieren hunn a wou mer wëssen, datt den Interesse grouss ass fir do een Terrain ze kafen. Richteg ass, datt mer hei den Terrain fir 42.000 Euro den Ar wëlle verkafen, wou de Präis den Ament tëscht 75.000 an 80.000 Euro läit, dat wat deen Deel ubelaangt deen d'Gemeng an eegener Regie mécht a wou d'Leit just den Terrain kafen. Op der anerer Säit hu mer awer deen um soziale Plang ganz interessante Projet vun der SNHBM wou een zu nach méi gënschtege Präisser een Haus ka kréien, wann een ënnert déi sozial Critère fält.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat de Studio ubelaangt, dee mer an der fréierer neoapostolescher Kierch wëllen installéieren, esou ass dee sécherlech och fir d'Jugend mä net eleng fir d'Jugend. Do sollen ee ganze Koup Saachen ënner Daach kommen. Den LTMA war dobäi an den Diskussioune wéi mer e geplangt hunn, d'Jugendhaus wäert mat an d'Exekutioun erageholl gi wéi mer et kënne geréieren a wéi mer do kënnen Aktivitéite maachen, an och kulturell Veräiner sinn do viséiert. Et sinn awer och ee ganze Koup aner Perspektiven déi elo nach vläicht net kloer sinn déi sech do developpéieren. Wann ee Jugendgemengerot do eng Plattform soll kréien da kann dëse Gemengerot hei och eng Plattform kréien, well et soll och eng politesch Plattform sinn, wou een Debat ka stattfanne fir sech Bierger matzedeelen. Mir hunn ee ganze Koup Méiglech-keeten déi mer kommunikativ bis elo nach net esou kannt hunn an déi een elo muss opbauen an och kucke wéi een dat geréiert a verdeelt. Et ass dat einfach ee Kommunikatiouns-mëttel fir d'Gemeng Péiteng no baussen hi méi bekannt ze maachen awer och no bannen hire Leit iwwert déi Produk-tiounen déi Informatiounen ze ginn déi noutwenneg sinn.

Parkplazen an der Rue Belair während den Aarbechte sinn der sécherlech genuch do wann emol all Mënsch säin Auto a seng Garage oder op säin Terrain stellt, dann hätte mer schonn 80 Parkplaze weider an der Strooss. Ech wäert dann och probéiere mech selwer drun ze hale wann et lass geet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'Jugendkommissioun huet effektiv nëmmen 10.000 Euro d'Joer zur Verfügung fir déi vill Aktivitéiten déi den Här Arendt jo elo ganz exhaustiv hei opgezielt huet. Et ass vill erfuedert a si si ganz gutt do ageschafft fir dat alles, zesumme mat aneren Intervenanten ze maachen. Och d'Jugendhaus ass elo gefuerdert mat deem Jugendgemengerot dee mer wëllen op d'Bee setzen a wou ech hoffen datt mer Enn d'nächst Joer scho méi hei kënnen op den Dësch leeën.

Déi 25.000 Euro fir de Late-Night-Bus wäerten och hannenno hir Friichten droen, well d'Stad nun eemol nach ëmmer den Unzéiungspunkt Nummer 1 bei der Jugend ass a well mer jo all wëllen datt se hannenno dann och erëm gutt heem kommen.

50.000 Euro fir d'Spillplaze sinn den Ament net ze vill well den Ënnerhalt ass nun eemol net grad gratis. Wat elo d'Babyklunschen ugeet, esou gëtt ëmmer gekuckt fir déi Spiller ze installéieren déi sech fir déi Kanner eegenen déi deen Ament am Quartier wunnen.

De Kredit fir een éischten Equipement an der Maison Relais mat 100.000 Euro ass ganz genee ausgerechent woubäi gekuckt ginn ass wat mer do brauchen a wéi d'Präisser den Ament um Maart sinn. Bei engem Haus, wou 103 Kanner sollen dra kommen, kritt een och den éischten Equipement net geschenkt, a wa mer sollten drënner leien desto besser.

Et freet mech och datt mer mat de Scouten, mam Ministère a mam Fierschter een Accord fonnt hunn fir de Scoutschalet op

deen Terrain do uewen ze setzen, woubäi mer dann ebe mussen oppassen, datt mer de Problem mat de Fliedermais an de Gréff kréien.

D'Musekschoul ass ee fromme Wonsch, mä mir ginn d'Hoffnung net op, woubäi ech ënnersträiche wëll, datt mer wuel nach méi wéi den Ament iwwer 500 Schüler hätte wa mer adequat Raimlechkeeten hätten.

**Tockert Claude (DP):**

Ugangs der Sëtzung wollt ech all deenen déi un der Ausschaffung vun dëse wichtegen Dokumenter bedeelegt waren ee grousse Merci ausspriechen.

Als DP begréisse mir et datt d'Verscholdung vun eiser Gemeng nees ëm zwou Milliounen erof geet an domatter och d'Prokappverschëldung esou op 708 Euro fält. Esou schloen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold ze tilge mat 4,17 Prozent am Budget ordinaire zu Buch.

Mir hoffen allerdéngs datt et net zu enger Kanaltaxerhéijung am zweete Semester kënnt.

Mir si frou datt am Laf vun dësem Joer de P-Bus agefouert gouf, woumatter ee laange Wonsch vun der DP-Sektioun an Erfëllung geet. Mir wieren awer frou wann de Projet och no der Période d'essai weider gefouert kéint ginn.

Wann et eis och ganz wichteg ass datt fir eis kulturell Veräiner, eist Jugendhaus, den LTMA an eis Verwaltung hei eng héichwäerteg Infrastruktur geschafe gëtt, ass de Betrag vun enger Millioun Euro fir d'Mise en conformité an d'Uschafe vum néidege Material, wou 550.000 Euro am Budget ageschriwwe sinn, een décke Batz Geld fir d'Ëmännerung vun der neoapostolescher Kierch zu Rolleng.

Mir waren och ganz frou ze héieren datt sech am Dossier Grand-Bis eppes deet. Wann allerdéngs, wéi den Här Breyer scho gesot huet, wéinst der idealer Lag vum Site besonnesch Betriber aus dem Beräich Logistik hei groussen Interesse weisen, dréit dëst och nach zum Verkéierschaos bäi dee mir elo schonn am Alldag an de Spëtzestonne kennen.

Wann dëse Budget Punkten enthält deenen ech voll zoustëmmen, sou sinn och Punkten dran déi ech e bëssen aneschter gesinn, an ech wäert mech och wéi scho virun engem Joer beim Vote enthalen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et freet mech, datt och d'DP et begréisst, datt mer d'Gemengeschold an de leschte 5 Joer trotz héijen Investissementer ëm 10 Millioune reduzéiert hunn wat, wéi ech et scho virdru gesot hunn, nëmme méiglech ass wa mer eis ordinär Ausgaben am Gréff behalen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat d'Kanaltax ugeet esou hunn ech gesot datt d'Fakte musse fir sech schwätzen. Wa mer ugangs Joer d'Chifferen um Dësch leien hunn a wa mer nom Prinzip pollueur-payeur fueren da kéint een dovunner ausgoen datt mer net laanscht eng Erhéijung vun dëser Tax kommen.

D'Experiment P-Bus gëtt weider gefouert, just d'Konditiounen däerften ëmgeännert ginn a vläicht net méi esou streng si wéi bis elo fir de Leit méi entgéint ze kommen.

Um Grand-Bis a méi nach um PED kann, wat de Verkéier ubelaangt, et nëmme gutt fonktionnéiere wa Ponts et Chaussées e bësse matspillt. Mir wëssen, an et lafen och Gespréicher an deem Sënn, datt dee ganze Rond-Point Porte de Lamadelaine muss ëmgebaut ginn an anescht fonktionnéiere wéi elo.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wat dat ugeschwat Jugendhaus betrëfft esou sinn ech der Meenung datt de Kredit 190.000 Euro dee mer all Joer méi oder manner fir d'Jugendhaus bereet stellen nach verhältnisméisseg ee klenge Betrag ass, well ëmmerhi ginn eis Jugendlech hei vu véier Educateure betreit. All Euro dee gutt an eis Jugend investéiert gëtt dee brauche mer hannenno manner fir Jugendlecher ze ënnerstëtzen déi op der Strooss gelant sinn. Ech wier esou guer frou, wa mer nach een neit méi grousst Jugendhaus hätten, virun allem zu Rodange wou et u Plaz feelt, well de Besoin ass do a mir kéinten nach méi Jugendlecher opfänken.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wëll och alle Beamte Merci soen déi um Budget dëst Joer matgeschafft hunn éier ech dann elo op verschidde Punkten ze schwätze kommen.

Beim Site Waxweiler Millen musse mir nach 500.000 Euro nostëmme fir den Amenagement vun der Plaz. Hei wollt ech wëssen ob dir scho konkret Virstellungen hutt wéi dat hannenno soll ausgesinn. Déi nei Plaz wäert jo net erëm als Parking verschampléiert ginn. Mir géifen éischter un ee klenge Park matt vill Gréngs denken. A wa mer scho bei der Millen sinn, wëll ech nach drop hiweisen datt och an dësem Budget näischt vun der Rollenger Millen steet, obwuel schonn Aarbechten op dem Site am gaang sinn. Kënnt dir vläicht soen, wat matt deem Site soll geschéien?

Et ass opgefall datt mir erëm eng Kéier 68.000 Euro am Budget stoen hunn fir d'Chrëschtbeliichtung an der Gemeng, an dat obwuel näischt virgesinn ass fir eng adequat Beliichtung an eenzelne Stroossen a Foussweeër, wéi zum Beispill an der Rue Chauvin. Kréien déi dann och endlech Stroosseluuchten?

Et si 70.000 Euro virgesi fir de Fonçage vun der Rue de la Liberté op d'Nidderkuerer Strooss. Wéini ginn do déi Aarbechten un?

Den Här Breyer hat de leschte Freideg de Verkéier ugeschwat an der Avenue de l'Europe a virun allem deen éiwege Knuet vum Rond-Point beim LTMA. Ech géif gär wësse wat dann elo geschitt fir dee Problem ze léisen, an ech hoffe ganz staark datt dobäi och un d'Foussgänger geduecht gëtt?

Am Dossier PED hu dir iwwert dräi Logistikbetriber geschwat. Besteet do keng Méiglechkeet fir Betriber aus der Gemeng do ze implantéieren, oder gëtt et do kee Bedarf respektiv keng Ufro?

700.000 Euro ass nawell eng héich Zomm fir ee Parking dee mir engem private Promoteur ofkafen. Mir mussen eis un de Charge bedeelegen an den Entretien assuréieren, wat nach Depense sinn déi all Joer dobäi kommen. Hätte mer keng aner Méiglechkeet gehat fir an der Géigend vun der Gare e gréissere Parking ze realiséieren, well ech ka mer virstellen datt dee Parking, well en ënnert enger privater Residenz ass, net vill genotzt gëtt?

Et ass mir opgefall datt den Här Breyer op eemol vun ëmweltfrëndlechen Armaturen a vun ëmweltfrëndlecher Aussebeliichtung schwätzt wat eng Partizipatioun um Klimapakt schonn eleng matt sech bréngt.

Zu deene sougenannte Smiley-Panneauen, déi den Autosfuerer uweise wéi séier een ënnerwee ass, hunn ech näischt am Budget fonnt. Soll dat heeschen datt mer keng esou Panneauen uschafen? Deen eenzegen dee mer hunn gëtt nëmmen da geréckelt wann ech iech drop hiweisen.

Ech fannen et nawell intressant datt d'Madame Conter gesot huet et misst een am nächste Plan pluriannuel drun denke fir

eng nei Spillschoul an eng nei Maison Relais ze bauen, mä wien weess wien 2017 nach heibanne sëtzt? Kënnt een déi Gedanken net elo scho féieren?

Wa mer eng nei Maison Relais plangen, kéint een dann direkt dofir suergen datt se grouss genuch ass, esou datt een net ëmmer nees muss Suen nostëmme fir se auszebauen? Och wier et vun Notze wann ee vläicht Parkméiglechkeete ronderëm kéint virgesinn.

Beim Projet Gemengenatelieren op der Lénger Strooss wëll ech iech un d'Häerz leeë fir direkt am Virfeld beim Ausschaffe vun de Pläng drun ze denken, fir dat Ganzt ëmweltfrëndlech ze gestalten, mat Waasseropfänkbassénge fir Camionen an Autoen ze wäschen, ecologesch Heizungsinstallatiounen oder Solarpanneauen um Daach.

Firwat ass et nach ëmmer net méiglech datt an der PIKO-Schwämm de Keller endlech drësche gëtt? Alt nees hu mer 100.000 Euro am Budget virgesi fir dat an de Grëff ze kréien.

Ëmmer erëm ginn ech vu Leit ugeschwat datt mir keng Hondstuten duerch d'Gemeng hänken hunn. Wéi steet de Schäfferot dozou? Kann een net op de Wee goe fir Hondsstatioune matt Tuten an engem Dreckseemer op verschidde Plazen an der Gemeng ze installéieren? Et geet an eisen Aen net duer datt d'Hondsbesëtzer kënnen Tuten op der Gemeng kréien an dat emol deelweis net wëssen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat déi 700.000 Euro fir de Parking zu Rodange ugeet, esou handelt et sech hei ëm 33 Parkplazen, wat 22.000 Euro pro Parkplaz ausmécht. Wann elo een eng Residenz baut an net genuch Parkplazen huet da froe mer deem 20.000 Euro, wuel wëssend datt mer deen Taux mussen héijen, well soss gëtt et geschwënn méi intressant fir ze bezuele wéi Parkplazen ze schafen. Ech wëll Iech awer och proposéieren emol den Här Traversini vun Déifferdeng ze froen, wat seng Parkplaze pro Stéck kaschten, well da si mer hei nach an engem ganz anstännege Kader. Och sinn dat hei keng Parkplaze fir déi Leit déi mam Zuch fueren, mä fir eis Geschäftswelt zu Rodange erëm ze dynamiséieren, an et gëtt och net ënnert enger Residenz gebaut mä dertëscht an den Hiwwel, esou datt och kee Problem däerft si fir eran an eraus ze fueren. A mir gesi jo méi ënnen am Blobierg wéi dee Parking hannert de Geschäftslokaler profitéiert gëtt datt hei d'Nofro no Parkplazen nach ëmmer grouss ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Op de Site Waxweiler Millen komme keng Parkplazen hinn. De Parking gëtt just nei amenagéiert mat vläicht zwou oder dräi Parkplaze méi. Dat Ganzt gëtt als Park amenagéiert, als „Parc de rencontre socio-culturelle“ wéi et esou schéin heescht, wou ee ganz flott kann doduerch oder derlaanscht trëppelen, et kann een sech awer och do ophalen.

Bei der Rollenger Millen gëtt nach ëmmer geschafft, dat ass richteg, mä et ass nach ëmmer dem Staat seng Millen. D'Gemeng Péiteng ass interesséiert se ze iwwerhuelen, awer net als „cadeau empoisonné“ wa mer et esou däerfe soen. Do ass elo mol den Damm gebrach vum Weier deen ausgelaf ass, esou datt elo mol fir d'éischt versicht gëtt de Weier ofzedichten. Da muss de Proprietaire emol dat flécken, wat u sengem Gebai net an der Rei ass, nom Prinzip Proprietaire-Locataire, an da soe mir wat mir do wëlle realiséieren, wat jo och scho bekannt ass. Mir wëllen do een touristesch-pädagogesche Projet maachen, a wann de Staat da ka säi Gebai esou funktiounsfäeg liwweren, wéi mir et gär hätten, da brauch net méi ganz vill do investéiert ze ginn. Et muss nach e bëssen ofgeséchert ginn, wann d'Kanner do solle spillen.

Et sti keng 78.000 Euro am Budget fir d'Chrëschtbeliichtung mä et sinn der 25.000, an déi sinn exklusiv fir Rodange a Lamadelaine geduecht. Dat huet och näischt mat der Stroossebeliichtung ze dinn. An der Rue Chauvin zum Beispill ass et eng technesch Problematik wou mer et och matt der Gemeng Käerjeng ze dinn hunn, a wa mer do Gelder sollte brauchen, da sinn dat aner Kreditter wéi déi fir d'Chrëschtbeliichtung.

De Kredit vu 70.000 Euro fir de Fonçage schleefe mer effektiv schonn e puer Joer mat sech. Dee Projet ass net esou einfach, well de Fonçage bréngt näischt esou laang mer net de Problem vum Iwwerflächewaasser an der Nidderkuerer Strooss am Grëff hunn. Fir d'éischt musse mer d'Waasser vun der Laach a vun anere Quellen do opfänken, mä fir dat an der Nidderkuerer Strooss ze realiséieren ass ee gréissere Projet, well et keng kleng Strooss ass, an do däerft et mat zwou Milliounen net duer goen. Dat steet awer net am Plan pluriannuel vun dëser Koalitioun, dat ass virgesi fir 2018.

Zum Rond-Point Porte de Lamadelaine hunn ech jo scho gesot datt do Gespréicher mat Ponts et Chaussées lafe fir en nei ze gestalte mat enger Transitspuer fir datt de Verkéier do besser leeft.

Fir de PED ass och e Bedarf do vun engem Péitenger Betrib, an zwar de Voyages Simon Tours deen sech do wëll implantéieren.

Zum Parking zu Rodange wëll ech nach just bäiflécken datt, wa mir dee Parking géife bauen, en duebel esou vill kaschte géif fir bei 40.000 bis 50.000 Euro pro Parkplaz ze leien, wéi Etüdë virun e puer Joer erginn haten.

Jo, mir kafe keng aner Smiley-Panneauen a setzen deen dee mer hunn do an, wou mer et deen Ament als wichteg ugesinn. Mir hunn aner Mëttele fir méi op de Verkéier anzewierken, esou zum Beispill nach Radare wéi keng aner Gemeng se huet an déi an alle Stroosse ganz genee moosse kënnen, wéi vill Autoe wéi séier do passéiert sinn, an da gi mer dat systematesch un d'Polizei virun déi da Kontrolle maachen, wat um Enn méi déngt wéi ee Smiley iwwert deen een sech einfach ewech setze kann.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wann ech scho vun enger neier Maison Relais geschwat hunn dann heescht dat jo datt mir elo schonn doriwwer nodenken an datt mir eis scho Gedanken driwwer maachen, wou mir zu Lamadelaine net wäit ewech vun der Schoul déi néideg Plaz dofir hätten. Vun der aktueller Nofro emol ofgesinn, muss een sech jo bewosst sinn datt een neit Lotissement fir jonk Familljen och eng Méizuel vu Kanner mat sech bréngt an datt do matt Zäit muss dru geduecht ginn déi néideg Opfaangstrukturen ze schafen.

Déi nei Maison Relais zu Péiteng ass scho grouss, scho bal ze grouss, mä do sinn nei Begebenheeten dobäi komm déi deen Ament wou d'Maison Relais gebaut gouf nach net a Fro stoungen. Mir hunn an der Tëschenzäit eng Rei vu Kanner mussen ophuelen „à besoins spécifiques“, an dat wäert an nächster Zäit och net ofhuelen. Déi Kanner brauchen awer heiansdo ee Raum wou se kënnen, wéi ee seet, Loft eraus loossen a wou mer se net kënne bei deenen anere Kanner loossen. Dat war fréier net esou wéi déi Kanner net am Fondamental waren an deemno och net an d'Maison Relais koumen. Mir mussen eis nun eemol der Zäit upassen, an duerch déi 104.000 Euro wäerte mer och net faillite goen, wa mer dee ganze Budget kucken. An enger neier Maison Relais gëtt esou ee Raum direkt mat virgesinn.

Dir schwätzt och vun de Parkméiglechkeete ronderëm, mä hei zu Péiteng hu mer dee grousse Parking vun der

Sportshal direkt dobäi an ee „Kiss & Go“ direkt virun der Maison Relais. Zu Rolleng do fält ee jo praktesch vum Parking an d’Maison Relais eran, esou no ass deen dobäi, an zu Rodange geet ee just zwou Minutten zu Fouss vum Parking bis bei d’Maison Relais, an e bëssen duerch d’frësch Loft kann och de Kanner näischt schueden.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Selbstverständlech wäerte mer bei de Gemengenatelieren alles virgesinn, wat ecologesch méiglech ass wéi Dir den nächste Freideg bei der Presentatioun vun deem Projet wäert gesinn.

Mat deenen 100.000 Euro fir d’PIKO-Schwämm hoffe mer datt mer dee Keller dann och drësche kréien.

D’Hondstute stellen eis effektiv virun ee Problem, well se ëmmer erëm duerch d’Landschaft geflu sinn, wat Iech och däerft bekannt sinn. Mir probéieren elo een effektive System ze installéiere vun Dreckskëschte mat Tutenausgab dobäi, esou wéi ech mir et selwer an Däitschland konnt ukucken. Den Ament kritt awer nach jiddereen déi Tute gratis op der Gemeng.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

An der Rue Chauvin kann et dach net esou komplizéiert si fir vun deenen Haiser ënnen, wou Stroosseluuchte sinn, einfach méi wäit erop ze fueren an och do eng Beliichtung ze installéieren. Et misst een sech dat emol op der Plaz anstänneg ukucken, vläicht zesumme mat der Verkéiers-kommissioun.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech wäert d’Verkéierskommissioun net brauche fir ee Problem vu Luuchten ze léisen, ech wäert eisen Ingenieuren Är Solutioun dann emol proposéieren. Wann et esou einfach soll sinn, da froen ech mech fir wat et nach net gemaach ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wat de Smiley-Panneau ugeet esou steet deen elo scho laang op der Nidderkuerer Strooss, an et wier net schlecht wann en och emol an eng aner Strooss géif gesat ginn. Ech kann iech hannenno och gär soen, wat fir eng Strooss do nach a Fro komme géif a wou d’Leit dat och scho gefrot hunn.

An dann hunn ech keng Äntwert kritt wat d’Foussgänger um Rond-Point Porte de Lamadelaine ubelaangt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu ganz kloer ee Foussgängersträifen gefrot fir vum Futtballsterrain eriwwer bei d’Weieren ze goen, an et gouf och festgehal fir dat ze berücksichtegen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt eisem Buergermeeschter villmools Merci soe fir deen expliziten Exposé vum Budget vum leschte Freiden, genau sou wéi de Schäffen Roland Breyer, Raymonde Conter a Romain Mertzig fir d’Explikatioune vun hiren Dossieren.

Erfreelech ass fir festzestellen, datt eis Prokappverschëldung nach erof gaang ass par rapport zum Joer virdrun, trotz enormen Investissementer déi ënnerholl gi sinn nom Fënnefjoresplang an déi nach ze huele sinn an dëser Legislaturperiod.

Ech hunn awer e puer Saachen eraus gepickt, déi ech wollt eventuell beliichten.

Wunnengsbau a Soziales. Am Soziale Wunnengsbau do ass den éischte Spuedestéch an Atzéngen gemaach ginn, do si mer jo um gudde Wee an deem wichtege Projet fir eis Bevëlkerung déi sech net ëmmer am Private kënnen eng Wunneng leeschten. Och ass de Projet Cent-Buttek opgeholl ginn an eiser Gemeng. Eis nei Maison Sociale fonctionnéiert gutt, well do ass jo och ëmmer méi Hëllef gefrot.

Stroossen, Circulatioun a Parking. All Strooss déi nei gemaach gëtt a muss ginn ass net vu Muttwëll, grad wéi déi systematesch Erneierung vum Kanalnetz, wat ee jo dobaussen net esou gesäit, just wann erëm opgerappt gëtt an een dat net ëmmer esou versteet. Och misst heiansdo d’Zesummenaarbecht vun de verschiddene Verwaltunge respektiv Entreprenere besser koordinéiert ginn.

D’Zone 30 ass jo zu Péiteng agefouert ginn, an och do musse mir eis emol dru winnen. Zu Rolleng a Rodange ass se do fir dat anert Joer um Programm, genau sou wéi eng besser Beliichtung vun de Foussgängersträifen.

De Parking am Blobierg, wou d’Gemeng sech akeeft an zousätzlech Parkplaze schaaft, och fir Leit mat Handicap, ass dringend noutwenneg, zemools wann den Duerfkär zu Rodange nei amenagéiert gëtt, wat dann d’Parken net méi einfach mécht. Mä de Projet vum Zentrum vu Rodange ass nëmmen ze begréissen.

Economie an Industrie. Et ass bal net ze gleewen, de Grand-Bis gëtt no 18 Joer Hin an Hir mat de Verwaltungen an no e sëllechen Etudë Realitéit laut den Aussoe vum Schäfferot. Ech bewonneren déi Ausdauer vun eiser Gemeng an deem Dossier, geet et dach drëm fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, esou datt mer net op eemol just eng Schlofgemeng ginn an d’Bevëlkerung muss auswäerts schaffe goen, an da ginn eis och d’Sue vun der Gewerbesteier laanscht d’Nues.

Kultur an Tourismus. Nodeems mir de 27. Juli 2015 am Gemengerot de Vote geholl hate fir zu Rodange am Centre Culturel een Deel vun der „Menuiserie extérieure“ fir 145.000 Euro ze erneieren, huet sech ower nach näischt do gedoen. Firwat dauert dat esou laang, déi Aarbechten hätten awer virum Wanter kënnen ausgefouert ginn?

Bei der Erneierung vum Museks- respektiv Gesangproufsall zu Péiteng wollt ech bemierken ob dann do bei där stattlecher Zomm vun 280.000 Euro och nei Fënsteren dobäi sinn, dat ass net nëmme wichteg fir d’Heizkäschten ze senken, mä och fir de Kaméidi.

Enseignement a Maison Relais. All Geld wat mer an d’Schoulen investéieren ass gutt ugeluecht. Ech hunn awer just meng Bedenke bei den Equipementer vun de Schoulhäff a froe mech ob dat ëmmer esou luxuriéis ausgefouert muss ginn.

D’Maison Relais zu Rodange gëtt 2016 bezuchsfäeg an domatter eis Waardelëscht méi kuerz. An der Maison Relais soll e Sall bäigebaut gi fir 100.000 Euro. Wann dat esou verlaangt soll gi vu staatlecher Säit, sinn ech dofir, datt deen deen dat verlaangt och soll bezuelen.

Sports et Loisirs. Eng Investitioun vun 830.000 Euro fir Vestiairen a Buvette zu Péiteng um Futtballsterrain ass jo vläicht noutwenneg, zemools déi Veräiner vu Rolleng a Péiteng fusionéiert sinn. Meng Fro un de Schäfferot ass ob ee Lift virgesinn ass, well domatter geet de Betrag eventuell an d’Rei. Mir hu jo och scho 25.000 Euro gestëmmt bei der Fusioun, an d'Terraine sinn och nei gemaach ginn.

Am PiKo ginn Investitioune geholl déi jo och néideg si fir datt alles soll gutt fonctionnéieren, mä ass do och Mobilier mat virgesinn?

Ateliers et Matériel. Genau sou wéi beim Grand-Bis schéngt dat mer eng Neverending-Story ze ginn, mä ass dat och nom

Prinzip fir d'Ham an der Mëllech ze kachen, a mir mussen eng Etüd no der anerer maache loossen an domatter gëtt de Projet vu Joer zu Joer méi deier. A wat et méi laang dauert kënnen och anere Projeten déi hannendrun hänken nach net realiséiert ginn.

All Material, ob Maschinnen, Gefierer asw., sinn néideg fir datt eis Aarbechter kënne méi effizient domatter schaffen am Déngscht vun eise Bierger.

Ecologie. Eist Recycléiere gëtt jo ganz eescht geholl an der Gemeng, mä wat ech vermëssen an dem Ganzen: do ass nach net dru geduecht gi fir bei eise Festivitéiten op recycléiert Material hinzeweisen an ee Cup-System anzeféieren, wéi dat a villen aner Gemengen hei ronderëm scho laang besteet. Mä wat net ass ka jo nach ginn. Ech wäert dat emol suivéieren, dat misst emol direkt bei de Manifestatioune vun der Gemeng agefouert ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir leien op enger Wellelängt wat d'Verschëldung vun der Gemeng ugeet déi jo vu Joer zu Joer zréck geet, obschonn et menger Meenung no net onbedéngt enger Gemeng hir Aufgab ass fir guer keng Verschëldung ze hunn, mä et soll eng anstänneg an akzeptabel Verschëldung sinn.

Komplett aversta sinn ech och mat Ären Ausféierunge wat den éischte Spuedestéch an Atzéngen ubelaangt wou mer ee fir eng 100 jonk Famillje wichtege Projet maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech si mat der Madame Conzemius d'accord datt d'Leit, wat de Kanal ugeet, net ëmmer gesi wat do am Buedem läit an et eréischt an Uecht huelen, wann opgerappt ass oder wann doheem d'Toilett net méi fonctionnéiert. Wat d'Koordinatioun tëscht deenen eenzelne Verwaltungen an Entreprisen ubelaangt esou fonctionnéiert et relativ gutt wann et gutt konzipéiert ass. Heiansdo hänkt et och vum Ingenieursbüro of, a Problemer ginn et dacks wa Privat a Public zesumme kommen, dat kann nëmme besser goen.

D'Zone 30 gëtt zu Péiteng Realitéit an d'Leit wäerten an den nächsten Deeg eng Informatioun an der Bréifkëscht fannen, wou déi ganz Zone 30 nach eng Kéier erkläert gëtt a wéi se soll fonctionnéieren. Zu Rodange ass se da fir d'nächst Joer virgesinn, grad wéi och d'Foussgängersträifen. Do hu mer zu Péiteng domatter ugefaang - mir kënnen se jo net all matenee maachen – opgrond vu Statistike vun Accidenter. Där hate mer der laut Polizei 11 an zwee Joer zu Péiteng an nëmmen 3 zu Rodange, an och wann dat der nach 3 ze vill sinn esou hu mer d'Urgence awer éischter zu Péiteng zu gesinn.

Bei der Erneierung vun de Fënsteren am Centre Culturel zu Rodange ass ee Retard entstan well sech d'Fro gestallt huet am Sënn vum Klimapakt ob net och den Daach an d'Fassad missten isoléiert ginn, wat eisen Energieberoder als net noutwenneg ugesinn huet bei engem Gebai wat nëmme sporadesch gebraucht gëtt, an déi Decisioun hat een Afloss op d'Fënsteren déi jo bei enger „façade isolante" anescht ausgesinn hätten.

Am Musekssall zu Péiteng si keng nei Fënstere virgesinn, well déi eréischt virun zwee Joer erneiert goufen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wat d'Equipementer vun de Schoulhäff ubelaangt esou sinn d'Schoul am Park an d'Neiwiss scho ganz al Schoulgebaier wou dann elo fir d'éischte Kéier an d'Schoulhäff investéiert gouf. Och hu mer vum Ministère scho méi laang nogeluecht kritt fir d'Schoulhäff méi kannerfrëndlech ze gestalten, an deem hu mer deen Ament Rechnung gedroen. Si sinn net luxuriéis, si si kannerfrëndlech a si sinn no den Oploe vu Luxcontrol gemaach ginn, a wann dat elo nees eng Kéier 70 Joer oder méi laang soll halen, da kann ee soen, datt mer do nach relativ bëlleg geschafft hunn.

Den zousätzleche Sall an der Maison Relais ass net vu staatlecher Säit verlaangt ginn, mä vun eise selwer, wéi ech virdrun erkläert hunn, wéinst deene Kanner „à besoins spécifiques".

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Um Futtballsterrain ass ee Lift virgesinn, well mer dat Ganzt och wollten handicapéiertegerecht gestalten.

Am PiKo sinn och nei Hockere virgesinn, wann déi mat Mobilier gemengt sinn.

Bei de Gemengenateliere ginn ech wierklech dovunner aus, datt mer nach an dëser Legislaturperiod definitiv ukomme mat dësem Projet, well mir sinn eiser Beleegschaft dat och schëlleg.

Neit Material a Maschinne ginn all Joer virgesinn, well wann ee vu senge Leit verlaangt, datt se gutt solle schaffen da muss een hinnen och gutt Equipementer zur Verfügung stellen.

Wat de Cup-System ugeet esou si mir net d'office ofgeneigt fir dat ze maachen, dat soll awer an Zesummenaarbecht mat alle Parteie gemaach ginn. Ech wier och frou wann déi eenzel concernéiert Kommissiounen eis konkret Propositioune géife maachen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Mir hu scho gefrot als Kommissioun fir bei Festivitéiten dee Cup-System anzeféieren, wéinstens emol bei deene Festivitéiten déi vun der Gemeng organiséiert ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Do musse mir och eng intern Koordinatioun maachen, well dat jo net just ënnert d'Ecologie fält mä och ënnert d'Organisatiounen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir waren eis eens am SIKOR fir déi recycléierbar Bechere fir déi véier Kordallgemengen ze bestellen, mä du huet Déifferdeng erëm eng Kéier „cavalier seul" gemaach a Bechere mat hirem eegene Logo bestallt, soss wieren déi Bechere scho laang hei.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Well d'Gesamtappreciatioun vun eisem Spriecher Guy Brecht gemaach gëtt, wëll ech just op e puer Punkten agoen.

Trottoiren hunn am Summer op ganz ville Plaze gelidden. Ass hei dru geduecht fir dëst ze behiewen?

D'Zuel vun de Pecherten ass opgestockt ginn, mä och d'Gréisst vun de „zones résidentielles" ass gewuess. Ass dru geduecht fir déi Zuel vun de Pecherten an Zukunft weider erop ze setzen?

Ass et méiglech fir eng Lëscht vun de Gemengegefierer ze kréien, wou se alleguer zesummen drop sinn an och wat fir eng Affectatioun se hunn. Ech hu probéiert eng Lëscht ze maachen a sinn op 51 komm, mä ee genauen Iwwerbléck ass schwéier eraus ze fanne well ee keng Detailer kennt.

Am soziale Beräich sinn d'Ënnerstëtzung vu CIGL, ProActif, Equipe RMG, Jugendhaus, Cent-Buttek, Main Tendue a Sozialbüro ervir ze hiewen a ganz wichteg.

Ass et, wat de Recyclingzenter ubelaangt, méiglech matt anere Gemengen ze kucke fir do ee Konsens ze fanne wat geholl gëtt a wat net? Ech hu festgestallt, datt mir Saachen

huelen déi si net huelen an ëmgedréit, wat jo awer net ganz glécklech ass. Esou huelen se zum Beispill zu Déifferdeng Yaourtsdëppercher a mir huelen se net, well déi net an de bloen Tute matgeholl ginn.

Bei de „Fêtes Publiques“ geet de Kredit vun 22.500 Euro (2015) elo op 47.500 am d’Luucht. Wouhier kënnt deen Ënnerscheed?

De Belag an der Rue Schuman ass ganz schlecht. Ass et net méiglech, deen esou bal wéi méiglech ze rafistoléiere fir datt dat awer erëm eenegermoosse gutt ausgesäit?

Am Extraordinären ass bei der Zone 30 den Zebrasträifen an der Rue du Parc hei uewe bei der Gemeng ewech geholl ginn. Dat ass zimlech séier gemaach ginn, an ech wollt froen ob dat geschitt ass am Sënn vun der Vergréisserung vun der Stadhausplaz? Well dat awer am Ufank vun der Zone 30 ass wier et net schlecht, wann deen nach do wier bis et mat den Aarbechte géif lass goen. Anscheinend hätt d’Polizei scho Leit protokolléiert déi do eriwwer gaang si well keen Zebrasträife méi do war.

Den neie Wee fir bei de Kierfecht zu Rolleng gëtt eis nei Méiglechkeete fir d’Sécherheet bei der Spillschoul besser an de Grëff ze kréien. Dee Projet ass ganz wichteg an huet och meng voll Zoustëmmung.

Bei der neoapostolescher Kierch stellt sech de Problem mat Parkplazen. Ass do scho mat Ponts et Chaussées Récksprooch geholl gi fir Terrainen do ronderëm notzen ze kënne fir do e puer Parkplazen zousätzlech zum klenge Parking ze kréien.

Wat d’Paschtoueschhaus zu Rolleng ugeet, do sinn d’Geschichtsfrënn frou, datt déi Betonsdall um zweete Stack soll gemaach ginn. Leider gëtt de Lift net op den zweete Stack erop verlängert, mä et sollt een awer d’Viraussetzunge schafe fir dat spéider nach kënnen nozemaachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat Är Opzielungen am soziale Beräich ubelaangt, esou si CIGL, ProActif an Equipe RMG vun der Gemeng aus eng wichteg Komponent fir d’Aarbechtslosegkeet hei an der Gemeng ze bekämpfen awer, op der anerer Säit a fir mech grad esou wichteg, och ee wichtegen Acteur wat Tourismus a Betreiung vun eelere Matbierger ubelaangt. Den Office social ass een Etablissement public mat ganz vill Aarbecht, a mir wäerten Enn der Woch nach op d’Opstockung vu Personal ze schwätze kommen. Bei Cent-Buttek a Main Tendue bleift déi wichteg Aarbecht vum Benevolat ze ënnersträichen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Trottoiren an der Gemeng hu gelidden an dat op ville Plazen. Mir hunn ee Programm fir déi Ausbesserungsaarbechten deen de Situatioune Rechnung dréit, esou datt zum Beispill net do gefléckt gëtt wou mer kuerz drop nees erëm oprappen. Och muss deen neie Kontermeeschter an der Voirie emol d’Chance kréien sech anzeschaffen. Wann Dir awer elo punktuell esou eppes gesitt an dat mat enger Gefor fir d’Leit verbonnen ass, da signaléiert et direkt un den zoustännegen Service a waart net onbedéngt bis eng Gemengerotssëtzung ass, da kënne mer déi Aarbechten och direkt maachen.

D’Zuel vun de Pecherten ass op véier opgestockt ginn, an och wann d’Zones Résidentielle méi grouss gi sinn, esou ass net geduecht fir nach ee weidere Pechert anzestellen an dëser Legislaturperiod, mä mir kucke fir d’Efficacitéit ze steigeren, an do weisen sech och scho Resultater.

De Kredit fir „location de matériel – fêtes publiques“ ass gehéicht ginn, well mir jo wëlles hunn gréisser Manifestatiounen ze maache wéi d’lescht Joer op Nationalfeierdag, wou mer Material lounen, Toiletten zum Beispill, déi elo Standard gi sinn, oder een Zelt oder Gradinen.

D’Erneierung vum Belag an der Schumanstrooss ass fir 2017 virgesinn.

Den ieweschten Deel vun der Rue du Parc ass net méi befuerbar, dat huet dëse Gemengerot virun enger Zäit, mat Iech zesummen, gestëmmt, a wann déi staatlech Kommissioun op d’Plaz kontrolléiere kënnt, da stellt se fest, datt do kee Foussgängersträife méi higehéiert, soss kréie mer dat net autoriséiert. D’Komissioun ass elo laanscht, a mir kënne kucken ob mer dee Sträifen nees provisoresch dohinner maachen. D’Verkéierskommissioun muss sech elo just Gedanken driwwer maachen, ob mer de Foussgängersträifen nees dohinner maachen an alles bleift wéi et ass bis matt den Aarbechten ugefaang gëtt, oder awer mir maachen d’Strooss elo direkt scho provisoresch zou.

Mat Ponts et Chaussées ass geschwat ginn a mir hunn eng formell Demande gemaach fir bei der neoapostolescher Kierch een droit de superficie ze kréie fir do kënnen ze parken. Nieft deene Parkplazen déi schonn do bestinn, an dat misst dann duer goen, well et si jo keng gréisser Manifestations publiques do geplangt.

Déi Betonsdall am Paschtoueschhaus soll och zur Stabilitéit vum Gebai bäidroen, an de Lift geet net bis op den zweete Stack, well mer eis mat de Geschichstfrënn eens si fir lues a lues vum siichtbaren Archivage op den elektronesche Wee hin ze goen an net méi alles ze stockéieren. Eng Verlängerung vum Lift bleift awer méiglech.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech menge jidderee weess, datt d’Jugendhaus hei an der Gemeng ee feste Pilier an der Jugendaarbecht an net méi ewech ze denken ass.

D’Main Tendue ass an der Familljepolitik ee Partner, deen deene Familljen, déi en Détresse sinn, ganz staark ënnert d’Äerm gräift. Si hu virun 10 Joer als ganz kleng Grupp ugefaang, haut si se op dräi Site verdeelt wouvunner mir der zwee ganz gutt ënnerstëtzen.

De Wee fir op de Kierfecht zu Lamadelaine ass eng éischt Phas zur Sécherheet vun de Schoulkanner, eng zweet Phas gesäit dann d’Verbindung vun deenen zwou Schoule vir wat e bësse parkähnlech soll ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat d’Lëscht vun de Gemengegefierer ugeet esou hutt Dir jo awer ee permanente Vertrieder hei an der Gemeng deen, wann e gefrot gi wier, Iech dat scho laang hätt kënne besuergen. Ech wäert kucken, datt Dir déi Lëscht kritt, vläicht awer elo net an deenen éischte véierzéng Deeg.

Wa mir eppes net ofhuelen am Recyclingzenter dann ass dat well mer do u Konventioune mat Valorlux an anere gebonne sinn. An anere Gemenge gëtt et aner Reglementer an och aner Taxen. Mir kënnen awer mat eisem gudde Wëllen déi aner uschwätzen ob si eis et wëllen ofhuelen, mä wann déi net gewëllt sinn et ofzehuelen da kënne mir et och net.

**Thein Joe (adr):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an dir Häre Conseilleren, ech hoffen, datt der nach all zu spéider Stonn hell waakreg sidd.

Nodeems de Schäfferot ons an der Sëtzung vum 11. Dezember 2015 de Budget rectifié 2015, an de Budget initial 2016 presentéiert hunn, ass et dann haut d’Aufgab vun der adr fir d’Finanzpolitik vun der Aalparteiekoalitioun ënnert

d'Lupp ze huelen an Iech ons entspriechend kritesch, pragmatesch a rational Bewäertung zu där Finanzpolitik matzedeelen – quasi eng „Ofrechnung" fir Är Politik, an am Numm an Interessi vun eiser Wielerschaft.

Ech wëll fir d'alleréischt awer mat engem décke Merci ufänken, bei alle Leit a Gemengeservicer, déi beim Ausschaffe vun dësem 300-säitege Budget matgewierkt hunn an ons mat hirer professioneller Aarbecht d'Haushaltsgrondlag, op déi di politesch Debatte foussen, exemplaresch verbildlecht hunn.

Dir Dammen an dir Hären, da muss ech awer eescht gi wat d'Situatioun ass. Ech wëll dem Schäffen- a Gemengerot scho gläich zu Ufank vu menger Interventioun hiren Hurra-patriotismus vermisen. Haut de Mëtteg hat ech d'Geleeënheet fir ee ganz interessanten Artikel am Lëtzebuerger Wort ze liesen: "Aus dem Gemeinderat Petingen: An Bewährtem wird nicht gerüttelt". Dach, selbstverständlech gëtt dorunner "gerüttelt", genau dat hat ech haut Wëlles!

Nodeems bei der Presentatioun mat allerlee Millionebeträg a Geldzomme ronderëm jongléiert gouf, picken ech fir d'éischt mol gären dee wichtegste Montant aus dem Zuelenzalot eraus, d'Gemengeschold. All déi aner Punkten a menger Ried wore scho Géigestand vu Questions Communales, Interventiounen am Gemengerot oder Artikelen an eiser Lokalzeitung „de Pefferkär" a wäerten Iech beim intresséierte Nolauschteren als „Postulat vun der adr" am weidere Suivi vu menger Ried bestëmmt nees an d'Gediechtnes kommen.

An ech hunn, léif Frënn, bei menger Analys vum Budget, nees eng immens Loscht fir Réalitéitsradikalist ze sinn.

D'Gemengeschold chiffréiert sech, dem neiste Stand no, op 12,61 Milliounen Euro, wat 708 Euro op de Kapp sinn. Bis elo ass et der Gemeng zwar gelongen, hir Schold vun 2003-2016 kontinuéierlech ofzebauen, fir d'lescht also mat exakt 1,7 Milliounen Euro, ma d'Gemeng ass awer och ni „scholdefräi" gewiescht a muss also bedéngterweis eng Politik féieren, wou d'Schold ëmmer nees am Budget opdaucht, a wou genau dës Schold, och vu Legislatur zu Legislatur, weidergeschleeft gëtt, ausgoend vun 2003, also schonn dräizéng Joer laang. Dank „gudden Zäiten" zu Lëtzebuerg, konnt souwuel op nationalem Niveau wéi op kommunalem Plang laang iwwert ons Verhältnisser gelieft ginn, an och déi eng oder aner Scholde woren ni e grousse budgetäre Problem. Mat der Finanz- a Wirtschaftskris gouf Lëtzebuerg awer éischtmools gutt geréselt an d'Luxusliewen huet der Realitéit weeche mussen. Haut sti mir virun engem Scholdebierg, deen a senger Integralitéit mat de Scholde vum Zentralstaat, de Gemengen an de Sozialver-sécherungen, leschter Berechnung vun 2014 no, ronn 11,3 Milliarden Euro entsprécht. Eng Gemeng huet zwar eng gewëssen Autonomie, mä op d'Matfinanzéierung vum Staat kann och si net verzichten. Kann de Staat awer iergendwann d'Gemeng net méi entspriechend finanziell ernähren, oder vläicht och wesentlech manner wéi virdrun, da muss d'Gemeng nees méi aus eegener Täsch bezuelen, wat bedéngt, datt d'Schold méi grouss gëtt, manner Sue fir aner Invester disponibel sinn, an de klenge Steierzueler nees als Sënnebock bei d'Kees gebiede gëtt. 13 Prozent vun den ordinäre Gemengerecettë ginn elo schonn duerch d'„Einnam" vun Taxe kumuléiert. Ech wëll bei Leiwe keen Däiwel un d'Mauer molen, mä fir d'Situatioun eemol ze verbildlechen: Wier dat hei eng Gemeng am faillite Griicheland, esou hätt d'Gemeng als Inkassobüro am Opdrag vum Pappa Staat nach haut den Owend zur Rettung vun der Gemeng bei all eenzelnem Gemengebierger 708 Euro vu senger Pai akasséiert. An dat sinn eréischt just déi „puer Suen" vum Endettement vun der Gemeng Péiteng an enger Gesamtverschëldung déi Lëtzebuerg huet. Dës Prokappverschëldung ass iwwregens och un e Populatiounschiffer vum „status quo" gekoppelt, an nom kloere Bekenntnis vun eisem Schäfferot fir weider eng „politique sans limites" am Populatiounswuesstem ze maachen, kann deen iwweroptimistesche Réckgang vun der Gesamtschold an der Prokappverschëldung net als defintiven Zoustand consideréiert ginn, eben och dowéinst, well d'Zukunft fir ons Finanzen alles anescht ewéi positiv ausgesäit.

D'Gemeng huet, fir ee Beispill ze ginn, de potentiellen Impakt vun der Migratiounskris iwwerhaapt net akalkuléiert, wat awer méi wéi sécher eng weider finanziell Belaaschtung och fir eise Gemengebudget wäert sinn. Do dobäi komme lafend Projeten, mä och extraordinär Projeten déi nach net an der Maach sinn, wéi z.B d'Zone économique Grand-Bis, de Préfinancement vun engem Devis vum Wirtschaftsministère, d'Gemengegaragen, déi nei Musekschoul an déi repressiv Moossname vum Gambiahäuptling am Inneministère, wou d'Gemenge ronn 62 Milliounen Euro - dovun 2 Milliounen Euro fir d'Gemeng Péiteng - am Interesse vum Secourismus konfiskéiert kréien, mä wou een allerdéngs bis haut op dee versprachene gambistesche Reformismus waart. Respekt vis-à-vis vun eise Fräiwëllegendéngschter am Déngscht vun eise Bierger ass sou een Ëmgang vum Ministère sécherlech net, dat ass e richtege Constat. Mä d'Matdiktéiere vu méi héije politeschen Instanzen hëlt och de Péitenger Schäffen- a Gemengerot net aus hirer Verantwortung fir hir existent Gemengenautonomie a Pouvoir ze notzen, sou datt ähnlech wéi am Fall vum Schwammeeschterdiktat munchmol Selbstverdeedegung virum autoritative Staat néideg ass.

Et war dem Schäfferot dann och eng Freed matzedeelen, datt dat politescht Organ vun der Péitenger Gemeng dogéint just mat 0,38 Prozent oder 200.000 Euro Käschte fir déi legal a konsultativ Komissiounen zu Buch schléit an domatter beispillhaft fir eng gutt Gemengegestioun ass. An eisen Aen allerdéngs keng politesch Meeschterleeschtung ewéi vill méi eng natierlech Selbstverständlechkeet, datt de Bierger net och nach fir de Politiker bezuele muss, obwuel, wie bezillt eigentlech d'Gefréiss, d'Reesen, d'Paien an dee ganzen Tamtam ronderëm? Wat haalt dir eigentlech fir Spuerefforte bei der politescher Féierung, an anere Wierder, bei Iech, fir ugemooss? Wat ass Äre Bäitrag, deen dir leeschte wëllt?

Dir Dammen, dir Hären, ech wëll är Opmierksamkeet awer och nach op aner, intressant Punkten an dëser Budgetsdebatt zéien, wou een d'Meenung vun der adr wësse sollt.

Mir sinn eng Partei, déi sech aus Léift zu eise schéinen Heemechtsdierfer op kommunalpoliteschem Plang engagéiert, an dowéinst fir gutt Liewensverhältnisser an déi absolut Liewensqualitéit antrëtt. Et gi leider politesch Entwécklungen, déi kontraproduktiv an destruktiv Effeten hunn, an domatter keng gesond Fortsetzung an d'Zukunft sinn. Ee Beispill dovunner ass d'Iwwerbevëlkerung vun der Péitenger Gemeng duerch een onkontrolléierten an ongebremste Populatiounswuesstem, dee wuel aus finanztechnesche Grënn geschitt, well d'Gemeng am Beschten an am Léifsten iwwert maximal Defraudatioun bei hire Steierzueler als Haushaltshëllef hir Existenz séchert. Wat méi Leit, wat méi Suen. Dir huelt de Leit gären d'Steiergelder am Interesse vun der Liewensqualitéit. Da gitt de Leit och d'Recht op dës Liewensqualitéit.

D'Péitenger Chefetage mécht eng aktiv-fördernd Politik vum Juncker'chen Eng-Milliounen-Awunnerstaat a verleet d'Gemeng mat dëser befremdlecher Zilsetzung an ee chronesche Problemzoustand. Wat méi Leit an d'Gemeng wunne kommen, wat méi Haiser, Residenzen an Appartementer entstinn, wat méi Autoen duerch d'Gemeng

gondelen, a wat méi Natur dem Verkéier weeche muss. D'Gemeng gëtt ëmmer méi zou gebaut an erstéckt un där katastrofaler Situatioun. Als fënneftgréisste Gemeng am Grand-Duché fuerdere mir als adr ee Populatiounswuesstem mat vernënftegem Denkmuster, getrei enger Strategie, wou eise materiellen, finanziellen a moralesche Kapazitéiten a Ressource gerecht gëtt. D'Gemeng huet, baséierend op der Statistik 2007-2014, ee Plus vu méi wéi 2.512 Neiawunner op eng Gesamtawunnerschaft vu 17.640 Leit ze verzeechnen. Bis 2020 kéint d'Pronostik bei 20.000 Leit leien, wann een déi progressiv Politik kenge verantwortungsvolle Limiten zouféiere wëll.

Op dës pervertéiert Situatioun kënnt dann och nach ee Verkéierswahnsinn, deen d'Gemeng iwwert 72.000 Kilometer Strooss paralyséiert, besonnesch an de Spëtzestonne vum Beruffstraffik, wéinst dem Tanktourismus, a well mir d'Bréck zum Ausland spillen an domatter als Duerchgangsroute zu de Grenzregioune fonctionnéieren. An da gi dir als Schäfferot mat der Naivitéit un d'Situatioun erun, fir da keng aner Iddie parat ze hunn, wéi Tempo 30er Zonen a feelplanifiéiert Vélosweeër an d'Gemeng ze planzen, an d'Gemeng elo an engem Hauruckverfahren ëmzekrempelen a mat Schantercher ze verstümmelen, well dir jorelaang der Vegetéierung vun der Stroosselandschaft nogekuckt hutt, doranner abegraff all déi futtis Stroossen an déi politesch Platitüd an der Verkéiersentlaaschtung. Ass esou eng Politik dénglech? Dir hutt keng Initiativ geholl, fir vun Zäit zu Zäit d'Réalitéit un d'Entwécklung un ze passen an domatter de Charme vun eise Citéen an Uertschaften ze garantéieren. Mä, dir Härschaften, gleeft mir Eent, mir hu mëndeg Bierger déi sech net méi vu Politiker bei d'Lisette féiere loossen, déi net méi op déi Wahltäuschungsmanöveren erafalen, wa kuerz virun de Gemengewahlen op eemol an der ganzer Gemeng ronderëm gedoktert gëtt an d'Bild vun der perfekter Gemeng presentéiert gëtt.

Déi radikal Ëmkremplungsinitiativ, déi bedéngt duerch hausgemaache Verzögerung zustane kënnt, an déi vill Schantercher, déi dir elo mateneen an d'Liewe rufft, wäerten d'Automobilisten an d'Awunner bestëmmt nach vill Nerven a Sue kaschten an hoffentlech huele si d'Revanche bei den nächste Gemengewahle fir déi Verantwortlech op d'Schëff ze schécken. D'Gemeng muss bis 2017 ronn 48 Milliounen Euro fir d'Stroossesanéierung bezuelen, wou donieft d'Ënnerhalung vum Waassernetz op 70.500 Meter duerch d'Gemeng nach zu Buch schléit, eng 50-60 prozenteg Kanalnetzerneierung vun 2,5 Milliounen Euro néideg ass an de rechtlechen Ausbau op d'Glasfasernetz nach vun Danne geet. Als Kiischt um Kuch deelt de Schäfferot dann och nach mat, datt dee gesamte Package natierlech mat enger Hausse vun der Ofwaassertax verbonnen ass, wou alt nees de Steierzueler fir är Schlampegkeet bezuele muss. Dir hutt d'Entwécklung net nëmme falsch ageschat mä déi ganz Legislatur näischt anescht gemaach, wéi mat neien Taxen an Tariferhéijungen oder sougenannte Spezialkreditter versicht är Feelinvester ze kompenséieren an Är politesch Feeler op Käschte vun der Allgemengheet ze tilgen.

Mir sinn och eng Partei déi och am Zesummenhang mam Populatiounswuesstem an der Finanzsituatioun vun der Gemeng, mä och a Saachen Integratioun an Asyl, eng realistesch Auslännerpolitik vertrëtt a sech fundamental am Versteesdemech vun Integratioun vun de Mainstreamparteien an hirer simplistescher Eenheetspolitik vun der Multikulti-Utopie ënnerscheed. Mir wëssen allerdéngs net, ob de Schäfferot entweder null Interessi un dem Sujet huet oder mengt och hei déi perfekten Integratioun gemaach ze hunn, mä mir si ganz gespaant ob d'Äntwert, wisou dës politesch Prioritéit nieft de Gemengefinanze just mat 4 Punkten am Budget thematiséiert gëtt.

Eng Gemeng wéi ons, wou den Auslännerundeel bei 49 Prozent läit, wou 96 verschidden Nationalitéite liewen a wou déi onpräzis an indirekt Ausso op eise Bréif iwwert d'Asylproblematik verlaude gelooss huet, datt Flüchtlingen an noer oder spéider Zukunft bei ons kommen, entbënnt d'Koalitiounspolitik kengeswees vun hirer Verantwortung, elo kloer an däitlech Meenungen, Positiounen a Konzepter op den Dësch ze leeën an de politeschen Dialog mat de Parteien ze sichen. Och hei gouf dat ganzt politescht Joer net eemol iwwert Integratiounskonzepter geschwat oder een Invest vu Gelder gemeet, déi d'Zilsetzung vun enger besserer Integratiounsphilosophie haten, ausser an der Integratiouns-komissioun natierlech, déi sech am Interesse fir d'Auslänner engagéiert a wou d'adr mat hirer Auslännerpolitik net erwënscht ass. Da komme logescherweis sou komesch Projete wéi d'Austellung iwwert d'Awanderung an d'Gemeng zustan, amplaz datt mir een Integratiounsbeoptragten aféieren, Informatiounsversammlunge fir déi richteg Integratioun organiséieren oder d'Lëtzebuerger Sprooch an der Gemeng férderen. Et kann een natierlech ëmmer iwwert d'Prioritéiten, d'Form an d'Ëmsetzung diskutéieren, mä dës Koalitioun verbucht ee brutalen Echec an der Auslännerpolitik, well si keen Interessi weist an domat förderativ beim Bradéiere vun eiser Identitéit matwierkt. Mat Referenz op den Auszuch vum Populatiounsregëster, datéiert op den 30. Mäerz 2015, ginn aus engem Total vu 17.640 Awunner, 9.199 Lëtzebuerger (52,15%) an 8.441 Auslänner (47,85%) ervir, wou also exakt nëmme méi 4,30 Prozent d'Trennlinn vun de Majoritéits-verhältnisser ausmaachen. D'Madame Conter hat d'Zuel vun 49 Prozent Auslänner genannt, mä ganz egal wat elo déi korrekt Zuel ass, mir gesinn, datt mir hei virun enger enormer Aufgab stinn, wou eng Laissez-faire-Politik net déi richteg Äntwert op d'Problematik ka sinn a wou akuten Handlungs-bedarf besteet, datt d'Gemeng als wichtegst Instanz hir Hausaufgabe mécht an sech d'Integratioun op de Fändel schreift.

Och froe mir ons, ob eng Visite vum Europaparlament, budgetéiert mat 10.000 Euro, grad elo déi richteg Investitioun ass an enger Zäit, wou sech Europa net grad als Musterbeispill ervirdeet, an dës Sue wesentlech méi Notzen an Zweck bei engem Invest an déi lokalpolitesch Integratioun hätten. A wa mir da beim interkulturellen Dialog sinn, géif et villäicht och am Interessi vun eiser Gemeng leien, eng Städtepartnerschaft mat enger russescher Provënz anzegoen, fir eis partnerschaftlech Bezéiunge mat Russland ze verdéiwen an ons esou och déi russesch Sprooch méi no ze bréngen.

Mat Verweis op d'„Aide au tiers monde" déi quasi all zweete Gemengerot um Ordre du Jour steet – a mir hu se laang matgestëmmt – mä eleng haut hu dir fënnef mol Entwécklungshëllefe gestëmmt, an do muss ech eemol däitlech Är Gutmënschepolitik a Fro stellen, dëst och vis-à-vis vun der Tatsaach, datt eist Land am Joer 2014 eng exzessiv Entwécklungshëllef op nationalem Plang vun 318.347.927 Euro - nieft bilateralen Hëllefe vun 102.000.000 Euro - geleescht huet, wat 1,06 Prozent vum nationale Brutto-inlandprodukt entsprécht. Als Vize-Champion vun der Nächsteléift hu mir souzesoen d'Sëlwercoupe verdéngt. D'Milleniumszil vun de Vereente Natioune läit bei 0,7 Prozent, an d'Moyenne vun deenen aneren OECD-Memberen ass grad mol op 0,29 Prozent. Mir plädéieren dowéinst fir eng radikal Reduzéierung vun der Auslandshëllef op de faire Minimum a fir ee vernënftegen Ëmgang mat eise Gelder déi fir prioritär Zwecker fir d'éischt déi sozial Nout hei am Land bekämpfe sollten, éier mir d'Geld duerch d'Welt verschécken. Besonnesch an der Flüchtlingskris, wou eng immens finanziell a materiell Logistik an ee Krisemanagement gemeet muss ginn, kann et net sinn, datt déi ëffentlech Gelder nach zäitgläich an d'Ausland geschéckt ginn.

Als adr hu mir, betreffend de Kontext ëm deen et geet, och e puer Questions Communalen agereecht, wou d'Äntwert vum Schäfferot an eisen Aen den Ausdrock vu politescher Schwächt ass. Mir hu mat eise Froen zur Flüchtlings-problematik, zum musulmanesche Begriefnis an zur Burka éischt Initiative geholl, fir den Dialog zu aktuellen Themen ze beliewen, mä mir sinn enttäuscht ginn, datt ënner anerem deen essentielle Sujet vun der Flüchtlingsproblematik kee weidere Suivi méi mat sech bruecht huet. Als Partei hätte mir gewënscht, datt de Schäfferot no eisem Bréif de Sujet op den Ordre du Jour gesat hätt, fir mat de politesche Parteien den Dialog zur Problematik ze sichen, an net eréischt wann d'Kand am Pëtz läit. Ech ginn d'Hoffnung awer net op, datt de Sujet iergendwann no der Budgetsdebatt op der Dagesuerdnung steet, a wann net, dann ass et op adr-Initiativ, wou dës Interpellatioun säi Wee an de Gemengerot fënnt. Ech muss also hei eise Bréif an Erënnerung ruffe fir datt och jidderee weess, datt d'adr déi éischt Partei gewiescht ass, déi mat Suergen a Wäitbléck, schonns éischt Gedankegäng zur Migratiounskris formuléiert huet a sech och géint „d'pensée unique" an dem dote Sujet stellt. Schonn am Joer 2011 wore mir als adr déi eenzeg Partei, déi di politesch Feeler am Kader vun der Opnam vu Flüchtlingen nieft d'Primärschoul kritiséiert huet an sech der Biergermaniff ugeschloss huet, fir géint déi politesch Methodik ze manifestéieren. Mir wëllen hei nach eng Kéier ons Positioun vun deemools attestéieren an ons an engem ganz ähnleche Geescht vun Argumentatioun a Faktelag mat der Flüchtlingskriis vun haut beschäftegen. D'Diskussioun ëm de Sujet wäert eng eege Ried a seng eegen Zäit erfuerderen, wéisou ech also haut hei net weider iwwert d'Asylpolitik schwätze wëll.

Mir sinn dann och eng Partei déi decidéiert fir eng effizient Kriminalitéitsbekämpfung steet. Am Budget ass net ee Pipcheswuert iwwert den Invest an d'Sécherheet vun eise Bierger oder an de Kampf géint Kriminalitéit verlaude gelooss ginn. Eng Gemeng déi awer sou ënnert dem kriminellen Zoustand leid wéi d'Péitenger Gemeng däerf och hei net Blannemännches dem Geschéien nokucken, fir dann herno un der Situatioun ze kapituléieren. Mir leien um Grenzgebitt zu Frankräich an der Belge, an d'Kriminalitéit mécht nu mol och op de Grenze keen Halt. Mir hunn als adr fir e Policekonzept plädéiert, wou d'Policepräsenz um Terrain verstäerkt gëtt an ee konsequent Virgoe géint Drogen-dealerei, Abréch, Iwwerfäll, Gewaltexzesser, Bedruch an d'Heesche stattfënnt, d'Roll vum Pechert iwwerduecht gëtt, ons Streetworkeren, déi mir jo anscheinend hunn, méi visibel ginn, an d'Comissariats de Proximité nees vollwäerteg am Déngscht vun eise Bierger stinn. Och eng intressant Iddi, elo am Kontext vum Terrorismus.

Bleift nach e Wuert ze soen zu dem ominéise Sondage, deen d'Koalitioun bei dem professionellen TNS-Ilres-Institut an Opdrag wëll gi fir de Bols bei de Leit ze fillen an de „bien-être" vun eise Matbierger eraus ze fannen. Gleeft mir wann ech Iech soen, datt mir keng sou manipuléiert Sondage brauchen, mä einfach just en oppent Ouer, eng biergerno Politik, wou mir d'Ängscht an d'Suerge vun de Leit eescht huelen, d'Leit iwwert d'Politik an d'Decisiounen informéieren, iwwert d'Stäerkung vum kommunale Referendum mat abannen, an eng besser Bezéiung tëscht Wieler a Politiker schafen.

Léif Frënn, mëssverstitt meng Ried net als Onofhängegkeets-erklärung fir mäin Heemechtsduerf, mä als Zeeche vun enger Fundamentaloppositioun géint Äert Aalparteiendenktum. D'adr mécht sech staark fir e grondleeënde Reformismus an der Péitenger Gemeng an hëlt hir Oppositiounsroll mat beschtem Wëssen, Gewëssen an Häerze wouer. Mir si bereet fir de Stuerm op den zweete Gemengesëtz a kämpfe bis zum finalen Datum fir d'Interesse vun eise Wieler, an eise Bierger, déi ons de Mutt ginn, fir dës Hürden op eisem politesche Wee ze meeschteren.

Mir hunn et munchmol dach awer mat engem onfäege Gemengerot hei ze dinn, deen opgrond vu sengem sturen, verstëbsten, ideologeschem a verwuerzeltem Aalparteien-denktum d'Chancë verspillt, den Idealismus verkennt, an déi wierklech Problemer verpeilt. A mir hunn et hei mat zwou Majoritéitsparteien ze dinn, d'CSV an d'LSAP, déi sech dës Gemeng zu Eege gemeet hunn an d'Arroganz dobäi hunn, fir d'Gemeng an hirem Parteinumm ze féieren . Mir sinn hei, léif Kollegen, fir dësen ongesonden Zoustand sengem Enn méi no ze bréngen.

Mir als Alternativ Demokratesch Reformpartei engagéieren ons fir eng Lokalpolitik déi nees hire Bierger déngt, vu gesonde Finanzen a propperem Haushalt ouni Steier- an Taxener-héijungen déi de Portmonni vum Péitenger, Rodanger, a Rollenger plëmmen, nohalteg-cleveren Investitiounen ouni Scholdelaascht, Sueverbëtzen a Feelinvestitiounen, eng effizient Politik géint d'Kriminalitéit a fir méi Sécherheet, d'Rettung vun der Gemeng virum Verkéiersinfarkt mat enger Mobilitéit vun der Zukunft, ons Ufuerderung fir ons Lëtzebuerger Sprooch an déi richteg Auslännerintegratioun, eng gerecht Educatioun, eng familljefrëndlech Politik, sozial Gerechtegkeet a méi Aarbecht fir onser Leit, méi Demokratie op lokalem Plang an eng nohalteg Entwécklung. Et gëllt d'Fauschtregel: Problem lokaliséieren, Problem analyséieren, Problem kanaliséieren. An dat och dann, wann de Sujet ee gewësse Mutt oder gewëssen „onpopulär" Moossnamen erfuerdert.

Selbstverständlech, dir Dammen an dir Hären, léif Frënn, wäert d'adr dëse Budget net stëmmen. Mä elo mol éierlech, d'Hänn héich, déi vun Iech wierklech un dës Alparteiepolitik gleewen? Ech wëll hei eng Kollegin vun Iech aus dem Käerjenger Gemengerot zitéieren, d'Madame Dr. Danielle Schmit, déi dat heiten zu hirem Austrëtt aus der sozialistescher Partei sot, an ech zitéieren: "Ech souz ëfters do de Kapp ze rëselen. Ech wollt einfach lo kee Kopfnickert méi sinn. Ech denken och op nationalem Plang setzt d'LSAP eng Kopfnickerpolitik duerch." Richteg. Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dem Här Thein seng Analys vun der Finanzsituatioun vun der Gemeng Péiteng beschränkt sech eenzeg an eleng op d'Gemengeschold. Hie geet och vun enger Situatioun aus wéi se haut ass, hie geet net vun enger Evolutioun aus, wat een eigentlech hätt musse maache wann een de Budget 2015 rectifié respektiv Budget 2016 initial analyséiert hätt. Wann een dat nämlech gemaach hätt, dann hätt een net kënne soen, datt d'Gemeng Péiteng iwwert hir Verhältnisser gelieft hätt, mä d'Gemeng Péiteng huet 12 Joer ouni supplementären Emprunt an deemno och net iwwert hir Verhältnisser gelieft. Dobäi wëll ech emol guer net soen, datt een Emprunt fir d'Finanzéierung vun engem Projet déi méi laang géif daueren och géif bedeiten, datt een iwwert d'Verhältnisser géif liewen. Och ass eng scholdefräi Gemeng net eppes absolut Ustriefbares, och wann et eng 4-5 Gemengen am Land gëtt, déi am Geld schwammen, net duerch hire Verdéngscht, mä doduerch, datt Firmen an hirer Gemeng vill Suen iwwer d'Gewerbesteier an d'Gemengekees bréngen.

Och déi Berechnung fir déi ganz ëffentlech Schold zréck ze bezuelen ass falsch, well wann een dat wëllt maachen, da misst een net 708 Euro pro Persoun akasséieren, mä 160 Euro. Well wann een dat wëllt esou rechne wéi Dir dat rechent, da muss een och alles rechnen, net nëmmen d'Gemengeschold mä och d'Avoire vun der Gemeng, an dat

sinn eleng wat de Cash ubelaangt Enn 2016 3,6 Milliounen Euro Solde déi op dat nächst Joer 2017 kënnen iwwerdroe ginn. Och am Pacte Logement hu mer 5 Milliounen am Fong stoen, a wa mer dat alles vun deenen 12,6 Milliounen ofrechnen, da bleiwen nach 3 Milliounen netto déi mir fir den Ament eigentlech Schold hätten. Wann een déi 3 Milliounen duerch 18.000 Awunner deelt, da kënnt een op 160 Euro.

Wat elo déi 13 Prozent ordinär Recetten u Gemengentaxen ugeet, do muss ech Iech soen, datt mer do schonn net méi „en règle" sinn, well mir bidden de Leit eng Déngschtleeschtung déi méi deier kascht wéi se erabréngt. Offall, Waasser an Ofwaasser kaschten eis – an ech hunn et e Freide gewisen – am ordinäre Budget scho 400.000 Euro méi wéi se erabréngen, d'Armortissementer vu Camionen, Kläranlag an allen Installatioune wéi Waasserleitungen asw. emol nach guer net mat gerechent. Duerch europäesch Direktive si mir forcéiert do unzepassen, an ech fannen et och richteg, datt d'Leit dat bezuele wat déi Déngschtleeschtunge kaschten. Ech ginn Iech Recht, datt mer solle kucke fir datt déi Déngschtleeschtungen an engem bezuelbare Rahme bleiwen, mä mir mussen awer nationalen Obligatioune Stand halen. Och déi rezent Decisiounen zu Paräis wäerten eng Repercussioun hunn op eng ganz Rei Aufgaben déi op eis zoukommen am Interesse vun der Natur an der Ëmwelt.

Wat de Käschtepunkt vun 200.000 Euro fir de Péitenger Gemengen- a Schäfferot ubelaangt frot Dir „Wat ass Äre Bäitrag deen Dir leeschte wëllt?", an ech froen Iech „Wat ass eise Bäitrag?", well Dir gehéiert zur politescher Equipe déi ënnert dëse Kredit vun 200.000 Euro fält. Dat sinn alle 17 Leit hei ronderëm den Dësch plus d'Kommissiounen, wou och d'adr mat dran ass, a wann Dir eis dat frot, da musse mer dat zesumme kucken, an da waarden ech op jidderengem seng gutt Propositioun déi en dann emol selwer bei sech ufänkt, a wann ee bei sech eppes mécht da kann een och bei anere Leit eppes verlaangen. Ech sinn der Meenung, déi 200.000 Euro sinn ee ganz klenge Betrag bei 52 Milliounen Euro ordinäre Budget, 0,38 Prozent déi a mengen Aen méi wéi vertrietbar sinn.

Och net aversta sinn ech mat der Ausso zum onbegrenzte Populatiounswuesstem. Mir hunn ee Wuesstem deen ass definéiert duerch ee PAG deen 1992 hei gestëmmt gouf. Mir sinn am gaang un engem neie PAG ze schaffen, mat alle Konsequenzen an allen Oplagen déi mer do hunn, a mir hunn nach de leschte Freideg gesot, datt mir nach eng weider Etüd musse maache fir dee PAG endlech op d'Schinnen ze kréien. D'lescht Joer huet dëse Gemengerot mat grousser Majoritéit eng Dispositioun geholl fir ee gewësse Baustopp wat d'Residenzen ubelaangt a wou mer d'Eefamilljenhaiser a ganze Quartiere schützen. An och wann dee Moratoire opgehuewen ass, wäerte mer am Kader vum PAG eng ähnlech Politik maache fir datt deen Trend méi gebremst gëtt, een Trend deen et net nëmme bei eis gëtt an deen dohinner geet, datt Leit éischter a Residenze wéi an Eefamilljenhaiser wunne ginn, mä mir wënschen eis éischter eng méi gesond Mixtur vu Residenzen an Eefamilljenhaiser. Jiddefalls hu mer an deene leschten 20 Joer keng Politik gemaach déi iergendwéi Influenz op d'Wuesse vun eiser Populatioun gehat hätt, am Géigendeel, mir hunn Decisioune geholl déi an déi aner Richtung ginn andeems mer zum Beispill am Zentrum vun den Uertschaften d'Héicht vun de Gebaier ëm ee Stack reduzéiert hunn a wou mer eis net ëmmer Frënn maache wann mer dat bei Baugenehmegungen applizéieren. Och de Perimeter gëtt am neie PAG net erweidert.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech huelen un, datt et dem Här Thein elo besser ass nodeems hien sech hei dechargéiert huet, an ech wëll net ze vill an deem erëm trëppele wat en hei deposéiert huet, wëll awer just e puer Saache riicht stellen.

Hie schwätzt vun 72.000 Kilometer Stroossen, hie wunnt an enger grousser Gemeng, et si ganz genee 72 Kilometer Stroossen. Dat ass schonn emol erëm eng Kéier ee klenge Bewäis wéi ee seng Gemeng kennt a wéi een sech a senger Gemeng erëm fënnt. Mir fannen, datt déi Moossnamen, déi do geholl ginn, wierklech den Ament nach méi zur Liewensqualitéit vun den Awunner bäidroen a mir bleiwe bei dëser Politik.

Dir kritiséiert den Invest vun 2,5 Milliounen an d'Kanalerneierung. Ech wäert de Leit da soen, wann se an der Schäiss stinn, u wien se sech da solle wenden. Dat sinn Aussoen déi ech einfach net ka verstoen, wou ee weess, datt dat Strukture sinn déi zur Grondaufgab vun enger Gemeng gehéieren, Kanal, Ofwaasser a Waasser.

Bei der Integratioun schwätzt Dir vun 10.000 Euro fir d'Visite vum Europaparlament, dat si bewosst falsch Aussoen, well et ass ee Kredit vun 10.000 Euro fir d'Aktivitéiten. D'Visite beim Europaparlament kascht Null Euro.

Da maacht Dir erëm eng Behaaptung déi ech am Raum stoe loossen. Mir hu wëlles ee Sondage ze maachen, Dir wësst scho genee wien et ass, ech hat nëmmen eng Undeitung gemaach. Dir schwätzt awer vun TNS-ILRES a sot e wier schonn am Virfeld manipuléiert. Ech hunn TNS-ILRES ëmmer als ee seriéist Institut ugesinn, den Här Thein behaapt hei awer, si géifen alles manipuléieren.

Da sidd Dir fir eng Brems am Populatiounswuesstem. Wéi stellt Dir Iech dat da vir? Chinesesche Modell mat nëmme méi engem Kand, oder d'Männer kastréiert? Wat hätt Der am léifsten?

Da frot Dir, wie fir d'Gefréiss an d'Reesen opkënnt. De Buergermeeschter huet Iech do ganz richteg gesot, datt och Dir zur politescher Elite hei gehéiert, Dir schlot mat an d'Käschten, a wat d'Gefréiss ubelaangt, esou hutt Dir Iech elo just ugemellt fir d'Iesse vun der Gemeng den nächste Freiden.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Thein schwätzt vun enger gerechter Educatioun déi awer, mengen ech, ganz gerecht iwwert dat ganzt Land verdeelt ass, well egal aus wat fir engem soziale Milieu ee Kand kënnt, esou bal et ee Fouss hei an eis Gemeng setzt a schoulflichteg ass huele mir et an d'Schoulen eran, wat esouguer eis Pflicht ass. Mir stellen an eiser Gemeng Classes d'accueil, d'intégration, d'appui; mir gi fräi Hausaufgabenhëllef; Leit déi schaffe kënnen hir Kanner an d'Maison Relais eraginn zu engem ganz niddrege Bäitrag opgrond vum Akommes gerechent a mir leeën am Joer nach 25 Prozent bäi.

Zur familljefrëndlecher Politik sief gesot, datt mer do net nëmme vun de soziale Wunnenge kënne schwätzen déi mer an der Gemeng hunn an och net nëmme vun deene Citéen déi mer elo bauen. Och Sport a Loisirs mussen an deem Zesummenhang betruecht ginn, Sportshalen, Futtballsterrainen, grouss Schwämmen, do sti mir als Gemeng vun iwwer 17.000 Awunner mat deem Budget scho bal exemplaresch do. Do kann een elo awer wierklech net behaapten, datt mir keng éierbar Familljepolitik an och keng éierbar Educatiounspolitik géife maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et ass mir net besser gaang wéi Iech, Här Thein, wat Dir zum Schluss gesot hutt, ech hunn och mussen de Kapp rëselen iwwer verschidde Saachen, déi Dir zum Beschte ginn hutt.

Wat „Aides au Tiers Monde““ ugeet, esou hu mir een Engagement geholl am Kader vum Klimabündnis vun 1996 un a mir wäerten och an Zukunft fir déi Politik weider stoen.

**Thein Joe (adr):**

Ech soen Iech, Här Buergermeeschter, an och dem Schäfferot villmools Merci fir hir Erklärungen a Statements hei. Ech wëll awer op e puer Attacken déi hei gemaach goufen agoen, well et mir wichteg schéint dorobber ze äntweren an eng Kloerstellung ze maachen.

Jo, ech hu mech hei dechargéiert, mat ganzem Häerzen, Politik ass eng grouss Leidenschaft vu mer, an ech sinn och frou, datt eist Gemengereglement mir dat Recht zougesteet hei kënnen als gewielte Vertrieder vun enger politescher Partei däerfen ze schwätzen. Merci och dofir, datt dat méiglech ass.

Zur Kanal-, Waasser- a Stroosseninfrastruktur beschëllegt Dir mech, datt ech net géif wëllen, datt dat hei als Infrastruktur besteet. Dat ass net richteg. Mir waren och déi eenzeg Partei déi hei fir ee faire Waasserpräis am Gemengerot gekämpft huet virun enger gudder Zäit nach. Wann der de Bäitrag richteg verstan oder interpretéiert respektiv tëscht den Zeile gelies hätt, dann hätt der erausgelies, datt mer ganz kloer fir déi Infrastruktur sinn a kengem iergend eppes wëllen do zum Onwee maachen.

Jo, ech sinn ee relativ bescheidene Mënsch, mä et ass einfach hei déi ganz Situatioun déi mech an d’Politik bruecht huet fir ebe géint déi Elitepolitik hei ze kämpfen. Ech gesi mech absolut guer net als ee vun dëser Elite, ech gesi mech einfach hei als e kritesche Bierger deen hei seng Missioun huet vun de Wieler, a méi och net. Ech soen iech och ganz éierlech, ech géif hei sëtze fir Null Euro, fir Null Euro an de Kommissiounen, fir Null Euro hei am Gemengerot, mä da wëll ech awer och, datt dir alleguer hei datselwecht maacht.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Thein, Dir hutt wierklech reell Talenter fir Theater ze spillen, ech géif mer emol Gedanken doriwwer maachen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Also wann ech um Enn vum Mount meng Rechnung maachen, mat alle Fraisen a mat de Steieren of, da sinn ech bei Null Euro. Wann dir kuckt, déi Stonnen déi ee Schäffen hei prestéiert, wou all normale Bierger sech géif Iwwerstonne rechne wa mer owes nach eraus ginn, wann ech alles rechnen an d’Steieren of, da leeën ech nach drop.

**Gira Carlo (CSV):**

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre vum Schäfferot, no enger zimlech ëmfaassender an detailléierter Presentatioun vum Budget ärersäits wëll ech mech a menger Budgetsanalys besonnesch mat zwee Punkte befaassen, dem Sozialen an, wéi kéint et anescht sinn, der Ëmwelt.

Wat dee soziale Volet ugeet, esou ginn et wéineg Ausgaben am extraordinären, wat awer net heescht, datt op dësem Gebitt wéineg geschitt. De läschte gréisseren Invest war déi nei Maison Sociale. Eisen Office Social, dee mer eegestänneg als Gemengeservice bedreiwen, huet ëmmer méi Aarbecht ze erleedegen, woufir hei d’Personal erhéicht gëtt, wéi och an der Maison des Jeunes, wou d’Erausfuerderungen, déi op d’edukatiivt Personal zoukommen, ëmmer méi grouss ginn, esou datt mer och hei méi Personalstonne brauchen.

Zu Rodange ass de Site vum Jugendhaus sécher net optimal, well déi Brennpunkten, op deenen d’Personal schafft, sech sécher méi am Zentrum ofspillen an hei déi Jugendlech besser kënnen opgefaang ginn. Käschten, déi der Gemeng am Jugendhaus entstinn, si mat 950 Euro pro Jugendlechen am Joer zimlech niddreg – 190.000 Euro bei zirka 200 Jugendlecher. Aneschter gesäit do d’Verhältnis an eise Maisons Relaisen aus, wou mer am Ablack eng 500 Kanner an deenen dräi Uertschafte fir ee Gesamtkäschtepunkt vu 4,83 Milliounen Euro betreien a wou d'Elteren (knapp 500.000 Euro) an de Staat zesummen 2,93 Milliounen Euro bezuelen, esou datt pro Kand a Joer 3.800 Euro duerch d’Gemeng bezuelt ginn. Fir déi ronn 1.800 Schüler an eise Schoule stinn 10,34 Milliounen Euro am ordinäre Budget, wat ëmmerhi 5.744 Euro am Joer pro Schüler ausmaachen, an dat fir ee Service wou mer als Gemeng nach wéineg matzebestëmmen hunn. Bei den Ausgaben hunn ech mech just op den ordinäre Budget baséiert.

Wéi d’Madame Conter an hiren Ausféierungen ewell gesot huet, gëtt den extraordinäre Schoul-Budget am Moment nach mat 550.000 Euro belaascht an dat fir d’Mise en conformité vun der Éigentschoul. Ze begréissen ass, datt geplangt ass déi zwou Schoulen zu Lamadelaine um Terrain mateneen ze verbannen an dat duerch d’Suppriméiere vun der Strooss, woufir de Kierfecht eng nei Entrée kritt. Fir en Terrain Multisport bei der Schoul Lamadelaine si 25.000 Euro virgesinn, dat schéngt mer e wéineg en niddrege Chiffer. Wat d’Schoule betrëfft, esou bleift zu Péiteng nach den hënneschten Haff vun der Parkschoul nei ze amenagéieren.

Mat der Schafung vun neie Plaze fir déi nei Maison Relais, déi fir d’nächst Schoulrentrée oder schonn deelweis eppes éischter fäerdeg gëtt, ginn déi ordinär Ausgaben an dësem Punkt nach eemol an d’Luucht. A wéi een an den Ausféierunge vun der Madame Conter héiere konnt, brauche mer nach nei Infrastrukturen zu Lamadelaine, an dat sécher och duerch dat neit Lotissement An Atzéngen dat no soziale Critère konzipéiert ass a jonke Famillje wäert zur Verfügung stoen. Domatter wäerte mer d’Listes d’attente vun de Kanner, déi an d’Maison Relais wëlle goen, wuel reduzéieren, mä nach net ganz ofbauen.

En Indice fir eng Bevëlkerung déi ëmmer méi op Ënnerstëtzung ugewisen ass ass d'Salle de détente déi mer un d’Maison Relais Péiteng ubauen. E weideren Indice heifir sinn déi Posten déi mer fir Kanner „à besoins spéciaux“ schafe mussen. Dat vum Familljeministère beabsichtegt Internat fir Kanner a Jugendlecher um fréiere Site vum LTMA, esou wéi Wunnenge fir jonk Leit déi Hëllef brauchen zielen och heizou. Als Gemeng stelle mer véier Wunnenge fir de symboleschen Euro zur Verfügung. Och d’Associatioun „La main tendue“, déi sech ëm Persoune këmmert déi Affer oder Täter vu physescher, psychescher oder sexueller Gewalt gi sinn, brauch fir hir sëllech Mataarbechter nei Bürosraimlechkeeten déi mer als Gemeng zur Verfügung stellen.

Och den SNJ, deen sech virun allem ëm jonk Chômeure këmmert, kann op Raimlechkeete vun eis zréckgräifen. Den SNJ wéi och d’Jugendhaus si sollicitéiert fir jonke Leit, déi d’Schoul ofbriechen an a kenge Strukture sinn, eng Hëllef ze bidden. An der Kannerbetreiung sinn och déi zwou Crèchen zu Péiteng an zu Rodange ze nennen, déi jeeweils vun enger ASBL mat Fräiwëllege fonctionnéieren.

Nieft Chômeuren, virun allem Jonker, déi an eise Betriber beschäftegt sinn, an der Equipe RMG, bidde mer Leit, déi op der Sich no enger Schaff sinn, am CIGL oder bei ProActif während enger zweejähreger Iwwergangszäit d’Méiglechkeet, sech duerch Weider- an Ëmbildung erëm fit ze maache fir den Aarbechtsmaart. Vun hiren Servicer profitéieren déi eeler Matbierger mat der Geschirkëscht a Mannerbemëttelter am Kuerbuttek zousätzlech vun dësen Ariichtungen. Fir déi déi op Hëllef ugewise sinn ass den Cent-Buttek eng gutt Saach dee just mat Benevole fonctionnéiert. Käschte fir de Loyer fir dëse

Buttek iwwerhëlt d'Gemeng. Als Gemeng bidde mer weider enger Rei vu Jonken d'Méiglechkeet hire praktesche Stage als Apprenti op der Gemeng ze maachen.

Eis eeler Matbierger profitéiere vun engem Foyer de jour zu Péiteng wéi och vun der Méiglechkeet sech un den Aktivitéite vum Club Senior zu Déifferdeng ze bedeelegen. Et gëtt de Repas sur Roues deem seng Kapazitéite sécher nach net ganz ausgeschöpft sinn. Erënnere muss een och, datt deenen eelere Leit, déi nach eleng fir sech suerge kënnen, de Service „Téléassistance" ugebuede gëtt. Fir „Aides nécessiteux" sinn 1,14 Milliounen am Budget ageschriwwen, a weider ënnerstëtze mer Sinistréierter a Bedürfteger am Ausland. An net zu lescht ass sech am gaang eng Initiativ op fräiwëlleger Basis ze bilden, an dat zesumme mam Jugendhaus, fir Flüchtlingen an eiser Gemeng ze begleeden. Dëst ass eng Initiativ déi vun der Gemeng ënnerstëtzt gëtt.

Wann ee sech reng op d'Chiffere baséiert déi am extraordinäre Budget zum Sujet Ëmwelt agedroe sinn, dann ass ee séier duerch de Bësch. Hei kann ee just soen: „der Schein trügt". A wa mer scho beim Bësch sinn, däers huet eis Gemeng net allze vill, awer d'Gerance gëtt no beschten Ëmweltcritère gemaach. A wéi ee groussen Impakt d'Ëmwelt an eiser Gemeng huet kréie mer an der lescht esou zimlech bei all Projeten ze spiren déi mer plangen, well et Oplage gëtt. Ech erënnere just un de Scoutschalet an déi geplangte Jufa esou wéi de Grand-Bis zu Rodange, d'Lotissement An Atzéngen zu Rolleng an och eise PAG, wou ëmmer erëm nei Etüde gefuerdert ginn.

Hei wier et mäi Wonsch, datt esou Fuerderungen ee fir allemol festgeluecht ginn, fir datt mer ouni Zäitverloscht plange kënnen. Wat de PAG an déi nei Studien ugeet, déi eis e weidert Joer mam PAG zréck gehäit, sinn ech der Meenung, datt een no all deene Joeren e Schlusspunkt soll zéien, well mer dann e Bebauungsplang hätten deen de Gegebenheeten ugepasst wier. No enger Rei vu Joere kéinten néideg Upassunge gemaach ginn, dat wier ëmmerhi besser wéi sech op een Dokument baséieren ze musse wat iwwerholl ass. Duerch déi kleng Fläch vun eiser Gemeng gëtt et souwisou net vill Spillraum fir Extensiounen. Just dat Existent soll beschtméiglechst geréiert ginn an dat fir eng méiglechst gréisst Liewensqualitéit wou nach Plaze bleiwe fir ze ootmen.

Datt d'Ausriichtung vun der Ëmweltpolitik déi richteg ass si mer gewuer ginn wéi mer gläich am éischten Ulaf fir de Klimapakt déi zweeten Certificatioun kritt hunn, op déi och schonn den zoustännege Schäffe Romain Mertzig higewisen huet, an esou gläich am éischte Peloton vun de Gemenge sinn. Eis Gebaier sinn an de leschte Joere vill méi effizient ginn, wéi och déi ëffentlech Beleuchtung. Bei der „Mise en conformité" vun de Gebaier gëtt selbstverständlech och op eng besser ekologesch Efficacitéit gesat.

Bei der schonn ernimmter klenger Fläch vun eiser Gemeng ass et schwéier den Awunner d'Méiglechkeet ze ginn sech an eng Fotovoltaik-Anlag anzekafen. An dëser Ronn hunn ech et och scho gesot, datt et wéinst der Topographie vun der Gemeng schwéier wäert si Wandrieder fir d'Stroum-produktioun opzestellen. Verbesserungen erhoffen ech mer duerch de Klimapakt bei de Privatleit, déi ganz staark beim Kompost mat der grénger Dreckskëscht matmaachen awer séier wéineg selwer kompostéieren. Just emol 500 Euro sinn hei u Subsiden am Budget agedroen an 1.000 Euro sinn et fir Waasseropfaangstrukturen. Hei muss et sécher zu engem Ëmdenke komme wat d'energetesch Efficacitéit vun den Haiser ugeet an och d'Bewosstsinn fir d'Ëmwelt am allgemengen.

Hei ass sécher eng Opklärungscampagne néideg. Fir méi Opklärung a Saachen Ecologie kéint een als Gemeng suerge wann d'Ökowoch erëm géif agefouert ginn déi schonn eemol bestan huet. Dat kascht sécher Iwwerzeegungsaarbecht an e laangen Otem, ass awer néideg wa mer eppes géint d'Klimaerwäermung wëllen erreechen, wéi et de Weekend zu Paräis am Hibléck op 2020 beschloss ginn ass.

A Saachen Ëmwelt kënne mer och op Déngschter vum Gemengesyndikat SICONA zréckgräifen. Mer sinn och beflass alles anzesammele wat ze recycléieren ass. Et muss een sech awer weider virun An halen datt et virrangeg drëm geet sou mann wéi méiglech Offall ze produzéieren, well op dësem Posten, wéi och bei der Waasserentsuergung, déi alles anescht wéi bëlleg ass – ech verweisen hei um Här Breyer seng Ausféierungen – mussen d'Käschten nom Prinzip vum Käschtendeckungsprinzip vun de Bierger gedroe ginn.

Wéilt een eng Ëmweltpolitik a leschter Konsequenz maachen, géif ee sécher op déi 25.000 Euro fir eng Chrëschtbeliichtung verzichten déi eis fir de Klimapakt kéint Aspuerunge bréngen. Hei schéint et mer awer wichteg ze sinn déi richteg Balance ze fannen tëscht dem Agreabelen an dem Sënnvollen. A punkto Ëmwelt gehéieren ech sécher zu deenen déi sech fir nach méi Konsequenz asetzen. Nach ëmmer si mer awer an der glécklecher Lag demokratesch kënnen ze entscheeden, esou datt een sech och enges Bessere beléiere muss wann ee fir seng Iddie keng Majoritéit fënnt, dat ass nun eemol d'Spill vun der Demokratie.

Elo nach zu e puer méi allgemengen Iwwerleeungen.

Wat de Scoutschalet zu Rodange ugeet wëll ech drop hiweisen, datt sech de Scoutsmouvement hei an der Gemeng scho säit Jorzéngte selwer dréit, an déi 300.000 Euro déi d'Gemeng fir de Bau iwwerhëlt gutt investéiert Suen an eis Jugend sinn. Mat dem neie Subsidreglement solle jo déi Veräiner ënnerstëtzt ginn déi an d'Jugend investéieren.

Intressant fannen ech déi grad emol dräi Prozent staatlech Subsiden déi ech den interessanten Diagramme vum Här Buergermeeschter Pierre Mellina iwwerholl hunn matt deene mer eis extraordinär Ausgaben 2016 finanzéieren. Dëst weist drop hin, datt mer trotz deene ville Aufgaben, déi eis als Gemeng operdroe ginn, gutt wirtschafte fir kënnen 26,8 Milliounen Euro an extraordinär Projeten ze investéieren. A mécht een hei d'Analys, stieche just de Projet ëm d'Waxweiler Millen, de Bau vun der neier Buvette um Futtballsterrain zu Péiteng, de Scoutschalet zu Rodange, den Ëmbau vum Rollenger Paschtoueschhaus an dee vun der Neiaffectatioun vun der neoapostolescher Kierch ervir, déi am Kader vu Kultur, Fräizäit an Tourismus ze gesi sinn. Soss déngt de Gros den Aufgaben, déi mer fir eis Bierger ze erfëllen hunn.

Feststelle muss een och, datt d'Bedreiwe vun eise Schwämmen, besonnesch wat déi Rodanger ugeet mat hirer sophistiquéierter Technik, fir eng Gemeng ni ka rentabel sinn, an dach si se, wéi eis Sportshalen, eminent wichteg fir eise Schoulsport an de Sport an d'Gesondheet vun eise Bierger am allgemengen.

Wat déi nei Projeten am Budget ugeet esou wäert sech an der Sëtzung vum nächste Freiden d'Geleeënheet bidde fir am Detail Stellung ze huelen.

Ech konnt feststellen, datt mer mat dësem Budget eisen Aufgaben, déi eis gestallt ginn, nokommen, an doriwwereraus bedeitend extraordinär Investitioune maachen. Och ass dëse Budget sozial an ekologesch ausgeriicht, esou datt ech mat rouegem Gewëssen dëst Dokument ka matdroen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Och den Här Gira ënnersträicht ganz richteg nach eng Kéier déi vill gutt Aarbecht déi geleescht gëtt, sief et vun de Benevolen am Cent-Buttek, sief et vu CIGL, ProActif oder

Equipe RMG, grad wéi vun SNJ an Zesummenhang mat deene jonke Leit déi hir Schoul ofgebrach hunn. Ech wëll awer och nach eng Kéier déi Aarbecht vun der Gemeng Péiteng ervirsträichen, fir jonke Leit am Kader vun hire Studien een Apprentissage ze assuréieren. Mir kréien ëmmer erëm Virwërf gemaach, datt mer Leit aus dem Privatsecteur géifen erauszéie fir heihinner schaffen ze kommen, awer hei weise mer mat enger ganzer Rei Jonker déi hire Stage hei maachen, datt mer och eis Aufgab an dësem Beräich wouer huelen. Ech hat eng Kéier am Virfeld vun enger Reunioun mam Patronat a mat de Ministèren ausgerechent, datt mir deemools bei 400 Beschäftegte ronn 80 Leit an iergend enger Struktur wéi all deenen elo just genannte beschäftegt hunn, wat 1 op 5 ausmécht a wat dach awer eng héich Zuel ass.

Wat de PAG ugeet kann ech Iech nëmme Recht ginn a widderhuelen, wat ech schonn de leschte Freideg gesot hat, datt déi Studien déi een ëmmer nees muss maachen an dee ganze laange Wee, deen ee brauch fir duerch den administrative Bësch ze kommen, vill Zäit an Usproch huelen an dobäi och nach vill Sue kaschten. Esou wäert dee ganze PAG eis, wann elo näischt méi dertëschent kënnt, 625.000 Euro kaschten ouni datt wesentlech Ännerungen am PAG géife geschéien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat deen ugeschwate Käschtendeckungsprinzip ubelaangt esou wëll ech ganz éierlech dobäi soen, datt mer de Präis nach e bëssen no ënne friséieren. Opgrond vun enger ministerieller Instruktioun soll elo den Amortissement wat d'Netz ubelaangt nëmme méi zur Halschent erageholl ginn, well soss wier de Käschtepunkt nach e bemol explodéiert. Wann awer nëmmen d'Halschent dovunner erakënnt, da feelt eng Halschent, an et muss jo awer een et bezuelen. Wa mer de Präis deemno eent zu eent un de Verbraucher géife verrechnen da géif de Präis ganz séier an d'Luucht goen.

Iwwert d'Chrëschtbeliichtung kann een diskutéieren, et sinn och Leit déi mengen et misst nach méi Beliichtung kommen, déi Déifferdenger wier méi schéin ewéi déi Péitenger asw., woubäi Déifferdeng eng ekologesch-gréng Gemeng ass wéi ech ëmmer héieren. Hei gëllt et wuel, dee richtege Mëttelwee ze fannen andeems zum Beispill gekuckt gëtt, déi ëmweltfrëndlechst Chrëschtbeliichtung mat LED asw. ze installéieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech kann dem Här Gira nëmme Recht ginn, datt mer am Jugendhaus nach edukatiivt Personal brauchen, a mam Ministère musse mer kucke fir d'Personalstonnen opgestockt ze kréie fir deen nächste Budget. Mat 950 Euro déi ee Jugendlechen eis d'Joer kascht si mer effektiv net ze deier wa mer gesi wat do alles geleescht gëtt. Wat elo déi 3.800 Euro ugeet déi ee Kand eis an der Maison Relais kascht do däerf een awer net vergiessen, datt déi Kanner ee ganzen Dag ausserhalb vun de Schoulstonne vun edukativem Personal betreit ginn, vun dem Bekäschtegen emol net ze schwätzen. Eis Schüler kaschten eis 5.744 Euro pro Joer, an hei däerfe mer och net vergiessen, datt eis Personalkäschten hei am Land relativ héich sinn, a mir si jo awer och gewëllt gutt Personal an eise Schoulen ze hunn an och adequat Gebailechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Zu deene 550.000 Euro fir déi zweet Phas vun der Éigentschoul sief gesot, datt mer schonn erëm bal d'Limitt erreecht hunn a kucke mussen, wéi eis Schoulgebaier genotzt sinn.

Dir mengt dann déi 25.000 Euro fir de Multisport zu Lamadelaine wieren e wéineg knapp. Mir hoffen e fir dee Präis ze kréien, esou ganz grouss soll e jo net sinn, a bis elo si mer nawell ëmmer matt deenen Zommen hi komm.

D'Internat fir Kanner déi Hëllef brauche wier eng gutt Léisung, an ech hoffen, datt mer do mat de Ministèren ee Schratt weider kommen.

Zu de Wandrieder: wann Dir eemol op d'Maison Relais zu Péiteng erop kuckt da gesitt Dir ee klengt Wandriedchen. Dat ass fir och de Kanner méi no ze bréngen, datt Stroum duerch dat klengt Wandriedche ka produzéiert ginn. Zu Rodange soll och eent stoe kommen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Well et wat d'Ëmwelt ubelaangt net esou einfach ass sech op plakesch Chifferen ze baséieren, probéieren ech et iwwert eng aner Aart a Weis ze maachen. Dir sidd jo awer scho laang genuch dobäi fir dat ze wëssen an dofir hutt Dir dat och scho richteg interpretéiert.

Mir kënne vläicht méi Suen, wat Subsiden ugeet, virgesinn, mä wa keng ugefrot ginn hëlleft dat eis net vill weider.

Da schwätzt Dir vun Ëmweltpolitik mat leschter Konsequenz. Wa mer elo sollten eng Chrëschtbeliichtung ewech huelen, da kéint een och vläicht nuets am Däischtere ronderëm lafen. Ech mengen awer net, datt dat vun de Leit gewollt wier. Mir kéinten och manner Fleesch iessen, dann hätte mer manner Béischten déi och manner Zäregase géife produzéieren. Ech zitéieren Iech ganz kuerz een Artikel vu gëschter aus der Zeitung „Die Welt": „Kühe gelten als Klimaschädlinge, sie kauen den halben Tag lang wieder und rülpsen dabei das Klimagas Metan, es steigt in die Atmosphäre auf und bildet dort eine Schicht durch die die Wärmestrahlung vom Erdboden nicht mehr ins Weltall verschwinden kann. Rülpst die Kuh, erwärmt sich die Erde, Metan wirkt 23 mal stärker auf den Treibhauseffekt als Kohlendioxid. Mit den bis zu 300 Litern reinen Metans die eine einzige Kuh produziert könnte man 24 Stunden lang einen Kühlschrank betreiben." Do gesäit een, datt een alles kann iwwerspëtzen wann een dat wëll mat leschter Konsequenz maachen. Dofir kommt, mir loossen d'Kierch am Duerf a probéieren net alles mat den Hoer erbäi ze zéien. Ech wëll Iech awer Recht gi wann Dir sot „ der Schein trügt", an ech gi jo dovunner aus, datt Dir dat am positive Sënn wollt interpretéieren, well vill méi Suen an d'Ëmwelt fléisse wéi een dat effektiv mengt.

Am extraordinäre Budget hu mer Primes écologiques, Erneierung vu Bëschweeër, Minettkompost, Elektroauto, Travaux dans l'intérêt de la vie rurale, an dann hu mer schonn 289.205 Euro virgesinn.

Mä och am ordinäre Budget hu mer vill Saache virgesi mat relativ grousse Chifferen. Klimapakt (50.000 Euro), Klimbündnisprojeten (30.000 Euro), Travaux d'entretien rural (88.000 Euro), Certification bois communaux, Travaux gestion de forêt (8.140 Euro), Subventions aux associations agricoles, viticultures et domaines forestiers (4.500 Euro), ouvriers forestiers (58.000 Euro), Botzaktioun (3.500 Euro), Jardin solidaire (27.288 Euro), Epicerie solidaire (57.288 Euro). Da komme mer schonn op ee Chiffer vun 340.719 Euro. Wa mer dann awer nach den normale Fonctionnement vum Minettkompost dobäi rechnen, do bezuele mer 115.000 Euro, 49 Euro pro Tonn, eng Part fixe op den Awunner (223.594 Euro), 14 Euro pro Awunner, da si mer schonn op 629.921 Euro. A wa mer da gär proppert Ëmwaasser hätten. Dann huele mer de SIACH och nach dobäi, och wann dat lauter Saache sinn déi net bei Ecologie stinn, mä déi mer awer fir eis Ëmwelt musse consideréieren, an de SIACH steet mat 1.995.963 zu Buch. Do komme mer op e Chiffer vu gesamt 2.294.557 Euro. Mir gesinn, datt dat vill méi ass wéi dat wat de Budget un sech hir gëtt wa mer eis just op

d'Ecologie baséieren. Dobäi hunn ech nach de SICONA vergiess.

An da kommen nach déi Moossnamen dobäi wou een net direkt mat Chiffere kann interpretéieren, well se global mat an d'Projete mat erageholl ginn. Dozou gehéieren de Projet Nei Vestiairen am Stade Municipal a seng Fotovoltaikanlag, ekologesch Botzmëttelen, all eis PCen kafe mer mat EcoStar-Label, eis elektresch Apparate kafe mer mam Eco-Label, Aktioun Ëmweltdiplom fir Kanner déi sech mat 10 verschidden Atelieren zeréck spigelen, Hecken- a Bamplanzaktioun mat eise Schoulklassen, Primme fir Heckeschutz, Amenagement vu Batterie fir Mülltrennung an de Schoulen, Service RMG mam Ënnerhale vun eise Gréngflächen, Certificatioun vun Enovos well mer Nova-Naturstroum akafen, Certificatioun vun SSC nohaltege Bësch, eise Recyclingzenter, eise Parking écologique um Roudenhaff, eisen Eclairage public wou mer lues a lues alles mat LED-Luuchte virgesinn, a wa mer da kucken eis Projeten am Doihl, Grand-Bis an An Atzéngen wou mer iwwerall Umweltverträglichkeitsstudie musse maachen, dat sinn alles Saachen déi op kee Fall gratis sinn.

Mir brauchen eis deemno net ze schumme wat eis Ëmwelt betrëfft. Natierlech ass een ni fäerdeg, an ech mengen awer, datt mer um gudde Wee sinn, well Roum ass och net an engem Dag gebaut ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech ginn Iech sécher Recht, datt mer um gudde Wee sinn an ech hu jo och verschidde Verbesserungen an deem Zesummenhang opgezielt, hat gemengt et géif de Kader sprenge fir se alleguer ze nenne mä sinn awer frou, datt Dir et gemaach hutt.

Wat d'Chifferen ubelaangt, wat eis Kanner eis an deene verschiddene Strukture kaschten, bleift nach vläicht bäizeflécken, datt d'Eltere fir hir Kanner an der Maison Relais 500.000 Euro bezuelen an datt mir insgesamt eleng fir d'Iessen schonn 820.000 Euro bezuelen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre Schäffen.

Als éischt wéilt ech alleguer de Leit déi an der Gemeng un dësem Budgetsdokument geschafft hunn Merci soe fir datt mir et alleguer matzäiten haten. Och dem Buergermeeschter mat sengem Schäfferot sief Merci gesot fir d'Presentatioun dee leschte Freiden an datt si sech nach eng Kéier bereet erkläert hunn fir „à chaud" op d'Froe vun de Conseilleren ze äntwerten, och wann d'Äntwerte'Äntwerten bei deem engen oder aneren e bëssen improviséiert sinn an nozepréiwe bleiwen, mä et sief.

Dee leschte Freiden, bei der Virstellung, ass de Buergermeeschter traditionell rëm op d'Circulaire vum Inneminister agaang an huet, wéi sollt et anescht sinn, kee gutt Hoer un dëser Regierung, déi jo ouni CSV fonctionnéiert, a virun allem um Inneminister gelooss. Dat ouni Récksiicht op de Koalitiounspartner deem seng Partei jo awer an dëser Regierung vertrueden ass an och nach deeselwechten Inneminister stellt. Mä de Koalitiounspartner hëlt dat alles esou hinn, muckst sech net an ass frou fir däerfen derbäi ze sinn.

Wann de Buergermeeschter och d'lescht Joer de 15. Dezember hei an der Budgetsdiskussioun gemengt huet, ech géif mech nëmme mat enger Saach, der Ëmweltpolitik, ophalen, sou ass et nu mol de Rôle vun enger grénger Partei de Fanger an d'Wonn ze leeën, an dat huet anscheinend geklappt soss wier d'Reaktioun eng aner gewiescht. Mä mir maachen eis, wéi dir ganz gutt wësst a gesitt, och Gedanken iwwert aner Sujeten. Datt mir nu mol méi iwwert Ëmweltproblematik hei an der Gemeng schwätzen ass ganz einfach de Fait, datt grad déi bei eis ze kuerz kënnt.

Ee vun de gréissere Projeten, déi an de leschte Joeren ëmmer rëm am Budget virkomm sinn a wou ee lo bal en En gesäit, ass de Grand-Bis zu Rodange. Mir als Gréng si natierlech net onfrou, datt op deenen Terrainen eppes Verstänneges soll geschéien, woubäi verstänneg fir eis e bëssen aner Critèren huet. Wat eis awer vun Ufank u gestéiert huet, an do si mir wahrscheinlech net déi eenzeg, ass, datt mir als Gemeng verseuchten Industrieterraine fir deier Sue musse kafen, Terrain dee mir elo mussen als Gemeng selwer an d'Rei bréngen dat heescht sanéieren. Bon, et wier jo da lo geschwënn esou wäit datt déi éischt Betriber sech do kéinten implantéieren an et geet rieds vu Betriber aus der Logistikbranche – Logistikfirma kléngt nun eemol besser wéi Transportfirma – déi do sollen ugesidelt ginn, mat masseg Camionen. Mir fannen dat net prickelnd, vu datt de Verkéier zum Deel muss duerch Rodange goen, respektiv laanscht Tankstelle féiert. Eis wier et léiwer, et géif no Betriber am Ëmweltberäich gesicht, mat sougenannte „green Jobs".

Och am Ausbau vum PED gëtt vu Logistikbetriber geschwat, och do gëllt, datt mir net onbedéngt erpicht drop si fir ee gréissere Camionsverkéier unzezéien, mä éischter aner, kleng an ëmweltfrëndlech Betriber do géife gesinn. An deem Zesummenhang géife mir et begréissen, wann d'Vertrieder vun der Péitenger Gemeng och an deem Sënn kéinten am SIKOR virschwätzen.

E weidere Projet wou mir derhannert stinn ass d'Lotissement Atzéngen zu Rolleng, well do sollt no soziale Critèren neie Wunnraum geschafe ginn am Aklang mat der Ëmwelt. Absolut begréissenswäert, a mol eng aner Wunnengspolitik wéi d'Opriichte vu Wunntierm duerch a ronderëm d'Haaptstrooss an d'Lonkescherstrooss zu Péiteng an zu Rodange, wat an eisen Ae keng Liewensqualitéit bedeit, weder fir d'Awunner déi ronderëm musse wunnen nach fir déi nei Bewunner vun deene Wunntierm.

En anere gréissere Projet, wou d'Resultat allerdéngs nach an de Stäre steet, ass dee sougenannte Jugend- a Familljenhotel JUFA zu Rodange. Just mat dësem Projet hu mir eis Bedenken, well d'Implantatioun quasi an der Natura-2000-Zon ass, an de Schäfferot sech dobäi och nach iwwer d'Oplagen am Kader vum Naturschutzgesetz wonnert. Hei wollt ech froe wéi wäit fort dee Projet ass, ob lo no mëttlerweil scho bal sechs Joer ouni weider Konkretes nach ëmmer dru festgehal gëtt an ob een Investor fonnt ass dee bereet ass sech an déi Aventure eranzeloossen a wien dat ass?

Wat déi Projeten an anerer ugeet gëtt de Schäfferot net midd bei all sech nëmme biddender Geleeënheet drop hinzeweisen, wéi schrecklech kompliz éiert, wéi laangwiereg a wéi deier all déi gesetzlech festgeluechte Prozedure sinn, a schwätzt ëmmer vun Hürden a Behënnerungen. An an dem Zesummenhang mam Naturschutzgesetz ginn och ëmmer d'Flantermais, d'Päiperleken an d'Planzen an d'Lächerlecht gezunn an et gëtt de Geck mat den Oplage gemaach. Mä mir als Gréng si frou, datt d'Regierung sou ee strengt Naturschutzgesetz geschriwwen huet fir d'Déieren an d'Planzen, déi op der Rouder Lëscht stinn, ze schützen esou laang nach Zäit ass, a fir domatter ze probéieren eis Biodiversitéit ze erhalen. Ouni déi gesetzlech Rumm konnten d'Gemengen a virun allem d'Promoteuren an d'Entrepreneuren an der Zäit wurschtele wéi et hinne Recht war, ouni sech ëm d'Natur, ëm d'Ëmwelt ze këmmeren. Mir op jidder Fall si frou, datt duerch déi Gesetzer eis Nokommen och nach kënne Flantermais an der Natur gesinn.

D'Plaz virun der Gemeng zu Péiteng soll ausgebaut ginn. Mir wéilte wësse wéi dat herno sollt ausgesinn. Ass eventuell dru

geduet gi fir op der lénker Säit vum Stadhaus eng Sträif mat Gréngs a mat Beem no vir ze zéien? Kéint een dann net higoen, wéi a villen anere Gemengen am Ausland an och hei zu Lëtzebuerg, an een „urban gardening“ ubidden, dat heescht fir Hochbeeter mat Geméis a Kraider ze beplanzen an de Leit d'Méiglechkeet ze gi fir sech do ze zerwéieren? Ëmmer méi vun eisen Awunner mussen an Appartementshaiser wunnen, déi mir hinne jo äifreg opriichten, an deemno hu si all keng Méiglechkeet fir een eegene Gaart ze maachen. Och wéilte mer hinnen domatter weisen, datt d'Geméis net onbedéngt an enger Plastikstut am Supermarché wiisst. Mir géifen dës Hochbeeter nawell gutt hei op dëser Plaz oder tëscht de Beem hei op der lénker Säit, do wou d'Entrée ass, als wéi och am ënneschten Deel vun der Maartplaz gesinn. Och kéinte Vélosstänneren oder souguer eng M-Box fir Véloen ënnerzestelle virum oder op der Säit vum Stadhaus stoen. An ee Parking mat enger Borne fir Elektroautoen ze luede wier nawell am Entourage vum Stadhaus vun Notzen.

Bis wou gëtt d'Parkstrooss zougemaach, a wou ginn d'Membere vum Schäfferot parken, wann den Accès zum Parking vum Peschenhaus net méi garantéiert ass, oder fueren si och mam Bus a mam Vëlo?

Nodeems den Här Breyer de leschte Freide sot, datt am Kader vun der Agence régionale immobilière sociale vu 77 Ufroen aus der Gemeng der nëmmen 13 konnten an eiser Gemeng vermëttelt ginn, wollt ech wëssen ob da lo ee Kadaster existéiert vun eidele Wunnengen, a wann net, ob dru geduet gëtt esou ee Listing auszeschaffen?

Deen ominéise P-Bus fanne mir eng gutt Iddi, an haten esou een Service jo och des öfteren hei am Gemengerot gefrot. A vu datt d'Konzept vum P-Bus ugangs 2016 nach soll ausgebaut ginn, wéilt ech wëssen, well ee groussen Deel vun de Clienten an d'Spidol oder an d'Apdikt wëll gefouert ginn, ob et net méiglech wier fir den Alter vu 75 Joer op 65 Joer erof ze setzen, dat am Sënn vu villen eeleren Awunner déi schonn ab 65 Joer net méi esou mobil sinn, speziell wann se mussen an d'Spidol.

Wat d'Opzielung vun den Aktioune vun der Integratiounskommissioun ugeet an de Kredit vun 10.000 Euro deen si dofir kritt, wollt ech iech informéieren: d'Péitenger Jugendhaus huet, ouni zousätzleche Kredit, ugangs Dezember éischt Kontakter mat de Flüchtlingen, déi an eiser Gemeng wunnen, opgeholl, duerch een einfacht matenee schwätzen a wéi dat hei an der Gemeng üblech ass „Ee kennt deen aneren“ ouni groussaartege „Kontakt-Sich-Projet“en, et hëlt ee vun den Educateuren si mat der Camionnette zu Rodange am Duerf of a féiert si an d'Jugendhaus. D'Educateuren hate scho fir déi leschte Plattform ugangs November ee fäerdege Projet do leien deen lo lues a lues kann ëmgesat ginn. Op jidder Fall fonctionnéiert dat perfekt a gëtt selbstverständlech am neie Joer weider gefouert mat: d'Gemeng entdecken, de Süden entdecken, d'Stad Lëtzebuerg entdecken, d'Land entdecken, den Nomëtteg zesumme verbréngen, zesumme Sport maachen, zesumme kachen, eventuell eng vun de gängege Sproochen duerch all déi Aktivitéite léieren asw. Och een Austausch vun de verschiddene Generatioune fonctionnéiert am Péitenger Jugendhaus scho säit méi wéi fënnef Joer, ouni zousätzleche Kredit vun 10.000 Euro, an d'Jugendhaus krut fir dee Projet esouguer schonn de Mérite de la Jeunesse am Gold an zweemol am Bronze. Dat alles ass net nei, eist Jugendhaus mécht déi opgezielten Aarbecht scho méi laang an ouni zousätzleche Kredit vun 10.000 Euro.

Bei den Opzielunge vun de Kommissiounen, déi der Madame Conter als Ressort-Schäffin ënnerstinn, fält et op, datt och do des öfteren d'Jugendhaus ernimmt gëtt wat mat eenzelne Kommissiounen zesumme schafft. Dir gesitt, och do gëtt d'Jugendhaus gebraucht an dat ouni zousätzleche Kredit.

Abee, ech hat d'lescht Joer eng Rei Punkten opgezielt déi mir och an dësem Budget nach ëmmer vermëssen. Zu Paräis si sech dëser Deeg op der UNO-Klimakonferenz COP21 195 Länner eens gi fir eppes ze ënnerhuelen an all Méiglechkeeten a Betruecht ze zéie fir de Klimawandel ze bremsen, an och eis als fënneftgréisst Gemeng aus dem Land géif dat gutt zu Gesiicht stoen, och wann nach ëmmer Leit heibanne behaapten et géif kee Klimawandel ginn.

Kéinte mir net endlech op de Wee vun engem Solarkadaster goen? Mat esou engem Instrument kann een als Gemeng an als Bierger aus der Gemeng direkt feststelle wou a wéi an ob iwwerhaapt eng Fotovoltaik-Anlag Sënn mécht. De Solarkadaster berechent d'Sonnestonnen an dee geworfene Schiet vu Gebaier, Kamäiner asw. Also een Outil mat deem net nëmmen d'Gemengeverwaltung kéint schaffen, wann se da gewëllt wier, mä deen och alleguer den Awunner aus der Gemeng bei hirem ëmweltgerechten an ökologesche Bau an Ëmbau ka vu groussem Notze sinn. An domatter kéint d'Gemeng mol een Effort maachen a méi Photovoltaik-Panneauen op d'Gemengegebaier setzen.

Mat Freed hu mir festgestallt, datt mir fir eis Gemengeservicer een Elektroauto am Budget stoen hunn. Mä firwat nëmmen een? Well och do ass nach méi dran. Et ginn och sougenannten „voitures utilitaires“ als Elektrogefierer um Marché, eenzel Gefierer kéinte ganz gutt als solches fonctionnéieren, vu datt si jo nëmmen um Territoire vun eiser Gemeng benotzt ginn an de Radius als solche jo net därmoosse grouss ass. Zu deem Sujet misst och eng Kéier een internt Mobilitéitskonzept ausgeschafft ginn, just fir d'Gemengegefierer aus eisen eegene verschiddene Betriber an den Transport innerhalb vun der Gemeng. Dëst am Kader vun eiser Ëmwelt, dat wëll heesche vum ëmmer méi zouhuelende Verkéier a vum ëmmer méi rarem fossille Brennstoff. An dësem Punkt wier et och un eis als Gemeng fir mam gudde Beispill virzegoen.

A vu Vëloe guer net ze schwätzen, oder gëtt och dru geduecht fir eventuell e puer Elektrovëloe fir d'Gemengeservicer unzeschafen, sief dat fir Schantercher kontrolléieren ze fueren, fir vun engem Centre an deen aneren ze fueren, fir Fotoe maachen ze fueren asw.

Ech wéilt och wëssen, wéi dem Schäfferot seng Positioun ass zu engem eventuelle Bëschkierfecht an eiser Gemeng? Viru kuerzem ass jo esou een zu Déifferdeng op der Zowaasch opgaang fir d'Gemengen aus dem Kordall, mä well awer wahrscheinlech d'Awunner aus der Péitenger Gemeng léiwer an engem vun hire Bëscher an hirer Gemeng verstreet ginn, wier dat dach awer mol an d'Aen ze faassen. Et ass deemno schued, datt fir esou ee Projet näischt an dësem Budget virgesinn ass. Mä wat net ass ka jo nach kommen.

Madame, dir Hären, ech soen iech Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech weess net wou Dir déi grouss Kritik um Inneminister festgestallt hutt, well ech hunn eigentlech just zwou Saache festgestallt, an zwar datt mer am Budget rectifié 3,6 Millioune Euro manner hunn duerch aner Moossnahmen, déi d'Regierung am leschte Joer geholl huet, an datt 2015/2016 nach eng Kéier ee Gréff gemaach gëtt an déi Suen déi d'Gemengen zegutt hunn am Kader vun den TVA-Erhiewunge fir ee Projet ze finanzéieren, deen eigentlech je zur Halschent misst vum Staat a vun de Gemenge finanzéiert ginn, déi nei Reform vun de Services de Secours a wou ech sécher weess, datt och am Joer 2016 trotz décker Zommen déi mer do bezuelen näischt um Terrain geschitt.

Dat sinn zwou Feststellungen déi ech gemaach hunn, woubäi et mir eigentlech egal ass ob dat ee sozialisteschen, ee

gréngen, ee bloen oder ee schwaarze Minister ass. Déi Bemierkung hunn ech gemaach am Numm vun der Péitenger Gemeng well ech weess pertinemment, datt 2015 3,6 Milliounen an 2016 1,1 wéinst der Reform feele wäerten, plus natierlech nach erëm eng Kéier dat wat mer 2015 schonn ewech geholl kritt hunn a wat Repercussiounen op 2016, 2017 an 2018 wäert hunn. Wann een eng korrekt Analys wëll maachen, da kënnt een net derlaanscht bei 2015 an 2016 op dat hinzeweisen. An dat war déi eenzeg Kritik déi ech a mengem halwerstënnege Kommentéiere vum Budget gemaach hunn an ouni déi ech nun eemol net komplett gewiescht wier. Et wonnert mech och, datt Dir Iech net och doriwwer opreegt, well dat jo net nëmme Péiteng mä de Gemengesecteur am allgemenge betrëfft.

Wat elo d'Fliedermais ugeet esou sinn ech einfach der Meenung, mir sollten hei zu Lëtzebuerg wësse wou d'Fliedermais fléie sollen, wou Wunnenge gemaach solle ginn a wou Aarbechtsplaze geschaf solle ginn. Mir mussen eis do just eens sinn. Wa mer mengen An Atzéngen sollte Fliedermais sinn a keng Wunnengen, da soll dat eben esou sinn. Mä wa mer eis eens waren, datt do solle Wunnenge kommen, dann hunn ech awer meng Problemer domatter datt, wann d'Baggere scho bal do stinn, e bemol gemengt gëtt elo awer Beem do ze setze fir d'Fliedermais iergendwéi ze dirigéieren, well ee kéint dovunner ausgoen, datt do Fliedermais sinn. Ech hunn dofir kee Problem mat Fliedermais, am Géigendeel, ech si frou, datt mer der genuch um Tëtelbierg hunn, mä et soll ee fir allemol kloer festgehal gi wat wou soll sinn. Doriwwer eraus sinn ech der Meenung, datt bei aner Projeten, wéi zum Beispill dem Tram, net esou vill no Fliedermais gekuckt gëtt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir mussen als Gemeng net verseuchten Industrieterrain fir deier Sue kafen. De Staat finanzéiert dat Ganzt vir, duerno gëtt iwwer bail emphytéotique matt de Firmae recuperéiert, mä d'Gemeng huet do näischt dran ze investéieren ausser deenen 3,7 Prozent déi nach bleiwe fir d'Infrastruktur. Um Grand-Bis ass geduecht fir eng Variatioun vu Betriber dohinner ze kréien, et hänkt awer och vill vun der Beschafenheet vum Buedem of, well et net iwwerall méiglech ass an de Buedem ze baue wou e verseucht ass. Wat de PED ubelaangt, do schaffen d'Gemeng an de SIKOR zesummen, a mir si jo och souwisou zu zwee am SIKOR vertrueden, d'Madame Conzemius am Comité an ech als President.

Wat d'JUFA ugeet ginn ech Iech Recht an ech hu jo selwer d'lescht Woch gesot et wier elo un der Zäit fir Neel mat Käpp ze maachen. Mir sinn eis eens wat dohinner soll kommen, mir sinn eis just net eens ween et bezilt. Mir waren ëmmer der Meenung, datt deejéinegen deen dohinner kënnt selwer bezilt a mir dat ronderëm attraktiv gestalten, si fannen awer – a si hunn de Bewäis och bruecht am Ausland –, datt bei deenen niddregen Zënsen Investoren do sinn, a si géifen och gär dee Wee goen. Den Ament sinn och zwee Promoteure ganz staark um Projet intresséiert a wéi dat soll ausgesinn, mir hunn eis do eraus gehal, mä do solle weider Gespréicher Mëtt Januar lafen. Sollten d'Investoren dann Nee soen, da gëtt JUFA opgefuerdert selwer zum Projet ze stoen a Suen ze investéieren, anerefalls musse mer kucke fir eppes Aneres do ze maachen, wou mer och schonn alternativ Projeten am Kapp hunn. Mir sinn do och net an der Natura-2000-Zon mä no bäi, an d'Flantermais déi do sinn déi si schonn ofgeséchert an hunn hire Couloir vun 30 Meter reservéiert.

D'Stadhausplaz gëtt vergréissert bis bei d'Haiser an der Parkstrooss, d'Beem sollen eropgezu gi bis vir hin. Urban-gardening hate mer een Ament och envisagéiert mä dat hei ass vläicht grad esou flott als definitiv Léisung. Et kann een sech awer iwwerleeën ob „urban-gardening" op aner Plaze méiglech ass, woubäi een awer och muss kucke wéi et geréiert gëtt, et kann een net alles dem Zoufall oder der Natur iwwerloossen. Mir sichen nach héchstwahrscheinlech eng kleng mobil Bibliothéik op d'Plaz ze kréien, Vëlosstännere sinn do virgesinn a mir sinn och bereet eng Plaz ze siche fir eng Borne fir Elektroautoen. Et ass léif vun Iech, datt Dir Iech Gedanke maacht wéi de Schäfferot op seng Aarbechtsplaz soll kommen. Ech ginn dacks zu Fouss, Bus a Vëlo sinn och eng Méiglechkeet, a wa mer mam Auto kommen da maache mer et just d'selwecht wéi elo wa Maart ass, mir kommen da vun hannen era gefuer, esou wéi och déi aner Leit déi do Garagen hunn.

Wéi ech scho virdru gesot hunn denke mir net drun fir ee Listing vun eidele Wunnengen opzestellen, mir kucken éischter fir Propaganda ze maachen, zum Beispill matt Aktiounen an de Fleege- an Altersheemer fir déi Leit an hir Familljen op déi Méiglechkeet opmierksam ze maachen, datt si hiert Haus esou gutt versuergt kréien ouni et mussen ze verkafen.

Statistike vum P-Bus leie vir a ginn elo nach ausgewäert. Mir denken och un eng weider Ouverture, well d'Capacitéiten nach net ganz erfëllt sinn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'Zesummenaarbecht mam Jugendhaus ass gutt a positiv, wat ee jo och gesäit wéi dir mam Budget ëmgitt deen nach net iwwerzu gouf. Eraus ze sträichen ass effektiv datt d'Aktivitéite vum Jugendhaus scho priméiert goufe mam Mérite Jeunesse am Gold an am Bronze, wat jo ganz positiv ass, fir d'Jugendhaus a fir d'Gemeng déi jo an engem Boot stinn. Als ganz positiv gesinn ech och déi vun Iech ugeschwaten Treffen, wéi elo Bärbelendag, wou ouni Wenn und Aber een op deen aneren zougaangen ass an déi puer Flüchtlingen do mat bäi geholl goufen, dat ass eng flott Saach déi mer och weider bedreiwe sollen am Sënn vun enger Integratioun op eng ganz einfach Aart a Weis vun deene Leit.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ee Solarkadaster kënne mir eis am Kader vum Klimapakt ganz gutt virstellen, mir wëssen awer, datt dat net vun haut op moar geet. Solarpanneauen si leider net iwwerall méiglech, mä op neie Gebaier wäerte mer dat selbst-verständlech a Betruecht zéie wéi Dir jo och elo beim Stade Municipal a bei de Gemengenateliere konnt feststellen.

Een Elektroauto matt der Betounung – wéi bei Iech och – op Een, et ass awer emol einfach ee gudden Ufank an ech denken, datt dat och net deen eenzege wäert bleiwen, och wa mer emol mussen eis Erfahrungen domatter sammelen. Just deelweis Recht ginn ech Iech awer wat d'Utilitären ugeet wou mer Problemer hunn fir 4x4 Gefierer ze fannen, mä lues a lues wäerte mer dee Wee aschloen.

De Vëlo gëtt bei guddem Wieder natierlech ganz vill genotzt, mä och do hänkt et ëmmer vum Wëlle vu jidder eenzelnem of, an et huet jo och kee Wäert Vëloen dohinner ze setzen déi net genotzt ginn. Ech sinn awer der Meenung, datt et eng gutt Saach kéint sinn.

Wat de Bëschkierfecht ugeet wëlle mer dat och hei zu Péiteng probéieren. Ech hu scho mam Fierschter geschwat fir eng gëeegent Plaz ze fannen, dat soll – esou de Fierschter – een Eechebësch sinn, an da misst jo nach gekuckt ginn fir déi entspriechend Autorisatioun ze kréien. Eis schwieft un sech um Hierschtbierg deen Deel beim Hondsterrain vir fir esou eppes ze installéieren. Dir schwätzt och de Bëschkierfecht vum Kordall un. Do kann ech just feststellen,

datt Déifferdeng dat gemaach huet ouni eis ze froen an eis elo awer freet wann et ëm d'Bezuele geet. Mir waren do awer net mat Initiator.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Den Här Becker huet och nach e puer mol vun engem zousätzleche Kredit vun 10.000 Euro fir d'Integratiouns-kommissioun geschwat. Dat ass keen zousätzlech Kredit mä just dee Kredit deen all Joer fir déi Kommissioun am Budget steet. Et ass ëmmer gutt wann eng Kommissioun déi eng oder aner Initiativ fir eng Aktioun hëlt, mä déi bescht Léisung ass ëmmer wann um Enn zesumme geschafft gëtt wat een sech ganz gutt bei der Jugend- der Integratiouns- an der Familljekommissioun mam Jugendhaus ka virstellen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Viru menger Interventioun zum Budget erlaabt mer just kuerz eng Stellungnahm zu enger Ausso elo virdrun. Ech si jiddefalls mat menge Kollege frou Member vun enger Partei ze sinn déi mat der CSV d'Majoritéit hei am Gemengerot duerstellt. Anscheinend maachen déi awer alles falsch, mä den Iwwel läit sécher beim Bierger, a mir mussen da wuel de Bierger eng Kéier an d'Gewësse riede fir datt se net déi Leit wielen déi alles falsch maachen. Ech fannen déi Ausso do vu virdru jiddefalls e bëssen deplacéiert.

Dann zum Budget. Erlaabt mer direkt am Ufank all deene Leit Merci ze soen déi un dësem Dokument geschafft hunn. Ebenfalls och e grousse Luef fir den Här Buergermeeschter an d'Memberen aus dem Schäfferot fir déi flott an iwwer-siichtlech Presentatioun de leschte Freideg.

Alles am gréngе Beräich, kann ee roueg hei soen, wat de Budget 2016 betrëfft. De Fënnefjoresplang, deen am Ufank vun dëser Mandatsperiod vun de Majoritéitsparteien opgestallt ass ginn, gëtt minutiéis agehalen. Natierlech gëtt et am Laf vun engem Joer ëmmer Inconvéniente mä Gottseidank si mer gréisstendeels d'lescht Joer dovunner verschount bliwwen.

Den Iwwerschoss am ordinäre Budget fält och dëst Joer ëm 2,2 Prozent, bedéngt duerch d'Spuermoossname vun eiser Regierung, mä beleeft sech awer nach ëmmer op 11 Milliounen. 11 Milliounen déi vill vun eisen Nopesch-gemengen oder Südgemengen net opweises hunn.

Och eis Gemengeschold ass erëm zréck gaangen, wat vollkommen an der Kontinuitéit vun de leschten 12 Joer läit. Wa mer an deem do Rhythmus kënne virufueren da kann eis Gemeng a 6 bis 8 Joer scholdefräi sinn. Wéi flott wäert et da ginn, wann eis Nofollegéquipe um Enn vun hirer Mandatsperiod kéint verkënnegen: „D'Gemeng Péiteng ass vun haut u scholdefräi". An dat virun allem well hir Virgänger ëmmer nëmmen op eng virsiichteg Finanzpolitik opgebaut an, trotz héijen Investissementer, schrëttweis d'Schold ofgebaut hunn. Mä dat hänkt natierlech ëmmer vun de Besoinen am Laf vun de kommende Joeren of.

Och eis Prokappverschëldung ass weider erof gaang an huet elo mat 708 Euro deen niddregste Stand zanter 2004 erreecht.

Ech wëll dann op de Fënnefjoresplang zeréckkommen. Um Ufank vun dëser Mandatsperiod hate sech déi zwou Majoritéitsparteien een éiergäizegt Zil gesat. Mat dem Budget vun 2016 gi mer elo an déi lescht Ligne droite.

Den neie PAG léisst erëm op sech waarden. An et schéint, wéi den Här Buergermeeschter betount huet, erëm eng Neverendingstory ze ginn. Esou wäert et och eréischt Enn nächst Joer gi bis deen neien an ech weess net wéi vill Mol iwwerschaffte PAG hei virgestallt ka ginn. An den Nodeel bei dëser Zäitspan: De Käschtepunkt geet ëmmer méi an d'Luucht.

Eisen éiergäizege Projet „An Atzéngen" hëlt och esou lues Formen un a schonn d'nächst Joer wäert d'Attributioun vu 44 Terrainen u jonk Familljen aus eiser Gemeng an d'Weeër geleet ginn.

Nodeems mer eis mat der Regierung betreffend den alen LTMA-Site méi no komm sinn, wäert och deemnächst mam Bau vun eiser neier Musekschoul kënnen ugefaange ginn.

Ee weideren éiergäizege Projet ass och d'Gestaltung vum Grand-Bis. Och dat kann een als Neverendingstory bezeechnen. Mä d'Chancë stinn awer exzellent, esou wéi den Här Breyer eis matgedeelt huet, datt dat Ganzt elo endlech no praktesch e puer Jorzéngten e Suivi kritt well déi éischt Investisseuren hu schonn hiren Interessen ugekënnegt.

A fir beim Här Breyer senge Ressorten ze bleiwen, wëll ech och hei de Projet Jufa-Hotel ernimmen. Et gëtt een dat Gefill net lass wéi wann et een zweeschneidegt Schwäert wier. Wéi den Här Breyer eis awer matgedeelt huet, wier och do e Suivi en vue, mä hoffentlech dës Kéier en definitiven. Wann een dobausse géif eng Ëmfro maache wéi vill Leit nach géifen un de Projet Jufa-Hotel gleewen, da géife mir als Politiker zimlech schlecht ofschneiden. Mä loosse mer hoffen, datt de leschte Freiden hei keng eidel Wieder verkënnegt si ginn, mä datt endlech Neel mat Käpp gemaach ginn an net, datt mer déi nächsten Neverendingstory musse materliewen.

No deenen deelweis kritesche Wieder wëlle mer eis awer elo erëm op d'Broscht klappen.

Virun allem wat eist Stroossennetz ubelaangt. 15,9 Millioune sollen nach am nächste Joer verschafft ginn. Wa während Joeren näischt méi geschafft gëtt wat déi ënnerierdesch Strukture vun eisem Stroossennetz betreffen, da kënnt enges Daags dee Moment wou et zu gréissere Panne kënnt. Gëtt déi Strooss opgerappt, dann erwaart een nach esou munnech Iwwerraschung, wéi mer dat an der Rue Philippart konnten erliewen.

A propos Rue Philippart. Dës Majoritéit huet dëse laang op d'Säit gedréckte Projet endlech an Ugrëff geholl. An d'Resultat léisst sech an der Tëschenzäit wierklech weisen.

Natierlech entstinn duerch déi dringend noutwenneg Aarbechten och gréisser Schantercher déi d'Leit dobaussen net ëmmer appreciéieren. Mä och do ass dës Majoritéit hire Pflichten nokomm fir déi interesséiert Bierger an Informatiounsversammlunge genee an d'Bild ze setzen.

Selbstverständlech ginn och stänneg eis Waasserleitungen iwwerpréift an, wann de Besoin do ass, erneiert. Dat selwecht gëllt och wat d'Gasleitunge betrëfft.

Positiv ass och nach, datt eis Stroossebeliichtung méi efficace gëtt, virun allem eis Zebrasträife gi besser beliicht, esou wéi et op verschiddene Plaze scho geschitt ass. Mat der Zone 30 trëtt eng weider Sécuritéitsmoossnam a Kraaft. Loosse mer just hoffen, datt jiddereen sech dorunner hält, besonnesch bei deem villen Duerchgangsverkéier.

D'Uertschaft Rodange, a besonnesch den Duerfkär, kritt an den nächste Joeren e ganzt neit Gesiicht. E gréissere Schantje kënnt do erëm op eis duer. Eng Informatiouns-versammlung huet scho stattfonnt. Mä et bleiwen nach e ganze Koup Froen op. Ech wier op jiddwer Fall dofir fir matt deene puer Geschäftsleit, déi nach do verbleiwen, eng eescht Diskussioun ze féiere wéi si während deenen nächste Joren am beschten iwwert d'Ronne kommen an hinne konkret Virschléi maache fir ze verhënneren, datt mer erëm esou een Exodus erliewen ewéi beim leschte Schantjen.

Positiv ass des Weideren d'Ënnerstëtzung vu kulturellen a sportlechen Evenementer an eiser Gemeng an datt nach méi Gewiicht op eis Traditiounsfester geluet gëtt.

En neit Subsidreglement gëtt eis jo am Januar virgeluecht, a mer wäerten dat genee ënnert d'Lupp huelen am Sënn vun eise Veräiner.

1.800 Schüler besichen am Moment dagsiwwer eis Schoulgebaier. Déi ordinär Ausgaben, fir den Unterrecht ze garantéieren, belafen sech op 10,3 Milliounen, wat jo net näischt ass.

Mä fir d'Kanner op hirem éischte Liewensweе adequat ze betreien ass bestëmmt keen Euro ze vill. D'Crèche schéissen nëmmen esou aus dem Buedem. Dat ass ee Fazit vun eiser haiteger Gesellschaft iwwert dee scho munnech Diskussioun geféiert ass ginn an och nach geféiert wäert ginn. Mä, esou laang ganz uewen de Wäert vun elengerzéienden Elteren net consideréiert gëtt, wäert och un där Situatioun näischt drun änneren.

Och hei an der Gemeng musse mer eis de Gegebenheeten upassen. Dofir entsteet och zu Rodange eng weider Crèche fir datt d'Waardeléschten erëm e bësse méi kleng ginn. Mä sécher net fir laang, well d'Ufro gëtt jo bekanntlech ëmmer méi grouss, aus watfir Grënn och ëmmer.

Wann een déi vill Associatiounen, Kommissiounen, Organisatiounen a Veräiner opzielt déi eise Jugendlechen eng sënnvoll Fräizäitbeschäftegung ubidden, steet d'Gemeng Péiteng sécher op enger vun deenen éischte Plazen hei am Süden. Idem déi vill Begleedungen déi Jugendlecher ugebuede kréien déi an hirem Liewen net esou vill Chance haten.

Dat Soziaalt gëtt ganz grouss geschriwwen an eiser Gemeng. Sief dat iwwert den Office Social, neierdéngs fonctionnéiert jo en Cent-Buttek zu Lamadelaine, oder iwwert sozial Wunnenge bezéiungsweis soziale Wunnengsbau. Et gëtt keen am Ree stoe gelooss, a wann een Hëllef ufreet esou kritt een och gehollef.

Zum Volet Sport a Fräizäit ass ze bemierken, datt d'Subside fir d'Veräiner op 96.800 Euro erop gesat si ginn. A wa mer elo am Januar dat neit Subsidereglement um Dësch leien hunn, da gi mer dovunner aus, datt déi Gelder och gerecht verdeelt wäerte ginn.

Eise PiKo gëtt jo zum gréissten Deel vu private Leit a Schoulkanner benotzt, an déi wäerten och deemnächst vun Anlage profitéieren déi vill Wäert op Qualitéit a Sécherheet leeën.

D'Analysen iwwer Biomonitor, fir d'Loftqualitéit an eiser Gemeng ze moossen, wäert och esou bal net méi ofgeschaaft ginn. Et ass dat een Exercice deen all Joer erëm kënnt zum Wuel vun alle Bierger an der Gemeng Péiteng.

No de flotten Anlage ronderëm de Stade Jos Philippart zu Rodange kritt och deen neie Fusiounsclub Titus/Péiteng nei Gebailechkeeten opgeriicht fir datt d'Supporteren an der Buvette a virun allem déi Jugendlech an de sanitären Anlagen sech richteg wuel fille wäerten. Sou, FC Rodange an Union Titus/Péiteng, d'Gemeng huet iech an de leschte Joere vill Freed gemaach wat d'Installatioune betrëfft an nach betreffe wäerten. Elo ass et un iech fir der Gemeng emol e bësse Freed ze maachen, mat grousse Leeschtungen zum Beispill fir datt et hei an der Gemeng emol deemnächst erëm eppes anstänneges ze feiere gëtt.

Op weider Themen, wéi zum Beispill d'Gemengenatelieren a -garagen, wëll ech net méi weider agoen, well meng Virriedner a Virriednerinnen dat bestëmmt scho gemaach hunn.

Wéi ech schonn aleedend gesot hunn, komme mer esou lues zum Ofschloss vun eisem Fënnefjoresplang an et gouf oder gëtt nach an den nächste Joere praktesch alles realiséiert wat mer eis zesumme mat eisem Koalitiounspartner virgeholl haten.

Ech wollt awer nach ganz séier bemierken, datt et ee grousse Verdéngscht vun eiser Fraktioun ass, datt endlech ee Ruffbus mat deem gewënschten an erhoffte Succès hei an eiser Gemeng circuléiert.

Mir als LSAP-Fraktioun freeën eis op ee weidert Joer mat eisem Partner zesummen ze schaffen a wäerten dëse Budget ouni Bedenken den nächste Freide stëmmen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir freeën eis dann och fir mat eis alleguer zesummen dee Programm ze realiséieren, an ech kann un sech nëmmen dat wat Dir iwwert d'Finanzsituatioun vun der Gemeng Péiteng gesot hutt mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hunn deene ville positiven a konstruktive Bemierkunge vum Spriecher vun der LSAP och net vill bäizeflécken.

Wat d'Jufa ugeet mengen ech hu mer déi lescht Stuf erwëscht wou et ëm d'Realisatioun geet oder net, an dat solle mer och esou séier wéi méiglech kloer maache fir datt mer nach Loft behale fir Alternativen.

Mat deene 15,9 Milliounen déi mer an d'Stroossen investéieren hutt Dir komplett Recht, datt mer ee Kollaps riskéiere wa mer do am Buedem net virsiichteg a präventiv virginn. Ech muss dobäi awer och ënnerstäichen, datt dëse Gemengerot ëmmer geschlossen hannert esou Stroosse-projete steet, ob Majoritéit oder Oppositioun.

D'Informatioun vum Bierger an deem Zesummenhang ass ganz wichteg, wat den Zentrum vu Rodange ugeet hate mer schonn eng Informatiounsversammlung, betreffend Rue Belair ginn d'Leit elo iwwert den Timing an aner Detailer informéiert.

Et freet mech och, datt dir mam P-Bus zefridde sidd, och wann et net är Initiativ war, dann ass et awer gutt ze wëssen dass e gutt ukomm ass.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Brecht beliicht ganz positiv déi Politik déi mer jo zesumme maache fir d'Schüler an der Gemeng Péiteng. Zu Rodange plange mer keng nei Crèche mä eng Maison Relais, an eis Waardeléschte gi wierklech net méi kleng.

A mam Här Brecht hoffe mir wuel alleguer – an et ass schonn e puer mol haut ugeklongen –, datt mer an nächster Zäit eng nei Musekschoul um fréieren LTMA-Site kënne bauen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Bei Sport a Fräizäit hu mer de Kredit substantiell an d'Luucht gesat, net zulescht fir och der Jugendaarbecht nach méi entgéint ze kommen, an dat gëllt och fir déi Anlagen um „Stade Municipal" zu Péiteng.

Den Defizit am PiKo soll net verhënneren, datt mer de Leit eng flott Anlag zur Verfügung stellen.

Och ech ka mer net virstellen, datt d'Analyse vu Biomonitor an den nächste Jore géife verschwannen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wëll dem Här Breyer just soen datt mir, wéi mir an Oppositiounszäiten nach net esou gutt matenee waren, e

puer mol vun engem Ruffbus geschwat hunn, esou datt déi Iddi awer e bësse vun eis kënnt.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

No all deene grousse Virträg a verschiddenen Interventiounen hei wëll ech am Numm vun der CSV-Fraktioun emol alle Leit Merci soen déi un deem Dokument hei geschafft hunn, haaptsächlech dem Schäfferot mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter Pierre Mellina. Wann een esou een Dokument virgeluecht kritt wou alles esou ausernee geluecht gëtt, do géifen der esouguer an der Spillschoul domatter eens ginn. Mir hunn der zwar hei déi net domatter eens ginn, mä et sief dann. Nodeems de Schäfferot dat alles ganz ausféierlech presentéiert huet, hunn ech et net fir néideg fonnt fir nach eng gréisser Interventioun ze maachen. No esou enger Presentatioun fannen ech ass et net ubruecht fir eng politesch Frustried hei ze halen an dem Schäfferot Saachen un de Kapp ze geheien déi e bëssen ënnert d'Gürtellinn gaang sinn. Politesch mécht een dat net, mir sinn dat hei och net gewinnt, et ass emol eng Ausnahm déi hei esou optrëtt, mä dat soll een dann och net fir Eescht huelen.

Just e puer kuerz Bemierkunge vu mir.

Ech hunn dem Här Breyer virdru gesot, mir hunn zu Rodange schonn eng ekologesch Chrëschtbeliichtung, well d'Halschent geet nëmmen oder et ass keng opgehaangen, mir sinn deemno ganz spuersam an ekologesch zu Rodange.

Näischt am Budget hunn ech fonnt betreffend Kierfechter. Dobäi ass de Rodanger Kierfecht an engem ganz schlechten Zoustand, katastrophal. Wann s de zu Péiteng iwwert de Kierfecht gees ass dat wéi d'Champs Elysées, mä zu Rodange muss de frou si wann s de de Fouss net verstaucht hues.

Wat Hondstoiletten a –tuten ugeet missten Hondsbesëtzer déi de Kéipchen, deen hiren Hond un der Léngt dréckt, net ophiewen eng Strof bezuele wéi se an eisem Reglement virgesinn ass. Do kann et dach net mat der Äntwert duer goen, datt si jo eng Tax géife bezuelen.

De Recyclingzenter zu Rodange ass eng gutt Saach, mä et wier un der Zäit fir do e bëssen ze moderniséieren. Ech denken dobäi un déi Trapen, déi ee muss erop klamme fir d'Saachen dran ze geheien. Do wier et besser wann ee mam Auto kéint bäifueren an d'Saachen an de Container erof geheien.

Op der Séance Académique vum SIACH gouf och op d'Onkäschten higewisen déi ëmmer erëm hannenno vum Ennverbraucher musse bezuelt ginn. Do musse mer och oppassen, och déi Leit déi an de Syndikater sëtzen, datt et net ëmmer op den Ennverbraucher fält. Iwwerall kommen nei Saachen, d'Elektrescht ass méi deier ginn, an elo kierzlech war um Fernseh ze gesi wéi eise Minister an déi belsch Ministesch sech an d'Äerm gefall sinn, well se dee BeLux-Gas hei zesummen eraféieren. Dat kascht de Sudgaz 4,35 Milliounen Euro. Et gëtt awer anscheinend méi bëlleg, ech weess net wou se dat gesinn. An elo ginn déi intelligent Compteuren opgehaangen, a wann et fäerdeg ass bezilt alt erëm den Ennverbraucher. Do muss een och am Budget kucke wou mer een ordinären Iwwerschoss vun 11 Milliounen hunn a wou et heiansdo vläicht besser wier mat verschiddene Saachen e bëssen ze bremsen an e bësse manner Iwwerschoss hannenno ze hunn. Den Ennverbraucher packt déi Chargen alleguer hannenno net méi, si ginn net allen zwee schaffen a si hunn net allen zwee eng Pai vu 4.000 bis 5.000 Euro, esou datt se sech kënnen alles leeschten, et sinn och vill anerer do déi mam Drëttel oder mam Véierel mussen eens ginn. An dat ass mäi Message zum Budget. Et ass alles an der Kontinuitéit, eise Programm ass erfëllt an esou virun, mä mir mussen oppassen, à longue vue gesäit ee ganz gutt, datt d'Leit Problemer kréie fir alles gemeeschtert ze kréien. Do musse mir och als Gemengevertrieder eisen Deel bäileeë fir datt mer oppasse fir net ëmmer ze , mir missten et an d'Luucht hiewen. Bon, et ass net anescht, dat eent „Iwwerschoss“ an dat anert „net méi eens ginn“, dat sinn zweeërlee Saachen.

Wat de Budget ubelaangt, do hu mir kee Problem fir deen e Freiden ze stëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn dem Här Rosenfeld Recht a sengen Iwwerleeungen datt ee soll kucke fir d'Ausgaben an de Grenzen ze halen déi noutwenneg sinn, well iergendwéi muss jo een et bezuelen, an et ass ëmmer den Awunner aus der Gemeng deen et iwwer Steieren oder Taxe muss bezuelen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat de Kierfecht zu Rodange ugeet, esou kréie mer méi dacks Reklamatiounen, well mer do eng Haaptverkéiersachs hunn. Et geet keen ënnen iwwert de Wee mä léiwer iwwert de Kierfecht, an do wäerte mer an Zukunft och dogéint wierken andeems mer verschidde Schëlter do opstelle wat een däerf a wat verbueden ass. Déi ënnescht Diere wäerte mer zoumaachen, da kënnt ee schonn nach permanent an de Kierfecht eran, mä et ass keen Haaptduerchgang méi. Och si mer amgaang ze kucke fir déi Griewer mat ofgelafener Konzessioun an déi net méi an engem gudden Zoustand sinn ewech ze kréien, wat awer och mat vill Zäit an Opwand verbonnen ass.

Am Recyclingzenter hu mer déi schlecht Situatioun, datt mer net genuch Plaz hunn, esou datt do kuerzfristeg keng Ännerungen envisagéiert kënne ginn. Et muss ee vläicht kucke wéi sech elo déi Saach mat de Gemengenatelieren an den Terrainen do entwéckelt. Vläicht kéint ee jo spéiderhin eng Kéier kucken, ob dat Ganzt net dohinner kéint transferéiert ginn, well mer jo och opgrond vum Zouwuess vun der Populatioun eng ëmmer méi grouss Envergure do kréien.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter wier d'Sëtzung vun haut eriwwer, a mir ginn eis een neie Rendez-vous fir den nächste Freiden um 14.30 Auer.

# Gemeinderatssitzung vom 14. Dezember 2015

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Arendt Patrick** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 2.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gesamteinnahmen in Höhe von 2.593.193,59 Euro - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 2.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Konvention mit dem „Groupement d’Intérêt Economique (RSCL)“, welcher den elektronischen Zugriff auf Informationen des Handelsregisters bestimmt - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 2.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ernennung eines neuen Delegierten (m/f) im Verwaltungsrat des „Foyer de l’Enfance de Rodange-Lamadelaine asbl“ - Beschluss.

Geheimabstimmung:

Der Rücktritt von Frau Raymonde Conter-Klein als Delegierte im Verwaltungsrat wird mit 16 „Ja“-Stimmen sowie 1 Enthaltung angenommen.

Mit 16 „Ja“-Stimmen sowie 1 Enthaltung wird Herr Pierre Mellina zum neuen Delegierten im Verwaltungsrat ernannt.

### 3.1. - Liegenschaften.

Vergleich mit Frau Manuela Wampach zwecks Kauf einer Grundfläche in der Avenue de la Gare in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 3.2. - Liegenschaften.

Vergleich mit Frau Marie-Albertine Genevo zwecks Kauf einer Grundfläche in der Avenue de la Gare in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 3.3. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Luxemburger Eisenbahngesellschaft CFL zwecks Grundflächentauschs in der Avenue de la Gare in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 3.4. - Liegenschaften.

Berichtigter Akt mit der Firma „C.V.R.N. Réalisations S.A.“ zwecks Grundstückstauschs am Standort rue Nicolas Biever in Rodange - Bewilligung .

Bewilligung einstimmig.

### 4.1. - Soziales.

Vereinbarung mit „BDK.LU“ zwecks Organisation der Freizeitaktivitäten für das Jahre 2016 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 4.2. - Soziales.

Vereinbarung mit „ProActif asbl“ und der „Association des Musée et Tourisme Ferroviaire (AMTF Train 1900) asbl“ zwecks Wiedereingliederung von Arbeitslosen in den Arbeitsmarkt – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 4.3. - Soziales.

Finanzielle Hilfe in Höhe von 10.000 Euro zugunsten der „PADEM asbl“ zwecks des Projektes welches den Bau eines Mädcheninternats in Kéru in der Provinz Rajasthan (Indien) beinhaltet - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

### 4.4. - Soziales.

Finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 Euro zugunsten der „Aide au Développement de la Santé asbl“ zwecks des Projektes welches die Entwicklung der Kardiologie sowie

der kardiovaskularen Chirurgie im Laos (Asien) beinhaltet - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

**4.5. - Soziales.**

Finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 Euro zugunsten von «Action Solidarité Tiers Monde» zwecks des Projektes zur Herabsetzung der Kindersterblichkeit in der Andengemeinschaft in Quechua (Peru) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

**4.6. - Soziales.**

Finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 Euro zugunsten der „Chrëschte mam Sahel asbl“ zwecks des Projektes zur Finanzierung von drei Bohrungen für eine bessere Zugänglichkeit zum Trinkwasser in der Provinz Kossi in Burkina Faso (Afrika) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

**4.7. - Soziales**

Finanzielle Hilfe in Höhe von 5.000 Euro zugunsten der „Eng oppen Hand fir Malawi asbl“ zwecks Verbesserung der Lebensbedingungen der Einwohner in den Dörfern um das St. Gabriel Krankenhaus in Namiteteau in Malawi (Afrika) - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

**5.1. - Öffentliche Ordnung.**

Erlaubnis einer Tür zu Tür-Verkaufsaktion in der Gemeinde (KaGePe) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.2. - Öffentliche Ordnung.**

Erlaubnis einer Tür zu Tür-Aktion in Rodange (Amicale Nidderréideng Rodange) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.1 - Umwelt.**

Vereinbarung mit der Valorlux asbl zur selektiven Sammlung von PMG-Material zwecks Valorisierung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.2. - Umwelt.**

Jährliches Aktionsprogramm des SICONA für das Betriebsjahr 2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7. - Berichtigter Haushalt 2015 sowie Haushalt 2016.**

Diskussionen zum und Beurteilungen des Haushalts seitens der Gemeinderäte sowie Antworten des Schöffenrates.

# Séance publique du 18 décembre 2015

***<u>Durée de la séance:</u>*** *14.30 à 17.45 heures*

**<u>Présents:</u>**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Arendt Patrick** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP) – *jusqu'au point 9.1.2. inclus*<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**<u>Absent et excusé:</u>**

**Gonçalves Cátia** (LSAP) – *à partir du point 9.1.3.*

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.30 heures)**

8. Personnel
    8.1. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.

8.2. Désignation du nouveau secrétaire communal (m/f) - décision de principe.
8.3. Classement d'un employé communal - décision.

9. Enseignement musical
9.1. Classement d'une chargée de cours - décision.
9.2. Ratification des contrats de travail avec des chargés de cours - décision.

10. Affaires sociales
10.1. Démission volontaire d'une éducatrice diplômée - information.
10.2. Ratification d'un contrat de travail - décision.
10.3. Nomination d'un salarié (m/f) à tâche partielle pour les besoins du service d'aide aux devoirs à domicile - décision.
10.4. Nomination de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) pour les Maisons Relais - décision.

**Séance publique (15.00 heures)**

11. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

12. Administration générale
12.1. Adaptation du règlement-taxe concernant le stationnement résidentiel et les cours parallèles organisés par l'Ecole de musique - décision.
12.2. Démission et nomination dans la commission de l'Egalité des Chances - décision.

13. Propriétés
13.1. Compromis concernant l'échange de terrains avec M. Pierre Tockert à Lamadelaine, lieu-dit «rue de la Providence» - décision.
13.2. Compromis concernant l'acquisition de la part de M. Armand Goldschmit d'une maison d'habitation sise à Pétange, rue de l'Eglise - décision.
13.3. Contrat de bail concernant l'exploitation du Restaurant Brasserie Wax à Pétange - décision.

14. Personnel: Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.

15. Affaires sociales
8.1. Augmentation de la tâche d'un poste d'aide-éducateur (m/f) - décision.
8.2. Création de divers postes de salariés (ancien employé privé) pour les besoins des Maisons Relais - décision.
8.3. Approbation du budget de l'exercice 2016 de l'Office social - décision.
8.4. Contrat de bail avec l'asbl « La Main Tendue » pour la location d'un appartement à Pétange, rue de l'Eglise n° 8 - décision.
8.5. Convention avec l'asbl «La Main Tendue» pour la mise à disposition de locaux et de logements - décision.

9. Budget rectifié de 2015 et budget de l'exercice 2016
9.1. Travaux extraordinaires
9.1.1. Approbation du devis concernant la mise en conformité des passages piétonniers (fourniture et pose d'éléments d'illumination) - décision.
9.1.2. Approbation des devis et plan concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux (3e phase) - décision.
9.1.3. Approbation du devis concernant les travaux à exécuter dans le cadre de la voirie rurale (enduisage de la voirie rurale au lieu-dit «Ronnwiss» à Rodange) - décision.
9.1.4. Approbation du devis adapté concernant les travaux d'assainissement de la canalisation sur le territoire de la commune - décision.
9.1.5. Approbation de devis concernant le remplacement de la canalisation pour eaux mixtes au cimetière à Rodange - décision.
9.1.6. Approbation de devis concernant le concept d'assainissement du réseau de la canalisation de Pétange - décision.
9.1.7. Approbation du devis concernant la télégestion du réseau de l'eau potable (mise à jour des logiciel et équipements électromécaniques) - décision.
9.1.8. Approbation du devis concernant la télégestion des pompes et le relevage des eaux usées et superficielles - décision.
9.1.9. Approbation des projet définitif détaillé et plan concernant l'apaisement du trafic dans la rue du Parc à Pétange - décision.
9.1.10. Approbation du devis concernant les travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - décision.
9.1.11. Approbation du devis et plans concernant le réaménagement des vestiaires et l'aménagement d'une nouvelle buvette au terrain de football à Pétange - décision.

9.1.12. Approbation du devis concernant les travaux de conservation à réaliser au sous-sol de la piscine PiKo - décision.
9.1.13. Approbation du devis concernant les travaux de remise en état de la salle de musique et de la chorale au bâtiment de l'Harmonie à Pétange - décision.
9.1.14. Approbation du devis adapté concernant les travaux d'extension et de réaménagement de l'ancien presbytère à Lamadelaine - décision.
9.1.15. Approbation du devis concernant la mise en place de columbariums supplémentaires aux cimetières communaux - décision.
9.1.16. Approbation du devis concernant les travaux de remplacement des portes de garages du service d'incendie et de sauvetage - décision.
9.1.17. Approbation du devis adapté concernant l'adaptation du Plan d'Aménagement Général - décision.
9.1.18. Approbation des devis et plan concernant les travaux d'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais à Pétange - décision.
9.1.19. Approbation des devis et plan concernant l'aménagement d'un nouveau chemin d'accès menant au cimetière à Lamadelaine - décision.
9.1.20. Approbation des devis et plans concernant les travaux de rénovation de l'église néo-apostolique à Lamadelaine - décision.
9.1.21. Approbation des devis et plan concernant la remise en valeur de la Maison Rouge à Pétange (aménagement de la place) - décision.
9.1.22. Approbation du devis concernant le remplacement de la centrale d'incendie à l'Ecole «Am Park» à Pétange - décision.
9.1.23. Approbation du devis concernant le remplacement de la centrale d'incendie à l'Ecole «Am Paesch» à Rodange - décision.

9.2. Votes du budget rectifié de 2015 et du budget de l'exercice 2016 - décisions.

---

# COMPTE RENDU

## 1. à 3.

**Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**
Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:
Nomination d'un salarié (m/f) à tâche partielle pour les besoins du service d'aide aux devoirs à domicile:

Mme Giovanna Carone de Rodange est engagée comme salariée pour les besoins du service d'aide aux devoirs à domicile.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures / semaine):

Mme Jessica Weber de Pétange est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle et à durée indéterminée.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (40 heures / semaine):

Mme Claire Morbus de Pétange est engagée comme éducatrice diplômée à tâche complète et à durée indéterminée.

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais (35 heures / semaine):

Mme Audrey Hipp est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle et à durée indéterminée.

Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) pour les Maisons Relais (30 heures / semaine):

Mme Anthéa Heuertz de Rodange et Mme Vanessa Duarte de Pétange sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche complète et à durée indéterminée.

## 4.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

Néant.

## 5.1.

**Administration générale.**

Adaptation du règlement-taxe concernant le stationnement résidentiel et les cours parallèles organisés par l'Ecole de musique - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wéi mer 2013 d'Reglement iwwert de Stationnement résidentiel gestëmmt hunn, goufen och déi entspriechend Taxe fir eng éischt a weider Vignettë gestëmmt an dorunner soll och näischt änneren. Den Text vun 2013 kéint een elo awer esou interpretéieren, datt déi Residenzkaarten sech géifen op de Proprietaire vum Auto bezéie wougéint am Verkéiersreglement ganz kloer steet, datt et pro Haushalt ass, an dat huet dann ëmmer nees zu Diskussioune gefouert. Deemno verweise mer elo am Text op eist Verkéiers-reglement wat d'Vignetten ugeet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir hutt déi eenzel Tariffer virleien, wou et Ënnerscheeder ginn tëscht Résidents an Non-résidents wéi och tëscht Erwuessener a Kanner, individuell oder kollektiv Couren. Nei dobäi kënnt elo een Tarif fir „cours parallèles obligatoires", an dat ass wann ee Lecture mécht an Transpositioun oder Déchiffrage, esou wéi se och an anere Musekschoule berechent ginn, well mer jo an der AEM eenheetlech wëlle

verfueren. De proposéierten Tarif ass hei 25 Euro fir all Kategorien.

**Accord par 16 voix et 1 abstention (adr).**

## 5.2.

### Administration générale.

Démission et nomination dans la commission de l'Egalité des Chances - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An der Commission de l'Egalité des Chances huet den Här Roland Schmit dräimol gefeelt an ass deemno opgrond vum Artikel 7 vum Réglement d'ordre interne d'office demissionnär.

Op der anerer Säit huet d'Partei adr eis den 1. Dezember iwwer Courrier, ënnerschriwwe vun eisem Conseiller, matgedeelt datt den Här Christian Steil neie Member vun där Kommissioun soll ginn.

**Il en est pris acte de la démission d'office de M. Roland Schmit.**

**Vote secret:**

**Avec 13 voix «oui», 1 voix «non» et 3 abstentions, M. Christian Steil de Lamadelaine est nommé nouveau membre de la Commission de l'Egalité des Chances.**

## 6.1.

### Propriétés.

Compromis concernant l'échange de terrains avec M. Pierre Tockert à Lamadelaine, lieu-dit «rue de la Providence» - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Här Pierre Tockert soll vun der Gemeng een Terrain kréie vun 165 Centiar, an op der anerer Säit soll d'Gemeng Péiteng vum Här Tockert een Terrain vun 1 Centiar kréien. Beim Tarif vu 750 Euro den Ar géif d'Gemeng an deem Fall 1.237,50 Euro bezuelt kréien. Domatter hätte mer op dëser Plaz d'Situatioun regulariséiert an den Trottoir wier op Gemengenterrain an de Rescht um Terrain vum Här Tockert.

**Approbation à l'unanimité. M. Tockert, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.2.

### Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de la part de M. Armand Goldschmit d'une maison d'habitation sise à Pétange, rue de l'Eglise - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei handelt et sech ëm dat Haus an der Rue de l'Eglise wat un eis nei Maison Sociale stéisst, déi och direkt esou geplangt gi war, datt se no där Säit kéint ausgebaut gi wa mer dat Haus do eng Kéier géife kréien. Mir stoussen ëmmer méi un eis Grenze wat d'Raimlechkeete fir Büroen an deenen nächsten 10-15 Joer ubelaangt, an dofir ass et wichteg, sech Mëttelen ze schafe fir d'Verwaltung ze vergréisseren.

Dat Haus steet op engem Terrain vun 9,79 Ar an de Verkafspräis läit bei 500.000 Euro, ee Präis op dee mir eis mam Proprietaire gëeenegt hunn nodeems eng Expertise op ee Chiffer vu 465.000 Euro komm war.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech fannen dat eng gutt Saach, well et ass mat Sécherheet eng Acquisitioun fir an Zukunft dem Wuesstem mat der néideger Organisatioun vun den Déngschtleeschtunge gerecht ze ginn. Mir wäerten dann alles op Proximitéit hunn, d'Gemengenhaus, A Rousen, d'Peschenhaus, déi erweidert Maison Sociale, d'Gemengegaragen an d'Waxweiler Millen, an deem Sënn eng iwwerluechte Stadentwécklung.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ass scho geplangt wéini deen Ausbau soll kommen, a soll dee Locataire deen den Ament am Haus ass dra bleiwe bis dat geschitt?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei handelt et sech ëm eng mëttelfristeg Solutioun, an ech gleewe kaum, datt dat nach an dëser Period soll gemaach ginn. Do ass et éischter un der neier Equipe déi ab 2018 do ass fir sech Gedanken doriwwer ze maache wéini dat soll geschéien, an et däerft sech dann och eréischt fréistens 2020 eppes Konkretes do doen, esou datt déi Famill déi elo dran ass och bis dohinner däerf am Haus bleiwen, well et hätt jo och kee Wäert dat Haus eidel stoen ze loossen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.3.

### Propriétés.

Contrat de bail concernant l'exploitation du Restaurant Brasserie Wax à Pétange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll drun erënneren, datt de Schäfferot den 18. Februar 2015 decidéiert huet fir dem aktuellen Exploitant vum Restaurant Wax ze kënnegen an dat nach eng Kéier nei auszeschreiwe fir d'Konditioune vun deem Contrat de Bail vläicht nei ze iwwerdenken. Den 20. Mee hu mer een Appel d'offres gemaach mat engem Cahier des charges, an den Delai fir een Dossier eranzegi war de 16. Juli 2015. Zwou Kandidature sinn erakomm, do war den aktuellen Exploitant net dobäi, obscho mer nach eng Kéier nogefrot haten ob hien net intresséiert wier. No der Auswäertung a Gespréicher matt deenen zwee Kandidaten, ass de Choix vum Schäfferot den 21. Oktober 2015 op deen zukünftegen Exploitant gefall. Dat ass eng Societéit Wax Culinary S.A. mat Siège op där do Plaz a wou den Administrateur-délégué den Här Stéphane Migliarini ass.

Mir hunn och eng Rei Saachen an dem Kontrakt geännert, wat jo och e bëssen de But vun där Kënnegung vum 18. Februar war. Villes huet net geännert, just e puer punktuell Saachen, an eng dovunner ass, datt mir fir d'Asbl Konschtmillen an och fir d'Gemeng en Uspriechpartner kréien. Mir hunn drop gehalen, datt mir vum neien Exploitant do eng Personne de référence matgedeelt kréien déi dann eis Kontaktpersoun ass wa mer do Aktivitéite maache fir datt dat, wat eigentlech an de leschten dräi Joer net esou gutt fonctionnéiert huet, elo soll besser fonctionnéieren. Mir hunn och kloer gesot datt mir gär mat géife schwätzen iwwert d'Ouverture vun deem Restaurant Wax, a mir hunn och gesot datt do eng Kiche misst gemaach ginn déi net eng futuristesch mä eng traditionell Kichen ass.

Mir hoffen dann an deenen nächste Joere mam neien Exploitant déi néideg Méiglechkeeten ze kréie fir datt dee Restaurant mä och dee ganze Site Wax, deen awer elo an d'Endphas kënnt, mat alle sengen Opportunitéiten déi sech doraus erginn, ka valablement an anstänneg fonctionnéieren.

Well mer deem aktuellen Exploitant jo bis de 15. Januar verlängert hunn an duerno déi eng oder aner Ännerung oder Reparatioun wäert musse gemaach ginn, soll deen neie Kontrakt den 1. Mäerz 2016 ulafen.

D'Konditioune vum Loyer, der Locatioun vum Material an de Chargë sinn déi selwecht wéi déi vum fréiere Locataire. Net méi dran ass – an dat hate mer jo scho fir 2015 eraus geholl – déi Participation au bénéfice wann de Chiffre d'affaires ee gewëssen Niveau iwwerschratt huet.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Net zulescht well ech och am Comité vun der Konschtmillen sinn, freet et mech, datt do elo eng Kontaktpersoun am Kontrakt festgehal ginn ass.

Net richteg eens ginn ech awer mam Artikel 5.3 wou et heescht: „L'exploitation est personnelle. Le Preneur pourra sous-louer, en tout ou en partie, sous sa seule responsabilité". Bis elo huet de Sall um Späicher nach ëmmer musse bei der Konschtmillen ugefrot ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat do trëfft net fir de Sall um Späicher zou. D'Konditioune wéi dee Sall ka verlount ginn, sinn an enger Dispositioun méi spéit festgehal. Dat wat hei gemënzt ass dat ass d'Brasserie déi, wéi och schonn am Kontrakt virdrun, un een anere verlount kéint gi fir déi besser ze exploitéieren. Dat war jo och ee vun de Problemer déi mer an de leschte Joere kannt hunn, well déi Brasserie guer net fonctionnéiert huet. Ech ka mir zwar net gutt virstellen, datt déi Brasserie kann isoléiert fonctionnéieren, mä et gëtt awer déi Méiglechkeet am Kontrakt.

De Sall um zweete Stack kann awer och zu de Konditiounen, wéi se am Artikel 5.6 festgehal sinn, vum Exploitant gelount ginn. Ech géif et och gutt fannen, wann deen neie Locataire e bësse méi Gebrauch dovunner mécht, well dee Sall ënnert dem Daach dach ze schued ass fir net genuch benotzt ze ginn, an dofir mengen ech och, datt et gutt ass, datt mer déi Ouverture e bësse méi grouss maachen. Allerdéngs muss och do de Règlement d'occupation respektéiert ginn esou wéi en hei am Gemengerot gestëmmt gouf.

**Brecht Guy (LSAP):**

Meng Fro ass un sech scho mat der Interventioun vun der Madame Conzemius beäntwert ginn. Ech géif awer och proposéieren, datt déi Brasserie emol géif anstänneg fonctionnéieren, well mir jo awer als Gemeng vill Suen doranner gestach hunn. Besonnesch bei gréissere Manifestatiounen an deem Haus ass et jo awer flott wann d'Leit sech no der Manifestatioun kënnen nach e bëssen an der Brasserie ophalen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech ginn Iech Recht, et kann ee méi aus där Brasserie maache wéi bis elo gemaach ginn ass, mä ech ka mir awer net virstellen, datt een eleng vun där Brasserie ka liewen. Dofir muss deen neien Exploitant kucke fir dat e bësse méi optimal ze gestalten.

**Gira Carlo (CSV):**

Meng Interventioun geet och e bëssen an déi selwecht Richtung. Mir hate jo virdrun de Problem, datt dee Bistro an déi Terrass net richteg fonctionnéiert hunn. Wéi bindend ass dat an ass dat ee Grond fir dee Kontrakt ze kënnegen? Vu datt mer dat jo elo un eng Gesellschaft verlounen, besteet jo awer d'Méiglechkeet, datt déi zum Beispill ee Kach an de Restaurant setzen an ee Gerant an de Bistro.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Fir eis schéngt et emol kloer ze sinn, datt ee Gerant do dra kënnt deen déi Kontaktpersoun soll sinn. Dat ass menger Meenung no och net onbedéngt de Kach, well wann et de Kach ass, hu mer an de leschten dräi Joer gesinn, da fonctionnéiert dat net onbedéngt esou wéi mir eis et virgestallt hunn. Ech ginn och dovunner aus, datt dat zwou verschidde Persoune sinn, a wann déi Leit bis agestallt sinn da musse mir matgedeelt kréien, wien eis Kontaktpersoun ass wéi se am Kontrakt virgesinn ass. Bei der Exploitatioun selwer hu mir näischt matzeschwätzen, dofir awer bei den Ouvertureszäiten déi laut Kontrakt mat eis mussen ofgeschwat ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Mat der Terrass sinn d'Ëffnungszäite jo souwisou och un eist Gemengereglement gebonnen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass och richteg, mä normalerweis sinn déi Deeg wou een hei zu Lëtzebuerg nach kann no 10 Auer op enger Terrass sëtzen séier gezielt, an déi Deeg wäerte mer dat jo wéi och bei aneren Etablissementer net esou eng gesinn.

**Thein Joe (adr):**

Mir sinn als adr och frou, datt Beweegung an dee Problemfall do kënnt. Dir hutt gesot, datt deen aktuellen Exploitant keen Dossier eraginn huet. Eis géif dofir intresséiere wat d'Grënn dofir sinn? Sidd dir d'Grënn gewuer ginn? Wousst de Schäfferot och iwwert een „non-intérêt" do Bescheed? An erkläert dat dann och eventuell déi aktuell Problemer déi mer am Fong haten?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir maachen een Appell d'offres, a mir kënnen dann och eng Kéier engem soen: hues du gesinn, datt do een „appel d'offres" ass? Mir kënnen awer net ufänken, engem nozelafen ob e wëllt oder ob en net wëllt. Ech hunn net mat deem Mann doriwwer geschwat, ech wollt och net driwwer schwätzen, well mer eis do un d'Prozedur halen. Et ass ee Fakt, datt mer nach eng Kéier nofroe gelooss hunn ob e wéisst, datt do een Appell ze maache wier, an dat wousst hien. En huet awer näischt gemaach, sou datt ee ganz kloer soe kann, datt et säi Wonsch net méi ass fir do virun ze fueren, soss hätt en op d'mannst seng Demande gemaach. Ob déi zeréckbehale gi wier, dat wier eng aner Saach gewiescht, mä op d'mannst hätt hie kënne seng Demande stellen. Mir mussen deemno zu Akt huelen, datt en dat net gemaach huet, an et ass och net un eis fir ze hannerfroe firwat oder firwat net, dat ass säi fräie Choix dee mer mussen akzeptéieren.

Wat méi d'Schwieregkeete sinn, dat ass, datt déi Terrass net esou richteg fonctionnéiert huet am Summer an och, datt déi Brasserie ganz dacks zou war. Mir hoffen awer, a mir hunn deen neien Exploitant dat och wësse gelooss, datt hie méi Efforte mécht fir datt déi Terrass méi exploitéiert gëtt, wou jo elo nach déi ganz Bühn dobäi kënnt. D'Gemeng Péiteng huet do awer bal 10 Milliounen Euro investéiert, a mir hoffen, datt do méi Aktivitéiten am Interêt vun der Kultur a vun der Konscht kënne realiséiert ginn an datt do den Exploitant vum Restaurant a vun der Brasserie matspillt, wat ee Maillon vun deem Ganzen ass.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech wollt mech de Wierder vun der Madame Conzemius an den Häre Brecht a Gira uschléissen, wat d'Opportunitéit ugeet. Ech hätt awer och eng ganz konkret Fro dozou: Wax

Culinary S.A. steet net am Memorial, ass do awer nogekuckt ginn ob déi Societéit scho besteet an ageschriwwen ass? Mam Här Becker hu mer dat zesumme gekuckt an eng aner Societéit fonnt wou dee selwechten Här och dran ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Dossier louch d'Constitutioun vun der Gesellschaft. Dir hutt Recht, et gëtt eng Ivy Culinary S. A., an et sinn och déi selwecht Aktionären, mir haten als Schäfferot de Wonsch geäussert, datt dat hei net eng Succursale dovunner sollt sinn, d'autant plus datt mer gär hätten, datt hei eppes aneschters gekacht soll gi wéi do, wat jo e bësse méi futuristesch ass. Dofir hu mer jo och am Kontrakt festgehal,datt et eng traditionell Kiche soll sinn, an dofir hu mir och op eng Société à part gehal, wourobberhin déi nei Societéit ugangs Dezember beim Notaire aktéiert gouf.

Bleift ze hoffen, datt mir ab 1. Mäerz een interessante Partner op deem Site hunn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.

### Personnel communal.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wéi all Joer musse mer am Kader vum Budget de «cadre fermé» vun deenen eenzelne Carrièren an eiser Verwaltung fixéieren. Do huet sech och, am Verglach mam leschte Joer, net vill geännert.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Affaires sociales.

Augmentation de la tâche d'un poste d'aide-éducateur (m/f) - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Opgrond vu ville längere Krankeschäiner, Congés de maternité a Congés parentaux komme mer net derlaanscht fir d'Stonnen e bëssen ze hiewen an esou Iwwerstonnen ofzebauen.

Deemno proposéiere mir iech d'Tâche vun engem Aide-éducateur vun 10 op 16 Stonnen d'Woch erop ze setzen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Affaires sociales.

Création de divers postes de salariés (ancien employé privé) pour les besoins des Maisons Relais - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Am September d'nächst Joer maache mer déi nei Maison Relais zu Rodange op wou mer dann 103 Kanner weider kréien, esou datt mer vun elo 515 op 618 Kanner am Ganzen erop ginn. Deemno brauche mer och weider Personal. Nom Schlëssel dee mer vum Ministère gescheckt kréien hu mer elo mol een Iwwerschlag gemaach a sinn dobäi zur Konklusioun komm fir folgend Posten ze schafen:

- 1 éducateur gradué (m/f) à tâche complète (40 Stonnen);
- 4 éducateurs diplômés (m/f) à tâche complète (40 Stonnen);
- 1 éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle (35 Stonnen);
- 1 éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle (30 Stonnen);
- 1 aide-éducateur (m/f) à tâche partielle (16 Stonnen);
- 2 aide-éducateurs (m/f) à tâche partielle (13,5 Stonnen); dat sinn déi Leit, déi mer brauchen iwwert d'Mëttesstonn
- 1 aide-éducateur (m/f) à tâche partielle (20 Stonnen, remplaçant);
- 1 aide-éducateur (m/f) à tâche partielle (16 Stonnen, remplaçant).

Hei sinn elo keng extra Posten dobäi fir «enfants à besoins spécifiques». Wa mer elo där Kanner sollte kréien, da géife mer selbstverständlech och déi entspriechend Poste schafen.

Wéi mer d'Maison Relais zu Péiteng opgemaach hunn hate mer 7 vun deenen 18 geschafene Poste vun aide-éducateurs net esou gebraucht, net zulescht well mir jo lues lues higaange si fir d'Tâchen erop ze setzen. Dofir wëlle mer déi Posten elo suppriméiere fir hannenno méi op de Wee ze goe fir Poste mat méi héije Stonnen ze schafen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Hei gëtt geschwat vun „anciens employés privés", also „salariés communaux" déi ënnert den SAS-Kollektivvertrag falen. Aner Gemenge ginn op de Wee fir Educateuren als „employé communal" ze engagéieren, wat jo an deem Sënn bei eis schwiereg wier, soss hätte mer de Prinzip vu gläicher Aarbecht – gläichem Loun op eemol net méi, oder et misst een et réckwierkend fir jidderee maachen. An deem Zesummenhang wollt ech froen, wéi wäit den Dossier bei eis an der Gemeng drun ass, fir all d'Educateure vu konventionéierten Etablissementer an de Kollektivvertrag vun de Südgemengen opzehuelen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Ament huele mir dat ganzt Personal an den SAS-Kollektivvetrag eran. Do sollen Ëmännerunge komme vum Ministère aus, och wat d'Fonctionnement ubelaangt a wat de Fonctionnaireskontrakt ubelaangt. Mir ginn eis Zäit fir ze waarden, wat do an nächster Zäit kënnt, fir dat Ganzt ze kucken an ze revidéieren an da mat eisem Personal op deen eventuell neie Wee ze goen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et waren effektiv Diskussiounen um Niveau vum Kollektivvertrag vun de Südgemengen. Do sinn et eng Rei Solutioune ginn, vun deenen awer nach keng berücksichtegt gouf, bis elo nach vu kenger Gemeng. Bei deenen enge Gemenge si se iwwert eng Asbl agestallt a ginn nom SAS-Kontrakt bezuelt, mir an e puer anerer fueren och nom SAS-Kontrakt, an aner Gemenge stellen d'Leit als employé communal an. Mir hunn deemno dräi Varianten, an et gëtt ganz schwiereg fir dat do ze regruppéieren ënnert dem Süd-Kollektivvertrag, an dofir hu mir eigentlech an dëser Phas och dovunner ofgesi fir dat ze maachen, an normalerweis bleift all Gemeng am SAS-Kollektivvertrag, vun deene puer ofgesinn déi mam employé communal fueren.

Och wollte mer vermeiden, ze vill Tourismus ze kréien, däers mer an deem Beräich scho ganz vill hunn wou d'Leit vun enger Gemeng an eng aner wiesselenm well se do e bësse méi Stonne kréien.

Dat fir d'Situatioun wéi se den Ament ass, d'Verhandlunge sinn awer nach net ofgeschloss, d'nächst Joer geet et virun, an ech weess net wat dann eraus kënnt.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt just froe wéivill Leit am Ganzen, also och Botzfraen a Portieren, an deem Gebai schaffe sollen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei hu mer jo elo mol 12 Poste geschaf fir d'Betreiung vun de Kanner. Mer wäerten dat och erëm ausschreiwe wéi an deenen aneren Haiser och, do hu mer eng Firma, dat ass Sodexo, déi eis och d'Kiche mécht an déi Personal astellt wou botzt. E Portier wäerte mer natierlech stellen, mir hu jo och schonn e Portier deen d'Haus niewendru betreit, dat ass och de Portier deen d'Sportshal mat betreit, an do musse mer just kucke wéi et mam Horaire ausgesäit an ob mer do nach eng zousätzlech Persoun huelen. Et ass awer verfréit elo schonn ze soen, wéi vill Leit am Ganzen do beschäftegt ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Ass deen Educateur gradué virgesi fir dat Haus ze leeden?

D'Kantin déi gëtt jo dann awer vu Péiteng aus mat beliwwert, well et ass jo keng an deem Haus?

Bei de Budgetsdebatten hat Dir, Madame Conter, gesot, datt dat Personal eventuell schonn éischter kéint ufänken. Gëtt dat dann eventuell och an zwou Etappen agestallt?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Educateur gradué soll een Adjoint ginn, mir hu schonn een op deem Site. Vu datt mer wëllen do eng Equitéit hunn mat Péiteng wou mer jo mat iwwer 350 Kanner ee ganz grousst Haus hunn, a wa mer hannenno Rodange a Lamadelaine zesumme rechnen, dann hu mer zwar ee Preposé an zwee Adjointen, mä mir däerfen net vergiessen, datt dee muss hin an hir fueren. Et ass méi einfach wa mer do nach een Adjoint mat eran huelen, well mer hannenno jo dann dräi Haiser hunn déi mussen zu Rodange a Lamadelaine fonctionnéieren, an do ass et och wichteg, datt dann een deen anere kann ersetzen.

Et kënnt eng Kichen dran, an dat wäert scho bal duer goe fir och do ze kachen, wann net, da muss natierlech Péiteng asprangen, well mer do déi gréisste Kichen hunn déi och genuch Kapazitéiten huet.

Dem Architekt no kënne mer scho vläicht am Mee-Juni mat engem méi klenge Staf ufänke fir ze kucken ob dat Haus och ka fonctionnéieren, an deen Ament géife mer natierlech och scho Personal éischter astellen, déi aner dann ebe fir d'Rentrée am September.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

### Prévisions sociales.

Approbation du budget de l'exercice 2016 de l'Office social - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wéi all Joer muss de Gemengerot de Budget fir 2016 approuvéieren dee vum Office Social arrêtéiert ginn ass. Am Kader vun deem Budget sollen awer och nach zwou Diskussioune gefouert ginn. Mir kommen elo bei 18.000 Awunner, a mir stelle fest, datt d'Zuel vun de Leit déi do schaffen net méi duer geet fir komplett deene Besoine gerecht ze ginn déi do ufalen. Och si mer an enger Uertschaft, wou déi sozial Fäll awer méi héich leie wéi vläicht a aneren Uertschafte ronderëm d'Stad, wou de Loyer fir Wunnenge vill méi héich ass a wou keng Leit mat méi niddregem Akommes kënne wunnen.

Mir hunn eng Guideline déi de Prozentsaz vum Personal souwuel am soziale Beräich wéi och op administrativem Plang festleet, an do ass ab 18.000 Awunner méi dran. Mir hunn dat och scho mam Vertrieder vum Familljeministère diskutéiert deen dat och ënnerstëtzt. Deemno soll um Niveau vun den Assistantes sociales eng hallef Tâche bäigesat ginn, dat heescht do kéime mer vun 3,5 op 4, an am administrative Beräich soll och eng hallef Tâche bäikommen, wou mer da vun annerhallef op zwou géife kommen.

De Gemengerot huet deemno net nëmmen de Budget fir 2016 ze approuvéieren, mä och d'Opstacke vum Personal guttzeheeschen.

Virdrun awer wäert och nach de President vum Office Social, den Här Polfer, eppes dozou ze soen hunn.

**Polfer John (CSV):**

Déi zwou Tâchë sinn och schonn an dësem Budget berücksichtegt ginn. Mat dem Wuesse vun eiser Populatioun an eiser Gemeng wou mer elo bei 18.000 Leit ukommen hëlt d'Zuel vun de Mannerbemëttelten awer och ëmmer méi zou.

Am Budget ordinaire 2016 hu mer Recettë vun 2.442.289 Euro an Depensë vun 2.350.139 Euro, dat ergëtt ee Plus vun 92.150 Euro. Mam Report vun 2015 an der Héicht vun 156.784 komme mer op ee Boni vun 248.934 Euro.

Kucke mer mol déi grouss Recetten déi am Budget 2016 virgesi sinn:

Vum Ministère de la Famille 517.237,50 Euro, a vun der Gemeng déi selwecht Zomm vu 517.237,50 Euro. Vun der Caisse de Sécurité Sociale 52.000 Euro. Vun der Oeuvre Grand-Duchesse Charlotte, wou mer dëst Joer 189.516 Euro kritt hunn, stinn am Budget 190.000 Euro. Vläicht zéien ech ee bessert Lous bei der Loterie Nationale an da kréie mer nach eppes weider. Vun der SNAS als Remboursements salaires 117.280 Euro a fir Frais de bureau 9.450 Euro. Wou den Office Social fir d'Leit eng Gestioun vun de Sue mécht sinn 300.000 Euro virgesinn, eng Zomm déi mer och an den Depensen erëmfannen. Vun den Tiers Payants solle mer 47.000 Euro kréien, eng Zomm déi och an den Depensë steet.

Dann zu den Depensen 2016:

Avancen, déi zréckzebezuele sinn un d'Caisse Nationale de la Santé, de Fonds National de Solidarité, d'Caisse Nationale Prestation Familiale an d'Administration de l'Emploi 552.000 Euro. De Conseil d'Administration kascht eis 19.970 Euro, hei bedeelegt sech de Ministère de la Famille mat 50 Prozent, déi aner 50 Prozent d'Gemeng. D'Indemnités du personnel (50% Ministère de la Famille a 50% Gemeng) 169.652 Euro. D'Indemnités zu 100 Prozent vun der Gemeng 66.468 Euro. Secours an Hëllef an alles wat do gebraucht gëtt fir déi Leit, déi an den Offcie Social komme fir gehollef ze kréien, ouni elo déi ganz Opzielung ze maachen, ergëtt een Total vun 880.468 Euro.

Am Budget extraordinaire fir 2016 fanne mer eng Recette vu 623.543,30 Euro. Wow, wat sti mir eis gutt do, mengt dir. Hei wëll de Inneministère, datt mer déi Suen, déi mer de Leit ginn hunn a wou mer drop waarden, datt se eis erëm bezuelt ginn, vläicht a 15 Joer oder och guer net, am Budget aschreiwen, an dat sinn den Ament 729.553 Euro. Hei musse mer dann de Fonds de roulement vun 83.000 Euro deen d'Gemeng eis virgestreckt hat an eng 14.010 Euro vu Liwweranten, wou mer schëlleg sinn ofrechnen, an da komme mer bei déi

623.543 Euro déi am Extraordinäre stinn. Mir wëssen awer net ob mer déi Suen och nach eng Kéier erëm kréien, oder esou bal nach net. Déi Zomm ass fir mech kee Boni, an all Joer soen ech, datt mer hei gutt oppasse musse fir datt mer déi Zomm net als Bormënz huelen.

Da wëll ech dem Gemengerot awer och nach matdeelen, datt den Office Social dëst Joer eng Kiche kaf huet fir den Cent-Buttek vu 4.373 Euro, Classes de neige 3.290 Euro, Aides au logement 24.671 Euro, a viru kuerzem hu mer och eng Camionnette ageweit fir den Cent-Buttek wou mer der Gemeng 41.000 zeréckbezuelen.

Eise Receveur sot mir, datt mer Ufank Dezember 678.472 Euro an der Keess hätten. Hei musse mer awer der Gemeng d'Paie vum Office Social nach zeréckbezuelen, an dat si 537.946 Euro, ouni de Fonds de Roulement ze vergiessen deen eis d'Gemeng virgestreckt huet, da bleiwen eis nach 57.526 Euro. Natierlech kréie mer fir den Ofschloss vum Joer vum Ministère déi Zomm erëm, si bezuelen eis jo prozentual Avancë während dem Joer, an um Enn kréie mer dann d'Differenz déi nach feelt bezuelt. Mir sinn nach am positive Beräich, mä wéi scho gesot, opgepasst muss gi mat deene ville Leit déi an den Office Social kommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Polfer Merci fir déi ausféierlech Erklärungen zum Budget, an och Merci deem ganze Conseil d'Administration déi do eng ganz wäertvoll Aarbecht maachen fir eis Bierger.

**Thein Joe (adr):**

Datt déi statistesch Erfaassung an déi reell Situatioun un déi sozial Nout, bedéngt duerch de Populatiounswuesstem, an d'Luucht geet ass ee Fakt, an ech soen och dem Här Polfer als President vum Office Social dofir Merci, datt hien dat seet. Well genau dat huet d'adr an der Budgetsried kritiséiert, wou mir fir ee manner staarke Populatiounswuesstem plädéieren a fir een Ëmdenken an där Politik.D'Upassung vum Office Social am Fong un déi Realitéit wéi mir se elo hei wëllen am Punkt stëmmen, werft d'Fro och op, an déi wëll ech un Iech riichten awer och un den Här Polfer, ob déi och geschitt duerch d'Migratiounskris déi am Moment am gaangen ass. Huet d'Migratiounskris och een Impakt un déi Upassung am Fong déi mer am Office Social hunn?

**Polfer John (CSV):**

Esou laang d'Flüchtlingen net de Statut hunn an och net den RMG kréien, esou laang kënnen se net bei den Office Social kommen. Dat war jo de Problem dee mer haten, well der e puer vun hinne wollte schwamme goen. Wien gëtt hinnen d'Suen? Mir konnten et net vun der Gemeng maachen an och net vum Office Social, obschonn et jo eng Peanuts ass dat Ganzt. Dofir hu mer dat jo elo ënnert eis an d'Rei gemaach.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt dem Här Polfer villmools Merci soen fir deen ausféierleche Bericht an ech wollt hien awer och ënnerstëtzen an där Saach wou e mengt, datt déi Suen, déi déi Leit zur Verfügung kréien, net däerfe beim Benefice am Budget stoen. Dat ass jo net richteg. Déi Leit kréien déi Gelder zur Verfügung gestallt, an dann dauert et heiansdo jorelaang bis mer déi Gelder zeréck kréien. An zweetens kréien d'Leit och heiansdo Suen zur Verfügung gestallt wou een da vu vir era weess, datt déi näischt kënnen zeréckbezuelen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.4.

### Affaires sociales.

Contrat de bail avec l'asbl « La Main Tendue » pour la location d'un appartement à Pétange, rue de l'Eglise n° 8 - approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir wëssen alleguer wéi vill Aarbecht déi Leit vun der Asbl La Main Tendue am Benevolat an och net am Benevolat leeschte fir eiser Bevëlkerung déi Hëllef brauch wierklech Ënnerstëtzung ze ginn. Si sinn un ons erugetrueden, well se Plazmanktem hätten. Si hunn nei Raimlechkeete gebraucht fir hir Büroen an hir „salles d'écoute", well ëmmer méi Leit kommen. Mir hunn hinnen och zougesot si bei der Sich no engem Appartement ze ënnerstëtzen, esou wéi mer et och scho beim SNJ gemaach haten, an hunn och een Appartement fonnt um Nummer 8, Rue de l'Eglise, wat fir 1.200 Euro de Mount vum Här Eric Della-Schiava zur Verfügung gestallt gëtt. D'Chargen an der Héicht vun 190 Euro de Mount bezilt d'Main Tendue selwer, de Loyer iwwerhuele mir à Charge vun der Gemeng.

**Gira Carlo (CSV):**

Et ass scho bal beängschtegend ze héieren, wéi vill Personal déi Associatioun brauch fir an all déi Fäll vu Mëssbrauch agräifen ze kënnen. Wann et awer esou ee grousse Besoin gëtt, ass et natierlech selbstverständlech, datt mir als Gemeng dës Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, wéi ech dat och scho bei menger Interventioun beim Budget gesot hat.

**Approbation à l'unanimité.**

## 8.5.

### Affaires sociales.

Convention avec l'asbl «La Main Tendue» pour la mise à disposition de locaux et de logements - approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng Konventioun déi mer mat der Asbl „La Main Tendue" maache fir emol eemol zesummen ze faassen an an enger Konventioun festzehalen, wat mer hinnen zur Verfügung stelle vu Logementer a Lokaler. Dat ass emol op der Place du Marché hei zu Péiteng de Rez-de-Chaussée an den éischte Stack fir Büroen, dann dat Appartement hei an der Rue de l'Eglise wou mer elo grad de Kontrakt gestëmmt hunn, ee relatiivt grousst Appartement mat dräi Schlofzëmmeren, wou si vill Plaz hunn, an dann natierlech och déi véier Logementer déi an engem Projet „pour des Jeunes en détresse" lafen. Dat si Logementer wou d'Main Tendue déi Jonk suivéieren an accompagnéieren an de psychologesche Wee mat hinne maachen. Déi stelle mir hinnen dann och fir e Soulte vun engem Euro d'Joer zur Verfügung. Si maachen déi ganz Gestioun dovunner, si këmmeren sech ëm déi Jugendlech, an do wiere mer esouguer nach frou, wa mer nach méi där Logementer hätten, well do d'Demande nach ëmmer grouss ass. D'Dauer vun der Konventioun leeft vu Joer zu Joer a si ass resiliéierbar dräi Méint am viraus.

**Thein Joe (adr):**

Ech wollt d'Madame Conter froen, ob si mir ka soe wien am Fong vun deenen Appartementer kann Usproch huelen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dann sinn haaptsächlech „Jeunes en détresse", dat sinn der och alt emol ganz oft wou vun de Streetworkere vum

Jugendhaus opgefaange ginn, dat si jonk Leit vun 18 bis 27 Joer déi keen Heem méi hunn. Si musse groussjäreg sinn, well mer soss Problemer hunn, an déi kommen och besser a Jugendheimer ënner Daach wéi hei, well se jo hei sollen eng gewëssen Autonomie léieren, wou se och suivéiert ginn. Si kréien och Hëllefstellung fir eng Aarbecht ze sichen, well et der meeschtens sinn déi keng Aarbecht oder net genuch Aarbecht hunn. Si gi suivéiert a betreit zwëschen 12 a 24 Méint, da mussen se déi do Wunnenge verloossen, well se no där Zäit méi oder manner op eegene Féiss solle kënne stoen. Och hu mer een Appartement do zur Verfügung fir eng elengstehend Persoun mat engem Kand, wat jo och alt emol virkënnt, datt esou eng Persoun op der Strooss steet.

**Thein Joe (adr):**

Gëtt do och eng Prioritéit gesat ob dat Leit sinn aus der Gemeng oder extérieur?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Haaptsächlech aus der Gemeng. Prioritéit ass ëmmer fir eis Matbierger aus der Gemeng. Wann natierlech ee ganz groussen Noutfall wier a mir hätten nach ee Studio fräi an et wier keen do aus der Gemeng, da kéint och fir eng kuerz Zäit een aneren dovunner profitéieren.

**Thein Joe (adr):**

A wéi gesäit dat dann elo am Kontext vun der Opnahm vun de Flüchtlingsleit aus, wou jo och 25 Leit hei vun der Gemeng Péiteng solle betreit ginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi falen elo net ënnert déi do Konventioun, well déi Flüchtlingen déi mir hei an der Gemeng hunn déi hu jo fir den Ament een Ënnerdaach zu Rodange. Wann elo nach Demandë géinge komme fir nei Flüchtlingen, da misste jo d'Demanden emol un eis Gemeng gemaach ginn. Sou eng Demande ass menges Wëssens nach net hei eran an d'Gemeng komm, a wann dat de Fall wier, da géinge mir eis schonn opstelle fir do een Ënnerdaach ze fannen.

**Thein Joe (adr):**

An deem Kontext wëll ech awer gär e puer Wuert soen, well et mir awer wichteg schéngt, datt mer ganz kuerz iwwert d'Situatioun vun de Flüchtlinge schwätzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir schwätzen hei iwwert eng Konventioun mat La Main Tendue wou Flüchtlingen absolut net concernéiert sinn. Wann dee Punkt eng Kéier um Ordre du jour ass, an Dir kënnt e jo eng Kéier op den Ordre du jour setzen, da kënne mer doriwwer debattéieren, mä den Ament geet an dësem Kader vu Flüchtlinge keng rieds. Ech géif Iech bieden, bei deem grousse Programm dee mer hunn, datt mer eis un d'Dagesuerdnung halen, well jidderee géif dësen Ordre du jour nawell gär an engem raisonnabelen Zäitraum evakuéieren. Den nächste Gemengerot ass den 1. Februar 2016, an ech proposéieren Iech dee Punkt dann op den Ordre du jour ze huelen, mä do virdru wäerte mer hei zu Péiteng iwwer Flüchtlingen net diskutéieren.

**Thein Joe (adr):**

Ech huelen Är Decisioun zur Kenntnis, wäert de Punkt awer als adr an de Gemengerot bréngen, well et mer wichteg schéint driwwer ze diskutéieren, an ech wäert mer awer och d'Méiglechkeet net verwiere fir Bréiwer der Gemeng zouzeschécken, wou Dir da kënnt meng Froe beäntweren, hu mer jo och scho gemaach mat Referenz op déi lescht Fro déi mer iech erageschéckt an och beäntwert kritt hunn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 9.1.1.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 300.000 euros TTC concernant la mise en conformité des passages piétonniers (fourniture et pose d'éléments d'illumination) - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu bei der Virstellung vum Budget gesot, mir géife gär déi Haaptiwwergangsweeër iwwert déi Haaptstroosse besser ausbeliichten, méi Confort maachen, dat heescht duebelsäiteg Luuchten opstellen. Dat si speziell LED-Luuchte mat 30 Lux op 1 Meter Héicht, speziell op de Foussgänger ausgeriicht. Mir hunn eis ronn 25 Iwwergäng eraus gesicht vun der Bomicht bis op d'Porte de Lamadelaine, dat sinn der 21 an der Haaptstrooss a 4 an den Niewestroosse Gillardin, Eglise, Gare a Liberté. Mir kucken awer och weider ze fueren d'nächst Joer mat Lamadelaine a Rodange. Péiteng ass virgezu ginn aus zwou Ursaachen. Éischtens waarde mer an der Lonkecherstrooss drop, datt de Staat een neie Belag mécht do wou opgerappt gouf, an dofir wëlle mer déi Traverséeën esou séier wéi méiglech maachen, am ganzen 250 Meter. An zweetens hunn d'Statistiken och ausgewisen datt hei zu Péiteng op e puer Plazen och schonn Accidenter geschitt sinn, déi mer vun der Polizei och gemellt kritt hunn. Mir wieren deemno frou, wann de Gemengerot déi 300.000 Euro géif zur Verfügung stellen, a mir verspriechen iech och, datt mer d'nächst Joer och 300.000 Euro virgesi fir déi aner Lokalitéiten.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.2.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 50.000 euros TTC et du plan concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux (3$^{e}$ phase) - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Fir d'Glasfaser mateneen ze verbannen, musse mer nach 3.000 Meter Connectiounen zéien, dat haaptsächlech an der Rue des Prés, rue du Moulin an der Avenue de la Gare, an dofir ginn nach eng Kéier 50.000 Euro gebraucht.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.3.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 55.000 euros TTC concernant les travaux à exécuter dans le cadre de la voirie rurale (enduisage de la voirie rurale au lieu-dit «Ronnwiss» à Rodange) - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Administration des Services Techniques de l'Agriculture huet een Devis an der Héicht vu 55.000 Euro opgestallt fir de Verbindungswee tëscht der Rue Nic. Biever an der Route de Luxembourg - dat ass déi al Seelbunn - an d'Rei ze setze mat engem Decapage, Botzen an Tarmac.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Kann een och mam Rollstull iwwert deen „tarmac draînant“ fueren?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass haaptsächlech geduecht fir mam Rollstull, nodeems schonn an deem Sënn reklaméiert gi war.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Gëtt och dru geduecht fir de Wee eng Kéier bis an d'Rue Titelberg mam selwechte Belag ze maachen? Da wier de Wee bis an Nidderréideng eran an engem gudden Zoustand.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Weeër ginn ëmmer zesumme mat de Services Techniques de l'Agriculture gemaach. Et muss een elo kucken ob d'Proprietéitsverhältnisser ëmmer kloer sinn. Do si mer net esou ganz kloer, e gëtt zwar den Ament profitéiert, mä do leien awer och heiansdo Servituden dran, esou datt d'Situatioun net ganz kloer ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.4.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis adapté au montant de 1.570.000 euros TTC concernant les travaux d'assainissement de la canalisation sur le territoire de la commune - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei geet et ëm „travaux d'assainissement" an de Stroossen Michel Rodange, Acacias, Chiers an och deels um Kierfecht hei zu Péiteng. Do gëtt assainéiert, wéi dat genannt gëtt, haaptsächlech mat dem Inlinersystem. Den Devis dofir beleeft sech op 1.570.000 Euro.

**Becker Romain (déi gréng):**

Well jo ëmmer méi dacks, amplaz opzerappen, mat deenen Inliner gefuer gëtt, wollt ech wësse wéi laang dat hält an ob et ewell scho Wäerter ginn an eiser Gemeng?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wa mer de Kanal gebotzt hunn a mir gesinn, datt d'Jointen net méi ganz dicht sinn, dann ass et sënnvoll een Inliner dran ze leeën deen d'Dauer ëm 20 Joer verlängert. Dat huet awer nëmmen da Wäert wa mer mat der Kamera feststelle kënnen datt iwwerhaapt nach eppes do ass. Wann net, da musse mer oprappen.

**Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.5.

### Travaux extraordinaires.

Approbation de devis au montant de 750.000 euros TTC concernant le remplacement de la canalisation pour eaux mixtes au cimetière à Rodange - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei ass elo esou ee Fall wou et kee Wäert huet mat Inliner ze fueren, dat ass ronderëm de Kierfecht zu Rodange, wou mer d'Kanalisatioun fir 750.000 Euro musse komplett erneieren.

**Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.6.

### Travaux extraordinaires.

Approbation de devis au montant de 180.000 euros TTC concernant le concept d'assainissement du réseau de la canalisation de Pétange - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kënne mat Hëllef vun der Kamera feststelle wat net gutt ass um Kanal oder wat futti ass, mä mir sinn awer net equipéiert, ingenieursméisseg, fir ze soe wat gemaach muss ginn. Dofir brauche mer do den Ingenieursbüro Schroeder et Associés deen eis seet, wat déi noutwenneg Moossname sinn, déi geholl musse ginn. Et war och dat, wou mer déi leschte Kéier gesot hunn, datt mer e bëssen hannendra waren, well mer dat net geliwwert kritt hu vu Schroeder et Associés. Mir hunn och schonn iwwerluecht ob mer net een Ingenieur sollten astelle fir dat selwer ze maachen, mä et ass eng speziell Kenntnis. Wa mer elo erëm normal weider beliwwert ginn an engem normalen Delai, da kënne mer och déi Aarbechten hannendru maachen. Dat war dëst Joer an d'lescht Joer net onbedéngt de Fall. Si hu gesot, et wier e Fall vu mënschlecher Schwächt gewiescht, bedéngt duerch eng länger Krankmeldung. Mir hunn hinnen awer och ze verstoe ginn, datt, wann et net besser géif ginn, mir eis een anere Büro géife sichen. Si hunn natierlech den Know-How, si wësse wou alles läit, an och wa mer net vun hinnen ofhängeg sinn esou komme mer net gutt laanscht se.

**Gira Carlo (CSV):**

Gëtt et da keen anere Büro, deen esou eppes ka berechnen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dach, mä et muss ee fir d'éischt d'Basisdonnéeën hunn, an déi huet Schroeder et Associés. Déi misst een eng Kéier kréien, mä et misst een se awer och interpretéieren. Si hunn hir Sprooch doranner, all Büro huet sech do e bëssen ofgeséchert, esou datt mer net onbedéngt een anere Büro kéinten drop setzen.

**Gira Carlo (CSV):**

Kann een dann awer net een anere Büro mat erun zéien, wann een déi Aarbecht net gemaach kritt?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn hinnen dat proposéiert, si hunn eis versprach, datt mer nees normal beliwwert géife ginn. Loosse mer hinnen eng Chance ginn. Nodeems mer gutt mat hinne gestridden haten. Ufank Januar hu mer elo mat hiren Haaptresponsabele e Rendez-vous, wou mer hinnen dann nach eng Kéier kloer maachen, datt mer gär esou séier wéi méiglech beliwwert géife ginn, net am Oktober mä am Abréll-Mee, esou datt mer och kënnen d'Aarbechte maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.7.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 100.000 euros TTC concernant la télégestion du réseau de l'eau potable avec la mise à jour des logiciel et équipements électro-mécaniques – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn den Ament schonn eng Telegestioun vun eisem Waasserreseau mat alle Bassengen a Statiounen déi

dertëschent sinn, mä do muss eng Mise à jour vum Logiciel a vun den elektromechaneschen Equipementer gemaach ginn, an dofir brauche mer ee Kredit vun 30.000 Euro.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.8.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 30.000 euros TTC concernant la télégestion des pompes et le relevage des eaux usées et superficielles - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei geet et ëm d'Telegestioun vun eise Pompelen an de Relevage des eaux usées, ënnert anerem am ënneschte Chemin de Brouck wou d'Ofwaasser eriwwer an d'Kläranlag muss gepompelt ginn. Och do wier eng Telegestioun wäertvoll, fir datt een net ëmmer muss op d'Plaz kucke goen an eng eventuell Pann gemellt gëtt. Och wann de Gros iwwert de SIACH leeft, esou bleiwen awer e puer Pompelen déi mer nach selwer bedéngen. Dofir gëtt ee Kredit vu 15.000 Euro gebraucht.

**Accord à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.9.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 1.250.000 euros TTC et des plans portant sur les travaux de réaménagement des infrastructures et d'apaisement du trafic dans la rue du Parc à Pétange - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu jo wëlles, deen ieweschten Deel vun der Parkstrooss fir de Verkéier brooch ze leeën an eng Berouegung vum Verkéier ze maachen. Dat muss een sech elo esou virstellen, datt déi Plaz einfach weidergefouert gëtt bis bei d'Haiser. Et gëtt da keen Trottoir a keng Strooss méi, mä et gëtt eng grouss Plaz déi awer accessibel bleift am Sënn vun engem „shared space". Si gëtt vill méi convivial an urban ausgeriicht. Fir Camionen, déi liwweren, gëtt déi aktuell Busspur deementspriechend amenagéiert, esou datt och déi Gefierer net méi an d'Strooss mussen erafueren. Déi zwou Reie Beem sollen eraus gezu gi bis op d'Strooss erop, et sinn am Ganzen 20 Arbusten a Beem virgesinn, och an der Strooss selwer. Do hoffe mer, wann d'Leit de Projet virgestallt kréien, datt se déi Beem acceptéieren déi bis un d'Schoul erof virgesi sinn. Och all déi al Netzer vu Gas, Elektresch, Kanal a Waasser ginn nei gemaach. Den Deel vun der Haaptstrooss bis bei d'Peschenhaus gëtt ee „shared space" a vun do bis bei d'Rue Dicks kann d'Strooss dann an zwou Richtunge befuer ginn, esou wéi et elo schonn de Fall ass wa grousse Maart ass, an och d'Parkplazen ënnert de Beem bleiwe bestoen. Och verspriechе mer eis hei méi Sécherheet an der Strooss, déi jo och direkt bei eng Schoul féiert, an eng besser Liewensqualitéit fir déi Leit déi do wunnen. Hei brauche mer eng éischt Tranche vu 500.000 Euro, dee ganzen Devis läit bei 1.250.000 Euro.

**Gira Carlo (CSV):**

Dee Foussgängersträifen ass jo elo schonn net méi do, an dat ka Problemer mat sech bréngen. Wier et net besser, elo schonn d'Strooss aus Sécherheetsgrënn zouzemaachen, fir datt d'Leit méi sécher kënnen hei iwwer d'Strooss goen, well et nach ëmmer eng vill benotzte Kräizung ass a well d'Autoen ëmmer nach Schläichweeër sichen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech denke ganz haart driwwer no fir se provisoresch zouzemaachen, well am leschten Avenant vum Verkéiers-reglement huet de Gemengerot dat schonn decidéiert. Dofir ass de Foussgängersträifen och schonn net méi do. Ech wollt d'Strooss awer net zoumaachen, éier mer den Devis hei gestëmmt hunn, och aus Respekt virum Gemengerot, mä ech ka mer awer virstellen, datt mer am Januar an der Verkéierskommissioun mam Polizeikommissär schwätzen datt mer breetflächeg informéieren, datt een dann net méi vun der Lëtzebuerger Strooss an d'Parkstrooss däerf erafueren.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.10.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 450.000 euros TTC concernant les travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu jo all Joer normalerweis 300.000 Euro am Budget stoe fir de Reprofilage a Stroossen, wou Aarbechte gemaach goufen. Dës Kéier sinn et 450.000 Euro fir haaptsächlech d'Rue du Clopp, wou an de leschten zwee bal dräi Joer immens vill geschafft ginn ass, an déi mer nach am éischte Semester wëllen an d'Rei setze fir datt déi och preparéiert gëtt fir d'Zone 30, déi mer d'nächst Joer wëllen aféieren.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Wann den Här Breyer schonn op mech gekuckt huet, da muss ech och soen, datt d'Rue du Clopp eng Mussesaach ass an datt et gutt ass datt déi virgesat ginn ass, dat ass net vu Muttwëll.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Kann een do och virgesinn, déi Gefor ze ënnerbannen op der viischter Kopp wann sech do zwee Autoen oder een Auto an ee Bus kräizen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass elo net direkt eppes virgesinn, mä dat kann een awer kucke wa mer mam Entrepreneur zesumme kommen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.11.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 855.000 euros TTC et des plans concernant le réaménagement des vestiaires et l'aménagement d'une nouvelle buvette au terrain de football à Pétange - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei hu mer een Devis virleie vun 855.000 Euro fir de Reaménagement vun de Vestiairë mat uewendrop enger Buvette fir de Fusiounsveräin Union Titus Péiteng um Stade Municipal zu Péiteng. Travaux de démolition belafen sech do op 18.630 Euro, Travaux de construction 569.400 Euro, Etude de sol 2.500 Euro, Honorairë fir d'Ingenieuren 23.100,

Honorairë fir Ingénieurs techniques 27.300 Euro, Honorairë fir d'Koordinatioun an d'Securitéit vum Chantier 6.000 Euro an d'Honorairë fir den Architekt 55.700 Euro. Do kommen dann nach 119.47 Euro TVA dobäi, a bei Divers et imprévus hu mer nach eng Kéier 32.922,90 Euro, esou datt den Devis arrondi sech op ronn 855.000 Euro beleeft.

Am Dossier läit ee ganz flott Dokument wou een sech kann ukucke wéi dat Ganzt ausgesäit. Do hu mer um Rez-de-Chaussée d'Trafoslokal, wat vill Plaz ewech hëlt mä wat mer leider net kënne réckelen, ee Lift, eng Grillbud, ee Lokal mat Material fir ze botzen, Toiletten, en Hall mat Lavaboen, e Local arrosage mat Armaturen, eng Vestiaire mat Sanitär fir den Arbitter, zwou Vestiairë fir 18 Spiller an zwou Gemeinschafts-duschen.

Uewen drop ass dann och de Lift virgesinn, den Depot, e Lokal fir d'Chaufferie, eng Buvette vun 105 Quadratmeter mat méi oder manner 65 Sëtzplazen, e Comptoir an dann Toilettë fir Dammen an Hären, souwéi handicapéiertegerecht Sanitäranlagen, an am Gank nach eng Kéier Lavaboe fir Plaz ze spueren, plus ee Balkon. An um Daach ass virgesinn eng Fotovoltaikanlag ze maachen.

Wéi mer scho bei de Budgetsdebatte gesot hunn, stelle mer der Jugend eng adaptéiert Infrastruktur zur Verfügung. Ronn 400 Jugendspiller zielt deen neie Fusiounsveräin, an och duerch d'Buvette hu mer dann um Stade Municipal eng modern an adoptéiert Sportsanlag déi eiser Gemeng würdeg wäert sinn.

D'Konzeptioun vun deem Ganzen ass a Kollaboratioun mat der Gemeng, mam Fusiounsveräin a mam Architekt gemaach ginn. Et louchen dräi Variante vir.

**Gira Carlo (CSV):**

Wann een d'Gréisst vun deem Gebai kuckt dann hu mer d'Gréisst vun zwee Eefamilljenhaiser, a wann een dann de Präis vun 850.000 Euro kuckt an dobäi betruecht datt ee Lift dran ass an datt d'Honorairen sech op iwwer 100.000 Euro belafen, da muss ee vun engem ganz raisonnabele Präis fir dat Gebai schwätzen.

Dozou just zwou Detailfroen. Et ass just ee Vestiaire fir den Arbitter virgesinn. Haut hu mer jo awer och dacks Hären an Dammen déi arbitréieren, respektiv och bei Jugendequipë Jongen a Meedercher déi zesumme spillen. Ass dat consideréiert ginn?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Jo, dat ass consideréiert ginn, vu que datt déi do Vestiairen haaptsächlech fir d'Jugend- a Reservequipë sinn an datt do ëmmer nëmmen een Arbitter ass an net wéi an den ieweschten Divisiounen een Arbitteschtrio.

Ënnert der Haapttribün hu mer jo nach zwee Lokaler zur Verfügung fir zwee Arbitteschtrioen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Wéi ech scho bei de Budgetsdiskussioune gesot hat fannen ech de Präis awer e bëssen héich, mä wa 400 Jugendlecher do solle betreit ginn da soen ech et wier an der Rei.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.12.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 100.000 euros TTC concernant les travaux de conservation à réaliser au sous-sol de la piscine PiKo à Rodange - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

An der PiKo si mer nach ëmmer confrontéiert mam Waasser am Keller, do musse verschidden Aarbechte gemaach gi fir datt mer dat Gebai endlech géifen dresche kréien. Den Devis vun 100.000 Euro begräift d'Installatioun vum Chantier 8.500 Euro, d'Securitéit 2.700 Euro, Évacuation des Eaux 3.500 Euro, Fourniture a Realisatioun vun engem Pëtz 25.500 Euro an den Drainage 43.750 Euro. Dobäi kënnt eng TVA vu 14.271,50 Euro an Divers/Imprévus fir 1.778,50 Euro, wat am Total een Devis arrondi vun 100.000 Euro ergëtt.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.13.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 280.000 euros TTC concernant les travaux de remise en état de la salle de musique et de la chorale au bâtiment de l'Harmonie à Pétange - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mat deenen dräi Museksgesellschaften, déi jo a Fusiouns-gespréicher sinn, hu mer eng Diskussioun gehat datt, sollt déi Fusioun elo d'nächst Joer Realitéit ginn, mir déi adequat Proufméiglechkeete misste bidden. Eng hätten se schonn am Sënn vun deem neie Sall zu Lamadelaine, dee Rodanger Sall huet sech als ze kleng erwisen an dee Péitenger Sall wier hirer Meenung no gutt wann en e bësse géif opgefrëscht, adaptéiert a vergréissert ginn. Dee Sall gesäit ural aus, do ass schonn 30 Joer näischt méi dru gemaach ginn an et ass wierklech un der Zäit fir do eppes ze ënnerhuelen, nodeems d'Fassad an d'Fënstere jo schonn nei gemaach goufen. An engems wëlle mer dovunner profitéiere fir och de Sall vun der Chorale nei ze maachen, deen a kengem besseren Zoustand ass, grad wéi och d'Trapenhaus. Den Devis beleeft sech hei op 280.000 Euro a begräift d'Erausrappe vu enger Wand, en neie Buedembelag, d'Elektresch, d'Erneiere vum Plafong an den Ustrach. Ronn 40.000 Euro falen op de Sall vun der Chorale, 35.000 Euro op d'Cage d'Escalier an de Rescht op de Musekssall. Mir wëllen awer ofwaarde wéi dat mat der Musek geet. Wann alles optimal verleeft solle se jo ufangs Joer déi Fusioun effektiv gestalten, a mir waarden of, datt dat och geschitt, net datt mer elo eppes maache wat e bemol net méi noutwendeg wier.

**Gira Carlo (CSV):**

Mir hunn als Conseiller eng Invitatioun kritt vun enger Museksgesellschaft fir den 20. Januar wou awer dann dra steet, et wier déi lescht Generalversammlung, wann et se da wier. Deemno musse mir awer ofwaarde bis all hir Decisioune geholl sinn éier mer déi entspriechend Aarbechte maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir wäerten de Budget och kaum éischter erëm hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wat déi vum Här Gira ugeschwaten Invitatioun ugeet, esou kommen där nach zwou, well déi dräi Museke musse jeeweils eng Generalversammlung ofhale fir sech opzeléisen, respektiv an eng aner Gesellschaft iwwerzegoen.

Den Här Breyer huet och déi nei Fënsteren an déi nei Fassad ugeschwat, an déi Fassad war jo och formidabel bis de Chantier niewendru war. Do sinn dann un der schéiner neier Fassad enorm Rëss entstan, vir an hannen um Gebai. Wann déi Rëss net eng Kéier ausgebessert ginn, da fäerten ech ganz, datt déi schéi Fassad, duerch d'Fiichtegkeet an duerch

d'Witterung bedéngt, eng Kéier erof bréckelt. Ass och do dru geduecht ginn, well déi Rëss déi si jo och deels bannenan ze gesinn. Am Jugendhaus si mer do méi pragmatesch virgaangen andeems déi Jugendlech selwer d'Rëss zougegipst an duerno nei ugestrach hunn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et sinn „Témoins“ gesat ginn, an déi hunn net méi bougéiert. Dat gëtt ëmmer bei Rëss an der Fassad gemaach, do gëtt eppes wéi ee Stéck Hansaplast op de Rass gepecht, a wann deen da räisst dann huet et nach bougéiert. Zënter engem Joer huet elo awer näischt méi bougéiert, a mir hunn der Assurance et och gemellt, well wann duerch Aarbechten um Haus niewendrun e Schued entsteet da kann do d'Haftflichtversécherung matspillen. Dat muss elo duerch Experte festgestallt ginn, an da musse mer kucken ob mir als Gemeng musse Suen erausginn oder ob alles vun der Assurance aus ofgedeckt gëtt. Déi Affaire mat deene Rëss muss jiddefalls kloer gestallt sinn, éier mer hei mat den Aarbechten ufänken.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.14.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis adapté au montant de 1.085.000 euros TTC concernant les travaux d'extension et de réaménagement de l'ancien presbytère à Lamadelaine - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Deen ale Presbytère soll jo d'Mémoire collective communale ginn, dat heescht eis Archiven an eis Mémoire vun de Veräiner a vun eiser Geschicht vun deen dräi Lokalitéite sollen do hiren definitive Siège kréien. Dee Plang ass och mat den Amis de l'Histoire duerchdiskutéiert ginn. Si haten nach eng supplementar Dall uewen drop proposéiert, an déi hu mer dann och virgesinn, fir datt een à la rigueur spéider nach kéint ausbauen, et ass awer och gutt fir déi ganz Stabilitéit vum Haus ze garantéieren, well och do si scho Rëss den Ament an der Fassad, dee Bau hat och scho bougéiert.

Dat aktuellt Gebai kritt lénks eng Annex bäigebaut wou och ee Lift dra kënnt, an déi Annex kascht eleng 257.000 Euro. Déi Annex kritt och eng „façade isolante“, déi aner Fassad bleift an hire Bestanddeeler bestoen a gëtt just ausgebessert, geflickt, gebotzt a frësch poléiert. Et gëtt dann och alles nei gemaach wat nei ze maachen ass wéi d'Elektresch, Chappen, Buedembeläg, Ustrach, Sanitär, Heizung asw. plus d'Alentouren, esou datt den Devis sech um Enn op 1.085.000 Euro beleeft. Am Budget fir 2016 ass dofir ee Kredit vun 935.000 Euro virgesinn.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Dee Projet ass wierklech ganz gelongen esou wéi en elo ausgesäit, an et ass dem Schäfferot dofir nëmmen ze felicitéieren. Just zwou Froen: Si baussen och Parkplaze virgesi fir déi Leit déi dohinner kommen? A kéint déi Mauer laanscht de Bierg déi an engem ganz schlechten Zoustand ass net och nei gemaach ginn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Mauer gesäit effektiv schlecht aus. Do muss ee kucken ob de Bierg hannendrun net ze vill dréckt an ob net do muss een Drainage gemaach ginn. Déi Garage déi do ass bleift bestoen a niewendrun kann ee kucke fir e puer Parkplazen ze maachen, et ass jo och net ewech nach ee méi grousse Parking.

**Polfer John (CSV):**

Ech wëll am Numm vun de Geschichtsfrënn villmools Merci soen, well déi freeën sech driwwer wann se esou ee schéint Haus renovéiert kréien a wann se do era kënne plënneren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kucken, datt mer och Liewen do dra kréien a wat sech alles do maache léisst. Et si jiddefalls méi Méiglechkeete wéi A Rousen well méi grouss Surfacen erlaben dann och Ausstellungen, kleng Virféierungen oder Diskussiounsronnen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.15.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 45.000 euros TTC concernant la mise en place de columbariums supplémentaires aux cimetières communaux - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Well ëmmer méi Leit sech verbrenne loossen a well d'Demande dofir och ëmmer zouhëlt, gesi mir fir d'nächst Joer op deenen dräi Kierfechter jeeweils 15 nei Kolumbarie vir, déi eis pro Unitéit vu 15 12.000 Euro kaschten, wat een Total vu 36.000 Euro, mat der TVA an Imprévus een Total arrondi vu 45.000 Euro mécht.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.16.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 22.000 euros TTC concernant les travaux de remplacement des portes de garages du service d'incendie et de sauvetage - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt eng Dier duerch en Accident futti gemaach gouf wou weder eise Gemengeservice nach de Pompjeescorps Schold drun hat an déi iwwert d'Assurance frësch gemaach gëtt. Mir hunn awer festgestallt, datt och déi aner fënnef sectionell Paarten net méi an engem ganz gudden Zoustand sinn, esou datt mer déi dann och ersetzen, a well do keen dra gerannt ass musse mer déi dann och selwer bezuelen. Dat géif eis dann 22.000 Euro kaschten.

**Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.17.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis adapté au montant de 625.000 euros TTC concernant l'adaptation du Plan d'Aménagement Général - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wéi scho virun enger Woch gesot, si mer mam PAG net esou viru komm wéi mer eis dat virgestallt haten, Mir hate wierklech gemengt Enn vun dësem Joer kënnen an d'Prozedur ze goen. Ee vun de Problemer waren d'Plans sectoriels déi vun der Regierung zréckgezu goufen, op der anerer Säit hu mer méintelaang gewaart op den Avis vum Ministère de développement durable et des infrastructures, département de l'Environnment. Deen Avis hu mer den 19.

Oktober 2015 kritt an do hu mer feststelle mussen, datt mer opgrond vun deem Avis nach mussen eng ganz Rei Etüde maachen. Besonnesch eng Etüd kënne mer eréischt tëschent Mäerz a September maachen, wat iergerlech ass, well mer doduerch ee Joer an der Prozedur verléieren. Dobäi kënnt, datt mer nach ee supplementäre Kredit stëmme mussen, well déi Suen déi am Devis virgesi waren net méi duer ginn. Dofir den Devis adapté deen op 625.000 gehuewe gëtt nodeems e virdru bei 550.000 Euro louch. Mir hoffen dann awer mat där Etüd ofgeschloss ze hunn an d'nächst Joer, wa mer iwwert de Budget schwätzen, soen ze kënnen datt de PAG an der Prozedur ass.

Mir hunn op jidder Fall een deementspriechenden Zäitplang vum Bureau Zeyen & Baumann virgeluecht kritt. Bleift nach ee Punkt ze diskutéieren, an dat ass dee vun de Sites et Monuments wou nach déi Haiser mussen definéiert ginn déi geschützt musse ginn.

Bleift ze hoffen, datt et bei 625.000 Euro bleift, engem substantielle Chiffer fir eigentlech näischt ze hunn ausser engem Blat Pabeier wou gesot gëtt wat een an Zukunft muss maachen, wann een an der Gemeng Péiteng wëll bauen. Mat deene ville Suen hätt een eppes vläicht méi Sënnvolles kënne maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hat e Méindeg schonn drop higewisen, datt et wierklech endlech géif Zäit gi fir emol e Schlussstréch ze zéien an no engem méi moderne Bebauungsplang kënnen ze bauen, wéi mer en hunn. Ass et dann net méiglech, datt mer eng Zouso kréie fir datt dat hei wierklech dee leschten Hoff ass dee mer musse maache fir datt mer dann d'nächst Joer endlech kënnen an d'Prozedur goen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif scho mengen, datt mer elo esou wäit sinn, mä Dir wësst, datt mer ëmmer vun den Administratiounen ofhänken. Dat eenzegt wat mir nach e bëssen Angscht mécht dat ass wa mer eis musse festleeën op déi Haiser déi ze schütze sinn en fonction vun deem Deel wou mer musse maachen am Kader vun eisem PAG wou Sites et Monuments eis imposéiert. Do hoffe mer an deene Verhandlunge vun der Plaz ze kommen. Ech weess, datt dee Volet och an der Nopeschgemeng Käerjeng nach eng Suerg duerstellt.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.18.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 83.330,91 euros TTC et du plan concernant les travaux d'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais à Pétange - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wann dir d'Pläng vun der Extensioun vun der Maison Relais zu Péiteng kuckt, da gesitt dir, datt et ee ganz flotte Projet ass, d'Fassad gëtt och esou fuerweg gehal wéi se schonn zur viischter Säit ass. Déi Salle de détente gëtt net supergrouss, si ass jo och geduecht fir sech mat engem oder zwee Kanner kënnen zeréckzezéien, dat wat een haut jo sou ee Genre Snoezelraum nennt. Hei geet et jo ëm Kanner „en besoin spécifique" déi jo dann emol, wéi ee seet, musse kënne Loft huelen an déi een dann do nees berouegt kritt an se duerno nees kann an de Grupp integréieren. Mir hunn den Ament eng Rei där Kanner déi extra betreit musse ginn, an dofir fannen ech déi hei Saach scho ganz flott. Den Devis beleeft sech op 83.330,91 Euro, ee Kredit vun 100.000 Euro ass am Budget virgesinn. Hei brauche mir jo an deem Sënn net esou eng richteg Miwweléierung wéi an deenen anere Raim, just haaptsächlech Matrassen, eng extra Beliichtung, e Radio fir de Kanner Musek ze maachen. Mir hoffe bis Enn vum Joer mat den Aarbechte fäerdeg ze sinn.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech war de Moien nach den Dossier kucken an ech hunn een akribesch genauen Zuelendossier virfonnt wat genau gemaach gëtt mat deenen 83.330,91 Euro wou mir jo am Budget 100.000 Euro virgesinn hunn. Hei wëll ech also den technesche Volet luewen, mä de politeschen Hannergedanken huet mir am Dossier de Moie gefeelt. Déi Erklärung huet d'Madame Conter, Ressortschäffin, eis awer elo ginn, an ech sinn och frou driwwer, datt mer op de Wee gi vun engem sougenannte Snoezelraum wou mer definitiv och d'Inclusioun mat dran hunn. Eng Fro hunn ech awer nach: Kënnen och déi Kanner aus enger anerer Maison Relais dovunner Gebrauch maachen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi brauchen net dovunner Gebrauch ze maachen, well an der neier Maison Relais zu Rodange ass esou een ähnleche Raum scho virgesinn, an déi bestehend Maison Relais ass jo praktesch am selwechten Tract. Zu Lamadelaine hu mer den Ament nach keen esou ee Raum, mä do kënne mer jo op Raimlechkeete vun der Ecole fondamentale zréckgräifen, och wann déi vläicht net esou adequat sinn, mä et gëtt jo och ganz staark dru geduecht fir och zu Lamadelaine eng nei Maison Relais ze bauen, wou jo da selbstverständlech esou ee Sall muss mat ageplangt ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech fannen dat och ganz flott a ganz sympathesch mat esou engem Snoezelraum dee jo, wéi Dir ganz richteg gesot hutt, an Zukunft muss mat dobäi sinn. Am Ausland ass dat scho méi laang esou. D'Equipe vun den Educateuren am Haus muss awer do dee Raum e bëssen am A halen, well wa vill Kanner matenee an dee Raum ginn dann ass et sech och schlecht snoezelen, well dann ass näischt méi mat Détente. Da gëtt et ee Spillzëmmer, an dat däerf et jo awer am Prinzip net ginn. Déi responsabel Leit, déi et nach net wësse sollten, déi missten dann awer och léiere wéi dat soll fonctionnéieren. Et ass net einfach nëmmen ee Sall wou ee Këssen um Buedem läit wou d'Kand sech da kann drop leeën.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn dofir gesuergt, datt déi Kanner „à besoins spécifiques" betreit gi vun Educateuren déi doranner schonn eng gewësse Praktik hunn. Do hu mer d'Chance zum Beispill eng Educatrice ze hunn déi schonn 10 Joer an deem Beräich geschafft huet, wat ee ganz grousse Virdeel ass. Och aner Educatricen hu Fortbildunge gemaach, a mir mussen och weider fir Fortbildunge suergen, an dat, well mer ëmmer méi Kanner kréien an datt se och ganz genee wësse mat esou Kanner an deene Raimlechkeeten ëmzegoen.

**Gira Carlo (CSV):**

D'Madame Conter huet vun enger gewësser Beliichtung geschwat. Déi misst jo dann awer direkt gemaach ginn, net datt een hannenno nees alles muss oprappen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dofir si jo 5.000 Euro am Devis virgesinn. Mir musse just kucke wat d'Spezialisten eis do virschloen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech si frou, datt d'Madame Conter d'Formatioun ugeschwat huet, well dat ass eppes ganz Wichteges, an ech si frou, datt dat esou gehandhaabt gëtt.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Allgemeng wëlle mir dofir suergen, datt d'Educateuren ëmmer sollen op Fortbildung goen.

**Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.19.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 289.137,11 euros TTC et du plan concernant l'aménagement d'un nouveau chemin d'accès menant au cimetière à Lamadelaine - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu jo wëlles d'Rue des Ecoles zu Rolleng tëscht deenen zwee Schoulgebaier vum Fondamental a vum Préscolaire komplett verkéiersfräi ze maachen. Dat bedéngt, datt mer een neien Accès musse maache fir an de Kierfecht eran ze kommen, an deen Accès ass fonnt gi wann een an d'Cité Gehren erafiert. Do kann d'Mauer dann opgebrach gi fir een neit Portal dran ze setzen. Och kann do ee Parking écologique amenagéiert gi mat am ganze 17 Parkplaze plus eng Handicapéierteparkplaz.

De Génie Civil beleeft sech op 140.000 Euro, d'Begréngung kascht 50.000 Euro. Et gi 27 eenzel Beem geplanzt an et gëtt och eng Surface vu bal 600 Quadratmeter als Wiss ugeplanzt. De globale Käschtepunkt läit bei 300.000 Euro.

**Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.20.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 996.651,94 euros TTC et des plans concernant les travaux de rénovation de l'église néo-apostolique à Lamadelaine - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir wëllen déi Kierch jo ëmbauen, dat heescht eng Mise en conformité vum Bau maachen no de Critère vun de Gemengen, an do aner Aktivitéiten developpéieren, an zwar méi am Sënn vu Studio a Salle de répétition et d'enregistrement.

D'Mise en conformité begräift alles wat noutwendeg ass fir een ëffentlecht Gebai wéi eng Accessibilitéit fir Personnes à mobilité réduite mat enger hydraulescher Plattform nieft dem Gebai déi op all Niveau vun dësem féiert. Et gëtt och eng Conformitéit gemaach mat den Toiletten, och fir Leit à mobilité réduite. Och ass een Assainissement énergétique virgesi mat duebel Fënsteren, Sonorisatioun, an alles fir datt dat Gebai sengem Zweck kann entgéint bruecht ginn.

Um Rez-de-Chaussée bleift alles sinn ewéi et war, déi fréier Kierch gëtt eng Salle de Répétition, ouni eng fest Bühn mä mat flexibelen Elementer a Riddoen, wou een sech kann eng Bühn arrangéiere wéi ee wëll. Dobäi kënnt eng kleng Kitchenette fir emol ee Pättchen ze drénken. Laanscht d'Säit komme Bänken, wou een sech ka sëtzen oder Material deposéieren. Do kënnen da Prouwen ofgehal ginn déi bis elo an engem Centre Culturel waren. Et huet deen Avantage dobäi, datt dat Ganzt vernetzt ass mam Studio deen am Keller oder -1 ass an deen esou wuel fir Toun- wéi och fir Videosopname ka gebraucht ginn. Dëse Studio ass komplett equipéiert mat dräi Kameraen a Glasvitrinnen déi d'Raim vun der Technik an der Regie trennen, an dat Ganzt ass, wéi gesot, mam Sall uewen driwwer verbonnen, esou datt een ënnenan dat kann ophuele wat um Rez-de-Chaussée produzéiert gëtt. Fir déi ganz sophistiquéiert Technik hu mer eis berode gelooss vum Här Kannengießer, engem Spezialist aus dem noe Grenzgebitt, an déi ganz Technik fléisst och mat iwwer 200.000 Euro an dee Projet eran.

Mir hunn eis och op lokalem Plang vu Leit berode gelooss déi op deem Gebitt Erfahrungen hunn, wéi de Patrick Bissen vun RTL, den Henri Kleren dee selwer een Tounstudio huet an de Julien Arpetti vum Lycée. Mat a Betruecht gezu ginn ass um Enn awer och, datt dat Ganzt hannenno vun Amateure bedéngt gëtt, déi allerdéngs mussen eng kleng Formatioun maachen déi mir gär ubidden, fir datt net op eemol jiddereen déi Technik manipuléiert.

Et gëtt op alle Fall een Instrument wat esou gutt fir d'Veräiner, kulturell Veräiner, d'Jugendhaus an de Lycée Méiglechkeeten a Perspektiven ergëtt, déi vu klenge Produktioune bis zu engem regelrechte lokalen Televisiouns- oder Radiosender kënne goen. Et gëtt der Gemeng och d'Méiglechkeet kommunikativ mat senge Bierger ze vermëttelen, doduerch datt mer iwwer d'Glasfasernetz jo d'Méiglechkeet hunn a ganz vill Stéit eran ze kommen. Et ass also een Instrument wat e bëssen opportunistesch entstan ass doduerch datt mer déi Kierch kritt hunn an hu musse kucke wat mer draus maachen.

De Käschtepunkt beleeft sech op 996.651 Euro, a mir hoffen dat nächst Joer wéinstens 550.000 Euro ze verschaffen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech si ganz frou wann ech d'Erklärunge vum Här Breyer héieren, well et ass nämlech ganz getrei no deem wat ech virun e puer Deeg och a menger Budgetsried gesot hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech fannen dat eng ganz super Iddi, datt esou eppes gemaach gëtt, virun allem gesinn ech et aus der Vue vum Jugendhaus, well déi hunn net méi spéit wéi virun zwee Méint een CD opgeholl. Dofir waren se op Déifferdeng an d'Jugendhaus well déi do ee Studio hunn deen se vum SNJ zur Verfügung gestallt kritt hunn. Den SNJ hat eis och gefrot ob mir un esou enger Installatioun intresséiert wieren, mä viru Joeren hate mir net d'Raimlechkeeten dofir.

Bei där ganzer Technik hat ech mir scho bal Gedanke gemaach ob d'Gemeng net nach esou een Touningenieur oder –regisseur misst astellen, mä wann dat esou soll fonctionnéieren, datt ee Responsabele vum Grupp eng Formatioun mécht éier en de Schlëssel kritt, da misst dat duer goen, well jo dann net jidderee kann drun triwwele goen.

Op jidder Fall begréisse mir dat wat aus deem Gebai geschitt ass, an dorunner gesäit een och, datt ee ka ganz flott Saachen aus enger Kierch maachen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Wann elo Leit komme fir do eppes opzehuelen, ginn ech jo emol dovunner aus, datt dat net gratis ass?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir maachen ee Règlement de fonctionnement interne wou emol Prioritéite gesat musse ginn. Deen éischten Notznéisser ass dann d'Gemeng, deen zweeten ass dann eis Jugend, drëttens sinn et eis Veräiner, dat muss verwalt ginn. Mir maachen et d'selwecht wéi bei deenen aneren Zentren, wou all déi subventionéiert Veräiner vir stinn. Ob mer d'Dier opmaache fir Leit vu baussen, steet den Ament nach an de Stären. Ech géif awer mengen, datt genuch Demanden do

wiere vun eisen eegene Leit, wa mer de Lycée och nach als Demandeur gesinn. Bei aneren Zentre mussen déi vun auswäerts souvill bezuelen, ech mengen net, datt mer hei esou wäit mussen denken.

**Brecht Guy (LSAP):**

Dir hutt och vun enger Radiostatioun geschwat, wat ech zum Beispill ganz gutt géif fannen. Mir kënne jo dann iwwert eisen Infokanal während enger Stonn d'Leit aus der Gemeng informéieren iwwer dat wat wichteg an eiser Gemeng ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kënnen eng Budgetssëtzung iwwerdroen, am Toun an am Bild, alles ass denkbar. Et ass net een Instrument vum Schäfferot mä een Instrument vun der Politik am grousse ganzen, an ech kéint mer virstellen, datt een do Debate kann ophuelen an iwwerdroen, datt een do seng Programme ka virstellen oder diskutéieren am Virfeld vun e Wahlen 2017.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech fannen dat och eng flott Saach, mä am Devis mécht et mech dach awer stutzeg, datt do nach d'Iwwernuechtungen an d'Ufahrte vun den Techniker géifen dobäi kommen. Fréier war alles am Devis abegraff, a wann een sech da verrechent hat dann hat een sech ebe verrechent. Esou wësse mer jo guer net wat op eis duer kënnt, wann se elo zum Beispill méi wéi virgesinne 40 Deeg hei sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei hu mer et mat zwou Techniken ze dinn. Den Elektriker verleet d'Kabelen an de Kannengieβer kënnt mat senge Leit fir déi ganz Technik. Anscheinend ass dat ganz sensibel, do kann een net alles verleeë wéi ee wëll, well do Interferenzen dra kënne kommen. Déi zwee mussen sech also op der Plaz begéinen. Wéi dacks dat elo geschitt a wien deen aneren Elektriker ass, dat wësse mer elo nach net. Den Devis ass am Fong geholl och esou gehalen, datt déi Fraisen déi hei entstinn an deem Sputt mat dra sinn. Wann een dat elo mol am Detail berechent: Wann 3 Leit 40 Deeg laang hei schlofen an iesse mussen, da sinn dat 120 mol 50 Euro den Dag, an dat mécht da 6.000 Euro aus, a bei deem ganze Präis ass et dann awer net dat wat d'Schuel baschten deet.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Dat mécht der Kaz kee Bockel bei deem ganze Präis, mä ech wollt just wëssen ob dat esou Usus wier. Dat ass jo awer och eppes wéi Lastik. Et kënnen hannenno jo awer 60 Deeg sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Da komme mer op 7.000 Euro. Ech géif do elo kee Cas draus maachen. An de Kontrakten hu mer dacks dra stoen, datt do eppes „en régie“ gemaach gëtt, Dir hat dat och fréier an Ärem Betrib. Do gëtt dann ee Forfait gerechent, a wann et ee komplizéierte Chantier ass, da komme Regiestonnen dobäi.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech loosse mech jo gär beléieren, et si jo nei Zäiten.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech si mer bewosst, datt et schwéier ass Äppel mat Biren ze vergläichen, mä wann ech awer deen hei Projet mat deem vum Futtballsterrain vergläichen, dann hu mer ee Gebai wat ongeféier grad esou grouss ass, mir hunn och eng speziell Technik dran, mä mir hunn et awer nëmme mat engem Ëmbau ze dinn, an da soen ech een immens héije Präis vis-à-vis vun deem Präis wou mer een Neibau kréien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn hei fir 208.000 Euro Equipementer hors TVA an hors frais de logement et de boissons dran.

**Gira Carlo (CSV):**

Dann hu mer nach dee selwechte Präis ongeféier fir dat anert nei ze bauen. Fir de Conseiller ass et immens schwéier nozevollzéie wéi déi Präisser sinn, do si mer wierklech op d'Architekten an Ingenieuren ugewisen, a mir kënnen dat net a Fro stellen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss een einfach consideréieren, datt eng Mise en conformité oder eng Renovatioun vun engem alen Haus vill méi deier gëtt wéi een Neibau. Dat gesi mer hei, an dat beschte Beispill hu mer gläich duerno mam Rouden Haus.

**Accord par 15 voix et 1 abstention (DP).**

## 9.1.21.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 479.630,50 euros TTC et des plans supplémentaires concernant la remise en valeur de la Maison Rouge à Pétange (aménagement de la place) - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et geet hei méi ëm d'Plaz niewent dem Rouden Haus wou mer jo am gaang sinn ofzerappen, a wann dat fäerdeg ass da soll déi Plaz nei amenagéiert ginn. Dir gesitt um Plang, datt déi Plaz eis net ganz gehéiert mä do ass de Staat nach mat engem Bouclage dobäi deen en eis den Ament net wollt oftrieden, d'Diskussioune sinn awer nach ëmmer lieweg. Mir mussen awer eppes maachen a wëllen dann emol dat wat eis gehéiert nei amenagéieren.

Dat Ganzt soll ugebaut ginn als ee Park deen als Begegnungsstätte zielt an och als Complément zu där Plaz déi dann zum Rouden Haus entsteet an och zu der Bühn déi dann do ass. Et solle vläicht e puer Parkplazen amenagéiert oder reamenagéiert gi bei der Entrée. Den Ament hu mer 6 Parkingen do an eng fir Handicapéierter, et kéint sinn, datt mer bis op 12 Parkplaze ginn oder esou an deem Beräich, mä et soll haaptsächlech eng gréng Visitëkaart do ëm déi Millen entstoen. Dat Ganzt ass och a stärefërmeg Tracéen opgebaut déi alleguer op d'Plaz féieren. Et soll ee Porte-vélos dohinner kommen, an och e bësse Waasser fir d'Waasserelement vun der Millen an deen ale Mëllerdeech erëm eng Kéier ze charakteriséieren. Och Bänken a Mobilier urbain sinn op 25 Meter virgesinn a Plantatiounen. Nieft deene Beem, déi mer mussen halen an déi erhalenswäert sinn, kommen nach 10 neier dobäi. Et ginn iwwer 1.000 m2 Wiss ugeplanzt, an alles gëtt ganz adequat mat LED-Luuchte beliicht.

De ganze Käschtepunkt läit bei 710.000 Euro, dovunner 178.000 Euro fir Revêtements de sol, 30.000 Euro fir dat Beliewe vu Waasser, ronn 70.000 Euro fir Plantatiounen a ronn 50.000 Euro fir d'Beliichtung.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech si fro,u datt e bësse Gréngs dohinner kënnt wat ech jo e Méindeg gefrot hat. Dir hat mer jo och e Méindeg gesot, datt eventuell 3 Parkplaze méi géife kommen, an ech hoffen dann, datt et hannenno net méi grouss gëtt wéi Dir elo gesot hutt. Kéint een an deem Zesummenhang deem neie Bedreiwer net soen datt si selwer och sollten de Parking an der Lénger Strooss benotzen an esou d'Parkplaze virun der Dier der Clientèle iwwerloossen. Déi Handicapéierteparkplaz bleift jo

bestoen, wéi awer ass et mat där Parkplaz „Kiss and go“? A wat d’Beliichtung ubelaangt wollt ech wëssen ob déi och nuets fonctionnéiert, well do war schonn eng Problematik mat där Beliichtung, net datt d’Leit sech hannenno beschwéieren, datt et ze hell wier. Et ass e bësse schued, datt mer deen Terrain vum Staat net kritt hunn, well wann een elo scho gesäit wéi d’Autoen a Camionen heiansdo do stinn, dann hoffen ech just datt spéider den Trottoir awer fräi bleift fir d’Foussgänger.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir musse kucke wat mer kënnen um Terrain vum Staat maachen. Den Ament näischt, well mer guer keng Autorisation de voirie a keen Droit de superficie hunn. Ech wier frou, wa mer dat kloer hätten éier mer de Projet ufänken, da kënne mer dat och mat aplangen.

Den Areal Parkplaze gëtt un sech net méi grouss, e gëtt just anescht amenagéiert, an et ass den Ament verfréit fir iwwer Detailer wéi de „Kiss and go“ ze schwätzen, grad wéi déi reservéiert Plaze fir d’Konschtmillen an de Restaurateur. Mir däerfen dobäi net vergiessen, datt een Accès muss bleiwe fir Liwweranten oder eise Müllwon. Wat fir mech wichteg ass, dat ass, datt d’Leit ouni Weideres deen neie Parking op der Lénger Strooss acceptéieren, dee gutt, flott an elo och propper ass. E misst just nach besser signaléiert sinn, net baussen op der Strooss, well do hu mer scho bal 10 Schëlter stoen, mä et muss een dee Parking einfach vu banne vermëttelen. Esou kéint d’Konschtmillen zum Beispill d’Leit op dee Parking hiweisen an ee klenge Plang dobäi leeën oder de Restaurateur kéint dee Plang op senger Visitëkaart anzeechnen. Et sinn iwwregens 320 Meter vun deem Parking bis an de Site eran.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wat den Dreckswon betrëfft esou bleift dee souwisou op der Strooss stoen, mä do wier et wënschenswäert, datt déi Dreckskëschten net bis owes um Trottoir stoe bleiwen, wat awer eng Saach vum Bedreiwer ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn ee Reglement wou dra steet wéini een d’Dreckskëschte muss ewech huelen, dat ass eng Saach vun Disziplin.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Dee Projet do dee rënnt dat Ganzt of, an dat mécht dann ee flotte Site fir d’Bierger deen de Leit hannenno dann awer och wuel ganz uspriechend wäert gefalen. Hannendrun ass jo awer och nach Terrain, ech hunn elo gelies, do wier souguer een Haus den Ament ze verkafen: Et misst ee vläicht do kucke fir nach Terrain ze kréien an nodréiglech zousätzlech Parkplazen ze schafen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et soll een näischt ausschléissen, mä dat Haus wat verkaaft gëtt stéisst net un eis erun. Do läit nach een Terrain dertëscht, an et huet kee Wäert fir deen ze kafen. Wann eng Opportunitéit ass a mir kréien nach Parkplazen déi dee ganzen Ensemble net verhonzen, wéi ee seet, mä déi ee kann diskret amenagéieren, da kann een dat ëmmer diskutéieren.

Dir hutt Recht wann Dir vun engem flotte Site hannenno schwätzt, wann e bis ofgeschloss ass, mä leider schleeft dat elo scho bal grad esou laang wéi de PAG, well Sites et Monuments ëmmer erëm mat schwätzt, zum Beispill iwwert d’Fuerf vun der Fassad a wéi séier datt déi däerf eelzen asw.. Mir hunn awer scho festgehal an engem Bréif deen haut eraus geet, datt mer am Juni gär géifen d’Ouverture feiere vum ganze Site, virausgesat de Gemengerot stëmmt haut dëse Kredit.

**Accord à l’unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n’a pas pris part au vote.**

## 9.1.22.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 35.000 euros TTC concernant le remplacement de la centrale d’incendie à l’Ecole «Am Park» à Pétange - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et ëm d’Sécherheet vun eise Kanner. Déi al Centrale d’incendie an der Péitenger Parkschoul ass net méi konform a muss erneiert ginn. Do sinn ënnert anerem 23 „Boutons poussoirs“ virgesinn, 82 Rauchmelder an all déi technesch Saachen déi dozou gehéieren, dat Ganzt fir ee Käschtepunkt vu 35.000 Euro.

**Accord à l’unanimité.**

## 9.1.23.

### Travaux extraordinaires.

Approbation du devis au montant de 32.000 euros TTC concernant le remplacement de la centrale d’incendie à l’Ecole «Am Paesch» à Rodange - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et ëm déi selwecht Saach, just fir eng aner Schoul. Den Devis ass hei manner héich, well déi Schoul einfach méi kleng ass an dofir manner Material gebraucht gëtt. Hei läit den Devis bei 32.000 Euro.

**Accord à l’unanimité.**

## 9.2.

### Budget rectifié 2015 et budget 2016.

Votes du budget rectifié de 2015 et du budget de l’exercice 2016 - décisions.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de rektifizéierte Budget vun 2015 an de Budget fir 2016.

Dir hutt nach eng Lëscht virleie mat e puer Modifikatiounen, dorënner e bësse méi Recettë wéi nach ugangs Mount gewosst, déi eng oder aner Iwwerraschung wéi déi 108.160 Euro déi mer vum Syndikat HPMA nach iwwerwise kréien, e puer Depensen déi liicht erop ginn an e puer Subsiden, esou datt sech alles an allem ee Plus vun 172.880 Euro iwwert déi zwee Exercicer ergëtt, esou datt d’Endresultat Enn 2016 bei 3.857.831,30 wäert leien, wann de Budget Eent zu Eent ëmgesat gëtt esou wéi en och hei presentéiert gouf.

**Le budget rectifié de l’exercice 2015 est arrêté avec 12 voix «oui», 3 voix «non» (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Le budget de l’exercice 2016 est arrêté avec 12 voix «oui», 3 voix «non» (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif iech da schéi Feierdeeg wënschen, ee gudde Rutsch an dat neit Joer, an eisen nächste Rendez-vous ass den 1. Februar 2016.

# Gemeinderatssitzung vom 18. Dezember 2015

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Arendt Patrick** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP) – *bis einschließlich Punkt 9.1.2.*<br>**Pierre Norbert** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Tockert Claude** (DP)<br>**Thein Joe** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Gonçalves Cátia** (LSAP) - *ab Punkt 9.1.3.*

### 1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Angestellten (w/m) für die Hausaufgabenhilfe:

Frau Giovanna Carone aus Rodange wird als Angestellte für die Hausaufgabenhilfe eingestellt.

Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die „Maisons Relais" (30 Stunden pro Woche):

Frau Jessica Weber aus Petingen wird als Diplomerzieherin auf unbefristete Zeit eingestellt.

Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die „Maisons Relais" (40 Stunden pro Woche):

Frau Claire Morbus aus Petingen wird als Diplomerzieherin auf unbefristete Zeit eingestellt.

Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die „Maisons Relais" (35 Stunden pro Woche):

Frau Audrey Hipp wird als Diplomerzieherin auf unbefristete Zeit eingestellt.

Ernennung zweier Diplomerzieher (m/w) für die „Maisons Relais" (30 Stunden pro Woche):

Frau Anthéa Heuertz aus Rodange und Frau Vanessa Duarte werden als Diplomerzieherinnen auf unbefristete Zeit eingestellt.

### 4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Anpassung der Gebührenverordnung in Bezug auf das Anrainerparken und die Parallelkurse, welche von der Musikschule angeboten werden - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).

### 5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung im Chancengleichheitsausschuss – Beschluss.

Der Rücktritt von Herrn Roland Schmit wird zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmung:

Mit 13 Stimmen, 1 Gegenstimme und 3 Enthaltungen wird Herr Christian Steil aus Lamadelaine zum neuen Mitglied des Chancengleichheitsausschusses ernannt.

### 6.1. - Liegenschaften.

Vergleich mit Herr Pierre Tockert bezüglich des Grundstückstauschs am Standort „rue de la Providence" in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Tockert hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Kaufs eines Hauses von Herrn Armand Goldschmit am Standort „rue de l'Eglise" in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 6.3. - Liegenschaften.

Mietvertrag bezüglich der Restaurant Brasserie WAX in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 7. - Personal.

Festsetzung der „cadre fermé"-Posten in den verschiedenen Laufbahnen der Gemeindebeamten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.1. - Soziales.

Erhöhung der Arbeitsstunden eines Hilfserzieherpostens (m/f) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Soziales.

Schaffung verschiedener Posten (ehemals Privat-angestellte) für die „Maisons Relais“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.3. - Soziales.

Bewilligung des Haushalts für das Betriebsjahr 2016 des Sozialamtes - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.4. - Soziales.

Mietvertrag mit der „La Main Tendue asbl“ zwecks Mietung einer Wohnung auf Nr. 8 in der rue de l'Eglise in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 8.5. - Soziales.

Vereinbarung mit der „La Main Tendue asbl“ zwecks Zurverfügungstellung von Räumlichkeiten sowie Unterkünften - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 9.1.1. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 300.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Anpassung des Fußgängerüberwegs (Lieferung und Montage von Beleuchtungselementen) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.2. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 50.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Umsetzung der Vernetzung kommunaler Standorte (3. Phase) durch Glasfaser - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.3. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 55.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die auszuführenden Arbeiten im Rahmen der Verkehrswege (Verputz der Verkehrswege am Standort „Ronnwiss“ in Rodange) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.4. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des angepassten Kostenvoranschlags in Höhe von 1.570.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Sanierungsarbeiten der Kanalisation auf dem Gemeindegebiet.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.5. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des angepassten Kostenvoranschlags in Höhe von 750.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Ersetzung des Mischwasserkanals am Friedhof in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.6. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des angepassten Kostenvoranschlags in Höhe von 100.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Fernverarbeitung des Trinkwassernetzes mit Aktualisierung der Software sowie der elektro-mechanischen Ausstattung – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.7. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 180.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf das Sanierungskonzept des Kanalnetzes in Petingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.8. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 50.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Fern-verarbeitung der Pumpen sowie die Hebung der Oberflächen- und Abwässer - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.9. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 1.250.000 Euro (einschließlich Steuern) sowie den Plänen in Bezug auf die Instandsetzungsarbeiten der Infrastruk-turen und der Verkehrsberuhigung in der rue du Parc in Petingen.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.10. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 450.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Oberflächenprofil- und Belagerneuerung verschiedener Straßen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.11. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 855.000 Euro (einschließlich Steuern) sowie der Pläne in Bezug auf die Instandsetzung der Umkleidekabinen und die Erneuerung des Ausschanks im Petinger Fußballstadion – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.12. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 100.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Unterhaltsarbeiten im Keller des Schwimmbades PiKo in Rodange – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.13. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 280.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Instandsetzungsarbeiten der Räumlichkeiten für die Musikgesellschaft sowie den Gesangverein im Gebäude der Petinger Musikgesellschaft – Beschluss.

Beschluss einstimmig

### 9.1.14. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 1.085.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Erweiterungs- und Erneuerungsarbeiten des ehemaligen Pfarrhauses in Lamadelaine – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.15. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 45.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf den Aufbau zusätzlicher Kolumbarien auf den Friedhöfen der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.16. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 22.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Arbeiten zur Ersetzung der Garagentore des Feuerwehr- und Rettungsdienstes – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen

### 9.1.17. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 625.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Anpassung des allgemeinen Bebauungsplanes – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.18. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 83.330,91 Euro (einschließlich Steuern) sowie des Plans in Bezug auf die Erweiterung der „Maison Relais“ durch einen Entspannungsraum – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.19. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 289.137,11 Euro (einschließlich Steuern) sowie des Plans in Bezug auf die Instandsetzung einen neuen Zugangsweges zum Friedhof in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.20. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 996.651,94 Euro (einschließlich Steuern) sowie der Pläne in Bezug auf die Renovierungsarbeiten der Neuapostolischen Kirche in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und 1 Enthaltung (DP).

### 9.1.21. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 479.630,50 Euro (einschließlich Steuern) sowie der Pläne in Bezug auf die Hervorhebung der „Maison Rouge“ in Petingen (Anlage des Platzes) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.1.22. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 35.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Auswechslung der Feuermeldeanlage im Schulgebäude „Am Park“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1.23. - Außerordentliche Arbeiten.

Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 32.000 Euro (einschließlich Steuern) in Bezug auf die Auswechslung der Feuermeldeanlage im Schulgebäude „Am Paesch“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.2. - Berichtigter Haushalt 2015 und Haushalts-vorlage 2016.

Abstimmung zum berichtigten Haushalt 2015 sowie zum Haushalt des Betriebsjahres 2016 - Beschlüsse.

Der berichtigte Haushalt 2015 wurde mit 12 Stimmen, 3 Gegenstimmen (déi gréng, adr) und 1 Enthaltung (DP) verabschiedet.

Der Haushalt für das Betriebsjahr 2016 wurde mit 12 Stimmen, 3 Gegenstimmen und (déi gréng, adr) und 1 Enthaltung (DP) verabschiedet.

# Carnet de l'Etat civil

## Naissances

| | | |
|---|---|---|
| 01.03.2016 | Wang Kimmy | L-4845 Rodange, 3, rue Joseph Philippart |
| 02.03.2016 | Cervello Federico | L-4810 Rodange, 69, rue du Clopp |
| 03.03.2016 | Bessa Zoé | L-4908 Pétange, 54-A, rue des Ateliers |
| 04.03.2016 | Fernandes Machado Enzo | L-4710 Pétange, 114, rue d'Athus |
| 10.03.2016 | Haas Robin | L-4710 Pétange, 122, rue d'Athus |
| 16.03.2016 | Simon Mély | L-4908 Pétange, 54-C, rue des Ateliers |
| 17.03.2016 | Kozar Ajsa | L-4756 Pétange, 14, Place du Marché |
| 18.03.2016 | Ferreira Torrinha Ian | L-4808 Rodange, 72, chemin de Brouck |
| 20.03.2016 | De Oliveira Gabriel | L-4819 Rodange, 55, rue de la Gendarmerie |
| 23.03.2016 | da Silva Milan | L-4845 Rodange, 13, rue Joseph Philippart |
| 26.03.2016 | Geiben Marie | L-4815 Rodange, 71, rue de la Fontaine |
| 28.03.2016 | Domingos Viggo | L-4870 Lamadelaine, 1-A, rue de l'Eglise |
| 28.03.2016 | Lopes Ferreira Nayara | L-4736 Pétange, 44, rue Guillaume |
| 30.03.2016 | Dos Santos Bento Dayana | L-4772 Pétange, 41-C, rue de la Piscine |
| 01.04.2016 | Karki Nick | L-4743 Pétange, 28, rue Aloyse Kayser |
| 03.04.2016 | Jacob Gigot Valentine | L-4831 Rodange, 400, route de Longwy |
| 05.04.2016 | Kocks N'Diaye Nathanaël | L-4772 Pétange, 37, rue de la Piscine |
| 05.04.2016 | Osmanovic Esma | L-4762 Pétange, 90, route de Niederkorn |
| 06.04.2016 | Bandeira Martins Alice | L-4831 Rodange, 358, route de Longwy |
| 12.04.2016 | El Moustaine Anas Amin | L-4880 Lamadelaine, 92, rue des Prés |
| 14.04.2016 | Figueiredo Ribeiro Inaya | L-4808 Rodange, 26, chemin de Brouck |
| 15.04.2016 | Simoes Beirós Eva | L-4713 Pétange, 41, rue Belair |
| 16.04.2016 | Asllani Erin | L-4742 Pétange, 95, rue des Jardins |
| 17.04.2016 | Alves Carvalho Léa | L-4804 Rodange, 4, rue du Lavoir |
| 19.04.2016 | Machabert Luca | L-4818 Rodange, 66, avenue Dr Gaasch |
| 21.04.2016 | Dinis de Moura André | L-4762 Pétange, 130, route de Niederkorn |
| 23.04.2016 | Bettel Luana | L-4812 Rodange, 12, rue du Commerce |
| 23.04.2016 | Zhang Yina | L-4833 Rodange, 8, route de Luxembourg |
| 25.04.2016 | Lucas Rodrigues Matheo | L-4820 Rodange, 30, rue Guillaume |
| 28.04.2016 | Paiva Carvalho Jeremy | L-4810 Rodange, 200-A, rue du Clopp |
| 30.04.2016 | Soares Resende Carolina | L-4837 Rodange, 10, rue Marie-Adélaïde |
| 30.04.2016 | Stocklausen Ribeiro Enzo | L-4742 Pétange, 61, rue des Jardins |

# Mariages

| | |
|---|---|
| 04.03.2016 | Kimfumu Musema Daddy, Rodange - Santos Pires Inelda Sofia, Rodange |
| 15.03.2016 | Mendes Lousada Brian, Mamer - Geschwindt Taziana, Pétange |
| 17.03.2016 | Youyou Mohamed, Beni-Ensar, Royaume du Maroc - Fikri El Fekri Nisrin, Pétange |
| 19.03.2016 | Da Silva Ribeiro José Francisco, Differdange - Martins Reis Melanie, Pétange |
| 19.03.2016 | Fernandes Valério André Filipe, Pétange - Baio Gaspar Verónica, Pétange |
| 25.03.2016 | Dury Georges, Lamadelaine - Willet Véronique Ernestine Jeanne, Lamadelaine |
| 01.04.2016 | Scheer Steve, Rodange - Kovacević Rachel, Rodange |
| 01.04.2016 | Wagner René, Rodange - Scheid Agnès Aline, Rodange |
| 08.04.2016 | Pestana Rodrigues José Carlos, Pétange - Ferreira Liliana Filipa, Pétange |
| 08.04.2016 | Junckel Steve Nicolas Mathias, Rodange - Kurdziel Nadia Astrid Marcelle, Rodange |
| 29.04.2016 | Freitas da Costa João Daniel, Longwy, France - Da Silva Fabiola, Pétange |

# Décès

| | | |
|---|---|---|
| 03.03.16 | Heinen-Schuster Renée Marie Catherine | L-4779 Pétange, 15, rue Robert Schuman |
| 06.03.16 | Losch Pierrot Armand | L-4719 Pétange, 3, rue Charlotte |
| 07.03.16 | Falcioni Ferminio | L-4762 Pétange, 166, route de Niederkorn |
| 08.03.16 | Kraemer Guy François | L-4876 Lamadelaine, 76, route de Luxembourg |
| 10.03.16 | Banz Marcel | L-4809 Rodange, 5, rue Ronnwies |
| 13.03.16 | Weber Charles | L-4842 Rodange, 39, rue de la Terre Noire |
| 14.03.16 | Da Rocha Carneiro José | L-4845 Rodange, 17, rue Joseph Philippart |
| 14.03.16 | Thiry-Klepper Lucie Jeanne | L-4807 Rodange, 105, rue Nicolas Biever |
| 15.03.16 | Degano-Schmit Anne | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 16.03.16 | Bommertz-Brassinne Jeanne Augustine | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 18.03.16 | Belazouz Abdelkader | L-4761 Pétange, 3, route de Luxembourg |
| 22.03.16 | Delesse Elisabeth Marie | L-4772 Pétange, 41-B, rue de la Piscine |
| 22.03.16 | Makani-Muauka Tshimpaka Nana | L-4812 Rodange, 12, rue du Commerce |
| 23.03.16 | Schuster-Rollinger Maria Irma dite Irma | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 25.03.16 | Engel-Lux Valérie Catherine | L-4761 Pétange, 13, route de Luxembourg |
| 29.03.16 | Ernzer-Chevalier Emilia | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 31.03.16 | Wilhelm-Kremer Léonie Catherine | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 01.04.16 | Breyer Guillaume | L-4777 Pétange, 32, rue des Romains |
| 02.04.16 | Guelff-Sand Ginette | L-4815 Rodange, 5, rue de la Fontaine |
| 08.04.16 | Ludwig René Albert | L-4735 Pétange, 72, rue Jean-Baptiste Gillardin |
| 13.04.16 | Jarmulowicz-Kubica Joséphine | L-4752 Pétange, 9, rue Lentz |
| 17.04.16 | Felten-Reding Céline | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 23.04.16 | Ferreira da Costa Abilio | L-4733 Pétange, 29, rue du Chemin de Fer |
| 25.04.16 | Mousel-Lartillier Annie Ketty Ghislaine | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |
| 25.04.16 | Schütz-Linsler Lilly | L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise |

# TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2016

| Budget de l'exercice 2016 (montants fixés par le ministre de l'intérieur) | Service ordinaire | | Service extraordinaire | |
|---|---|---|---|---|
| | **Recettes** | **Dépenses** | **Recettes** | **Dépenses** |
| Services généraux des administrations publiques | 49 709 281,01 | 13 467 457,28 | 50 000,00 | 915 100,00 |
| Protection sociale | 3 949 535,00 | 8 190 003,12 | 1 561 750,00 | 2 231 291,75 |
| Ordre et sécurité publics | 181 200,00 | 711 432,00 | 17 005,24 | 38 500,00 |
| Affaires économiques | 120 702,94 | 1 762 384,66 | 76 000,00 | 1 151 190,38 |
| Protection de l'environnement | 4 417 300,00 | 4 612 274,83 | 0,00 | 2 489 205,54 |
| Logements et équipements collectifs | 2 581 341,98 | 5 155 701,20 | 9 010 000,00 | 14 920 041,05 |
| Santé | 0,00 | 3 200,00 | 108 060,00 | 0,00 |
| Loisirs, culture et culte | 2 302 729,12 | 8 179 064,00 | 17 147,00 | 4 306 030,00 |
| Enseignement | 161 000,00 | 10 338 867,12 | 224 770,00 | 717 000,00 |
| **Totaux généraux** | **63 423 090,05** | **52 420 384,21** | **11 064 732,24** | **26 768 358,72** |

| Tableau récapitulatif 2016 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 63 423 090,05 | 11 064 732,24 |
| Total des dépenses | - 52 420 384,21 | - 26 768 358,72 |
| Résultat propre à l'exercice | 11 002 705,84 | - 15 703 626,48 |
| Résultat présumé fin 2015 | 8 558 771,94 | |
| Résultat général | 19 561 477,78 | - 15 703 626,48 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 15 703 626,48 | 15 703 626,48 |
| **Résultat final** | **3 857 851,30** | **0,00** |